

# INFO BLAT

°12 19

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 18. DEZEMBER 2019



Coronavirus | Actualités | Contactez-nous | DIFFMAG | Emploi | Events | Photos | Revue de presse | Urbanisme | Vidéos | FR / EN / DE

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

ATTENTION Retrouvez toutes les informations sur le CORONAVIRUS-COVID-19 dans notre rubrique Actualités

# Conseil communal du 27 mai 2020

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Erny Muller (LSAP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Gary Diderich (déi Lénk) | Ali Ruckert (KPL) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Serge Goffinet (LSAP) | Christiane Saeul (DP) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Jerry Hartung (CSV) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng) | Guy Tempels (CSV) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |

**Absents et excusés**

Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 12.19


COMPTE-RENDU DU 18 DÉCEMBRE 2019

4-88

BUDGET : TABLEAUX RÉCAPITULATIFS

89-90



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION** 12/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 18 DÉCEMBRE 2019

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin remplaçant (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
Serge Goffinet (LSAP)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Nicole Wohl

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communication du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Finances communales :**
   a. Budget rectifié 2019 et budget initial 2020 — prise de position des groupements politiques et des conseillers communaux — réponses du collège échevinal — vote ;
   b. Préfinancement des projets « Construction du nouveau bâtiment pour la police grand-ducale » et « EIDE — école primaire » pour le compte de l'État du Grand-duché de Luxembourg — décision de principe ;
   c. Relevé des dons et subsides versés en 2019 à des œuvres caritatives ainsi que dans le cadre de l'action « Déifferdeng, eng Stad hëlleft ».
3. **Projets communaux — devis à l'appui du document budgétaire :**
   a. Mobilité douce, mise à disposition de vélos de ville et électriques (stations Vël'OK) — devis, article budgétaire 4/134/223210/14008 ;
   b. Maison relais Differdange-centre, travaux de parachèvement — devis, article budgétaire 4/242/222100/20009 ;
   c. Installation de caméras de surveillance pour améliorer la sécurité publique — devis, article budgétaire 4/319/222100/19051 ;
   d. Infrastructures techniques pour parkings payants — devis, article budgétaire 4/623/333100/13040 ;
   e. Travaux de marquage voie publique et pistes cyclables — devis, article budgétaire 4/624/223300/16037 ;
   f. Campus scolaire Niederkorn, travaux de réaménagement des alentours — devis, article budgétaire 4/910/221311/17011.
4. **Actes et conventions :**
   a. Acte de vente à l'administration communale de terrains et immeubles sur différents lieudits à Saulnes (F) d'une contenance totale de 115 ha 78 a et 57 ca ;
   b. Acte de vente à l'administration communale de terres labourables d'une superficie totale de 27,40 a aux lieudits « Minchenfeld » et « Auf dem Echer » à Niederkorn ;
   c. Contrats de bail d'un local de commerce et de deux emplacements de stationnement au no 2-6 des Terrasses de la ville à Differdange ;
   d. Avenant à un contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub.
5. **Personnel communal :**
   a. Organigramme du personnel communal — adaptations ;
   b. Convention collective pour les salariés des communes du Sud — validation de la version française.
6. **Règlements communaux :**
   a. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2020 ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
7. **Changement au sein des commissions consultatives : introduction du comité d'accompagnement économique.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance et passe aux communications.*
*La séance d'aujourd'hui est particulièrement importante en raison du vote du budget. Tous les conseillers communaux pourront prendre position.*
*En ce qui concerne le stade d'athlétisme, Christiane Brassel-Rausch ne peut que répéter ce qu'elle a dit la dernière fois. Le collège échevinal ne fera pas machine arrière. Mais la bourgmestre veut se donner le temps de connaitre le dossier. Celui-ci date de quelques années et il se pourrait que les choses aient changé.*
*Dans le sport, le « fairplay » doit primer. Christiane Brassel-Rausch regrette qu'une conférence de presse ait été organisée deux jours avant la séance du conseil communal. C'est mettre la charrue avant les bœufs.*

**TOM ULVELING (CSV)** *informe le conseil communal que le ministre de la Santé a octroyé la clinique de l'environnement à Differdange. Elle emménagera dans des conteneurs. Il s'agit d'une mesure transitoire puisque la clinique fera partie du CHEM, l'Hôpital du Sud.*
*Tom Ulveling passe à l'affaire du Wangert. La presse a publié des chiffres et des informations erronées. L'échevin rappelle que les installations de Sudgaz sont en fin de vie et qu'elles doivent être rénovées. Contrairement à ce qui a été dit, le quartier comprendra 56 places de stationnement, dont 2 pour les personnes handicapées. D'après les calculs, le site pourrait accueillir au maximum 80 emplacements. Il est donc faux de prétendre que le quartier perdra 110 places.*
*On a aussi dit que ces places seraient remplacées par des arbres. Mais sur les 21 arbres qui seront plantés, seuls 4 se trouveront là, où il y avait des places de stationnement.*
*Le deuxième problème concerne le fait que les trottoirs dans le premier tiers de la montée appartiennent à des particuliers. Il est donc essentiel de trouver un accord avec les propriétaires. Car pour la commune, la question se pose de savoir ce qu'elle peut faire sur un terrain privé.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech heeschen Iech ganz häerzlech wëllkomm an eisem Gemengerot. Den Ordre du jour hutt Der kritt. Ech kommen direkt op de Punkt 1, Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Haut ass eng wichteg Gemengerotssëtzung, an där de Vott vum Budget stattfënnt. Eng Sëtzung, an där all Member vum Gemengerot seng Meenung iwwert de Budget an déi eenzel Poste kann zum Ausdrock bréngen. Ech kommen, leider, elo erëm op de Liichtathletikstadion zréck.

Ech kann do just dat widderhuelen, wat ech an der leschter Gemengerotssëtzung gesot hunn, mir hunn de Stadion am Koalitiounsprogramm stoen. Ech hu gesot, mir maache kee Réckzéier. Mee als nei Buergermeeschtesch géif ech mir selwer gär d'Moyene ginn, a virun allem och d'Zäit, fir mech an esou e wichtegen Dossier eranzeknéien. Vläicht hunn d'Donnéeë jo och am Laf vun der Zäit geännert. Deen Dossier mautscht jo awer schonn e puer Joren, souwäit ech mer soe gelooss hunn. An ech gi mer einfach do gären d'Méiglechkeet eranzeklammen.

Ech wollt soen, dass am Sport eppes priméiert – oder eppes soll priméieren. Dat ass de Fair Play. Dofir mengen ech, dass et keen Zeeche vu Fair Play ass, wann een zwee Deeg virun engem Conseil, an deem all Gemengerotsmember d'Méiglechkeet huet, zu allem Stellung ze huelen, wat am Budget steet oder net steet, een eng Pressekonferenz aberifft, also d'Press virun de Won spaant. Ech regrettéieren dat.

Ech ginn d'Wuert weider un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt direkt e puer Kommunikatioune maachen. Éischtens, als Vertrieder vun der Gemeng Déifferdeng a Member vum Verwaltungsrot vum CHEM wëll ech Iech matdeelen, dass de Minister vun der Santé eis hei zu Déifferdeng, oder zu Nidderkuer, d'Ëmweltklinik zougesprach huet.

Do ginn deemnächst Containeren opgeriicht, fir déi Ëmweltklinik opzeriichten. Dat wäert zwar eng Transitoire-Mesure sinn, well Dir wësst, déi ass duerno am CHEM virgesinn, am neie Südspidol.

Dat anert, wat mech e bësse beréiert huet d'lescht Woch, ass d'Affär Wangert, déi an der Press ganz héichgespillt ginn ass. A wou ech der Meenung sinn, dass do wierklech mat falschen Zuelen a mat falschen Informatiounen hantéiert ginn ass. Duerfir wëll ech nach eng Kéier dorop zréckkommen. Den Uganksproblem war, dass Sudgaz gesot huet, hir Installatioune wären en fin de vie, wéi se dat nennen. An dofir misst een dat kucken an et misst een dat erneieren.

Ech wëll e puer Richtegstellunge maachen, well, wéi gesot, falsch Informatiounen ënnert de Leit zirkuléiert sinn an d'Leit deelweis veronséchert si ginn. Fait ass, dass mer 54 Parkplaze virgesinn hunn, plus zwou Parkplaze fir handicapéiert Leit. An dass mer ausgerechent hunn, dass, esou oder esou, maximal op deem ganze Site hätte kënnen an déi 80 Parkplaze kommen. Also kann een net vun 110 Parkplaze schwätzen, déi do géife verluer goen.

Dat anert waren déi Beem, déi dohinner komm sinn, déi déi Parkplaze géifen ewechhuelen. Ech hunn um Plang nogezielt. Et si genau 21 Beem, déi dohinner kommen an déi Strooss. 17 vun deene Beem kommen op den Trottoir. Véier vun deene Beem si virgesi fir an den Espace, wou d'Parkplaze virgesi sinn. Dat heescht, wann een dat zesummenzielt, géifen duerch déi véier Beem, déi do am Espace stinn, maximal vläicht zwou Parkplaze verluer goen. Wat jo awer net deem entsprécht, wat do verzielt ginn ass.

Deen anere grousse Problem ass: Am éischten Drëttel vun der Montée du Wangert gehéieren d'Strooss an den Trottoir de Privatleit. De Rescht si ganz kleng Terraine vun engem bis zéng oder 15 m². Dat si Stécker vun Trottoiren, awer keng Strooss. Do ass et wichteg, dass mer en Accord fanne mat deene puer Leit, deenen effektiv d'Strooss an den Trottoir am éischten Drëttel

gehéieren. Rechtlech gesinn ass dat Privatterrain. Da muss ee sech natierlech froen: Wat däerf eng Gemeng op engem Privatterrain maachen oder net? Dat ass deen anere Problem, dee mer dann elo hunn.

Et ass kloer, wann een déi Strooss esou wëll gestalten, wéi se elo virgesinn ass, dann ass et nëmme méiglech, do am Sens unique ze fueren. Et ass net anescht méiglech. Do sinn Encochë vu Parkplazen, an esou. Wéi elo do gefuer gëtt, dat ass e bëssen, géif ech soen, wéi am Wilden Westen. An dat ass duerno net méi méiglech. Dat ass richteg.

Ech wëll Iech informéieren, dass mer aktuell mat 51 Leit am Gespréich sinn, fir Emprisen ze kréien. 21 hunn eis Jo gesot. Mir hunn och nach eng Kéier e Bréif geschéckt, wou mer de Leit ganz kloer, jiddwerengem eenzel, gesot hunn, ëm wat et geet. Ech wëll drun erënneren, et geet an deem Ganzen nëmmen ëm Deeler vum Trottoir an Deeler vun der Strooss. Kengem gëtt eppes ewechgeholl, wat an der Enceinte vu sengem Haus ass.

Ech hoffe jo, dass dat Ganzt – an do sidd Der mat mir d'accord – eng Plusvalue ass fir jiddwereen, wann déi Strooss do nei ass. Dass déi Haiser duerno och méi wäert ginn. Dann hoffen ech, dass mer weider am Gespréich kënne bleiwe mat de Leit, fir do eng Léisung ze fannen. Mee, wéi gesot, mat deene richtege Prämissen.

Ech wëll nach eppes zum Terrain d'athlétisme soen. D'Madamm Buergermeeschter huet et scho gesot, et ass ganz kloer, dass et am Koalitiounsprogramm steet, an dass mir och dozou stinn. Mir schwätzen effektiv, zënter dass deen ale Stadion ofgerappt ginn ass, schonn zënter méi wéi zéng Joren dovun, fir do eng Léisung ze fannen.

E Problem, deen eis zougedroe ginn ass, war, dass mer vun eise Servicer gesot kritt hunn, mir sollen oppassen, dat wär e Filetsstéck vun eisem Terrain, dee mer nach hätten. An dofir ass d'Fro opkomm: Ass et opportun, den Terrain esou do ze bauen, wéi et virgesi war?

En anere Problem ass deen, dass de Projet, sou wéi en de Moment virläit, wierklech explodéiert ass. Am Ufank war et just en Terrain, fir Fussball ze spillen, an eng Liichtathletikspist ronderëm. Mee elo huet sech do e Parking grefféiert, e relativ grousse Parking. Et huet sech drop grefféiert en ënnerierdeschen oder iwwerdeckte Spillberäich an et huet sech drop grefféiert eng Sportsschoul. Soudass de Projet elo däitlech méi grouss ass, wéi dat wat virgesi war.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, déi mir eis och stellen: An der Stad Lëtzebuerg hu se d'Sportsinstallatiounen aus dem Wunngebitt erausgeholl an deen an d'Peripherie verfracht. An elo géife mir dann higoen a mir géifen en an e Wunnquartier setzen. D'Fro ass, ob dat gewënscht ass oder net. Ob dat gutt ass oder net.

Ech wëll soen, dass mer eventuell aner Sitten an d'A faassen oder kucken, ob et vläicht net besser wier, den Terrain enzwousch anescht opzeriichten. Wëssend awer, dass mer op deem Site, wou e virgesi war, awer mussen e Parkhaus bauen, well mer dat versprach hu fir déi ganz Cité, notamment och fir de Servior. An och wëssend, dass mer d'Renovatioun musse maache vum AS-Terrain.

Soudass et logesch wier, dass mer an deem Sënn e Moratoire dekretéieren, fir ze kucken, ob mer kee bessere Site fannen. Mir wëllen de Projet reanalyséieren an eventuell recadréieren. An da soll eng Decisioun geholl ginn. Dofir hu mer et nëmme logesch fonnt, dass mer am Budget vun 2020 keng gréisser Zommen dragesat hunn. Well mer sécherlech do net wäerte mam Bau ukommen. Dat war eng transparent Decisioun vum Schäfferot.

An zu där Null am Budget, dat war vläicht e bëssen onglécklech. Effektiv am Rectifié hu mer 100.000 Euro fir Etüden. An dass mer do 2020 op null gesat hunn, dat war am Fong, well mer wëssen, dass mer déi Sue fir déi Etüden 2019 net gebrauche wäerten, oder net ganz gebrauche wäerten an déi dann op 2020 verschiben. Dat wollt ech just soen, fir dass mer hei net onnéideg Diskussioune féieren iwwer Saachen, déi net esou sinn, wéi verschiddener et mengen. Merci.

*Ce qui est sûr, c'est que si la rue est aménagée comme cela est prévu actuellement, on ne pourra y circuler qu'en sens unique. Or actuellement, les gens y circulent comme au temps des cowboys. Ce ne sera plus possible.*

*La Ville de Differdange a demandé une emprise à 51 résidents. Vingt-et-un ont dit oui. Le collège échevinal a envoyé une nouvelle lettre avec des explications. Il n'est question de que bouts de trottoir et de bouts de route. Personne n'y perd quoi que ce soit. Tom Ulveling estime que tout le monde va y gagner lorsque les travaux seront réalisés. Les maisons seront revalorisées. Il espère qu'on trouvera une solution.*

*Pour ce qui est du stade d'athlétisme, la bourgmestre a dit que le collège échevinal soutenait ce projet. Il en est question depuis plus de dix ans. Certains services se demandent cependant s'il est opportun de construire un stade sur un terrain de cette qualité. En outre, le projet est en train d'exploser. Au départ, il était question d'un terrain de football avec une piste d'athlétisme autour. Mais entretemps, le site est aussi censé accueillir un grand parking, un espace de jeux et une école du sport.*

*Tom Ulveling cite l'exemple de Luxembourg-ville où les infrastructures sportives ont été déplacées vers la périphérie. Differdange doit donc se demander si construire un stade dans un lotissement est la bonne solution. Peut-être existe-t-il de meilleurs terrains ? Ce qui est sûr, c'est qu'il faudra construire le parking, car la commune l'a promis à Servior. Le terrain de l'AS devra être rénové.*

*Tom Ulveling propose de décréter un moratoire pour chercher un site mieux adapté et évaluer une nouvelle fois le projet. C'est pourquoi le budget de 2020 ne prévoit pas de fonds conséquents. La décision du collège échevinal est transparente. Le 0 dans le budget provient du fait que les 100 000 € prévus en 2020 n'ont pas été dépensés. Il est donc inutile de mener des discussions sur des sujets ne correspondant pas à la réalité.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *communique au conseil communal que la Ville de Differdange a remporté deux prix la semaine dernière aux « Luxembourg Architecture Awards 2019 » : un pour le Sonotron et un pour la Maison du jeune peuple. Ils seront remis au service technique, qui a élaboré les projets.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question du déboisage dans la forêt differdangeoise. Les habitants s'y intéressent, ce qui est une bonne chose. Mais des rumeurs bizarres circulent.*
*En réalité, de nombreux conifères sont victimes de bostryches à cause des étés secs. Tous les conifères qui ne sont pas verts sont morts. Ils risquent de se casser et représentent donc un danger. L'objectif désormais est de les remplacer par des essences résistant mieux aux étés secs.*
*Ces travaux ne sont ni réalisés par un particulier ni par la commune, mais par l'État. Malheureusement, les coupes ne sont pas finies. Georges Liesch tient donc à prévenir les gens : au cours des prochaines semaines, ils verront d'autres arbres être coupés. D'après l'ANF, dans dix ans, il ne restera pratiquement plus de conifères au Luxembourg et à l'étranger. Il suffit de regarder des images d'Allemagne pour s'en rendre compte.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *a parlé la dernière fois de la maison de soins de l'Association Alzheimer. La Ville de Differdange y a réservé trois chambres. Entretemps, deux ont été accordées.*
*Robert Mangen s'est trompé pour ce qui est du prix. Une place coute 300 000 €, dont 70 % sont subventionnés par l'État. Il reste donc 90 000 € par chambre à payer par la commune, c'est-à-dire 180 000 € en tout.*
*Le contrat porte sur 25 ans.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au budget rectifié 2019 et au budget initial 2020. Le moment est venu de prendre position.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Ier ech d'Wuert weiderginn un den Här Liesch, wollt ech nach soen, Dir gesitt hei déi Statu viru mer stoen. Hei ass eng Plaquette. D'lescht Woch, wëll ech ervirhiewen, dass d'Stad Déifferdeng zwee Präisser kritt huet beim Luxembourg Architecture Award 2019.

Mir hunn eng Mentioun kritt fir de Sonotron. A mir hunn den éischte Präis kritt fir d'Maison jeune peuple à Differdange. Do ass de Präis. Hei ass d'Plaquette. Déi ginn elo erop op dee Stack, wou se higehéieren. Dat heescht déi Leit, déi se ausgeschafft hunn, kréie se. Dat ass eise Service technique. An ech soen hinne villmools Merci fir hir Aarbecht.

Här Liesch, wannechgelift.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Nach e kuerze Punkt vu mir. Dobausse gëtt vill driwwer geschwat, dass uewen um Bierg vill ofgeholzt gëtt am Moment. Op där enger Säit ass een natierlech frou, dass d'Leit sech interesséiere fir dat, wat an eise Bëscher geschitt. Et muss een awer erklären, wat geschitt ass. Et lafe ganz komesch Rumeuren, wat do wär.

Fakt ass, dass ganz vill vun eise Fiichten duerch déi lescht dréche Summere sech net méi konnte géint d'Borkekäfere wieren an dem Borkenkäfer zum Affer gefall sinn. Wann Der duerch d'Bëscher am Moment gitt, all Fiicht, déi net gréng ass, ass dout. An eng Fiicht, déi dout ass, ass geféierlech. Well se relativ séier brieche kann. Dat ka ganz schnell goen.

Duerfir si ganz vill Fiichten, laanscht d'Stroossen op jidde Fall, ewechgeholl ginn, déi eng reell Gefor duergestallt hunn. Och bei der Grillplaz uewen ass e gréissert Areal ofgeholzt ginn. Wou elo probéiert gëtt, aner Essenzen, déi méi op dréche Summeren ausgeluecht sinn, unzeplanzen an ze kucken, wat een do kann uplanzen.

Et ass also kee Privaten, deen do iergendwéi säi Bësch ewechmécht oder d'Gemeng oder soss een. Déi Aarbechte si vum Staat orchestréiert.

Leider wäert et net dobäi bleiwen. Duerfir nach eng Kéier den Appell: Wann d'Leit elo an deenen nächste Wochen erop op de Bierg ginn, et ass elo d'Saison, wou déi Aarbechte gemaach ginn. Et wäerten, leider, nach laanscht d'Stroossen iwwerall Fiichten ewechkommen. Et wäert net dobäi bleiwen.

A laut Aussoe vun der ANF ass och domat ze rechnen, dass an deenen nächste fënnef bis zéng Joren de Fiichtebestand quasi géint null geet, net nëmmen hei am Land, mee och am Ausland. Ech mengen, Dir braucht nëmmen d'Biller ze kucken aus Däitschland, aus dem Harzgebitt, wou riseg Arealer brooch leien.

Dat wollt ech just de Leit mat op de Wee ginn, dass een awer weess, wat do uewen um Bierg am Moment lass ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Mangen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hat an der leschter Gemengerotssëtzung vun der Maison de soins beim Goldknapp geschwat, vun der Associatioun Alzheimer, wou mer dräi Zëmmeren ugefrot hunn. Mir kruten tëschenzäitlech zwee accordéiert. Wat mech freet. Just mam Präis hat ech mech e bësse geiert. Eng Plaz kascht 300.000 Euro. 70 % gi vum Staat subsidéiert. Da bleiwen nach 90.000 iwwreg pro Plaz. Dat sinn dann 180.000 Euro fir ons Gemeng, déi mer musse bezuelen.

D'Zëmmere bleiwe fir d'Gemeng fir déi nächst 25 Joren dann, wann d'Gebai steet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Da komme mer zum Punkt 2a, Budget rectifié 2019, budget initial 2020. Et ass elo d'Plaz an

de Moment, fir Positioun ze ergräifen a matzedeelen. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Glécklecherweis hu mer et esou hei gehandhaabt, dass d'Majoritéit jo de Budget virstellt an dann d'Oppositioun direkt d'Wuert kritt bei den Debatten. Wann dat eng Kéier sollt geännert ginn, da sot eis dat. Et ass awer guer kee Problem.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt d'Wuert, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Kolleeginnen a Kolleege vum Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Leit, am Numm vun der LSAP huelen ech zur Budgetsvirlag Stellung.

Dat politescht Joer 2019 war zu Déifferdeng gepräägt duerch d'Affär Traversini, déi dann och zur Demissioun vum fréiere gréngе Buergermeeschter gefouert huet. E Fait, dee wuel eemoleg ass an der Geschicht vun eiser Gemeng. Dës Affär huet net nëmmen der grénger Partei geschuet, mä och der Stad Déifferdeng en erhieflechen Imageschued a Politikverdrossenheet zougefüügt.

Als LSAP bedauere mir, dass déi nei gréng Buergermeeschtesch an hirer Budgetsried kee Wuert vun enger Entschëllegung vis-à-vis vun den Déifferdenger Biergerinnen a Bierger fonnt huet.

Ech kéim dann zum Budget selwer a wëll mat den Eckdaten ufänken. Éischtens dem Budget rectifié 2019.

De Budget ordinaire rectifié 2019 beleeft sech op 124.246.000 Euro ronn u Recettes ordinaires géint 116.484.000 Euro Dépenses a géint 116.484.000 Recetten am Budget initial. Dat ass ëmmerhin e Plus u Recettë vu 7.762.000 Euro, déi zréckzeféiere sinn an der Haaptsaach duerch Mehreinnamen am Fonds de dotation communale vu 6.673.000 Euro.

Mir erënneren drun, dass d'Gemengefinanzreform duerch den deemolegen LSAP-Inneminister der Stad Déifferdeng nei finanziell Perspektiven opmécht. Well och am Budget 2020 kënne mir feststellen, dass dëse Posten nach eng Kéier ëm 4.270.000 Euro eropgeet.

Op der Depensësäit si mer am Rectifié liicht erofgaangе par rapport zum Initial, vun 88.456.000 Euro op 87.639.000 Euro. Dat ass en Ecart vu minus 817.164 Euro. Et bleift am Ordinären 2019 e substanzielle Boni. Et muss ee soen, dat ass ee ganz héije Boni. Wéi gesot, mir hate jo gesot, dass vill drop zréckzeféieren ass op de Fonds de dotation vu 36.607.687 Euro, deen am extraordinäre Budget iwwerdroe gëtt, fir déi verschidde Projete fir d'Zukunftsgestaltung vun eiser Stad ze garantéieren.

Zum ordinäre Budget 2019 hätte mir nach eng Fro bei den Depensen. Ënner Posten 3259 / Autre Jeunesse / Occupation de jeunes chômeurs. Firwat sinn déi virgesinne 500.000 Euro net voll ausgeschëpft ginn? Am Rectifié bleiwen nëmmen 200.000 Euro un Depensen.

An zum Artikel Associations sportives / Subvention aux associations sportives pour l'encadrement technique. Virgesi waren 90.000 Euro. Am Rectifié ass eng Depense vun null Euro. Kënnt Der eis heizou eng Erklärung ginn?

Zweetens: Service extraordinaire 2019. Mir haten u Recettes extraordinaires 2019 55.791.000 Euro. An am Rectifié hu mer 29.577.993 Euro, wat jo e relativ groussen Ecart duerstellt. Nämlech 26.213.000 Euro manner u Recetten. Erlaabt mer d'Analys, wouhier dat do kënnt. Dës Differenz erklärt sech duerch de Remboursement vun deenen 20 Millioune vum Staat betreffend d'EIDE fir de Lycée provisoire – dat heescht, de Préfinancement ass net 2019 zréckbezuelt ginn, wéi am Budget virgesinn, mee gëtt elo eréischt 2020 an de Budget ageschriwwen.

Dat selwecht gëllt fir de Montant vu 7,2 Milliounen Euro am Kader vum Projet PAP Tower BPI.

Bei den Dépenses extraordinaires hu mer och en Ecart. An zwar gi mer vun deenen autoriséierten 98.776.000 Euro op 71.748.000 Euro zréck. Do bleift

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate qu'à Differdange, après la présentation du budget par le collège échevinal, c'est à l'opposition de prendre la parole.*

*2019 a été marqué par l'affaire Traversini ayant conduit à la démission de l'ancien bourgmestre. Il s'agit d'un fait unique dans l'histoire de la commune. Cette affaire a non seulement nui à l'image des écologistes, mais à celle de toute la commune. Les socialistes regrettent que la nouvelle bourgmestre écologiste ne se soit pas excusée auprès des citoyens.*

*Erny Muller passe au budget rectifié 2019.*

*Les recettes ordinaires se montent à 124 246 000 € et les dépenses à 116 484 000 €. La croissance des recettes est due entre autres à l'augmentation du fonds de dotation communale à hauteur de 6 673 000 €. Erny Muller rappelle que la réforme des finances communales a été effectuée par un ministre de l'Intérieur socialiste et qu'elle a ouvert de nouvelles perspectives financières pour les communes. En 2020, cet article augmentera une nouvelle fois de 4 270 000 €.*

*Les dépenses 2019 ont reculé de 88 456 000 € à 87 639 000 €. Le budget ordinaire 2019 présente un excédent substantiel de 817 164 €. Ce résultat excellent s'explique en grande partie par le fonds de dotation de 36 607 687 €.*

*Erny Muller demande pourquoi les 500 000 € prévus pour l'occupation de jeunes chômeurs n'ont pas été épuisés. Il reste 200 000 €. Les 90 000 € pour les subventions aux associations sportives pour l'encadrement technique n'ont pas été touchés. Pourquoi ?*

*En ce qui concerne l'exercice extraordinaire 2019, les recettes étaient estimées à 55 791 000 € et s'élèvent finalement à 29 577 993 €. La différence s'explique par le fait que le remboursement par l'État des travaux de construction du lycée provisoire de l'EIDE n'a pas été effectué en 2019. La même remarque vaut pour les 7,2 millions d'euros concernant le PAP Tower BPI.*

*Les dépenses extraordinaires prévues à 98 776 000 € se montent en fait à 71 748 000 € pour un écart de*

*26 991 000 €. En effet, l'emprunt pour l'EIDE n'a pas été remboursé. Par ailleurs, certains projets ont été repoussés à 2020 pour un total de neuf-millions d'euros. Erny Muller cite comme exemples le centre médicosocial, le réaménagement inférieur de la rue Woiwer, la ligne à haute tension, le réaménagement de la rue Saint-Pierre…*

*Quatre-vingt-mille euros pour une étude de mobilité n'ont pas été utilisés. Pourquoi ? L'étude a-t-elle été réalisée ? Le collège échevinal a-t-il prévu autre chose ?*

*Quant au budget 2020, les recettes ordinaires sont estimées à 129 790 000 €. Cela représente 4,46 % de plus que cette année. Erny Muller rappelle l'importance du fonds de dotation globale des communes s'élevant à 68 % des recettes, c'est-à-dire 88 357 000 €.*

*4,5 millions d'euros proviennent de la location d'immeubles. Ces revenus ont du potentiel.*

*Les recettes provenant du 1535° Creative Hub se montent à 1 252 000 € et les dépenses à 1 331 000 €. Monsieur Ulveling espère que le 1535° arrivera à couvrir ses frais. Erny Muller rappelle que la Ville de Differdange a investi 12 millions d'euros dans ces infrastructures et l'État 9 millions d'euros. Même si le seuil de rentabilité était atteint, il resterait donc les frais d'investissement. Certes, la commune a réussi à créer 500 à 700 emplois, mais cela a eu un cout. Tout ceci démontre que les partis d'opposition avaient raison de demander la création d'un comité d'accompagnement du 1535°. Il faut discuter ensemble de ces chiffres.*

*Les dépenses ordinaires s'élèvent à 93 millions d'euros, un bond de 5,3 millions d'euros. Elles seront compensées par l'augmentation de la dotation. La bourgmestre a expliqué que le bond est dû aux frais de personnel. Une ville s'approchant de 30 000 habitants doit pouvoir fonctionner comme il faut. Seul du personnel motivé peut garantir un bon service aux citoyens.*

*La mission du « city manager » est parmi les plus importantes dans un avenir proche. Il doit redynamiser le centre-ville, et ce, en phases. Le nouveau comité économique ap-*

eng Differenz vu 26.991.000 Euro, ronn 27 Milliounen, déi mer am Extraordinären net ausginn haten.

Heifir gëtt et och eng Erklärung. Do ass selbstverständlech den Emprunt fir d'EIDE, déi international Schoul, net zréckbezuelt ginn. Well mer jo och net d'Recettë kritt hunn. Déi waren do virgesinn. Déi restlech Zomm vun néng Milliounen Euro erkläert sech doduerch, dass eng Partie Projete vun 2019 op 2020 reportéiert goufen.

Wéi zum Beispill mat enger Millioun de Centre médico, de Réaménagement inférieur Rue Woiwer, wou mer hannendra sinn, zirka eng Millioun. D'Héichspannungsleitung, déi och reportéiert gëtt. An de Réaménagement Rue St. Pierre, Rue Scharlé, Nidderkuer, deen net ugepaakt gouf, 500.000 Euro. Wat mer bedaueren. Do hätt ee kënnen domadder ufänken. Ech kommen nach eng Kéier dorop zréck.

An da waren 90.000 Euro virgesi fir eng Étude de mobilité, déi net ugepaakt goufen. Do wollte mer froen, wat do d'Ursaach ass. Ob déi Etüden elo all ofgeschloss sinn. Den Här Liesch kann eis vläicht erklären, firwat mer déi Suen net ausginn hunn. Ob do eppes anescht geplangt ass oder wat, wéi en dozou steet.

Ech kéim dann zum Budget 2020, Service ordinaire. Recettë fir 129.790.000 Euro. Dat geet nach eng Kéier erop. E Plus vu 5,5 Milliounen oder 4,46 % par rapport zu 2019. Wéi gesot, an der Haaptsaach bedéngt duerch den FDGC Fonds de dotation globale des communes. Dee gesamte Montant, dee mer do kréien, ass ganz respektabel. En entspriécht 68 % vun all eise Recetten. Ganzer 88.357.000 Euro kréie mer momentan als Fonds de dotation communale.

E wichtege Montant, Dir hat et gesot, Madamm Buergermeeschtesch, sinn déi 4,5 Milliounen, déi mer erakréie vu verschiddene Locatiounen, vu Gemengegebailechkeeten. Wat och e respektabele Chiffer ass a wou weidert Potential drastécht.

E weidere wichtege Punkt dat ass de 1535° Creative Hub. Do hu mer Recettë vun 1.252.000 Euro géint Depensë vun 1.331.000 Euro. Dat ergëtt e liichten Defizit. Den Här Ulveling hat sech mat deem Posten ofginn. Hien huet gemengt, mir missten hei "even" kommen. Ech wëll drun erënneren, dass d'Stad Déifferdeng ronn zwielef Milliounen an de Staat weider néng Milliounen an d'Infrastrukture vum 1535° investéiert huet.

An och wa mir de "Break even", dat heescht de Seuil de rentabilité erreeche géifen, da bleift nach ëmmer den Invest opstoen. Mir wëllen dat net negativ bewäerten. Well 500 bis 700 Aarbechtsplazen am kreative Beräich eis dat musse wäert sinn. Mee et soll awer och eng Kéier gesot ginn, dass et och eppes kascht huet.

Dës Erkenntnis gëtt awer der LSAP Recht, zesumme mat deenen aneren Oppositiounsparteien, wou mer e Comité d'accompagnement fir de 1535° gefuerdert haten. Et ass eng aner Formule zréckbehale ginn. Mir sinn der Meenung, dass mer eis awer elo ganz schnell mussen zesummesetzen, fir iwwert d'Detailer vun de Chiffere vum 1535° ze kucken.

Zweetens: Depensen am ordinäre Budget 2020, ronn 93 Milliounen. Dat ass e Plus vu 5,3 Millioune géintiwwer 2019 bei den Depensen. Déi Zounam vum Fonds de dotation, déi fléisst praktesch do dran.

Mer hunn och Erklärungen heifir. Bei der Budgetsvirstellung huet de Schäfferot, d'Madamm Buergermeeschtesch, gesot, dass d'Augmentatioun vun de Personalkäschten haaptsächlech dofir zoustänneg sinn. Mir begréissen dat. Och mir mengen, dass eng Stad, wa se gär gutt funktionéiert an op 30.000 Awunner deemnächst wuesse wäert, optimal a gutt funktionéiert Strukture brauch. An och duerch gutt Personal a motivéiert Personal eise Biergerinnen a Bierger dee beschte Service nëmme ka garantéiert ginn.

Artikel 3141 de City Management. E Wuert vläicht. De City Manager ass eng vun eise wichtegsten Aufgaben an der direkter Zukunft. Duerfir hu mer jo och reagéiert. Et ass jo en neie City Manager agestallt ginn. D'Redynamiséiere vun eisem Stadkär mat senge Geschäfter muss direkt ugepaakt ginn. Dat soll a Phase geschéien. Hei huet de Leerstandsmanagement vun de Geschäfter

éischt Prioritéit. Iddien heizou kann deen nei gegrënnte Comité économique liwweren.

Am Budget schléit dat sech nidder, andeems d'Frais de relations publiques vu 40.000 Euro op 100.000 Euro eropginn. Loosse mer hoffen, dass dës Gelder sënnvoll ëmgesat ginn.

D'LSAP begréisst, dass fir 2020 erëm eng Millioun Euro an de Fonds de réserve fléissen, sou wéi schonn 2018 an 2019.

Eng nei Depense fanne mir mat 155.000 Euro ënner Charges de prestation de service d'exploitation, wat iwwert d'Croix Rouge geschitt, deen neie Logement de jeunes, d'Jugendwunnengen, dee mer um Plateau du funiculaire opkaaft hunn. E Projet, deen een nëmme voll ënnerstëtze kann.

Weider Bemierkungen zu den Dépenses ordinaires am Budget 2020, Maisons relais a Foyers scolaires. De Gesamtmontant fir d'Maison-relaisen a Foyerscolairë geet ëm ronn eng Millioun Euro erop. Dëst ass an der Haaptsaach bedéngt duerch d'Personalkäschten. Mir hu ronn 1.500 Kanner, déi an de Maison-relaisë betreit ginn. Dat ass eppes méi, mengen ech, wéi d'Schoulpopulatioun. D'Zil ass et, do nach e bëssen eropzegoen. Mee da steigen d'Personalkäschten an och d'Infrastrukturkäschten, selbstverständlech. Ech mengen, där hu mer weesentlech, wa mer herno am Budget extraordinaire kucken.

Zum Tourismus. Ech begréissen ausdrécklech, dass den Tourismus hei zu Déifferdeng endlech eng eegen Identitéit no bausse kritt. Et ass eng Chargée agestallt ginn. Déi sech allerdéngs och ëm 2022 an de Redrock-Trail soll këmmeren. Dat sinn an der Haaptsaach touristesch Initiativen, net nëmmen, och kultureller. Mee mer hoffen, dass déi och en touristeschen Impakt kréien.

Well eppes däerfe mer net vergiessen, mir hunn hei interessant touristesch Sitten, déi e wichtege Facteur économique duerstellen. Leider ass de Montant fir Réalisation de nouveaux projets touristiques nëmme bei 15.000 Euro bliwwen. Do hate mer eis erwaart, dass mer dee géifen eropsetzen a konkreet Projeten do entwéckelen. Mer mussen awer och där neier Chargée emol eng Chance ginn.

Mir mussen, leider, feststellen, betreffend d'nohalteg Entwécklung, speziell am Hibléck op 2022, dass net vill an eiser Gemeng geschitt ass. Erlaabt mer, dass ech an dësem Sujet dem extraordinäre Budget virgräifen an dem Här Mangen folgend Froe stellen zum Theema Hébergement/Gite, Unesco an 2022: Wat ass hei geplangt? Mir hunn héieren, et géifen zwee Haiser en face vun der Lasauvager Schoul renovéiert ginn. Wéi vill Leit kënnen hei ënnerbruecht ginn? Kënnt Der eis vläicht méi am Detail dozou erklären?

Hätt Dir fir dës Initiativ, wou d'Gemeng Péiteng jo e Wagon-lit vum Train 1900 proposéiert huet, net zoufälleg op Iddien, zum Beispill vun engem Bamhotel kënnt zréckgräifen, wéi zu Esch um Gaalgebierg? Eng weider Fro, an dësem Zesummenhang, vläicht un den Här Liesch: Wéi steet et mat der Iddi, déi een Investor hat, fir am Casino zu Lasauvage e Gite touristique anzeriichten?

Dann de Centre d'accueil Fond-de-Gras, de sougenannte Besucherzentrum. Här Mangen, Dir hutt Iech bestëmmt déi Fro do erwaart vu mir: Dee ganze Site ass mer un d'Häerz gewuess, muss ech Iech soen. Hei muss ee sech awer froen: Wat leeft do? Dëse soll jo zesumme mat der Gemeng Péiteng realiséiert ginn. Et sinn 200.000 Euro am Budget virgesinn. Ass dëse Centre d'accueil fir 2022 fäerdeggestallt? Dat soll d'Zilsetzung sinn, fir en am Kader vun Esch 2022, oder Süden 2022 kënnen anzeweien.

Dann dee klengen Accueil a Sanitär am Agank vum Site de Fond-de-Gras. Do gëtt elo schonn zéng Joren driwwer geschwat. Dat ass scho méi wéi véier Joren hier, datt hei am Sall dee Projet virgestallt ginn ass vu Sites et Monuments. A bis elo ass nach ëmmer näischt do. Ech hoffen, dass en deemnächst dohikënnt. Dir kënnt eis vläicht och dozou Erklärunge ginn.

(Interruptioun)

Toiletten, sinn déi do?

*portera sans doute des idées. Le budget pour les frais de relations publiques passe de 40 000 € à 100 000 €. Erny Muller espère que cet argent sera utilisé comme il faut.*
*Le LSAP salue l'ajout d'un-million d'euros au fonds de réserve.*
*Parmi les nouvelles dépenses figurent 155 000 € pour l'exploitation par la Croix-Rouge des logements pour jeunes sur le plateau du Funiculaire.*
*Le montant alloué aux maisons relais et foyers scolaires augmente d'un-million d'euros, notamment en raison des frais de personnel. Erny Muller rappelle que quelque 1500 enfants fréquentent les maisons relais. Une croissance de la fréquentation entraine toujours des frais de personnel et d'infrastructures supplémentaires.*
*Il était temps que le tourisme differdangeois trouve une identité. Une chargée a été recrutée. Elle s'occupera aussi de 2022 et du « Red Rock Trail ». Il s'agit d'initiatives touristiques et culturelles. Erny Muller souligne la présence de sites touristiques intéressants à Differdange. Malheureusement, le budget ne prévoit que 15 000 € pour la réalisation de nouveaux projets. Erny Muller n'a pas l'impression que les choses concernant 2022 et le développement durable avancent. Qu'est-il prévu pour l'hébergement, l'UNESCO et 2022 ? Deux maisons doivent être rénovées devant l'école de Lasauvage. Quels sont les détails ? Pétange met une voiture-lit à disposition. Le collège échevinal ne pourrait-il pas prévoir un hôtel dans les arbres comme à Esch ? Et où en est le projet de transformation du casino de Lasauvage en gite touristique ?*
*Qu'en est-il du centre d'accueil pour visiteurs du Fond-de-Gras ? Il en est question depuis dix ans. Un projet de l'Administration des sites et monuments a été présenté il y a quatre ans. Mais rien de concret n'a été fait. Erny Muller espère que cela va changer, car ce site lui tient à cœur.*
*(Interruption)*
*Erny Muller demande si des toilettes ont été aménagées.*
*(Interruption)*

*Erny Muller fait allusion à un véritable projet avec des toilettes intégrées et non à des toilettes mobiles. Monsieur Mangen est au courant.*
*Erny Muller tient à remercier le gestionnaire ainsi que les nombreux bénévoles qui permettent au Minett Park de fonctionner. La politique doit suivre avec les projets qu'elle a promis.*
*Qu'en est-il des locaux pour la machine à gaz ? Une des halles sera-t-elle utilisable pour 2022? Quelles sont les idées du collège échevinal ?*
*Erny Muller passe en revue le budget et ne veut pas s'attarder sur les subventions aux associations sportives. Monsieur Bertinelli le fera.*
*En ce qui concerne la culture, Esch 2022 est le point dominant. Erny Muller espère que Differdange s'en rend compte. Le budget 2020 prévoit 100 000 €. Dans le rectifié 2019, le chiffre a été baissé à 25 000 €. Les socialistes reprochent au collège échevinal d'avoir dormi en matière de culture.*
*2020 arrivera dans quelques jours. Il reste deux ans jusqu'à 2022. Monsieur Ulveling a proposé de mener des discussions. Mais il faudra attendre le feedback du jury. De toute façon, il est inutile de se féliciter, car il y a eu des problèmes au plus haut niveau de l'organisation. Mais d'autres communes ont avancé plus rapidement.*
*En ce qui concerne l'endettement de Differdange, il se montera à 56 640 000 € au 31 décembre 2020 après le remboursement de 18 millions. Cela représente 2023 € par tête d'habitant. Cette somme va augmenter compte tenu de tous les projets. C'est pourquoi il est important de réfléchir à la façon dont va évoluer la dette communale dans le cadre du budget pluriannuel.*
*Les recettes extraordinaires de 2020 sont estimées à 82 487 000 €. Une partie des recettes proviennent du remboursement de préfinancements ou de subventions de l'État. Monsieur Ulveling a mentionné le LIHPS. Erny Muller espère que le ministère des Sports réalisera ce projet.*
*En ce qui concerne l'acquisition de 80 logements, le subside de l'État devrait s'élever à 50 %. Cela repré-*

**ENG STËMM:**

Jo, Mobil Toiletten.

**ERNY MULLER (LSAP):**

A neen. Neen, ech schwätzen net vun deenen. Ech schwätze vun engem Projet, wou sollten d'Toilettë matintegréiert ginn an och e klengen Accueil sinn. Dat huet elo näischt ze di mat enger mobiller Toilette, déi virdrun net do war. Wat eng Zoumuddung war. A wou d'Gemeng Déifferdeng sech drëm bekëmmert huet – dat muss ech awer och zougestoen. Mee dat ass net déi Léisung do. Den Här Mangen weess do Bescheed.

Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Leit Merci ze soen. Speziell dem Gestionnaire an deenen zuelräiche Bénévollen. Ouni déi de Minett Park net géif fonctionéieren. Ech nennen et elo Minett Park, de Fond-de-Gras Lasauvage. Ech denken un den Train 1900, d'Minièresbunn awer och un anerer. Déi leeschten op jidde Fall ganz vill. An d'Politik muss nozéie mat deene Projeten, déi mer an Aussiicht gestallt hunn. Well soss ginn déi Leit demotivéiert.

Véiertens, am selwechte Kontext vun nohaltege Projeten, eng Fro un den Här Ulveling: Wéi steet et ëm d'Gebailechkeeten ëm d'Groussgasmaschinn? Ass eng vun dësen Halen am Kader vun 2022 notzbar? Wat fir Iddie sinn hei schonn entwéckelt a wat ass hei virgesinn?

D'Subventions aux associations sportives, do ginn ech net drop an. Ech fueren duerch de Budget duerch, dat ass meng Leitlinn. Den Här Bertinelli geet op déi Saachen an, wat de Sport ubelaangt.

Service culturel: Do wéilt ech soen, d'Kärstéck, wou mer elo missten hikommen, ass jo d'Capitale européenne de la culture, Esch 2022. Wat jo och, hoffen ech, fir Déifferdeng e wichtege Moment ass. Et kéint ee scho vun Event schwätzen.

Mir hate virdru vun Nohaltegkeet geschwat. Am Budget 2020 sinn 100.000 Euro virgesinn, nodeems et 2018 nach null war. An och 2019 am Rectifié mer nach just 25.000 Euro hunn, de Chiffer erofcorrigéiert hunn. Hei musse mer dem Schäfferot de Reproche maachen, dass a a punkto Kultur, op gutt Lëtzebuergesch gesot, gepennt gouf.

An e puer Deeg hu mir schonn 2020. Et bleiwen dann nach zwee Jore bis 2022. Den Här Ulveling huet als Kulturschäffe gesot, oder proposéiert, dass parteiiwwergräifend soll gekuckt ginn, wat fir Projeten elo sollten ënnerstëtzt ginn. Et misst awer nach op de Feedback vum Jury gewaart ginn. Ech mengen, do brauch ee sech och net op d'Schëller ze klappen, well um ieweschten Niveau vun dëser Organisatioun 2022 sinn och Saache geschitt, déi Projeten an Iddie ganz wäit hannendra gehäit hunn. Mee mir hätten deem awer kënne virgräifen. Well ech muss feststellen, dass an anere Gemenge weesentlech méi geschitt ass wéi hei. An ech wëll Iech drun erënneren, et ass fënnef vir zwielef.

Ier ech zum Budget extraordinaire kommen, nach e Wuert iwwert d'Situatioun vun der Verschëldung vun eiser Gemeng. Et sinn dëst, an Dir hutt et gesot, Madamm Buergermeeschter, op den 31.12.2020 56.640.000 Euro nodeems déi 18 Milliounen dann zréckbezuelt gi sinn un Emprunts court-délais. Soudass mer eng Pro-Kapp-Verschëldung hu vun 2.023 Euro bei geschaten 28.000 Awunner, déi mer warscheinlech Enn 2020 hunn.

Dëse Betrag wäert sécherlech mat allen zukünfteg geplangte Projete bedeitend eropgoen. Mir kréie bestëmmt en Zouwuess vun der Pro-Kapp-Verschëldung. Et ass dofir elo schonn ubruecht, fir am Kader vum Budget pluriannuel sech iwwer eng vertrietbar Verschëldung fir d'Zukunft Gedanken ze maachen.

Zum Budget extraordinaire 2020. Recetten: 82.487.000 Euro. Eng Partie Haaptposten zu deene Recettë si Prefinanzementer. Wéi zum Beispill d'Policegebai: 2,5 Milliounen. De Préfinancement fir d'Primärschoul vum EIDE: 19 Milliounen. Eng ganz Partie Subventiounen, Subside vum Staat, de Scheierhaff mat dräi Milliounen. Mir hoffe jo, dass mer nach zousätzlech Recettë kréien. Dir hat vum LIHPS geschwat, Här Ulveling. Wou mer frou wären doriwwer, wann de Sportsministère dat géif maachen, a mer déi dräi Millioune kéinten nach kréien. Dann hätte mer jo nach e bësse Sputt.

Zu der Acquisitioun vun den 80 Logementer, do si jo 50 % am Budget vum Subsid, déi mer vum Staat géife kréien. Dat sinn 8,6 Milliounen. Heizou fält op, dass dëse Chiffer sech ergëtt no engem Verdeelungsschlëssel vu 70 % Logements an 30 % Vente. Woubäi de Schäfferot, bei der Virstellung vum Projet sot, dat wär nach net decidéiert. Ech kommen awer nach bei den Depensen op dee Projet zréck.

Dann hu mer Vente de terrains communaux. Mir stelle fest, dass zum Beispill de Pacte Logement ganz staark zréckgeet, op 1,6 Milliounen. Do hate mer viru Jore mol fënnef Milliounen a méi drastoen. Mir wëssen och net, wéi dat weidergeet. Ech hunn nach net erausfonnt, am Pacte Logement 2.0, wat do direkt un d'Gemenge fléisst. Do solle jo aner Aidë kommen iwwert d'Progressioun vun de Wunnengen, de Berechnungschiffer ass och eventuell anescht. Mat deem dote Chiffer kënne mer an Zukunft net méi rechnen. Well dee leeft jo elo aus, deen do Pacte Logement.

An dann all eis Subventioune fir déi Projeten, déi mer jo awer elo maachen, dat ass d'Sportshal Nidderkuer an och d'Sportshal um Bock. An nach eng wichteg, 20 Milliounen Euro, déi och am Budget sinn, déi ginn op där enger Säit eraus an op där anerer Säit eran. Dat sinn déi 20 Millioune fir d'Struktur vum Lycée provisoire, déi de Staat eis ofkeeft.

Zu den Depensen, ronn 126 Milliounen, wat enorm ass. Dat sinn déi Chifferen, mat deenen d'Politik sech fir d'Zukunft orientéiert.

En Iwwerschoss vu ronn 37 Milliounen. Grad esou grouss. E Report vun 2019 vu 7,1 Milliounen, wat eis am Ganzen 53,4 Milliounen un Investissementsvolume gëtt.

Wann dann alles realiséiert gëtt, wat ech awer ganz optimistesch fannen, wann dat alles géif realiséiert ginn, da bleift am Budget 2020 e liichten Iwwerschoss vu 700.000 Euro.

De Chiffer vu bal 126 Milliounen Euro un Investissementer ass awer och ze relativéieren, trotzdeem. Här Ulveling, Dir hat et och gemaach. Well do sinn eng Partie héich Montanten dran, zum Beispill fir Remboursementer vun Emprunten, fir Structures provisoires, de Préfinancement vun der Primärschoul, dat nationaalt Policegebai, de Gravity Tower mat 21,4 Milliounen.

An och wichteg, Ukaf vun Terrainen an Immeublen, 3,4 Milliounen Euro. Ech mengen, dat ass jo och eng politesch Optioun. Déi Chifferen eleng maache scho ronn 66 Milliounen aus. An Dir hat jo geschwat vu ronn 47 Milliounen, déi direkt a Bauprojete fléissen. Dat sinn der awer och nach relativ vill. Ech mengen, méi packe mer och warscheinlech net mat eisen Effektiver, fir déi ëmzesetzen.

Eis Commentairen a Froen zu den Dépenses extraordinaires 2020. Mir begréissen als LSAP all Investitiounen a Maison-relaisen a Schoulen. An och fir de Sport. 14,3 Millioune ginn investéiert a Gemengeschoule plus Maisonrelaisen. Dovun déi nei Schoul a Maison relais am Mathendahl an deen neie Projet vun der Bockschoul. A Sportsinfrastrukturen, dovun déi nei Sportshal zu Nidderkuer, de LIHPS, d'Sportshal um Bock, de Projet Rénovation vum Centre sportif an den Thillebierg-Stadion, ginn 9,4 Milliounen investéiert.

Theema Wunnengsbau. Mir héiere permanent vu Säite vun der Majoritéit, dass d'Stad Déifferdeng sech soll aktiv an intensiv um Wunnengsbau bedeelegen. Wou mir och net dergéint sinn. D'LSAP ass awer der Meenung, dass allgemeng beim Bauen e Gank muss zréckgeschalt ginn.

Mir hunn d'Majoritéit net héieren, an och net d'CSV, dass Déifferdeng misst intelligent wuessen. Der LSAP ass bekannt, dass Lëtzebuerg e grousse Problem um Wunnengsmaart huet. Déifferdeng eleng kann awer dëse Problem net léisen. Hei ass scho ganz vill geschitt a munches nach am Bau oder geplangt.

Ech hat schonn eng Kéier heibanne gesot, dass mir musse festleeën, wou mer hiwëllen. Wëlle mer 30.000 bis 35.000 Awunner? Déi si schonn am Viséier. Wa mer de Bilan zéien, vun all deem, wat nach geplangt ass, da si mer séier op deene 35.000 ukomm. Wëlle mer vläicht méi héich kommen?

An ech muss dozou eppes erzielen. D'CSV hat op hire Walplakater: „Stopp

*senterait 8,6 millions d'euros si 70 % des logements étaient mis en location et 30 % en vente. Le collège échevinal a dit cependant qu'il n'avait pas encore pris de décision à ce sujet.*

*Les recettes provenant du Pacte logement sont en recul avec 1,6 million d'euros contre 5 millions d'euros il y a quelques années. Erny Muller ne sait pas à combien se monteront les subsides du Pacte logement 2.0. Les clés de calcul seront différentes.*

*La Ville de Differdange touchera des subventions pour le centre sportif de Niederkorn et la salle de sport du Bock. Pour ce qui est de la structure provisoire du lycée, la commune dépensera vingt-millions d'euros, qui seront ensuite remboursés par l'État.*

*Les dépenses se montent à 126 millions d'euros, un chiffre énorme.*

*L'excédent budgétaire est estimé à 37 millions d'euros auxquels s'ajoute le report de 2019 à hauteur de 7,1 millions d'euros. Si tous les projets étaient réalisés, le budget 2020 se clôturerait par un excédent général de 700 000 €.*

*Erny Muller signale qu'il faut relativiser le chiffre de 126 millions d'euros, car il comprend le remboursement d'emprunts pour les structures, le commissariat, Gravity Tower… Le conseiller communal mentionne ensuite l'acquisition de terrains et la réalisation de projets de construction. Il doute cependant du fait que tout puisse être réalisé.*

*Les socialistes saluent les investissements dans les maisons relais, les écoles et les infrastructures sportives.*

*Pour ce qui est du logement, la majorité ne cesse de répéter que Differdange doit se montrer active. Les socialistes n'y sont pas contraires, mais estiment que d'une manière générale, il faut freiner le nombre de nouvelles constructions. Differdange doit croitre de manière intelligente. Le Luxembourg connait des problèmes de logement, mais Differdange ne peut pas les résoudre seule. Le collège échevinal vise-t-il 30 000 habitants ? 35 000 ? Plus ?*

*Lors de la campagne électorale, le CSV voulait mettre un stop aux grues. Mais les chrétiens sociaux n'ont pas expliqué comment ils*

*comptaient s'y prendre. Car Differdange n'a jamais eu autant de grues. Il faut un concept.*
*(Interruption)*
*Erny Muller signale que les socialistes ont contribué à la réalisation du PAG. La servitude sur les maisons unifamiliales a porté ses fruits de même que les zones jardins. Mais il faut réfléchir à la façon de freiner les travaux de construction. Certaines communes voisines disposent encore de nombreux terrains constructibles, mais pas Differdange. Le rythme actuel ne plait pas aux Differdangeois. Ceux-ci ont l'impression de vivre dans un chantier perpétuel. Il en va de leur qualité de vie.*
*Monsieur Liesch a mentionné des panneaux informatifs installés à travers la commune. Il en est question depuis plusieurs années. Quand seront-ils installés ?*
*Deux-cent-mille euros sont prévus pour la Ferme Lommel. Les deux partenaires de coalition ont des idées créatives. Mais dans la pratique, peu a été fait mis à part une visite de la secrétaire d'État à la Culture et d'un reportage de RTL. Le bâtiment a-t-il été évalué du point de vue de la statique ? Qu'en est-il du logement de la ferme ? Il est vide depuis longtemps. Il faudrait élaborer un concept pour éviter qu'il ne soit finalement démoli.*
*Quarante-mille euros sont destinés au « city management ». C'est peu.*
*Cent-cinquante-mille euros sont prévus pour la construction d'une maison relais sur la place Nelson-Mandela. Quelles sont les étapes de l'aménagement de cette place ? En face, sur le site de l'ancienne école ménagère, la commune installera une cuisine. La cour de récréation sera agrandie. Un-million d'euros sont prévus. Le projet de la place Nelson-Mandela ne sera développé qu'ensuite. Erny Muller est convaincu que ce sera le chaos. Il vaudrait mieux construire le parking souterrain d'abord pour les voitures stationnant actuellement derrière l'Aalt Stadhaus. Le parking actuel pourrait servir alors au chantier. Erny Muller ne comprend pas la réflexion du collège échevinal.*
*Depuis des années, il est question d'une serre potagère, mais le bud-*

deem grousse Kran. Baukranen e grousse Stopp". Mir hunn nach näischt dovu gesinn an och näischt héieren, wéi Dir wëllt zu deem Stopp do kommen. Well esou vill Kranen, wéi momentan hei zu Déifferdeng iwwerall stinn, an der Zuel an och un der Héicht, dat hate mer nach net. Also ech mengen, wann ee vu Stopp schwätzt, da muss een och e Konzept derhannert hunn, wéi mer dat wëlle realiséieren.

---

**ENG STËMM:**

Iwwert de PAG.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, de PAG, richteg. Mee et geet net duer, nëmmen e Stopp dohin ze maachen. PAG, do muss ech zwar soen, do hu mir jo och mat dru geschafft. D'Servitude vun den Eefamilljenhaiser huet eppes bruecht. An och an deem neie PAG, d'Zones jardin bréngen eppes. Dat ass richteg.

Mä et misst een awer och emol eng Kéier kucken, ob mer net eppes fannen, wou mer dat Ganzt, dat Bauen e bëssen zréckschalten an d'Zäitdauer erhéijen. Well deen Nohuelbedarf, deen aner Gemengen hunn, Nopeschgemengen, déi nach immens Flächen hunn, déi kéinte bebaut ginn, do ass Déifferdeng scho laang driwwer ewech.

Mir fueren an engem Rhythmus virun, deen d'Awunner net gutt verdroen. Well déi menge wierklech, se wunnen hei – a mir héieren dat och –, déi hunn d'Gefill, dass se permanent an engem grousse Chantier wunnen. An dat ass net gutt. Well dat geet op d'Käschte vun der Liewensqualitéit vun de Leit. Mir mussen dee Problem do upaken.

Dann nach verschidde Posten am Budget extraordinaire, wou mer Erklärunge froen. Den Här Liesch zu de Panneaux informatifs, déi grouss Tafelen, déi eis Biergerinnen a Bierger informéiere sollen iwwer eis Gemeng, d'Eventer a soss all aner wichteg Informatiounen. Déi si schonn eng Partie Jore geplangt. Wéini kommen déi? A wouhi gi se gesat?

Mir wäre wierklech frou, wann dee Projet endlech kënnt virugefouert ginn. Zu der Ferme Lommel: Fir Études et développement vum Projet sinn 200.000 Euro virgesinn. Hei iwwertrompe sech déi zwee Koalitiounspartner mat kreativen Iddien. Reng praktesch gesinn ass awer net vill geschitt, ausser enger Visitt vum fréiere Staatssekretär fir Kultur an engem Optrëtt vun RTL. Eis Fro un den Här Ulveling: Ass dëst Gebai bautechnesch a statesch ënnersicht ginn? A kann een déi Aktivitéiten, déi Dir elo hei plange wëllt, och tatsächlech duerchféieren?

Eng zweet Fro: Wat ass geplangt oder wat geschitt mat deem eigentleche Wunnhaus vun der Famill Lommel? Dat steet schonn esou laang eidel. Mir kennen dat, wat dat méi laang eidel steet, wat een et vläicht op eemol kéint ofrappen. Do wär et wichteg, e Konzept ze hunn.

Zum City Management. Do si 40.000 Euro virgesinn, wat net ganz vill ass, fir d'Promotion de la Ville de Differdange. Wat fir Projete sollen dat sinn?

D'Place Nelson Mandela, Konstruktioun vun enger Maison relais, 150.000 Euro sinn am Budget. Dat ass dat eenzegt, wat ech vun der Entwécklung iwwert déi Plaz fonnt hunn. Dofir meng Fro un de Schäffen Ulveling: Wéi gedenkt hien, als Bauteschäffen, etappeweis hei op dëser Plaz op deem Site virzegoen?

Et ass jo eng Entwécklung op der Plaz selwer geplangt. An et ass awer och op där anerer Säit, beim Site vun der aler Haushaltungsschoul eppes geplangt. Wou jo soll eng Kiche kommen an en Ausbau kommen, mat Schoulhaff, Spillplazen an esou weider an esou fort. An et steet dran, dass Dir ufänkt mat der neier Gemengenadministratioun. Dofir steet eng Millioun Euro am Budget. An Dir wëllt duerno eréischt d'Nelson-Mandela-Plaz entwéckelen.

Mir soen Iech haut schonn, dass domadder e grousse Chaos virprogramméiert ass. Mir hätte fir d'éischt de Parking ënnert der Mandela-Plaz gebaut. Esou hätt ee Plaz geschafe fir déi Autoen, déi haut hei hannert dem Stadhaus stinn. An dat sinn der net wéineg! An déi Plaz iwwert dem Parking, déi dann dee Moment autofräi wär, hätt ee kënnen notzen, fir de Chantier ze organiséiere vun deem Ausbau. Wat kee

klenge Chantier gëtt. Guer kee klenge Chantier. Ech froe mech, wéi Der dat maache wëllt.

Dann, Construction d'une serre potagère. Do hu mer null Budget. Dat ass och en Dauertheema säit Joren hei. Do gëtt den Här Ruckert mer Recht. Wann e mer eng Kéier Recht gëtt, dann ass et do.

(Gelaachs)

Mee wat mer bedaueren a wat trauereg ass, ass, dass mer net virukomme mat deem Projet. Et ass jo awer e Projet, deen och wichteg ass zur Schafung vun Aarbechtsplazen, haaptsächlech an der Solidarwirtschaft. Do musse mer awer eng Léisung fannen. Duerfir froe mir: Wat ass geplangt? Wa mer se net kënnen uewen um Bierg maachen, misste mer eng aner Plaz fannen, wou déi Serre potagère kéint entwéckelt ginn.

Logements à prix réduit, de Projet Gravity. Et gëtt als dee gréisste Projet social aus de leschte Joren hei an der Gemeng duergestallt. 21,4 Milliounen Euro si virgesi fir den Ukaf vun 80 Wunnengen. Dat si 50 % vun där Zomm. D'nächst Joer hätte mer dann déi aner 50 % am Budget stoen.

Wéi ech scho beim Kontrakt vun der Firma Investorfirma BPI erkläert hat, hunn ech den Architekten-Investor-Wettbewerb vum Projet Tower säitens der Gemeng Déifferdeng begleet. Dësen Tower sollt e Landmark fir d'Entrée en ville vun Déifferdeng ginn. Ech mengen, dass dat och wäert de Fall sinn.

Bei der Bewäertung war awer, nieft der Architektur, och d'Mixitéit an d'Nohaltegkeet vum Projet gekuckt ginn. Dofir hunn ech gesot, dass mer d'Krittäre vun de 26 Seniorewunnengen hunn, an doniewent 56 relativ grouss Appartementer – wat eng Ufro war, wat am Cahier des charges definéiert war, säitens der Gemeng Déifferdeng.

Elo gëtt e Projet gebaut vu groussflächege Wunnengen, mat entspriechende Balconen, grousszügegen Trapenhaiser respektiv Zougäng. Mat engem ganze Beräich Lifter an engem flotten offene Beräich, deen dann zu deenen eenzele Wunnenge féiert.

Ech däerf elo net falsch verstane ginn. Ech gënnen all spéidere Locataire oder Proprietär ganz gär déi flott a modern Infrastruktur. Mee et muss een awer soen, dat war net esou geduecht. Deen Tower war net geduecht fir soziale Wunnengsbau. Well, wann ee kuckt, de Fonds de Logement oder d'SNHBM, déi esou Wunnenge bauen, déi bauen dat anescht.

(Interruptioun)

Dir sot elo, okay, et ass net dat. Mee dann informéiert Iech emol, ënner wat fir Konditiounen een dann déi Subsiden, déi 75 % vum Staat kritt. An da sot Der mer, wat et ass. Well, ech wollt Iech just soen, duerch dat, wat ech elo erkläert hunn, ginn d'Frais de gestion erop. An déi gi gewalteg erop. Dat ass net ze ënnerschätze fir déi spéider Locatairen.

Duerfir soen ech: Maacht, wannechgelift, d'Rechnung, wat déi spéider Locatairen erwaart. Net nëmmen den direkte Loyerspräis, mee och déi Zousazkäschten, déi do entstinn. An da musse mer kucken, da musse mer de Bilan maachen, wéi deier déi Wunnengen da ginn. An ob dann déi Leit herno nach zefridde sinn, ob dat Ganzt net awer iwwert hire Budget erausgeet. Ech mengen, dat muss gekuckt ginn. Dat muss analyséiert ginn. Dat ass wichteg.

Mir plädéiere fir eng Mixitéit, mindestens 50/50, net 30/70. Mir sinn och der Meenung, mir sollen deene jonken Déifferdenger Leit, déi eng Famill grënnen, déi scho länger Zäit hei sinn – mir hu jo schonn esou Modeller gehat, wou mer deene Prioritéite ginn hunn, dass se kënnen hei zu Déifferdeng bleiwen. Ech denken do un d'Gemengenatelieren, wou mer jo och esou e Projet hate mat Bewäertungskrittären.

Dass mer deene Jonken d'Méiglechkeet ginn – an déi sinn interesséiert, heizebleiwen. Déi wëlle mathëllefen, dass Déifferdeng weider lieft. Déi si motivéiert, dass mer deenen och eng Chance ginn, do zu abordabele Präisser ze kafen. Dat heescht, Eegentemer ze gi vun esou engem flotten Appartement. Dann hu mer eng gutt Mixitéit.

An och, wéi gesot, hale mer drop, dass mer och d'Senioren do ënnerdaach kréien. Well dat eng ideal Lag ass. Ech

*get ne prévoit pas de fonds. Même monsieur Ruckert donne raison à Erny Muller.*
*(Rires)*
*Ce projet permettra de créer des emplois. Il faut trouver une solution. Si le site sur la colline ne peut pas être utilisé, il faut en trouver un autre.*
*« Project Gravity » est le projet social le plus important de ces dernières années. La commune achètera 80 appartements pour 21,4 millions d'euros cette année et la même somme l'année prochaine. Erny Muller a accompagné le concours d'architectes. Ce bâtiment deviendra un « landmark » de l'entrée en ville. Parmi les critères figuraient l'architecture, la mixité et la durabilité. C'est pourquoi le projet prévoyait 26 logements pour les séniors et 56 appartements plus grands. Désormais, il est question de grands appartements avec des balcons, et des cages d'escalier et des couloirs généreux. Erny Muller se réjouit du fait que les locataires profiteront d'infrastructures modernes. Mais au départ, il n'était pas question de logements sociaux. Le Fonds du logement et la SNHBM s'y prennent d'ailleurs autrement.*
*(Interruption)*
*Erny Muller conseille au collège échevinal de se renseigner sur les critères d'obtention de subventions à hauteur de 75 %. Car les frais de gestion de ce projet vont exploser. Il ne suffit pas de calculer les loyers pour connaitre le prix final. Il est possible que les futurs locataires soient moins contents alors.*
*Les socialistes demandent une répartition de 50/50 et non de 30/70. Ils accorderaient aussi la priorité aux jeunes familles differdangeoises. Erny Muller cite le modèle des anciens ateliers communaux. Les jeunes doivent pouvoir rester à Differdange s'ils le souhaitent. La commune doit leur permettre de devenir propriétaires.*
*Les séniors doivent aussi pouvoir trouver des logements. La tour est placée idéalement — à proximité des transports en commun et des magasins.*
*Erny Muller regrette que le budget ne fixe pas de montant pour le parking. Monsieur Ulveling peut-il*

*fournir des détails quant à la taille de ce parking?*
*Erny Muller se réjouit du fait que le stade Thillebierg soit préservé. Il s'agit d'un site unique. Cinq-cent-mille euros sont prévus.*
*(Interruption)*
*Erny Muller sait que cette somme est insuffisante, mais que la commune ait acquis ce site d'ArcelorMittal est une bonne chose.*
*Madame Brassel-Rausch a abordé la question du stade d'athlétisme. Inutile d'y revenir. Monsieur Bertinelli en parlera tout à l'heure. Quand il était échevin aux bâtisses, le service technique avait constaté qu'il y avait un terrain de football et un écoquartier, et qu'il fallait éviter des mouvements de terrain importants. Désormais, il est question de construire un parking souterrain. Cela aurait comme avantage d'utiliser correctement le terrain sans devoir creuser trop en profondeur. Le parking à proximité de Servior, des résidents et de l'école serait idéal.*
*Le terrain synthétique est en mauvais état et doit être refait. En fonction du projet choisi, il serait inutilisable pendant un certain temps. Mais le parking se trouvant alors sous terre, la surface pourrait être utilisée de manière optimale. Monsieur Bertinelli expliquera tout à l'heure pourquoi le stade d'athlétisme est adapté à ce site.*
*Vingt-cinq-mille euros sont prévus pour Aquasud. L'école internationale veut construire une nouvelle piscine. Mais Aquasud est d'ores et déjà trop petit. Le centre aquatique devait accueillir les cours de natation du lycée, mais il suffit à peine à organiser les cours du fondamental. Les socialistes proposent de réaliser un projet commun avec l'EIDE sur le site des anciens hauts-fourneaux et à proximité de l'école de Differdange-centre et de l'école du Fousbann. La piscine fonctionnerait sous la tutelle de la commune.*
*Pour ce qui est du quartier Wangert, Erny Muller se rend compte que la situation est complexe, car certains terrains appartiennent aux résidents. En plus, le quartier se trouve dans une montée qu'on ne parcourt pas deux fois de suite à pied. C'est pourquoi les résidents*

hat dat schonn eng Kéier gesot, fir d'Senioren ass dat wierklech ganz gutt geleeën, no bei ëffentleche Verkéiersmëttel, beim Commerce an esou weider an esou fort.

Dann zum Parking. Do vermësse mer e Montant. Et ass iwwerhaapt kee Montant dran. Och net fir d'Entwécklung vun engem Parkhaus. Här Ulveling, Dir plangt jo dat Parkhaus um Site vun ArcelorMittal. Ech weess net wéi. Well et si jo keng Sue virgesinn. Kënnt Der eis vläicht heizou Erklärunge ginn, iwwert d'Gréisst vun deem Parkhaus a wéi dat elo virugeet. Wéini gëtt dat gebaut? Wéi geet dat weider?

Terrain de sport. Do wëll ech e Wuert soen, als laangjärege President vun de Red Boys, dass et mech freet, dass den Thillebierg weider bestoe bleift, restauréiert gëtt. Et ass en eemolege Site. Do si 500.000 Euro virgesinn. Ech hu vill Stonnen do verbruecht a freeë mech ganz staark doriwwer.

(Interruptioun)

Ech weess, dass dat net duergeet mat deene 500.000 Euro. Mee e positiven Effet ass schonn, dass mer d'Terraine vun ArcelorMittal hunn. Dann ass jo en Argument do fir ze soen, elo kënne mer emol endlech, endlech dee Site erëm zu deem maachen, wat e soll sinn.

Terrains de sports, Construction d'un stade athlétisme régional: Dir hutt et schonn ufanks gesot. Ech wëll duerfir net méi an d'Detailer goen. Dat hat ech nach hei stoen, den Här Bertinelli wäert Iech méi Erklärunge ginn, firwat dee Site do ass. Dass et net nëmmen eng Liichtathletikspist ass, mee dass e vill méi duerstellt.

Ech wëll nëmmen drop agoen, wéi ech hei als Bauteschäffen ugefaangen hunn, do hu mer gesot, do ass e Fussballterrain a mir hunn en Ecoquartier niewendrun. En Ecoquartier, dee soll autofräi sinn. An dunn hu mer eis iwwerluecht, am Service technique, wéi kënne mer dat realiséieren, ouni ze vill Buedemmassen ze transportéieren a fir déi Terrainen ze notzen.

Den Terrain kennt Der jo, mir kenne jo den Terrainsproblem. Elo wëlle mer dee Parking ënnert den Terrain maachen. Dann hu mer eng duebel Funktioun: Mir hunn den Terrain anstänneg genotzt. Mer brauchen net déiwe Buedem erauszehuelen, oder e Parking an d'Héicht ze bauen.

Ënnert dem Fussballterrain hätte mer dann e Parking, dee wär ideal geleeë par rapport zu Servior, de Visiteuren, zu de Leit, déi am Quartier wunnen an der ganzer Entwécklung ronderëm dee Quartier an déi Schoul.

Mir wëssen, dass den CSO, dass deen Terrain an engem schlechten Zoustand ass, dass mat deem Syntheteschen eppes muss geschéien. Dat wësse mer. Dat war deemools scho bekannt, dass dat eng Kéier kéim. Mee mer wollten awer trotzdeem soen, wa mer dat géife maachen, da wär den Terrain e bësse méi laang ausser Gefecht. An deen neie Parking wär dann ënnert dem Terrain a mer hätten déi Plaz gutt ausgenotzt. Dat ass eng Iddi. Den Här Bertinelli wäert nach erklären, firwat mir nach wie vor der Meenung sinn, dass dee Liichtathletikterrain och dohi gehéiert.

Dann den Aquasud. Mir hu 25.000 Euro ageschriwwen. Den Här Ulveling hat gesot, mir missten kucken, well déi international Schoul eng nei Schwämm wéilt bauen. Mir kënnen nëmme feststellen, den Aquasud ass haut schonn ze kleng. Dee war jo am Fong geplangt, fir de Lycée mat ze iwwerhuelen. Well, wéi dee geplangt ginn ass, do war de Lycée och virgesinn. An awer gesi mer, dass et elo knapps duergeet fir eise Fondamental a vum Lycée scho guer net ze schwätzen.

D'LSAP proposéiert, eng nei Schoulschwämm, e Gemeinschaftsprojet mat der EIDE an der Stad Déifferdeng ze realiséieren um Site vum ancien Hautfourneau, dee jo entwéckelt gëtt direkt vis-à-vis vun der internationaler Schoul. Net wäit ewech vun eiser École Déifferdeng-Zentrum, der Schoul vun Déifferdeng, an der Fousbanner Schoul. Do kéinten d'Kanner ze Fouss an de Schwammcours goen. Fir ze kucken, ob mer déi nei Schwämm, déi awer ënner Tutelle vun der Gemeng géif funktionéieren, do kéinten entwéckelen.

En anert Theema, dat ass de Quartier Wangert. Dir hat et schonn ugeschnidden. Mir wëssen, et ass eng ganz verzwickte Situatioun, mat Terrainen, also Proprietéiten an der Strooss, déi den

eenzelen Awunner gehéieren an esou weider.

An eng weider speziell Situatioun vun deem Quartier, deen ass praktesch an engem Bierg. An dat ass kee klenge Bierg. Gitt emol eng Kéier vun deenen zwou Säiten erop an erof. Dat maacht Der keng zweemol bis uewenhin. Da wësst Der, wat Der gemaach hutt. An dat ass eppes Spezielles. Firwat déi Leit och vläicht esou drop halen, dass si mam Auto bis bei hiert Haus fuere kënnen. Well do geet een net esou einfach ze Fouss.

Mir kënnen nëmme wäermstens recommandéieren, dass mer en Dialog solle mat de Leit féieren. Ech weess, et ass keen einfachen Dossier. Mir wëssen dat alleguer. Mee mir solle mat de Leit dialogéieren. Et waren Iddien do, den Här Bertinelli seet Iech déi nach herno. Mir ware jo och schonn e bësse befaasst mat deem dote Problem.

An ech mengen, e klenge Quartiersparking, wéi deen och ëmmer géif ausgesinn a wéi ee sech do géif ustrengen, fir esou een ze realiséieren, kéint déi Situatioun eventuell deblockéieren. Iwwerleet Iech dat nach eng Kéier a schwätzt och mat de Leit, vläicht ergëtt sech awer do eng Léisung.

Mir hunn eng Fro un den Här Liesch. Dir hat vun enger interessanter Entwécklung geschwat iwwert den Zougang zum Site CHEM. Dir hat gesot, Dir wäert amgaang, e Masterplang ze entwéckelen an esou weider. Mir froen: Wou si mer zurzäit dru mat der Senioreresidenz?

Well doriwwer schwätze mer jo och schonn, mengen ech, zéng Joren. A mir hu jo de Kontrakt gekënnegt mam Promoteur. Ass dat elo alles gelaf? Gehéiert dee Projet elo der Gemeng? Wéi geet dat do virun, déi Senioreresidenz? D'Leit hu mech am Ufank, wéi ech hei war, ganz vill doriwwer befrot. Haut hunn d'Leit déi scho laang opginn. Déi mengen, do geschitt souwisou ni méi eppes. Well dat hate se mer schonn deemools gesot. An dat ass elo scho sechs Joren hier. Do hu se scho gesot, Dir kënnt mir zielen, wat Der wëllt, do geschitt souwisou näischt.

Dann hat Der geschwat iwwert d'Terrainen, déi jo elo, Gott sei Dank – ech mengen, dat ass wierklech e positive Moment, dass mer déi Terraine konnten ofkafe vun ArcelorMittal, Richtung Thillebierg erop bis Nidderkuer. Do wollte mer Iech froen, um Carreau de Thillenberg, do ass jo dat fréiert Verwaltungsgebai vun der Mine Thillebierg, wat mer do mat iwwerhuelen. A mir hu jo Problemer, e Gite touristique ze fannen.

Kuckt emol, ob mer kéinten, am Kader vum Redrock-Trail, e Gite touristique, also e Gite mat Jugendherberg, kéint opriichte fir Esch 2022 oder doriwwer eraus, de Redrock-Trail mat abannen. Dann hätte mer och déi néideg Ënnerstëtzung vum Tourismusministère a Kulturministère an esou weider, fir am Kader vun deenen zwee Projeten 2022 a Redrock-Trail eng Entwécklung ze maachen. Wat net schlecht geleeë wär. No um Redrock-Trail an no un der Stad Déifferdeng.

Zum CHEM Nidderkuer: Här Ulveling, mir si frou, dass Der drop agaange sidd, mee zefridde si mer awer net domadder. Mengt elo net, Dir hätt eis zefriddegestallt mat deem, wat Der gesot hutt. Well ech fannen et e bëssen allerhand.

Et si Gespréicher gefouert gi mam Minister, richteg, nodeem mer hei drop higewisen hunn. D'LSAP hat higewisen op de Site vum CHEM, wéi et do soll weidergoen. Deemools hate mer matgedeelt kritt – an Dir hutt et haut confirméiert –, dass eng Ëmweltklinik dohi soll kommen. A mir hunn eis all op d'Schëller geklappt. A wat kënnt dohin? E Containerbau, deen no dräi Joer erëm verschwënnt. Dat hat Der Iech warscheinlech net erwaart. Ech op jidde Fall net. Eis Dreem si kläglech zerschloe ginn. An ech fänken un, ze zweiwelen un deem, wat d'Generaldirektioun vum CHEM eis zielt.

Mir maachen en dréngenden Appell un de Schäfferot, ze kucken, fir d'Situatioun ze klären. Wat geschitt 2023, wann d'Südspidol op ass?

(Interruptioun)

Oder 2027 oder nach méi spéit, dat ass egal. Mee kommt, mir fänken elo schonn un, mir kucken, fir dee Site, déi Gebailechkeeten ofzekafen an da plange mer selwer. Da plange mer selwer.

*insistent pour pouvoir accéder à leurs maisons en voiture. C'est pourquoi le collège échevinal doit chercher le dialogue même si ce n'est pas facile. Les socialistes ont d'ailleurs fait des propositions. Erny Muller estime qu'un petit parking de quartier pourrait débloquer la situation. Il demande au collège échevinal de revenir sur sa position.*
*En ce qui concerne l'accès au CHEM, monsieur Liesch a dit qu'il était en train d'élaborer un plan directeur. Où en est la résidence pour séniors ? Il en est question depuis dix ans. Un contrat avec le promoteur a été signé. Les gens posaient beaucoup de questions à ce sujet, mais ils ont abandonné. Ils ne croient plus à la réalisation d'un projet.*
*La commune a acquis des terrains d'ArcelorMittal du Thillebierg jusqu'à Niederkorn. C'est une bonne chose. Il y a notamment l'ancien bâtiment administratif de la mine Thillebierg. Ne pourrait-on pas y aménager un gite touristique dans le cadre du « Red Rock Trail » et d'Esch 2022 ? La Ville de Differdange profiterait alors du soutien du ministère du Tourisme et du ministère de la Culture. Le gite se situerait à proximité de Differdange et du « Red Rock Trail ».*
*Quant au CHEM, monsieur Ulveling n'a pas satisfait les demandes des socialistes. C'est n'importe quoi. Des entrevues ont eu lieu avec le ministre. Les socialistes ont élaboré un plan pour la suite des évènements. Le site devait accueillir une clinique de l'environnement. Or qu'en est-il réellement ? Niederkorn aura des conteneurs qui disparaitront au bout de trois ans. Erny Muller ne s'attendait pas à cela. Les rêves differdangeois ont été détruits. Il doute au sujet de ce que raconte le directeur général du CHEM. C'est pourquoi les socialistes exhortent le collège échevinal à éclaircir la situation.*
*(Interruption)*
*Erny Muller rétorque que même s'il s'agit de 2027, il faut commencer à planifier l'avenir en prévoyant l'acquisition des locaux. Il est question d'emplois et Erny Muller ne fait plus confiance à la direction du CHEM. Le bâtiment ne doit pas*

*rester vide pendant des années où être détruit.*
*En tant qu'ancien musicien, Erny Muller regrette les difficultés de l'école de musique. Le développement de l'école a été explosif, ce qui est une bonne chose. Mais il faut de la place. Erny Muller a parlé au directeur. Celui-ci souhaite emménager dans l'ancien cloitre. Monsieur Ulveling ferait bien d'en discuter avec lui, car il a de nombreuses idées. Il faudra voir ce qui est faisable. Monsieur Ulveling pourrait en discuter aussi avec les autres conservatoires pour voir comment ils s'y prennent. L'école de musique doit être agrandie. Il était même question de recourir à des locaux à côté.*
*(Interruption)*
*Erny Muller constate que ce n'est pas possible.*
*En guise de conclusion, Erny Muller remercie le personnel communal pour son engagement dans l'intérêt des habitants. Sans lui, le programme ne pourrait pas être réalisé.*
*Les socialistes soutiennent une partie du budget rectifié 2019 et une partie du budget 2020, mais pas tout. Erny Muller mentionne le fiasco d'Esch 2022, le manque de confiance au sein des communes du bassin de la Chiers, le parking du centre, la place Nelson-Mandela… Les différences entre la majorité et le LSAP sont trop grandes. Les socialistes n'approuveront pas le budget.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*annonce d'emblée que les écologistes approuveront le budget.*
*(Rires)*
*Frenz Schwachtgen précise que les écologistes n'entendent pas revenir sur chaque point du budget. Autrement, les débats dureraient jusqu'à demain soir. Le conseiller communal est connu pour ses interventions interminables, mais le budget n'est pas là pour entrer dans les détails.*
*(Interruption)*

Well et geet ëm ganz vill Aarbechtsplazen. Wéi gesot, mir hunn e Vertrauensverloscht géintiwwer der Direktioun vum CHEM. Dee besteet. Et soll verhënnert ginn, dass dat Gebai, nodeem kee Spidol méi dran ass, jorelaang eidel steet an dann herno eventuell ofgerappt gëtt.

Als fréiere Musikant huet mech eng Ausso vum Här Mangen beréiert. Dat ass déi vun de Problemer mat der Museksschoul. Ech hunn och mam Direkter geschwat. Sechs Joer, plus ou moins, ass elo d'Museksschoul an deem neie Gebai, am Ale Stadhaus. Am Ufank ass ganz vill Luef komm. Mir hu gesinn, wéi se explodéiert ass, wéi d'Museksschoul sech entwéckelt huet. Dat ass wierklech ganz positiv.

Dass elo op eemol Problemer opkomme mat de Säiteninstrumenter, de Sträichinstrumenter, ech huelen un, datt et sech ëm déi handelt, dann ass dat duerch d'Philosophie, dass d'Museksschoul méi op déi Formatioun gesat huet. Also d'Akzenter dorop gesat huet.

Den Direkter stellt sech vir, dass een elo kéint eriwwer wiessele bei déi aktuell Servior, dee fréiere Klouschter. Schwätzt emol mat Ärem Kolleeg, dem Här Schäffen Ulveling. Hie wäert Iech da soen, wat do schonn alles geplangt ass. Vläicht wësst Der et och schonn. Op jidde Fall hunn ech mam Direkter geschwat. Souwäit ech gesinn – ech wëll Iech net de Courage huelen, mee souwäit ech gesinn, sinn nei Iddien do. Et däerft wuel schwéier ginn, dohin ze kommen.

Ech proposéieren, dass Der emol fir d'éischt sollt kucke mat deenen anere Conservatoiren, wéi déi déi Problematik do uginn. An dann awer ze kucken, op der Plaz hei, an eisen Infrastrukturen, eng Léisung ze fannen. D'Museksschoul muss ausgebaut ginn. Déi brauchen nach zousätzlech Raimlechkeeten. Dat war jo och geplangt op der Plaz direkt niewendrun.

**ENG STËMM:**

Dat geet net.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Geet dat net? Majo dann, okay.

Ech komme lues zum Ofschloss. Als Vertrieder vun der LSAP wëll ech dem Personal vun der Gemeng Déifferdeng, alle Servicer ee grousse Merci soe fir hir Motivatioun an hiren Asaz am Interêt vun eise Biergerinnen a Bierger. Ouni si kréiche mer deen ambitiéise Programm, dee mer hei am Budget hunn, net ëmgesat.

Ech kéim elo zur Konklusioun. Obwuel déi aner Vertrieder vun der LSAP op eng Partie Punkte vum Budget rectifié an dem Budget 2020 aginn, kann ech Iech elo scho matdeelen, dass d'LSAP wuel eng Partie Initiativen am Budget ka matdroen, mee anerer awer guer net.

Ech hu versicht se ze erklären, mee do kommen nach anerer no: de Fiasko ëm d'Kulturhaaptstad, de Vertrauensbroch vis-à-vis vun de Kordall-Gemengen, wat de Stade d'athlétisme ubelaangt, d'Virgoensweis hei ëm den Zentrum mam Parking an d'Place Nelson Mandela, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Mir sinn der Meenung, dass d'politesch Differenzen esou grouss sinn, tëschent der aktueller Majoritéit an der LSAP, dass mir de Budget 2020 an de Rectifié 2019 net kënne stëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll direkt ukënnegen, als éischte Punkt, dass déi gréng de Budget stëmmen. Dass mer do mol ganz kloer sinn.

(Gelaachs)

Ech wäert mech elo hidden, Remarken ze maachen, mee an engem Budgetsdebat geet et, fir déi gréng op jidde Fall, net drëm, fir all Punkt bei deenen 105, oder ech weess net, wéi vill Punkten, déi dra sinn, als Projet ze diskutéieren. Dann denken ech, sëtze mer muer den

Owend nach hei. Ech sinn zwar och bekannt dofir, dass ech laang schwätzen, mee eng Budgetsdiskussioun, a mengen Aen, ass elo net do, fir Detailer vu geplangte Projeten ze diskutéieren.

(Interruptioun)

Ech schwätzen elo als Gréngen. Ech wëll just erklären, dass ech zum Gesamtbudget wollt kuerz Stellung huelen an e puer Aspekter aus verschiddene Kapitelen ernimmen. Meng Kolleeginne Conseillèren, wäerten och nach zu e puer aner Kapitelen eng kleng Stellungnam huelen.

Éinescht ass geschwat gi vun entschëllegen, par rapport zu der Situatioun Traversini. Ech hat dat am leschten oder am viregte Gemengerot am Numm vun deene Grénge ganz däitlech hei gemaach un d'Bevëlkerung. Ech mengen, aus där Situatioun komme mer ganz gutt eraus, zesumme mat eisem Koalitiounspartner, dass mer déi Gemeng hei viru gutt féieren an e gudde Budget hei presentéiert hunn, wéi déi lescht Joren och.

Et ass am Fong geholl Copy-paste vun 2019 an 2018. D'Finanzlag gëtt als iwweraus positiv beschriwwen an d'Budgetsvirlag gëtt als total positiv empfonnt, virun allem vun eiser Finanzkommissioun, wou jo d'Parteien alleguerten dra sinn. Ech begréissen och dee gudde Rapport, déi gutt Aarbecht vun der Finanzkommissioun, déi vill konstruktiv Kritik dragesat huet, déi awer, denken ech all, ouni Ausnam, kënnen akzeptéiert ginn. Ech wier frou, wann dee Message och géif weidergedroe ginn.

Eise Budget ass am Equiliber. Déi néideg Invester kënne gemaach ginn. Déi stinn am Budget. Mer wäerten d'nächst Joer Zäit hunn am Detail driwwer ze diskutéieren. Et brauche keng nei Emprunte gemaach ze ginn. Eis aktuell liicht Verschëldung ka weider ofgebaut ginn. D'Pro-Kapp-Verschëldung ass ganz an de Grenzen, ganz an der Moyenne. A wäit ënnert deem, wat vum Staat als iwwerméisseg géif ugesi ginn.

Do kann een also feststellen, dass een dee Budget ka roueg stëmmen, well en Orientéierungen och gëtt.

Den Här Muller huet dat scho gesot, mer hunn, par rapport zum Budget rectifié 2018, also vum ofgeschlossene Budget, eng Hausse vu 77 Milliounen Euro op 88 Milliounen Euro bei den Dotatioune vum Staat. Dat ass déi Top-Einnamequell fir eis Gemeng Déifferdeng, wéi iwwregens fir all aner Gemengen, déi sech developpéieren.

Aner Recetten, mat vill méi klengen Zommen, awer déi nach am Milliouneberäich leien – den Impôt commercial, den Impôt foncier a verschidde Loyeren, well mer eis do e bësse selwer probéieren, op d'Been ze stellen –, hunn derzou gefouert, dass mer eng Recette hu vun 129 Milliounen Euro. Wou awer, wéi gesot, 88 Milliounen Dotatiouns de l'état sinn.

Déi konsequent Politik vu Wunnraum-Opkaf a Weiderverlounen zu engem normale Präis dréit hir Friichten. Well op déi Einnamen do wäerte mer an Zukunft kënnen opbauen.

Wéi d'Finanzkommissioun betount, wësse mer net, wéi et an deenen nächste Jore mat den Dotatioune weidergeet. Eise Wuesstem als Gemeng ass begrenzt. Dee Moment kënnt et schrëttweis zu engem Réckgang vun den Dotatiounen. Mer mussen eis, iwwer 2022 ewech, drop preparéieren.

An deem Sënn gëtt gesot, dass mer an der Personalpolitik mussen nach wuessen, well eng Gemeng déi wiisst, déi brauch dat néidegt Personal, dat néidegt gutt Personal, fir all déi Aufgaben ze erleedegen, wann een op 30.000 oder vläicht souguer 35.000 Awunner an nächster Zukunft kënnt. Do hu mer also nach e Manktem.

Mir hu Paie vun 38 Milliounen Euro, wat e Plus ass vu fënnef Milliounen Euro zënter 2018. Wann ech d'Charges sociales matarechnen, da sinn dat zousätzlech siwe Milliounen Euro am Joer. Soudass mer op insgesamt 45 Milliounen Euro u Paie kommen. Wat e respektabele Prozentsaz ass.

Wou mer wäit ewech si vun deene 50 % u Recetten. Wat d'Commission des Finances jo och ugëtt, dass een déi 50 % soll am A halen an net iwwerschreiden, fir wann et emol eng Kéier méi lues geet mat den Dotatiounen, wa

*Frenz Schwachtgen parle au nom des écologistes. Il prendra position quant à certains aspects du budget, tandis que ses collègues de parti aborderont d'autres chapitres.*
*Tout à l'heure, il a été question d'excuses à propos de la situation Traversini. Or Frenz Schwachtgen s'est excusé auprès de la population lors d'une des dernières séances du conseil communal. Ce qui importe maintenant, c'est que les écologistes et leur partenaire de coalition fassent avancer la commune en présentant un bon budget.*
*La situation financière de la commune est bonne. La commission des finances, au sein de laquelle tous les partis sont représentés, est du même avis. Elle a fait des critiques constructives qui peuvent être acceptées dans leur intégralité.*
*Le budget est équilibré. Les investissements nécessaires seront réalisés. La commune n'a pas besoin d'un nouvel emprunt. La dette va baisser. L'endettement par tête d'habitant est dans la moyenne et il est nettement inférieur aux recommandations de l'État. Par conséquent, le budget peut être approuvé en toute tranquillité.*
*La dotation de l'État passe à 88 millions d'euros. Les autres recettes proviennent de l'impôt commercial, de l'impôt foncier et de loyers — pour un total de 129 millions d'euros. La politique d'acquisition et de location de logements porte ses fruits et permet de construire l'avenir.*
*Il est difficile de prévoir comment évoluera la dotation de l'État. Elle devrait reculer par étapes.*
*Differdange doit continuer à recruter, car une commune dont la population croît a besoin de personnel. Il est question de 30 000 ou même 35 000 habitants. Les salaires se montent à 38 millions d'euros auxquels s'ajoutent 7 millions d'euros de charges sociales pour 45 millions d'euros en tout. La commission des finances recommande de ne pas dépasser 50 % des recettes pour ne pas se retrouver en difficulté si la dotation devait baisser.*
*C'est pourquoi Frenz Schwachtgen salue le placement d'un-million d'euros dans le fonds de réserve. Celui-ci se révèlerait utile si, un jour, la commune avait un besoin*

*urgent de liquide et si elle ne voulait pas recourir immédiatement à un emprunt. La commission des finances suggère de placer cet argent, car un placement durable rapporte plus que 0,0 % dans une banque.*
*Frenz Schwachtgen va prendre position quant au budget en essayant de ne pas empiéter sur le temps de parole des autres.*
*Les subventions étatiques figurant dans le budget seront-elles versées à coup sûr ? Il s'agit probablement de promesses. Le collège échevinal dispose-t-il des garanties nécessaires ?*
*Le « city management » est important. Il faut mettre en place un concept rapidement, même si cela coute de l'argent.*
*Il a été question de la commission économique. Mais d'une manière générale, Frenz Schwachtgen est d'avis que les membres des commissions et groupes de travail, dont certains sont bénévoles, devraient toucher une indemnité, car ils sont professionnels et font avancer la commune.*
*Les frais d'études sont élevés. Frenz Schwachtgen se demande si la réalisation d'une étude est synonyme d'obtention d'un contrat. Si c'est le cas, l'étude pourrait être biaisée. Le doute subsiste auprès des hommes politiques et de la population.*
*Frenz Schwachtgen mentionne ensuite des projets comme le parking des Hauts-Fourneaux, la place Nelson-Mandela, la ligne à haute tension du Mathendahl, où les choses avancent bien.*
*Le budget prévoit des fonds pour le Lommelshaff. Le concept sera débattu dans les commissions, mais aussi dans le cadre d'Esch 2022. Il sera notamment question de production alimentaire saine.*
*L'isolation thermique du centre médicosocial est prévue. La construction du centre d'accueil du Fond-de-Gras doit commencer. Des discussions sont en cours quant à un réaménagement du Minett Park. La Ville de Differdange devra défendre ses intérêts.*
*Des investissements importants seront opérés dans les trois bâtiments du 1535°.*
*Frenz Schwachtgen constate que la commune verse des loyers à hauteur d'un-million d'euros, mais de l'autre, elle encaisse également des*

mol eng Kéier Projeten an d'Laberente komme wéinst finanziellen Ursaachen.

Dofir kann een nëmme begréissen, dass mer och dëst Joer erëm de Fonds de réserve mat enger Millioun Euro speisen. Dee soll och am Noutfall zur Verfügung stoen, wann et emol eng Kéier séier misst goe mat Geldbeschafung, respektiv wann een net onbedéngt direkt wëll e Prêt maachen. Wéi gesot, eis Verschëldung ass kleng. Mer kéinten eis do nach e ganze Koup méi erlaben.

Wann et derzou géif kommen, kann een d'accord si mam Avis vun der Finanzkommissioun, dass déi Sue solle sënnvoll placéiert ginn. Ech denken och, dass sozial, ekologesch an nohalteg Placementer méi bréngе wéi 0,0 % op enger Bank, wéi dat aktuell de Fall ass.

Dat war emol, global, wat ech zum Budget wollt soen, dass och nach déi aner Leit Zäit hunn, Stellung ze huelen. Ech wëll zu e puer Punkte Stellung huelen aus deenen eenzele Kapitelen. Bei de Generalitéite gëtt dacks gesot, an d'Finanzkommissioun seet dat och: D'Subventions étatiques, déi drastinn – den Här Liesch kann dorobber héchstwarscheinlech eng Äntwert ginn –, sinn déi all garantéiert, déi Zommen, déi drastinn? Déi sinn héchstwarscheinlech nëmme versprach. Mee si se garantéiert? Oder sinn dat am Fong Zommen, déi am Budget stinn, mee wou mer nach guer keng Garantie hunn, fir déi dann herno ze notzen?

City Management. Dat gëtt e ganz wichtege Punkt. Et ass eng Hausse am Budget ze verzeechnen. Mer mussen eis wierklech rapid do e Konzept ginn, wat natierlech dann och Suen däerft kaschten, fir dass mer eis Stad op dee modernsten Niveau bréngе vun engem City Management.

D'Commission économique ass ernannt ginn. Ech sinn der Meenung, dass mer all déi aner Groupes de travail – do denken ech un d'Gemengekommissiounen, mee mir hunn awer och Bénévoller, beispillsweis am Klimateam, am Territoire Naturel Transfrontalier schaffen –, dass mer lues a lues dozou kommen, fir deenen eng Indemnitéit ze ginn. Well déi leeschte wierklech eng fachlech, ganz gutt Aarbecht. A se bréngen och d'Gemeng weider.

Allgemeng kann ee feststellen, dass vill Frais-d'études dra sinn. Dat ass héchstwarscheinlech ze justifiéieren. Mee d'Fro gëtt gestallt – heiansdo gëtt jo e Projet verzögert oder net gemaach –, ob déi Etüde fir déi Betriber, déi d'Etüd maachen, och automatesch en Optrag bedeiten.

Do kéint een eventuell zur Konklusioun kommen, oder zur virsiichteger Annahm, wann ech dat emol esou ka soen, dass dann d'Etüd méi héich ausfält, wann ech selwer en Optrag kréien. Op deem esou ass, kann awer vläicht ee vum Schäfferot mer soen. Dat sinn esou Verdachtsmomenter, déi mol heiansdo ënnert der Bevëlkerung an och ënner eis Politiker opkommen.

Dann – ech ginn awer do och net an d'Detailer – si Kreditter do, vu Punkten, déi och schonn ugeschwat gi sinn, fir de Parking Haut-fourneaux unzegoen, fir d'Mandela-Plaz emol ze studéieren, fir d'Héichspannungsleitung Mathendahl ze deplacéieren. Wat eng immens Saach wier, wann déi geféierlech Leitung iwwert de Käpp vun de Leit géif verschwannen.

Do hate mer d'leschte Kéier gesot kritt, dass do nei Momenter drawieren. Fir de Lommelshaff si Kreditter agesat. Dat Konzept wäert diskutéiert ginn, mat alle Leit, déi wëllen do dobäi sinn, och an de Kommissiounen, och am Kader vun Esch 2022 eventuell. An am Kader vun deene Projeten, déi schonn dacks ernimmt gi sinn hei, iwwert d'gesond Ernärung a gesond Ernärungsproduktioun.

Thermesch Isolatiounen, wéi ënner anerem de Médico social, stinn um Programm. De Centre d'accueil Fond-de-Gras soll endlech entaméiert ginn. An ech mengen, do soen ech näischt ze vill, dass iwwert déi Neigestaltung vum Minett Park e ganze Koup Diskussiounen nach dorëmmer sinn. Dat kann een net verheemlechen. Et wier ganz gutt, wann déi Leit, déi am Minett Park aktiv sinn, och eise Support hätten, fir d'Interesse vun der Gemeng Déifferdeng do massiv ze vertrieden an d'Bengelen net bei d'Tromm ze geheien.

De 1535° wëll ech nach ernimmen. An déi dräi Gebaier A, B an C ginn erëm vill Suen investéiert, fir déi Saach positiv weiderzebréngen. Mir gesinn, op

där enger Säit hu mer eng Millioun Euro u Loyere ronderëm ze bezuelen, wou mer Locataire sinn a verschiddene Gebaier.

Op där anerer Säit, vu dass mer als Gemeng a Gebailechkeeten investéieren a Gebailechkeete kafen, wou et nëmme méiglech ass, kréie mer e ganze Koup Suen eran, ënner anerem fir d'Locatioun vum 1535° 1,1 Millioun Euro. Dat ass net näischt. Et stinn nach aner Zommen dran. Ech ernimmen déi elo net, dat féiert ze wäit. Mee och als Unternehmer-Gemeng kënne mer eis Recettë verschafen an an engems matgestalten, dass d'Präisser net, an deem Beräich op jidde Fall, ze héich sprangen.

Een anere Punkt, deen ech wollt ernimmen onbedéngt, wat fir eis als Ekologisten e ganz wäertvolle Punkt ass, dat ass, dass mer vum Staat 1,6 Milliounen Euro erëmkréie fir Gebidder, déi an der Zone industrielle Haneboesch elo un d'Gemeng iwwertruede ginn, fir déi naturno ze gestalten, als Trame verte Haneboesch. Mat deem Passage do derduerch a mat engem gréngen Couloir.

Nach méi am Environnement, hunn ech mer e bëssen ugekuckt, wat eis Dechetspolitik ubelaangt. Ech stelle fest, ech ginn och do net an d'Detailer, dass, wat d'Decheten ubelaangt – Sidor, Minettkompost, Parc de recyclage, Taxes ordures, déi mer erakréien –, dat eng positiv Entwécklung ass, déi mer kënnen als stabil bezeechnen. Wou mer héchstwarscheinlech net brauchen an den nächste Joren ze fäerten, dass do eppes géif aus dem Rudder lafen.

Wou et méi Diskussiounsbedarf gëtt, dat ass ganz gewëss beim Ofwaasser. Well d'Kläranlag vum SIACH, also d'regional Kläranlag Kordall zu Péiteng, fir an déi 70 Milliounen Euro muss vergréissert ginn. Dat heescht d'Einwohnereinheite gi kloer iwwer 100.000 Euro eropgesat. Déi Investissementer, déi sinn de Moment nach net genee ze bechifferen, mee déi leien awer ëm 70 Milliounen Euro, wou d'Gemeng Déifferdeng, als awunnerstäerkst Gemeng en Haaptdeel derzou ze droen huet.

Wéi Der wësst, si mer do mat engem Deel Suessem, also dem Beräich Zolwer/Suessem vun der Gemeng Suessem, an da Käerjeng a Péiteng an engem Boot. Dat ass e ganz groussen Invest, wou mer eis mussen eens ginn, op wéi vill Joren, dass mer dee strecken.

Net, dass et zu massive Problemer kënnt oder dass et zu falschen Informatiounen iwwert d'Participatioun vum Bierger an deem Ganzen do kënnt. Ënner anerem huet de SIACH och 2,56 Milliounen Euro Traitements des eaux. An eis Kanaltaxe bréngen an deem Pak vun iwwer sechs Milliounen fir d'nächst Joer viraussiichtlech awer just ëm déi dräi Milliounen Euro eran. Soudass mer mat alle Partner musse kucken, wéi mer domadder eens ginn.

Wat een net däerf vergiessen, mir hunn awer Recetten a verschiddene Beräicher. Alles, wat eis Gemeng investéiert, all déi Punkten, déi en Invest sinn, zum Beispill a proppert Waasser, Energiedämmung, Energiespueren iwwert de Pacte Climat, gëtt vum Staat massiv subventionéiert. Wou mer e ganze Koup Recetten erëm erakréien.

Dann ass mer wichteg ze ernimmen, dat kënnt net esou dacks eriwwer, dass mer ganz vill klenger Aktivitéite mat klenge Budgeten hunn, déi awer immens wichteg sinn, wann ech iwwert d'Ëmwelt schwätzen. Dat ass den neie Contrat rivière, dat ass d'Klimabündnis, dat ass den Territoire Naturel Transfrontalier, dat ass de SICONA, dat sinn all déi klenger Aarbechten, déi am Plan vert gemaach ginn. Dat si Budgetspunkten, déi dacks vergiess ginn, déi awer zur Liewensqualitéit bäidroen an ekologesch ganz wäertvoll a ganz néideg Saache sinn.

Zum Logement à prix social. Et ass schonn ernimmt ginn, dass deen Invest vun ëm déi 40 Milliounen Euro finalement an deem Tower do ënnen, eemoleg ass. Dass eng Gemeng op esou kuerz Zäit héchstwarscheinlech seng Logementer ëm 80 Unitéite kann hiewen. An et wier ze wënschen, dass mer an deenen nächste Joren an deem Rhythmus kéinte weiderfueren.

D'Leit wäert et freeën, wa se héieren, dass hire Quartier méi flott gemaach gëtt. Op Avis vun den Awunner, op Avis vun der Ëmweltkommissioun, op Avis vun eise Bamexperte gi Belair, Rue Xavier Brasseur a Kondel d'nächst Joer

*loyers conséquents — et notamment 1,1 million d'euros de la part des locataires du 1535°. Mais le conseiller communal ne souhaite pas entrer dans les détails. En agissant comme une entreprise, la commune peut générer des recettes tout en veillant à ce que les prix ne flambent pas.*

*L'État remboursera 1,6 million d'euros pour des terrains dans la zone industrielle du Haneboesch destinés à devenir un couloir vert.*

*En ce qui concerne la politique des déchets, le développement des finances est stable. Frenz Schwachtgen mentionne Sidor, le Minettkompost, le parc de recyclage, les taxes pour l'enlèvement des ordures…*

*Pour ce qui est des eaux usées, la station d'épuration du bassin de la Chiers doit être agrandie pour 70 millions d'euros. Le chiffre n'est pas encore définitif, mais Differdange étant la commune membre la plus peuplée, elle devra payer le montant le plus élevé. Les autres membres sont Sanem, Käerjeng et Pétange. Cet investissement important s'étalera sur plusieurs années. Le SIACH destine par ailleurs 2,56 millions d'euros pour le traitement des eaux. La taxe de canalisation ne suffira pas à régler tous les frais. Il faudra donc trouver une solution avec les partenaires.*

*Frenz Schwachtgen précise que tous les investissements écologiques de la commune sont subventionnés massivement par l'État.*

*En matière d'environnement, Frenz Schwachtgen tient aussi à mentionner de nombreux petits projets importants : le contrat de rivière, le territoire naturel transfrontalier, SICONA… Ces activités sont vite oubliées, mais elles améliorent la qualité de vie.*

*Pour ce qui est du logement social, l'investissement de quarante-millions d'euros dans la tour est unique. La commune acquiert 80 logements d'un coup. Frenz Schwachtgen espère que cela continuera au cours des prochaines années.*

*Belair, la rue Xavier-Brasseur et le Kondel seront rénovés l'année prochaine sur avis de la commission de l'environnement et de l'expert en arbres. Les chantiers dureront trois*

*ou quatre ans. La rue Bessemer et la rue Woiwer seront aussi rénovées.*
*Frenz Schwachtgen ne veut pas revenir sur le chantage du Wangert. Il suggère au collège échevinal de se renseigner au sujet des rapports de propriété dans d'autres vieux quartiers de la ville pour éviter que ce genre de situations ne se représente. Par ailleurs, si la route appartient à un particulier, il devra peut-être financer lui-même les conduites de gaz. Il s'agit de situations bizarres.*
*L'aménagement du parc sur l'ancien terrain de l'AS n'a pas commencé. Frenz Schwachtgen espère que ce sera le cas l'année prochaine.*
*Le collège échevinal a expliqué les retards concernant la mine Renkert. Mais il s'agit d'éléments jouant un rôle dans la qualité de vie et pouvant avoir un impact touristique.*
*Le nouveau CID sera construit et l'ancien site devra être réaffecté.*
*La commune continuera à acquérir des terrains, notamment dans l'avenue Charlotte en vue de supprimer la barrière.*
*Le Thillebierg fait partie du patrimoine de la ville. Une nouvelle structure y sera construite au lieu des logements prévus il y a vingt ou trente ans. C'est une excellente chose.*
*Un moment historique aura lieu lors de la signature du contrat d'acquisition de 120 ha en France entre le Ferme rouge et le Klopp à Rodange. Cet évènement est tout aussi historique que l'achat des terrains français par la MMR jadis à Lasauvage. Des projets sont d'ores et déjà prévus.*
*Pour conclure, Frenz Schwachtgen souligne le fait qu'il faut continuer à faire des économies même si les finances communales se portent particulièrement bien. Un bon budget se doit de lutter contre le gaspillage. Se montrer modeste reste une vertu. Sans vouloir entrer dans les détails de l'office social, Frenz Schwachtgen rappelle que de nombreux Differdangeois sont en proie à des difficultés financières. Il ne faut pas oublier de prendre des mesures sociales.*
*Au nom des écologistes, Frenz Schwachtgen tient à remercier tous*

entaméiert. Wat Chantiere sinn, déi awer dräi, véier Jore wäerten daueren. D'Bessemerstrooss an esou virun, aner Stroosse wéi ënnescht Woiwerstrooss gi frësch gemaach. Wat natierlech zur Liewensqualitéit vun de Leit wäert bäidroen.

Problemer gëtt et am Wangert, wësse mer. Op de Chantage wëll ech net ze wäit agoen, ech mengen et huet och Konsequenzen, ech weess, dass déi Situatioun do ass. Ech géif dem Schäfferot soen, vläicht sollt een och aner Quartieren emol kucken, méi eeler Quartieren zu Uewerkuer, Déifferdeng, Nidderkuer a Lasauvage, wéi d'Proprietéitsverhältnisser do sinn. Am Virfeld.

Net dass een erëm eng Kéier an esou Situatioune géif kommen, dass een, iwwerraschenderweis op eemol scho mam Bagger do steet an da seet een: „Hei ass meng Strooss". Wa mer natierlech an Terrain komme vu Privatstroossen huet dat eng Konsequenz, dass déi Privatleit da musse kucken, dass se vläicht hir Gasleitung am Buedem selwer musse finanzéieren. Wat natierlech ganz komesch Situatioune géife ginn.

E Punkt, deen d'lescht Joer, leider, net entaméiert ginn ass, mir haten d'Ursaache schonn héieren, dat ass de Park um alen AS-Terrain: Park, Spillplaz an aner Strukturen. Et wier gutt, wann dat d'nächst Joer géif weidergoen. Grad esou wat d'Mine Renkert betrëfft, wou mer schonn Erklärunge kritt hunn. Ech wëll dat awer just ernimmen, well et wichteg Punkte sinn, och am Wuelbefanne vun eise Bierger, respektiv touristesch en Impakt huet, wann een esou Plaze ka visitéieren, mat deenen néidegen Hannergrondinformatiounen iwwer eise Patrimoine.

En neie CID gëtt ugefaangen. Wat eis nei Situatioune bréngt, do ënnen um Fousbann, wou de Moment deen ale CID ass.

Zum Schluss, wat mer begréissen, ass, dass mer erëm Terraine wëlle kafen. Éischtens fir eis Barrière dohannen iergendwann eng Kéier ewechzekréien. Et sti Suen am Budget, fir do opzekafen, wann dat da méiglech gëtt, hei vir an der Avenue Charlotte.

Als Patrimoine huelen ech direkt den Thillebierg, natierlech als Sportplaz, Sportstätte, traditionell. Et ass eng formidabel Saach, dass mer do, anstatt massive Wunnengsbau, wéi dat eng Kéier geduecht war virun 20-30 Joren, wéi d'Arcelor nach déi Geléschten hat – déi sinn, Gott si Dank, vergaangen –, elo wierklech eng ganz nei Struktur opbauen. Mat deem néidegen Denkmalschutz.

En historesche Moment wäerte mer d'nächst Joer erliewen, wann déi definitiv Ënnerschréft ënnert de Kontrakt kënnt mam franséische Staat, kann ee roueg soen, well d'Demarchë si bis dohinner gaangen, fir déi 120 Hektar do uewe vum Roudenhaff bis op de Rodanger Klopp opzekafen. Wat 100 Hektar Akerland sinn. Wat 15 bis 20 Hektar Tagebau a Bëscher sinn.

Ech mengen, grad esou historesch, wéi deemools zu Lasauvage vun der MMR déi franséisch Terraine matkaf gi sinn, amplaz dass d'Grenz duerch d'ganzt Duerf géif siichtbar verlafen an op där anerer Säit vläicht ganz aner Aktivitéite wieren. Grad esou historesch wéi dee Moment deemools war, wäert dat hei och iergendwann an d'Geschichtsbicher agoen, dass mer eisen eegene Gemengenterritoire ëm 120 Hektar konnte vergréisseren. D'Projeten dozou sinn ugeduecht, a mer wäerten herno vläicht nach dorop zréckkommen.

Ech kommen zur Konklusioun. Am Numm vun deene Gréngе wëll ech rappelléieren, dass och wa mer finanziell a ganz gudden Zäite sti fir d'Gemeng, sollt een awer trotzdeem – an dat mierken ech och heiansdo an eisem eegene Behuelen – net vergiessen och anzespueren, wou et nëmme geet. Dat sollt awer och e Leitgedanke sinn, och an engem gudde Budget. Antigaspi an alle Beräicher soll och zum Theema ginn, wann een iwwert de Budget schwätzt.

An do ass jiddweree gefuerdert. Bescheidenheet ass nach ëmmer eng gutt Dugend. Et gëtt ganz vill Leit – ech ginn elo net op all déi Saachen an, déi den Office social an esou weider ubelaangt, do hate mer Geleeënheet schonn drop anzegoen –, et gëtt ganz vill Leit, déi finanziell a sozial Problemer hunn. Ech mengen, och dofir solle mer eise Budget benotzen a mer sollen all Moossnam, déi geholl gëtt, am Budget, och sozial offiederen.

Am Numm vun deene Grénge soen ech alle Beamten, Politiker, déi un dësem Budget mat beschtem Wëllen a Wësse geschafft hunn, villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer a Lieser, d'Eckdate vum Budget sinn elo bekannt. Wat de Rectifié 2019 betrëfft, fält op, dass d'Recettes extraordinaires vu 55 Milliounen Euro am Initial op 29 Milliounen Euro am Rectifié gefall sinn. En Zeechen, dass de Budget opgeblose war. Oder gëtt et aner Ursaachen, dass beispillsweis d'Subsiden net esou komm si wéi geduecht?

Bei den Dépenses extraordinaires ass et net grad esou krass, mee trotzdeem, 85 Milliounen Euro am Initial an elo 71 Milliounen Euro am Rectifié.

Als Spriecher vun der Demokratescher Partei Déifferdeng huelen ech Stellung zum Budget. Ech konzentréiere mech op déi Punkten, déi eis am meeschten um Häerz leien.

Am Numm vun eiser Partei wollt ech als Éischt alle Beamte Merci soen, déi um Budget geschafft hunn. Alle Leit aus der Administratioun, alle Servicer, Déngschter, Kommissiounen, dem Léierpersonal an de Schoule souwéi den Opfaangstrukture soe mir och Merci fir all déi Aarbecht, déi 2019 geleescht gouf.

Dat wichtegst Dokument, iwwert dat am politesche Joer diskutéiert gëtt, ass de Budget vun der Gemeng. Domadder steet a fält de Fonctionnement vun enger Stad. A wann eng Stad méi grouss ass, wat méi eng grouss Verantwortung heimat verbonnen ass.

Zu Déifferdeng, als drëttgréisst Stad am Land, hu mer folglecherweis zolidd Zomme vu Suen ze geréieren. Wa mer déi ordinär an déi extraordinär Ausgaben zesummerechnen, komme mer wäit iwwer 200 Milliounen Euro. E gewësse Seriö ass deemno verlaangt vun eis alleguer. Dat fir sech mat deem Dokument ze beschäftegen an déi Analys mat beschtem Wëssen a Gewëssen duerchzeféieren. Alles anescht wär onverantwortlech.

An engem Budget erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op Zukunftsfroen a Léisunge fir déi grouss Erausfuerderungen, virun deenen d'Stad Déifferdeng nach ëmmer steet. Wou soll eis Gemeng an deenen nächste Joren an och duerno histeieren? Wéi kënne mer besser op déi sozial Schiflag an eiser Gemeng awierken an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage bekämpfen?

Et geet drëms, alle Kanner gerecht Zukunftschancen ze bidden. Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou wunnen, schaffen a Fräizäit méi no beienee réckelen.

Op Industriefrichen, déi brooch louchen, sinn nei Aarbechtsplazen a ganz verschiddene Beräicher entstanen. Bescht Beispill ass d'Kreativfabrik. Mir hunn enormt Potential, wa mer alles richteg upaken.

Am Laf vun e puer Jore sinn Honnerten nei Aarbechtsplazen entstanen. Déi verschiddenst Start-uppen a kreativ Kënschtler hunn a wäerte weider Déifferdeng kenneléieren an entdecken. D'Aarbechten um leschte Gebai vun der Kreativfabrik ginn elo an déi definitiv Phas. Mir freeën eis elo schonn drop.

Et ass elo de Moment, fir e weidert Standbee vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an deenen nächste Joren entstoen ze loossen. Elo missten d'Weiche gestallt ginn, fir Déifferdeng an Zukunft wirtschaftlech op staark Pilieren ze stellen, fir kloerzemaachen, datt d'Gemeng dat als eng grouss Prioritéit gesäit, nei Aarbechtsplazen op hirem Territoire ze schafen. Fir eisen Awunner attraktiv a sécher Aarbechtsplazen ze bidden an déi wirtschaftlech Aktivitéit am Land ze dezentraliséieren.

Schaffen a Wunne méi no bréngen, dat fërdert och d'Mobilitéit. Wann eng Majoritéit dee Wëlle kloer dokumentéiert, dann hunn déi ekonomesch Acteure

*les fonctionnaires et les hommes politiques ayant élaboré ce budget.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que les recettes extraordinaires du rectifié 2019 sont passées de 55 millions d'euros à 29 millions d'euros. Cela démontre que le budget avait été gonflé artificiellement. Ou bien y a-t-il d'autres explications ? Par exemple des retards dans les subsides ?*
*La même remarque vaut dans une moindre mesure pour les dépenses extraordinaires passées de 85 millions d'euros à 71 millions d'euros.*
*François Meisch se focalisera sur les points qui lui tiennent à cœur. Il remercie les employés ayant contribué à la réalisation du budget, les services communaux, les commissions, les enseignants et les éducateurs.*
*Le budget est le document le plus important d'une commune, car il la fait fonctionner. Plus une ville est grande, plus la responsabilité croît. À Differdange, la commune gère des sommes d'argent conséquentes. Les dépenses globales dépassent les 200 millions d'euros. C'est pourquoi il est nécessaire d'analyser le document en détail.*
*Un budget doit apporter des réponses et des solutions à moyen et à long terme. Dans quelle direction la commune doit-elle aller ? Comment améliorer la situation sociale et baisser le chômage ? Tous les enfants doivent avoir les mêmes chances de réussite. Il doit être possible de vivre, travailler et s'amuser dans la ville.*
*François Meisch rappelle que les friches industrielles ont été transformées en fabrique créative générant des emplois. Le potentiel est énorme. À l'avenir, les startups et les artistes vont découvrir Differdange. Les travaux de réaménagement du dernier bâtiment entrent dans la dernière phase. Le moment est venu de planifier le futur de l'industrie créative. C'est maintenant que les piliers doivent être posés. La création d'emplois doit être une priorité.*
*Si l'on parvient à rapprocher domicile et lieu de travail, cela aura des répercussions sur la mobilité. C'est ce concept que la majorité doit documenter pour que les acteurs éco-*

*nomiques fassent confiance au développement d'une commune.*
*Le collège échevinal manque d'idées et de créativité en ce qui concerne le commerce dans le centre-ville. Il faut élaborer des concepts alternatifs avec tous les acteurs concernés. François Meisch espère que le comité d'accompagnement économique se montrera actif dans ce domaine et que les responsables politiques sauront écouter.*
*En 2020, les recettes ordinaires grimpent à plus de 129 millions d'euros et les dépenses extraordinaires à plus de 125 millions d'euros. Malgré les préfinancements, les investissements restent ambitieux. Il faudra voir ce qui'il en restera dans le rectifié 2020.*
*En 2018, le fonds de dotation globale des communes s'élevait à 77,6 millions d'euros — 8 millions d'euros de plus qu'en 2017. En 2019, 6,4 millions d'euros viennent s'y ajouter. En tout, Differdange touche quelque 19 millions d'euros de plus qu'avant la réforme. L'État a également versé neuf-millions d'euros pour le 1535°.*
*La dette communale reste correcte malgré tous les investissements de ces vingt dernières années. L'amortissement se monte à 4,1 % des dépenses ordinaires. Le seuil maximal est de 20 %.*
*Les salaires dépassent 50 % des dépenses ordinaires. Il faudra garder ce point à l'œil. À l'avenir, le collège échevinal devra réagir plus vite pour que le service aux clients fonctionne à 100 % et que les conditions de travail soient bonnes. Les heures supplémentaires restent un problème.*
*Les loyers rapportent plus de 4,6 millions d'euros. Cela démontre que la politique de ces vingt dernières années n'était pas erronée. Aujourd'hui, il faut poser les jalons pour les vingt prochaines années. François Meisch propose de laisser un délai de grâce de cent jours aux nouveaux responsables politiques.*
*(Rires)*
*François Meisch constate que plusieurs revendications du DP ont été prises au sérieux. Cela permettra d'éviter les dysfonctionnements mis à jour récemment.*

Vertrauen an d'Entwécklung vun enger Gemeng.

Och muss d'Geschäftswelt mat an déi Diskussiounen agebonne ginn. An deem Kontext vermësse mer e puer Iddien a Kreativitéit fir d'Beliewen, haaptsächlech vum Déifferdenger Stadkär. Fir dass déi traditionell Geschäftsstroosse bestoe kënnen, musse mat alle Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an d'Déngschtleeschtungen ausgeschafft ginn, der Gemeng, de Geschäftsleit an de Proprietären.

Mir hoffen, dass deen neie Comité d'accompagnement économique, deen deemnächst hoffentlech seng Aarbecht wäert ophuelen, genau och an dësem Beräich aktiv gëtt an eng Visioun vun der Stadentwécklung an dësem Beräich entwéckelt. Virun allem hoffe mer, dass déi politesch Verantwortlech dofir en oppent Ouer wäerten hunn. Soss brauche mer net unzefänken.

Zréck zu de Finanzen. 2020 klammen d'Recettes ordinaires op iwwer 129 Milliounen Euro. E Rekord géif ech mengen. D'Dépenses extraordinaires klammen iwwer 125 Milliounen Euro. Do ass vill Prefinanzement fir de Staat dobäi. Ass awer trotzdeem ambitiéis. Da kucke mer, ob net am Rectifié 2020 erëm zréckgeruddert gëtt.

Bei de Recettë wollt ech nach e puer Chifferen ervirhiewen. No der Gemengefinanzreform stoungen am Budget 2018 77,6 Milliounen Euro, déi mer vum Fonds de dotation globale des communes kruten. Dat ware ronn aacht Milliounen Euro méi wéi virdrun, also 2017.

Fir 2019 koume 6,4 Milliounen Euro zousätzlech derbäi. An elo fir 2020 sollen et dann nach eemol véier Milliounen Euro zousätzlech sinn. Am Verglach vu virun der Reform, kréie mer aktuell pro Joer eng 19 Milliounen Euro méi vum Fonds de dotation globale des communes vum Staat. Ech fannen dat enorm.

Do dernieft krute mer an deenen dräi Joren, vu 2017 bis 2019, am Ganzen néng Milliounen Euro, wou de Staat eis bei der gelongener Kreativfabrik 1535° Creative Hub bäigeluecht huet.

D'Gemengeschold ass, trotz ganz zolitten Investitiounen an de leschten 20 Joren, méi wéi iwwerschaubar. Enn 2020 wäerte mer bei enger Pro-Kapp-Verscholdung vun 2.000 Euro landen. Ganz okay. Beim Amortissement vun der Schold leie mer bei plus minus 4,1 % vun den Dépenses ordinaires. De Seuil maximal autorisable ass 20 %. Also och ganz positiv.

Bei de Paie leie mer, duerch dat endlech zousätzlech engagéiert Personal, dat batter néideg war, bei liicht iwwer 50 % vun den Dépenses ordinaires. Dat musse mer awer elo am A behalen. Et sollt net doriwwer eraus goen. Ech hoffen, dass an Zukunft éischter reagéiert gëtt. Wat evitéiert, dass ganz Servicer op der Felg fuere mussen, d'Servicer um Bierger net méi kënnen zu 100 % garantéiert ginn an dat sech dann och negativ op d'Aarbechtskonditioune vum Personal auswierkt.

Net ofgebauten Iwwerstonne bleiwen een Theema. Et geet drëm, en héijen Niveau de fonctionnement vun eise Gemengeservicer ze garantéieren. Also och um sougenannten Déngscht um Bierger.

Ze betoune bleift, datt mer mëttlerweil iwwer 4,6 Milliounen Euro u Loyer anzéien. Ech mengen, d'Politik vun de leschten 20 Jore war net onbedéngt falsch. An dovunner profitéiere mer elo.

Ze hoffe bleift, dass haut déi richteg Weiche gesat ginn, dass déi gesond finanziell Situatioun eis och déi nächst 20 Jore begleet.

Ech sinn der Meenung, dass een der neier Gemengeféierung sollt 100 Deeg Schounfrist loossen. An da kucke mer, a wéi eng Richtung et geet.

(Gelaachs)

Trotzdeem wäerte mer elo punktuell de Budget kommentéieren.

Wat ech direkt wëll erwänen ass, dass verschidde vun eise Revendicatioune fir d'Verbesserung vum Gemengefonctionnement ze assuréieren, serió geholl goufen. Dat Gefill hunn ech emol bis elo. Dat fir an Zukunft Dysfonctionnementer, déi leider a rezenter Vergaangenheet opgedeckt goufen, ze vermeiden.

Een nei geschaafte Conseil de recrutement, sou wéi et Standard ass a gréissere Betriber oder Gemengen, ass elo zu Déifferdeng installéiert ginn. Esou sinn dann och elo Vertrieder vun der Oppositioun bei Virstellungsgespréicher derbäi.

D'nächst Etapp ass d'Schafe vun engem, et ass scho gesot ginn, Comité d'accompagnement économique, wou d'Aarbecht vum City Manager soll begleet a guidéiert ginn. A wou soll no Iddie gesicht ginn, wéi mer eis Stäerkte kënnen an de Virdergrond setzen, Beispill 1535°, wouduerch d'ganz Stad, awer och de Stadzentrum kënne profitéieren.

Ee ganze Pak Iddie schleefe mir als Demokratesch Partei scho jorelaang mat. Vill Zäit goung déi lescht Joren an deem Beräich verluer. De City Management gouf negligéiert. Et ass héich Zäit, do aktiv ze ginn.

Aner Etappe sinn duerno an Ugréff ze huelen. Déi nächst ass de Code de déontologie, wat jo och versprach gouf. Zesumme sollte mer do drubleiwen.

Punkto Finanzen nach d'Remark, dass bei de Recettes extraordinaires eng ganz Rei vu Subsiden opgefouert ginn, déi awer nach net ugefrot goufen. Respektiv wou et net zumindest een Accord de principe gëtt. „Une Demande de subside sera introduite en temps utile", liest een ëmmer erëm. Och aner änlech Formuléierunge fënnt een ëmmer erëm zréck.

Finanztechnesch fannen ech dat äusserst grenzwäerteg a kann et, éierlech gesot, net onbedéngt novollzéien. Da brauch ee sech net ze wonneren, wann am Rectifié duerno d'Recettes extraordinaires erëm abriechen.

Punkto Logement ass d'Schafe vun engem eegene Service absolutt ze begréissen. D'Initiativen an deem Beräich mussen awer vill méi wäit goen, wéi schonn ëfters hei gefuerdert. Wéi kënne mer fir bezuelbare Wunnraum zu Déifferdeng suergen? Wéi kënne mer sécherstellen, datt Jonker hir eegen Zukunft mat der Stad Déifferdeng verbannen? Wou ass den attraktiven a bezuelbare Wunnraum?

De Projet Gravity ass eis, glécklecherweis, an de Schouss gefall. Mir kafen 80 Appartementer, déi warscheinlech zu 70 % an de Locatif ginn. Dat ass e Schrack an déi richteg Richtung. Mir hunn awer vill méi Potential an deem Beräich. Do kéinte mer eis laangfristeg finanziell ofséchere mat Loyer, deen iwwer Joren agezu kéint ginn.

Mir sollten als Gemeng alles ënnerhuelen, wat an eiser Macht steet, fir duerch eng adequat Offer bezuelbare Wunnraum ze schafen. Soss komme mer aus där Spiral ni méi eraus.

Mir gesinn, beispillsweis déi dräi Milliounen Euro am Fonds de réserve net als déi Entscheedung un, déi mer aktuell brauchen. Déi Sue sollt een a soziale Wunnengsbau investéieren. Dat gëtt zu 75 % staatlech subventionéiert. Da wären et schonn 12 Milliounen Euro.

Ënnert dem Stréch léich den Invest fir d'Gemeng deemno bei 25 %. Mir géife Proprietär bleiwen an dee komplette Loyer anzéien. Dat wär eng exzellent finanziell Ofsécherung fir eventuell méi schlecht Zäiten. E wichtegt Zeechen no baussen an eng Hëllef fir eng Partie Bierger, déi onermiddlech op der Sich no bezuelbarem Wunnraum sinn.

Derbäi kënnt, datt gewosst ass, datt deen neie Pacte Logement 2.0 genau esou Investissementer finanziell wäert belounen. Woubäi een, wéi scho gesot, iwwert d'Jore Recetten iwwert de Loyer generéiere géif. Dat wär e gescheiten Invest. Do hätt een e puer Mécke mat engem Schlag erwëscht. Ekonomesch wär esou een Invest sécherlech vill méi rentabel, wéi dräi Milliounen Euro als doudegt Kapital ouni Rendit ze parken. Ech weess net, wien do Ären Ekonomist als Beroder war.

Investéieren ass gutt, richteg investéieren ass besser. Besser fir nei Aarbechtsplazen. Besser fir d'Bildung. Besser fir de sozialen Zesummenhalt. Besser fir bezuelbare Wunnraum. Ech mengen, dee Sproch zielen ech all Joer. Wann ee quasi néierens méi däerf bauen, da brauch ee sech net ze wonneren, wa wunnen ëmmer méi zum Luxus gëtt. Ech erspuere mer déi leideg Theeme wéi PAG, Appartementsverbuet, Fassadeschutz an esou weider.

*Un conseil de recrutement comme il en existe dans toutes les entreprises et communes de taille a été mis en place. L'opposition y est représentée.*

*Le comité d'accompagnement économique sera guidé par le « city manager ». Il s'agira de promouvoir les forces de Differdange comme le 1535° et d'en faire profiter le centre-ville. Les démocrates ont de nombreuses idées. Des années ont été perdues. Le « city management » a été négligé. Il est temps d'agir.*

*Le collège échevinal a promis de mettre en place un code de déontologie.*

*Dans les recettes extraordinaires figurent des subsides n'ayant pas encore été demandés. Ils figurent dans le budget avec la remarque : « une demande sera introduite en temps utile ». François Meisch désapprouve cette manière de procéder. Dans ces conditions, comment s'étonner que les recettes extraordinaires plongent dans le budget rectifié ?*

*Les démocrates saluent la création d'un service du logement. Mais il faut aller plus loin. Comment créer des logements abordables à Differdange ? Comment s'assurer que les gens voudront rester à Differdange ? Où sont les logements attractifs et abordables ? La commune achètera 80 appartements dans le cadre de Projet Gravity. C'est un pas dans la bonne direction. Mais il faut exploiter tout le potentiel pour créer des logements abordables. Ainsi, mettre 3 millions d'euros dans un fonds de réserve n'est pas la bonne solution, car avec 75 % de subventions de l'État, ils se transformeraient en 12 millions d'euros. La commune investirait donc 25 % et resterait propriétaire. En plus, le Pacte logement 2.0 récompensera ce genre d'investissements. Bref, ce serait plus rentable que de mettre trois-millions d'euros de côté. François Meisch se demande qui était le conseiller économique du collège échevinal.*

*Il est important de bien investir dans l'emploi, l'école, la cohésion sociale, le logement… Mais si l'on ne peut plus construire nulle part, le logement devient un luxe.*

*Où en sont les dossiers du Lommelshaff et de la ruine dans l'avenue de la Liberté à Niederkorn? On pourrait imaginer des concepts d'habitation innovants.*
*Differdange pourrait aussi profiter d'une auberge de jeunesse. Y a-t-il un lien avec l'acquisition du carreau du Thillebierg?*
*Pour ce qui est des investissements dans les écoles et maisons relais, il vaudrait mieux procéder à des assainissements complets compte tenu de la bonne situation financière. François Meisch mentionne le Bock, le Mathendahl, l'école internationale, l'école des Garçons de Niederkorn…*
*Pour ce qui est du sport, il était important de sauver le stade du Thillebierg de la ruine.*
*François Meisch rappelle que le terrain du Woiwer est devenu inutilisable. Cinq-cent-mille euros seront investis dans un nouveau terrain synthétique. Mais dans ce cas, le site ne pourra pas être aménagé en stade d'athlétisme. De toute façon, les démocrates n'ont jamais été convaincus par ce site, à proximité d'un lotissement avec une maison de retraite. François Meisch exhorte les collèges échevinaux du bassin de la Chiers à trouver une solution.*
*La construction du LIHPS se poursuit. Le centre sportif à côté sera assaini dès que le centre sportif de Niederkorn sera terminé. François Meisch espère que les aménagements extérieurs seront réalisés en 2020.*
*Pour ce qui est de la culture, le standup a réussi à s'établir. Les investissements dans le festival du rire valent le coup. Il ne faut pas faire d'économies en matière de culture et de manifestations.*
*Le théâtre en plein air fait son retour dans le budget 2020 en partenariat avec le «Déifferdenger Theater».*
*François Meisch trouve que l'évènementiel est un peu à la traine. Il faudra atteindre une nouvelle vitesse de croisière pour 2022.*
*À propos de 2022, où en est-on? On n'entend rien.*
*En matière de tourisme, le Minett Park connait un succès grandissant. Le centre d'accueil devra être construit pour 2022. François*

Punkto Logement, als Ofschloss, nach d'Fro – et ass schonn ugeklongen –, wou den Dossier Lommelshaff an den Dossier vun der Ruin zu Nidderkuer an der Kéier virum Spidol drun ass? Och do kéint ee sech innovativ Wunnkonzepter virstellen. Wéi zum Beispill Wunngemeinschaften oder intergenerationellt Wunnen. Eng Jugendherberg géif Déifferdeng gutt zu Gesiicht stoen, och en vue vun 2022. Eng Fro: Ass do eventuell ee Lien ze maache mat der Acquisitioun um Carreau Thillebierg?

Vill Investitioune betreffen d'Schoulen oder d'Maison-relaisen. Dat muss gemaach ginn. Et ass wichteg, manner Gedokters ze maachen a bei der aktueller finanzieller Situatioun op komplett Sanéierungs- respektiv Ausbau oder Neibauprojeten ze setzen. Beispillsweis d'Schoul Um Bock, den Neibau am Mathendahl, de Prefinanzement vun der École internationale Differdange/Esch, d'Jongeschoul Nidderkuer mam ganze Reamenagement vun den Alentouren erop bis bei d'Spillschoul an der Rue St. Pierre, fir nëmmen déi ze nennen.

Am Beräich vum Sport ginn eng Rei noutwendeg Saache gemaach. Mir freeën eis, dass de Stadion um Thillebierg soll virum Zesummefall gerett ginn. Duerch d'Problematik vum Woiwer Terrain, deen net méi ze gebrauchen ass, ass dat absolutt noutwendeg, fir de Spillbetrib oprechtzëerhalen.

Als Konsequenz dovu sollen elo 500.000 Euro an een neie synthetesche Terrain um Woiwer fléissen. Sou wäit, sou gutt. Wann een déi Suen investéiert, dann ass de Projet Liichtathletikstadion als Konsequenz op där Plaz wuel gestuerwen. Mat där Plaz ware mir, éierlecherweis nach ni onbedéngt glécklech. Matten an engem Wunnquartier, deen elo schonn zäitweis komplett iwwerlaascht ass. An d'Altersheim kënnt nach dobäi.

Mir fuerderen d'Schäfferéit aus dem Kordall op, sech zesummenzesetzen, fir eng adequat Léisung a Plaz ze fannen. Fir all eis Sportler, déi gäre géife Liichtathletik bedreiwen, eng Léisung ze fannen, wéi gesot, ënner korrekte Bedéngungen.

Mir freeën eis, datt de Bau vum LIHPS, dem Luxembourg Institute for High Performance in Sports, gutt weiderkënnt. D'Sportshal niewendrun, déi dréngend muss kärsanéiert ginn, wäert dann un der Rei sinn, soubal déi nei Sportshal zu Nidderkuer als Auswäichméiglechkeet betribsbereet ass.

Mir hoffen, datt dee ganzen Bausseberäich am Parc des Sports tëscht dem LIHPS, der Turnhal, dem Stadion an dem Hall O, sou wéi de Budget et virgesäit, dann 2020 kann amenagéiert ginn. Am Moment gesäit et jo, chantierbedéngt, alles anescht wéi gutt do aus.

Kuerz zur Kultur. Et freet eis, datt de Beräich Stand-Up-Comedy sech, sou wéi initial geplangt, konnt etabléieren. Investitiounen, zum Beispill an ee Festival du rire, si genau richteg. Am Allgemenge sollt net um Poste vun der Reklamm fir eise Kulturzentrum respektiv fir eis Manifestatiounen an och eis Stad am Allgemenge gespuert ginn.

De Fräiliichttheater, dee wärend dem Centenaire vun der Stad Déifferdeng e grousse Succès beim Déifferdenger Schlass konnt feieren, ass zréck am Budget fir 2020. Dat an Zesummenaarbecht mam Déifferdenger Theater. Mir hoffen, dass d'Wieder matspillt, an dass de Succès grad esou grouss wäert ginn.

Am Événementiel feelt et mir e bëssi un neien Impulser. Eis ëffentlech Fester plätscheren esou dohin. Do musse mer onbedéngt eng Schëpp bäileeën. Och fir méi Leit op Déifferdeng ze zéien. Ech hoffen, dass mer spéitstens fir d'Europäesch Kulturhaaptstad 2022 eng nei Vitesse de croisière erreechen.

À propos 2022: Et héiert een näischt, et gesäit een näischt, et gëtt een näischt gewuer. Et gëtt een net agebonnen. Wou si mer drun? Wat ass den Input vun der Gemeng Déifferdeng? Déi Informatioun wär emol interessant ze kréien.

An deem Kontext spillt dann och den Tourismus. Eise Minett Park, fir elo just deen ze nennen, erfreet sech ëmmer weiderer Beléiftheet. Fir 2022 muss de Centre d'accueil, wat mer scho jorelaang am Budget matschleefen, endlech fäerdeg sinn. Ech hoffen, dass déi betraffen Acteuren a Gemengen an der ASBL, am Interêt vun der Saach, an Zukunft e bësse méi aktiv ginn a sech méi

schnell eens ginn a wichtege Saachen. Och wann dat net ëmmer evident ass.

Tourismus, allgemeng, kéint an enger zweeter Phas och en Theema ginn am Comité d'accompagnement économique, mat allen Acteuren agebonnen: dem Geschäftsverband, dem Luxembourg Science Center, dem Minett Park, dem Territoire Naturel Transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette, fir nëmmen déi ze nennen.

Eis Bibliothéik an eis Museksschoul hunn am neie Kulturzentrum säit Januar 2014 een adequat Doheem fonnt. De Succès gëtt hinne Recht. D'Offer gëtt adaptéiert an ausgebaut. Wat mech perséinlech, als fréiere Responsabel vun deem Departement, immens freet.

Bei der Museksschoul hunn d'Schülerzuele sech duerch déi nei Raimlechkeeten an duerch déi adaptéiert flott Offer verduebelt. Raimlech si mer elo schonn iwwert d'Limitt eraus. De Schäfferot muss do, am direkten Ëmfeld, nei Plaze schafen. Do vermësse mer nach Konkretes.

Eng temporär Noutléisung am aktuelle Fleegeheem? Jo, wann et da bis disponibel ass. Awer dat ka just temporär sinn. Dofir sollt een elo net allze vill Geld an d'Hand huelen. An natierlech ëmmer am Hannerkapp, dass eventuell d'Miami University do kéint eng Extensioun realiséieren. Wann dat stëmmt.

Déi ganz Museksschoul muss laangfristeg beienee bleiwen. Mir haten de Feeler scho gemaach, dass alles verspreet war punkto Museksschoul, duerch d'ganz Gemeng, mat alle Konsequenzen. D'Léisung kann also just beim aktuelle Site leien, fir eis.

Nach ee Wuert zu eise Jumelagen. Mir bauen dat ëmmer aus, wat ech begréissen. En nächste Jumelage mat enger Gemeng a Bayern soll am Raum stoen. Awer, dat alles ass mat Aarbecht verbonnen a mat Budget. Dee sollt ee sech ginn, fir déi grenziwwergräifend Frëndschaften tëschent Veräiner, Bierger, Verantwortlechen an esou weider, ze fërderen.

Fir mech si mer an deem Kontext awer net richteg opgestallt. Dee Problem hu mer méi laang. Wie këmmert sech ëm wat? Do geet et jo och ëm vill verschidde Sproochen. Do misst vläicht fir all Jumelage eng Persoun, oder ee Service, definéiert ginn. An d'Kommissioune sollte vill méi agebonne ginn. Nëmmen e liewege Jumelage ass e Jumelage.

Ech soll Iech iwwregens vun eisen Ahlener Frënn Gréiss an déi bescht Gléckwënsch fir d'Feierdeeg iwwermëttelen. Ech war e Sonndeg privat bei hinnen um Chrëschtmaart zu Ahlen fir e Concert. Dat bei gudder Stëmmung a bei guddem Wieder.

Ganz kuerz eng Remark punkto Sécherheet. Säit Jore lafen Diskussiounen a Planungen, dass d'Police en adequat Gebai mat funktionelle Raimlechkeeten, accessibel an ugebonnen un den ëffentlechen Transport soll kréien.

Sou wéi bei verschidden anere Projeten, begréisse mer et, dass d'Gemeng de Prefinanzement mécht vum neie Policegebai um Parking Contournement. Doduerch wanne mer ganz vill Zäit a mir suergen derfir, dass eis Bierger e bessere Service gebuede kréien. Duerch dat neit Gebai wäert d'Police ganz aner Méiglechkeete kréien, wäert accessibel sinn, behënnertegerecht ageriicht, no um ëffentlechen Transport. Also alles, wat elo net de Fall ass.

D'Police ass och méi no bei Problemfäll wéi dem Parking Contournement selwer, dem Passage eriwwer an de Stadzentrum an no beim Stadpark. Beim Parc Gerlache feelt et effektiv un allem a punkto Sécherheet. Ech hoffen, dass d'Situatioun sech do wäert verbesseren, och duerch den Devis, dee mer herno stëmmen, betreffend d'Installatioun vu Kameraen, ënner anerem.

An ech hoffe wierklech, dass ganz schnell nei Luuchte wäerten am Stadpark installéiert ginn. Dat beschwätze mer hei scho säit Méint. Well et ass leider nach näischt geschitt. Ech invitéieren Iech all eng Kéier, owes mam Hond ronderëm de Park ze goen, ronderëm ze goen. Dat ass ganz spannend. Mat allem, wat s de do an d'Nues kriss, fills de dech bal wéi an de beschte jugendlechen Zäiten.

(Gelaachs)

An deem selwechte Kontext ass den Invest ze nennen, dee mer fir de Gardiennage respektiv d'Surveillance vun den

*Meisch espère que les communes et ASBL se montreront plus actives que jusqu'à présent.*
*Le tourisme pourrait aussi être traité dans une deuxième phase par le comité d'accompagnement économique — ensemble avec l'association des commerçants, le Science Center, le Minett Park, le TNT…*
*La bibliothèque et l'école de musique ont emménagé dans le centre culturel en 2014. En tant qu'ancien responsable du département, François Meisch se réjouit du succès. Grâce aux locaux et à la nouvelle offre, le nombre d'élèves a doublé dans l'école de musique. Il est temps pour le collège échevinal de trouver de nouveaux locaux plus grands. La maison de soins actuelle pourrait être une solution temporaire. Mais il ne faut pas investir trop d'argent dans ce projet, car la Miami University pourrait s'y établir. Par ailleurs, il est important que l'école de musique se situe sur un seul site.*
*Differdange multiplie les jumelages, dernièrement avec une ville en Bavière. Cela coute de l'argent, mais en vaut la peine. Mais qui s'occupe de quoi ? Il faudrait désigner un service spécifique et inclure les commissions. François Meisch en profite pour souhaiter de bonnes fêtes aux amis d'Ahlen où il s'est rendu dimanche pour un concert.*
*En ce qui concerne la sécurité, un commissariat fonctionnel et facilement accessible doit être construit depuis des années. Désormais, la commune préfinancera le bâtiment sur le parking du contournement afin de gagner du temps. Le nouveau commissariat améliorera les conditions de travail de la police. La police se situera à proximité du centre-ville et du parc municipal. Le parc Gerlache n'est pas très sûr. François Meisch espère que les caméras de surveillance permettront d'améliorer la situation. Il espère également que l'éclairage sera finalement installé dans le parc. Il en est question depuis des mois. François Meisch invite les conseillers communaux à y promener leurs chiens le soir. C'est une aventure. On a l'impression de revivre sa jeunesse la plus glorieuse.*
*(Rires)*

*Pour ce qui est du gardiennage, sera-t-il poursuivi une fois les caméras et les autres moyens techniques installés ?*
*L'augmentation des contributions aux syndicats est limitée pour une fois.*
*Des investissements sont prévus pour la réparation des trottoirs et des rues. François Meisch mentionne la rue Belair, la rue Pasteur, la rue Pierre-Krier, la rue Pierre-Dupong…*
*Reste le quartier Wangert. Les conseillers communaux ont sans doute discuté avec les habitants. Il y a aussi eu des réunions d'information. Certes, les hommes politiques doivent parfois prendre des décisions impopulaires. Mais dans ce cas, la situation est particulière. François Meisch comprend les riverains. Or le collège échevinal vient de supprimer le budget. Tout ce que les habitants demandent, c'est qu'on refasse les réseaux, que l'on rénove la chaussée et que l'on signalise les places de stationnement. Ils ne veulent pas des arbres et des plantes. Comme alternative aux places de stationnement, le collège échevinal pourrait prévoir un parking de quartier entre la rue des Jardins et le Wangert.*
*Le fait que des particuliers soient propriétaires de bouts de rue complique la situation. La commune devrait racheter ces parcelles à la valeur marchande au lieu de vouloir les obtenir gratuitement. Ceux qui ne voudraient pas vendre auraient à supporter les risques en cas de problème. Cette situation s'est développée au fil des décennies et il convient de faire preuve de doigté. Supprimer le projet ne facilitera pas le dialogue.*
*Depuis deux ans, François Meisch demande que l'on compte les passagers des différentes lignes de Diffbus. Le budget mentionne une étude générale sur la mobilité. De quoi s'agit-il ?*
*En matière de mobilité, il faut mettre en pratique les bonnes intentions. Le conseiller communal espère que le collège échevinal abandonnera l'aménagement de pistes cyclables kamikazes comme dans l'avenue de la Liberté.*
*Qu'en est-il du système de guidage vers les parkings? Il en est question*

elo just genannte Plazen ausginn. Do ass d'Fro, ob dat nach weiderleeft nom Installéiere vun de Kameraen an deenen aneren techneschen Installatiounen, déi geplangt sinn.

Kuerz zu de Syndikater. Do sinn d'Budgeten an déi eventuell Augmentatiounen dës Kéier am Rahme vum Tolerabele bliwwen. Ausser ech hätt eppes verpasst.

Wéi all Joer sinn eng Rei vun Investitioune geplangt fir d'Astandsetzungsaarbechten. Zum Beispill fir Trottoiren oder Reprofilage vu Stroossen. Verschidde Stroosse sollen och ganz op de Leescht geholl ginn. Ech nenne se wierklech net all. Rue Belair, Rue Pasteur, Rue Pierre Krier, Rue Pierre Dupong an esou weider. Ech mengen, dogéint ka kee sinn, virun allem, wann och all d'Reseaue mat erneiert solle ginn.

Et bleift awer de Problem vum Quartier Wangert. Ech, an aner Gemengerotsmemberen hei bestëmmt och, hu mat villen Awunner geschwat. Ech kann Iech soen, et waren der vill, wann net souguer all. An och op enger Biergerversammlung hu mer nogelauschtert.

Heiansdo muss ee jo als Politiker eng Decisioun treffen, well een et einfach besser weess. Mee hei vertrieden ech zum Deel d'Approche, dass d'Situatioun am Quartier aussergewéinlech ass. An zum grousse Deel kann ech d'Anrainer verstoen an och hir Approche. D'budgetär Approche allerdéngs net. Dir hutt dee ganze Budget zréckgesat.

Dat, wat d'Awunner fuerderen, ass an dëser spezieller Situatioun vläicht déi einfachst Léisung: All d'Reseauen ersetzen, de Projet mat Trottoir, Beem a Planze fale loossen, e Standard Reprofilage drop virgesinn an nach eventuell Parkplazen, déi do sinn, anzeechnen.

Ech sinn och ganz bei hinnen, d'Unzuel vun de Parkplazen net ze reduzéieren. Alternativ kéint een, et ass scho gesot ginn, ee Quartiersparking virgesinn. Firwat net tëscht der Rue des Jardins an dem Wangert, fir deem Problem an der Strooss ënnendrënner och nach entgéintzewierken.

Schlussendlech sollt fir de Quartier no der Astandsetzung ee Parking résidentiel agefouert ginn, zesumme mat gegeebenefalls anere Stroossen: Rue des Jardins, Rue de l'Acier an esou weider.

Dat d'Proprietéitsverhältnisser an deem Quartier ganz schwiereg sinn, wësse mer. Well d'Privatleit och nach deelweis Eegentemer vu klenge Parzelle vun, beispillsweis, der Strooss sinn. Do sinn ech awer der Meenung, dass d'Gemeng soll probéieren, d'Situatioun ze reguläriséieren. Dat heescht verschidde Parzellen, Emprisen, Compromisen oder e puer Metercarré ofzekafen, zum Marchéspräis. An net wéi bis elo proposéiert, wann ech richteg informéiert sinn, par cession gratuite.

Eng Partie Leit wären dozou bereet. Net all. Mee da misste se mat engem Reschtrisiko liewen, wann dann op hirem Terrain iergendwann e Problem wär oder eppes géif geschéien.

D'Situatioun ass eeben iwwer Joerzéngten esou gewuess. An elo sollt ee mat deem néidege Fangerspëtzegefill no der richteger Léisung sichen. An déi ass, warscheinlech net, de Projet aus dem Budget ze sträichen oder quasi op null ze setzen. Den Dialog muss erëm opgebaut ginn. Hoffentlech fënnt een do eng Léisung.

Zur Mobilitéit. Et komme jo elo punktuell divers Saachen. D'lescht Joer an nach d'Joer virdrun hat ech op dëser Plaz schonn no engem Comptage gefrot betreffend déi deemools nei Linne vum Diffbus. Ech widderhuelen dat heimadder. Am Budget steet eng Étude générale sur la mobilité. Wat kënnt do an de Cahier des charges stoen? Wat erwaarde mer eis dovun?

Punkto Mobilitéit si sécherlech gutt Usätz am Budget. Mee se mussen och richteg ëmgesat ginn. Hoffentlech kënne mer deemnächst op verschidde Kamikaze-Vëlosweeër verzichten. Wéi déi aktuell an der Avenue de la Liberté tëscht Déifferdeng an Nidderkuer. Do läit d'Léisung jo scho parat.

Punkto Mobilitéit wollte mer froen, wou d'Problematik ass mam sougenannte Parkleitsystem, wat jo och scho jorelaang am Budget matgeschleeft gouf, elo installéiert gouf an awer net richteg fonctionéiert.

Mir begréissen, doriwwer eraus, dass am gewinntem Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Aarbechtslosegkeet, Aarmut, Kannerbetreiung, Inclusioun a Chancëgläichheet sinn nëmmen e puer vun de Schlagwierder, déi an dësem Zesummenhang musse genannt ginn.

Dass mir vill Leit an eiser Gemeng wunnen hunn, déi keng Aarbecht hunn, déi Dag fir Dag kämpfen, fir eng ze fannen, déi net wëssen, wéi se een Dag iwwert deen anere finanziell iwwert d'Ronne solle kommen, musse mir eis als politesch Verantwortlech ëmmer erëm virun Ae féieren. Besonnesch, wann et drëms geet, Iwwerleeungen iwwert d'Zukunft ze maachen an Decisiounen an deem Sënn ze treffen.

Mir als Gemeng Déifferdeng stinn an der Verantwortung, dass Inclusioun eng Normalitéit gëtt am Alldag an de Crèchen, de Maison-relaisen, de Schoulen. Soudass déi Kanner duerno als Jugendlecher an Erwuessener d'Chance hunn, dës Inclusioun an hirem Alldagsliewen zu Déifferdeng, sief dat op der Aarbecht, an de Veräiner, am Verkéier, an hirer Fräizäit oder soss enzwousch kënnen ze erliewen. Dat sinn déi richteg Usätz dofir.

Säit engem Joer ass et jo esou, dass 1/4 Prozent vun den ordinären Ausgabe fir e gudden Zweck sollen zur Verfügung gestallt ginn. Ech huelen un, dass mer eis do all eens sinn, dass dat sécher ubruecht ass a Géigenden, wou et engem gutt geet respektiv esou vill besser wéi op anere Plazen.

Allerdéngs wär ech frou, déi nächste Kéier, wa mer an deem Kontext ëm déi 300.000 Euro verdeelen, e bësse méi Informatiounen ze kréie wéi just den Numm vun enger Asbl oder ONG respektiv de Montant vun engem dauernde Subsid. Dee Punkt kënnt jo herno nach um Ordre du jour. Da gi mer vläicht méi dozou gewuer.

Eng ganz Rei vu Froe sti fir eis nach am Raum. Ech nennen der e puer am Schnellduerchlaf. Dee geplangte Wandpark zu Uewerkuer. Do héiert ee kee Wuert méi. A budgetär ass och net onbedéngt eppes ze fannen, wat an deem Kontext an d'A spréngt. Konkreet d'Fro: Wat leeft? Do sti fir d'Gemeng och vill Suen um Spill, laut Konventioune respektiv Engagementer.

D'Suppressioun vum PN15, also d'Zuchbarriär tëscht Déifferdeng an Uewerkuer. Wéi realistesch ass dat? Dir steiert op d'Mëtt vun Ärem Mandat zou. Do missten esou lues Neel mat Käpp kommen. Wou si mer an deem Dossier drun?

Domadder zesummen hänkt de Projet aus dem Koalitiounsaccord, fir e souzesoe Shared Space am Zentrum vun Déifferdeng an Nidderkuer anzeféieren. Gëtt dat Walverspriechen ageléist oder net? Et wär quasi déi lescht Chance, dat bei dësem Budget nach an d'Weeër ze leeden, fir datt et bei der nächster Walecheance fäerdeg wär.

Wat déi viru laange Joren ëffentlech Parkhaiser ugeet, ass nach ëmmer näischt geschitt. An och am nächste Budget ass net ze erkennen, dass et soll endlech lassgoen. Ausser d'Frais d'études.

Ee grousst Parkhaus um Contournement gouf eis versprach. Soll dann elo e bësse méi wäit hanne kommen, iergendwann. Een ënnerierdesche Parking nieft dem Kulturzentrum gouf versprach. Geschitt ass, leider, nach näischt. Bonne chance an deem Kontext, am Hibléck op den néidegen Ausbau vun der Gemeng selwer, wou dann déi puer Parkplazen och nach verschwannen a quasi keng Neier bäikommen. Do ass de Chaos an deem Beräich virprogramméiert.

Masseg Etüde fir Projete stinn alt erëm am Budget 2020. Verschidde Projete ginn elo säit Jore mat engem klenge Montant "pour mémoire" matgeschleeft. Sou lues freet ee sech awer, op wat mer de Moment nach waarden. Haaptsächlech wéinst der positiver finanzieller Situatioun an der gudder Wirtschaftslag wär et wäitsiichteg, fir sech d'Geleeënheet net entgoen ze loossen, fir intelligent an eis Stad ze investéieren.

**ENG STËMM:**

Richteg.

*depuis des années. Les panneaux ont finalement été installés, mais ne fonctionnent pas.*
*Les démocrates saluent les investissements dans le domaine social. Beaucoup de Differdangeois n'ont pas de travail et luttent pour joindre les deux bouts. Il ne faut pas l'oublier quand on prend les décisions.*
*L'inclusion doit devenir une normalité dans les crèches, maisons relais et écoles pour que les enfants puissent plus tard en profiter au travail, dans les associations, sur la route ou pendant leur temps libre.*
*Depuis un an, ¼ du budget est destiné à des œuvres caritatives. C'est une bonne décision alors que Differdange est un endroit où l'on se porte plutôt bien. Cependant, François Meisch voudrait davantage d'informations que juste le nom d'une ASBL ou d'une ONG. Mais il en sera question tout à l'heure.*
*Le démocrate aborde rapidement quelques autres points : où en est le parc éolien ? Compte tenu des conventions, des sommes d'argent importantes sont en jeu.*
*La suppression du PN 15 est-elle réaliste ? La majorité a atteint la moitié de son mandat. Où en est le dossier ? Car de lui dépend le projet de « shared space » dans le centre-ville. La majorité tiendra-t-elle sa promesse électorale ? Ce budget-ci constitue la dernière chance pour terminer le projet avant les prochaines élections.*
*Des frais d'études mis à part, le budget ne mentionne pas les parkings publics promis il y a longtemps. Le parking du contournement sera construit un peu plus loin — un jour… Il n'est pas question non plus du parking sous le centre culturel. Bonne chance lorsque les places derrière la commune disparaitront. Le chaos est inévitable.*
*Plusieurs projets sont accompagnés de la mention « pour mémoire ». Mais qu'attend le collège échevinal ? Car la situation financière est bonne et les conditions économiques avantageuses.*
*(Interruption)*
*Si le collège échevinal investit comme il faut, la Ville de Differdange et ses habitants en profiteront à l'avenir. La commune dis-*

*pose désormais de la main d'œuvre nécessaire.*
*Le nouveau CID sera construit dans la route de Bascharage à Niederkorn.*
*Le montant alloué à la serre potagère a tout simplement été supprimé.*
*Pour qu'une politique porte ses fruits, il faut voir plus loin que l'année suivante. Les démocrates ont une vision de l'avenir de Differdange, par exemple en tant que ville de l'éducation avec une vie estudiantine colorée, et le logement, la gastronomie, le commerce et les emplois qui vont avec. Ils savent comment développer la ville en tant qu'acteur de l'industrie créative. Ils ont des idées pour rendre Differdange plus attractive et agréable. Ils ont un programme culturel en vue d'Esch 2022.*
*Les conseillers communaux ont sans doute remarqué que François Meisch n'a pas encore prononcé ses mots préférés: Science Center et machine à gaz.*
*(Rires)*
*Le dialogue entre la commune et les responsables du Science Center va enfin dans la bonne direction. Mais il faudra aussi tenir compte de l'avis des ministères concernés, d'ArcelorMittal… Où en sont les projets en question?*
*Certes, le collège échevinal investit, mais essentiellement dans des projets nécessaires face à l'accroissement de la population. Les idées manquent ou ne correspondent pas à la vision des démocrates. Compte tenu de la situation économique, ceux-ci auraient souhaité davantage d'idées. C'est pourquoi ils ne pourront pas soutenir ce budget.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie tous ceux qui ont élaboré le budget au nom des chrétiens sociaux.*
*La politique d'investissement prévue dans le budget tient compte de l'accroissement de la population. Les investissements préparent l'avenir de Differdange et de ses habitants. Il s'agit de rénover, agrandir ou construire les bâtiments publics pour rendre la ville plus attractive. Des écoles, des maisons relais, des parcs et des infrastructures sportives et culturelles figurent ainsi dans le budget.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Sinn déi Investitioune gutt gemaach, wäerte se an Zukunft der Stad Déifferdeng eppes zréckginn an domat erlaben, eis Stad weiderzëentwéckelen an de Besoine vun eisen Awunner unzepassen. D'Manpower dofir hu mer eis ginn.

Zumindest gëtt elo den neie Service technique, eisen neien CID, Realitéit am Käerjenger Wee zu Nidderkuer a kënnt soumat vun der ominéiser Lëscht erof, wéi och déi sougenannte Serre potagère, déi elo emol einfach op null gesat gouf. Déi och jorelaang "pour mémoire" am Budget stoung. Fir nëmmen déi Saachen ze nennen.

Politik ka Friichten droen, wann ee sech eng stabil Richtung gëtt. Déi wichteg Fro ass: Wou wëlle mer hin? Dofir muss ee méi wäit gesi wéi just dat nächst Joer. Och elo hu mir nach ëmmer als Partei eng Visioun, wou ee mat eiser Stad soll higoen a wéi si sech weider, zum Beispill, als Bildungsstanduert entfale kann, mat engem faarwegen an attraktive Studenteliewen. A mat allem, wat dozou gehéiert, wéi de Logement, d'Gastronomie, de Commerce, d'Aarbechtsplazen an esou weider.

Mir wëssen, wéi mer Déifferdeng als bedeitenden Acteur an der Kreativindustrie weider solle placéieren an eis Stäerkt op dësem Gebitt ausbaue kënnen. Mir hunn Iddien, wéi wunnen a schaffen zu Déifferdeng ëmmer méi attraktiv ka ginn an dem Bierger méi Liewensqualitéit zegutt kënnt. Och hu mir e Programm, fir am kulturelle Beräich emol nei Impulser ze setzen. Virun allem en vue vun Esch 2022.

Et ass vläicht opgefall, dass ech mäi Liblingswuert Science Center respektiv Groussgasmaschinn nach net benotzt hunn.

(Gelaachs)

Dat huelen ech dann elo emol no. Den Dialog tëscht de Responsabele vum Science Center an de Verantwortleche vun der Gemeng geet jo elo endlech an déi richteg Richtung. Mir hoffen, dass dat dann och wäert seng Friichten droen.

Wuelwëssend, dass déi zwee Acteuren net eleng maassgeebend sinn, mee nach méi Leit um Dësch sëtzen, haaptsächlech am installéierte Groupement d'intérêt économique, wou déi betraffe Ministèren, Staatsministère, Finanzen, Bildung, Kultur an Tourismus, awer och ArcelorMittal, d'Gemeng an de Luxembourg Science Center selwer dra sinn, fir grouss Froe vun der Planung wéi en definitiivt Konzept, Urbanismus, Sanéierungen zesummen ze kucken. Meng Fro: Gëtt et punkto Luxembourg Science Center a Groussgasmaschinn een neie Moment?

Et bleift mer just, de Resumé ze zéien, datt zwar investéiert gëtt, virun allem a Projeten, déi néideg sinn an eng néideg Reaktioun op d'Evolutioun vun eiser Populatioun duerstellen, datt et awer op där anerer Säit un neien Impulser an Iddie feelt. An datt de Budget deem Stadbild, wat mir als DP vun eiser Gemeng, vun eisem Déifferdeng hunn, net gerecht gëtt. Mir hätten eis an der aktueller finanzieller Situatioun vill weider Impulser gewënscht.

Mat all deene Remarken, déi ech opgelëscht hunn, kënne mir als Demokratesch Partei Déifferdeng et net veräntwerten, esou e Budget matzedroen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV wëll ech virop alle bedeelegte Merci soen, déi um Ausschaffe vun de Budgete matgewierkt hunn.

Fir ons beinhalt de Budget fir dat kommend Joer eng Investitiounspolitik, wou dem Wuesstem vun Déifferdeng Rechnung gedroe gëtt. De Budget ass eng wäitsiichteg Investitioun an eis Infrastrukture fir d'Zukunft fir Déifferdeng an d'Déifferdenger.

D'Awunnerzuel ass an de leschte Jore rasant gestigen a wäert an Zukunft nach steigen. Dofir musse besteeënd ëffentlech Gebailechkeete renovéiert,

ausgebaut oder carrement neier gebaut ginn, fir ons Stad weider attraktiv ze maachen. An dësem Sënn si Schoulen, Maison-relaisen, Parken, Sport, Kulturinfrastrukturen, sozial Mesurë souwéi Stroossen a Parkingen an dësem Dokument massiv budgetiséiert.

Eleng d'Depensen am Extraordinär belafe sech op ronn 126 Milliounen Euro fir dat kommend Joer. Déi natierlech, wéi scho vum Schäfferot ugedeit, spéider deelweis zréckfléissen duerch Subsiden, Locatioun, Iwwernam vum Staat.

Parallel dozou muss a gëtt de Service um Bierger ausgebaut. Sou wäert d'Gemengenhaus signifikant vergréissert ginn. Vill Servicer, déi elo net méi hei Plaz haten, kënnen nees zréck an d'Gemengenhaus kommen. An déi Servicer, déi nach hei waren, kréie genuch Plaz, fir hir Aarbecht zukünfteg weider hei ze verriichten an d'Leit ze empfänken. Esou eng zentraliséiert Plaz, denken ech, ass am Sënn vu jiddwerengem.

Zudeem begréisse mer, datt eng Maison sociale hei entsteet. Des Weidere gëtt vill an d'Informatik investéiert an, endlech, kann ee soen, fänkt de Projet fir en neien a moderne Site fir ons technesch Déngschter un zu Nidderkuer am Haneboesch. Op där anerer Säit vum Haneboesch.

Fir e gudde Service um Bierger gehéiert dozou, datt Personal, wéi schonns Mëtt Juli dëst Joer hei beschloss, opgestockt gëtt. Dat féiert natierlech zu enger Hausse an den ordinären Depensen. Wann een de Salaire an d'sozial Laaschten zesummeschléit vun aktuell ronn 45 Milliounen op ronn 48 Milliounen Euro, geschat pro Joer.

Op där anerer Säit spuere mer awer och an. Vu datt mer manner op extern Firmae mussen zréckgräifen. Ech denken do zum Beispill un déi vill informatesch oder grafesch Aarbechten, déi d'Gemeng jo mëttlerweil selwer mécht. Och aner Aarbechten iwwerhëlt d'Gemeng selwer, well mer prinzipiell keen Outsourcing wëllen.

Mir begréissen, datt d'Leit zukünfteg e Rendez-vous am Bauteservice kënnen ufroen. Vu datt d'Personal vun dësem Service oft ausser Haus op Chantieren ass, ass dëst eng service-fréndlech Mesure, fir datt de Bierger mat deem ka schwätzen, deen op sengem Projet drop ass.

Wat d'Finanze selwer ugeet, do huet dëse Schäfferot et fir 2020 fäerdegbruecht, déi zwee Enner vun de Recetten an den Depensë beieneenzebréngen, trotz dem risege Programm vu Bauten, ouni nei Schold mussen opzehuelen. Au contraire, gëtt déi besteeënd weider ofgebaut an de Fonds de réserve weider opgestockt.

Et si Sue fir de Kaf vun Terrainen, notamment dem Thillebierg an dem Parking an der Rue Pierre Gansen zu Nidderkuer virgesinn. Wat e Méiwäert u Kapital fir d'Gemeng bedeit.

En direkte Méiwäert stellen och d'Investitiounen an den Immobilier fir d'Gemeng duer, wa mer bis zu 75 % subsidéiert ginn iwwert d'Loyeren, och sozial moderat Loyeren. Wat am Total ons Recettë fir déi kommend Jore gutt eropschraufft. Och kënnt keng Taxenerhéijung fir ons Awunner.

Datt an dësem Budget null steet, ass richteg, vu de risege Programm u Bauten, deen elo lancéiert ginn ass respektiv déi lescht Jore lancéiert gouf. Wou verschiddener 2021 an 2022 an hir Haaptphas kommen a parallel d'Ausgaben am Extraordinär an hir Haaptphas kommen. Dofir ass et gutt, datt mer fir 2020 virsiichteg mat onse Finanzen ëmginn an den ordinäre Budget weiderhin am gesonden Equiliber ass.

Sou vill zum Gesamtiwwerbléck vum Budget. Op verschidde Punkte wëlle mer als CSV-Fraktioun méi am Detail agoen. Den Här Tempels an ech hunn ons déi e bëssen opgedeelt.

Nodeems mer am soziale Beräich an de leschte Jore vill Projete bei de Senioren an deene Jonke lancéiert hunn, lafen dës natierlech weider oder ginn ausgebaut. D'Gemeng keeft sech an der Maison de soins Ierpeldeng an, eng Institutioun fir Leit mat Demenz, déi d'Associatioun Alzheimer leet. Dëst, fir datt betraffe Leit vun Déifferdeng, fir de Fall wou, eng séier an adequat Plaz fannen.

Op d'Done komme mer spéider nach eng Kéier zréck. Do huelen ech Stellung zum Punkt 2c.

*Les dépenses extraordinaires se montent à 126 millions d'euros pour l'année prochaine. Elles sont compensées en partie à travers des subventions et des loyers.*
*Pour développer le service aux citoyens, l'hôtel de ville sera agrandi. Plusieurs services communaux y redéménageront alors. Il sera plus facile d'accueillir les gens dans un site centralisé.*
*Une maison sociale sera aménagée. Des investissements seront opérés dans l'informatique. La construction d'un site moderne pour les services techniques commencera à Niederkorn.*
*La commune recrutera du personnel. Cela entrainera une augmentation des dépenses ordinaires. Les salaires et les charges sociales passent de 45 à 48 millions d'euros.*
*D'un autre côté, la commune recourra moins à des entreprises externes — notamment en ce qui concerne l'informatique et le graphisme.*
*À l'avenir, les gens pourront se rendre au service technique sur rendez-vous. Ils rencontreront alors la personne s'occupant de leur projet.*
*Malgré l'immense programme de construction, le collège échevinal n'a pas eu besoin de contracter un emprunt. La dette baisse et le fonds de réserve est renforcé.*
*Des fonds sont destinés à l'acquisition de terrains au Thillebierg et dans la rue Pierre-Gansen. Les achats immobiliers sont subventionnés et constituent une plus-value directe à travers les loyers.*
*Les taxes ne seront pas augmentées.*
*De nombreux projets atteindront la phase de construction principale en 2021 et 2022. Les dépenses seront donc conséquentes. Le collège échevinal a raison de se montrer prudent en matière de finances en 2020.*
*Les projets lancés en faveur des séniors et des jeunes se poursuivent. La commune acquerra des chambres dans la maison de soins Erpeldange soignant les personnes démentes ou atteintes de la maladie d'Alzheimer.*
*Jerry Hartung passe aux investissements dans le marché de l'immobilier. Le collège échevinal achètera des appartements pour les louer à*

*prix abordables. Le conseiller communal mentionne les 80 appartements de Projet Gravity, dont 26 appartements pour séniors. Un service du logement sera créé.*
*Le budget prévoit des fonds importants pour l'enseignement et notamment les écoles de quartier. Jerry Hartung mentionne le Mathendahl et le Bock, et leurs infrastructures sportives, ainsi que le lycée et l'école primaire de l'EIDE.*
*Les écoles doivent être équipées de matériel informatique moderne : des ordinateurs, connectés, des tablettes, des laptops, des projecteurs de dernière génération… Les écoles de Differdange sont déjà sur la bonne voie.*
*L'achat de l'équipement et l'entretien des établissements coutent cher. Il en a été question au sein de la commission sociale du Syvicol. Car dans le cadre de la nouvelle loi scolaire, les communes n'ont plus grand-chose à dire. Mais dans ces conditions, l'État ne devrait-il pas participer aux frais ? Non, d'après la commission, parce que les conseils communaux doivent jouer un rôle important dans l'organisation scolaire et parce qu'ils doivent pouvoir suggérer des projets. Jerry Hartung pense lui aussi que la commune devrait avoir son mot à dire. Les relations entre la commune et la direction scolaire semblent bonnes. Il faudrait créer un groupe de travail pour discuter de thèmes importants autour de l'école. Les résultats de ces discussions auraient des répercussions sur l'organisation scolaire.*
*Differdange a participé aux frais de construction du centre d'intervention du Scheierhaff et vendra désormais sa part à l'État. La commune doit continuer à soutenir les pompiers et les ambulanciers même si elle ne sera plus impliquée directement dans le fonctionnement du CGDIS.*
*Jerry Hartung se réjouit de la construction d'un commissariat dans le centre. La police differdangeoise manque cependant d'effectifs. Les chrétiens sociaux espèrent qu'avec de nouveaux locaux, ce problème sera résolu et que la commune ne devra plus recourir à une entreprise de sécurité privée, car ce travail revient à la police.*

Wat am Soziale besonnesch ervirstécht, dat sinn dëst Joer d'Investitiounen an de soziale Wunnengsmaart hei zu Déifferdeng. Als eng vun den éischte Gemengen, schafe mer an Eegeregie vill Wunnengen, fir se duerno zu sozialen an abordabele Präisser de Leit weiderzevermëttelen. Ënner anerem de Projet Gravity, wou ronn 80 Appartementer, dovunner 26 fir Senioren, ëmgesat ginn. Besonnesch bei de Seniorewunnengen, ee Projet, deen d'Gemeng scho laang wollt, mee leider privat Promoteuren dëst net ëmgesat kruten. Dat setzt d'Gemeng dann elo selwer ëm.

Passend zum ganzen Akaf vun Immobilien, gëtt dee mëttlerweil néidege Service Logement geschaf.

Geschaf gëtt och vill Schoulraum, fir all de Kanner an den Enseignanten uerdentlech Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen. Fir d'Schoulen an alle Quartiere si Suen am Budget virgesinn. Zu Nidderkuer am Mathendahl an zu Uewerkuer um Bock entstinn nei Raimlechkeete voir nei Gebaier, mat jee grousse Sportsinfrastrukturen. Natierlech vergiesse mer net de Lycée an d'Primärschoul vum EIDE, déi d'Gemeng jo och fir de Staat baut.

Wéi an der Presentatioun vum Budget ugeschwat, ass et wichteg, ons Schoule mat der néideger Informatik respektiv moderner Technik auszeriichten. Computer-ugebonne Reseauen, Tabletten, Laptoppen, neiste Generatioun vu Projekteren, wou een einfach d'Fiche oder eng Säit aus dem Buch drënner ka leeën an dëst gutt siichtbar projezéiert gëtt. An deem Sënn si mer schonns gutt ënnerwee.

Dëst Equipement, wéi d'Zurverfügungstellen an den Ënnerhalt vun de Schoulgebaier, kascht eng Gemeng zimmlech vill. Wat och rezent an der Sozialkommissioun vum Syvicol beschwat gouf. Do gouf, ënner anerem, d'Diskussioun opgeworf, wéi dat neit Schoulgesetz virgesäit, wou een als Gemeng net méi matschwätzen däerf, wat an de Schoule geschitt, mee de Ministère dëst bestëmmt, ob dann net och de Staat fir dës Onkäschte sollt opkommen.

D'Konklusioun war awer u sech just de Contraire. Nämlech, ech zitéieren: "La commission est d'avis qu'il est important que les conseils communaux continuent de jouer un rôle clé dans l'organisation scolaire dans leurs communes". A méi wäit am Rapport steet: "De même elle devrait avoir la possibilité, en coopération avec les enseignants, de suggérer des projets à réaliser pendant l'année scolaire".

Dat heescht kloer, dass e Verlaangen do ass, datt mer als gewielte Gemengevertrieder musse kënne matschwätzen, wat an onse Schoulen ugebuede gëtt. Eppes wat ech och esou deelen. Souwäit ech informéiert sinn, ass d'Relatioun am Dialog tëscht onser Gemeng an onse Schoulpresidenten an eiser Direktioun zimmlech gutt a konstruktiv.

Deementspriechend géif ech mer an deem Sënn, och wéi de Syvicol am Rapport geschriwwen huet, wënschen, datt esou een Aarbechtsgrupp sollt geschaf ginn, fir iwwer Theemen ze schwätzen, déi an de Schoulen an am ganze Land e Sujet sinn, wéi d'Schoulklima oder d'Differenzéierung vum Léieren. Souwéi Projeten, an där hu mer der vill hei zu Déifferdeng, op de Leescht ze huelen. Datt sou méiglech Ergebnisser an der Schoulorganisatioun kéinte mat afléissen.

Eng aner Institutioun, de CGDIS, deen an de leschte Joren och ganz verstaatlecht gouf, verkafe mer elo, an der logescher Konsequenz, ons finanziell Participatioun vum Bau vum Centre d'intervention Scheierhaff. Och wann d'Gemeng net méi esou am Fonctionnement wéi fréier virgesinn ass, sollte mer si awer weiderhin ënnerstëtzen. Well d'Pompjeeën an d'Ambulancieren – dat huet net geännert – wäerte weiderhi fir ons Bierger am Asaz sinn.

Punkto Sécherheet si mer frou, dass dat neit Policegebai op zentraler Plaz an Ugrëff geholl gëtt. Kuckt een hir aktuell Ënnerbréngung, da war dëst batter néideg. Mee et däerf sech net just op nei Mauere beschränken.

National gesinn, wéi och zu Déifferdeng, ass d'Police ënnerbesat. Mer hoffen, datt mat der Fäerdegstellung vun den neie Raimlechkeeten, dëst behuewe gëtt a mer méi Presenz, grad am Sënn vun der Preventioun an der Proximitéit zum Bierger, hei an ons Stad kréien. An deemno als Gemeng keng privat

Sécherheetsfirma méi mussen engagéieren, wéi elo nach virgesinn.

Och wa mer dee positiven Impakt begréissen, deen dës Mesure am Moment huet, denke mer awer schonn, datt dëst eng Aufgab vun der Police ass. Och d'Kameraiwwerwaachung wäert méi zum Sécherheetsgefill bäidroen. Dozou komme mer jo nach méi spéit, beim Punkt 3c, haut drop zréck.

Zu gudder Lescht kommen ech bei de Sport. D'Sportshal Nidderkuer gëtt fir Ouschteren 2020 fäerdeg. Ronderëm de Centre sportif zu Uewerkuer gëtt vill renovéiert a bäigebaut. Bleiwe mer zu Uewerkuer, um Bock entsteet eng ganz nei Sportshal. Den Thillebierg gëtt kaf a restauréiert. Déi grouss Chantieren erausgepickt.

An der Vergaangenheet an och an dësem Budget si vill Sue virgesinn, fir d'Sportsinfrastrukturen an d'Veräiner ze ënnerstëtzen. Dëst Engagement mat der Aarbecht vun onse lokale Veräiner an hire Benevolle spigelt sech an de sëllege gudde sportleche Resultater erëm.

Leider war beim Sport, als negativ Iwwerraschung, ze liesen, datt fir de geplangte regionale Liichtathletiksterrain um Woiwer fir 2020 näischt am Budget virgesinn ass. Op Nofro hin – an dat hat d'Madamm Buergermeeschtesch viru ronn zwou Wochen an der Presentatioun vum Budget nach eemol kloer ënnerstrach – heescht dat net, datt de Projet net soll stattfannen, mee sech déi concernéiert Gemengen Ufank Januar gesinn an dann, ausgoend heivunner, Decisioune musse falen. Eppes wat d'Madamm Rausch an den Här Ulveling haut nach eemol esou confirméiert hunn.

D'CSV Déifferdeng, an ech kann och fir déi gréng schwätzen, stinn nach ëmmer kloer zum regionale Liichtathletiksterrain. Mee et si véier Gemenge concernéiert, déi véier Kordall-Gemengen. Et ass wuel wéi beim Synchronschwammen, datt et net einfach ass, esou e Projet gläichzäiteg gemeinsam ze koordinéieren. Mee vläicht war dës Opreegung och gutt, fir datt Beweegung an dësen Dossier kënnt.

D'Finanzement géif ënnert de véier Gemengen opgedeelt ginn. De Staat géif sech mat mindestens 50 % bedeelegen. Suerge mécht mer de Suivi vum Projet, vu datt onst Personal, wéi virdru schonn opgezielt, schonn esou vill Chantieren ze encadréieren huet. Mee en vue vum regionale Charakter, kéint een hei och vläicht eng interkommunal Eenegung fannen, am Sënn, datt et méi séier virugeet.

Och wann et e regionale Projet ass, maache mer ons näischt vir, déi Gemeng, déi am meeschten Notze vun esou engem gemeinsame Stadion huet, ass déi, wou de Stadion schlussendlech steet. Dofir sollte mer kucken, datt en op Déifferdeng kënnt.

Bei der Plaz gëtt et, wéi esou oft bei ville Projeten, Pro a Kontra. Jo, et ass zimmlech zentral an engem Wunnquartier. An eng weider Schoul wäert och an den nächste Joren um Woiwer musse gebaut ginn. An et stelle sech verkéierstechnesch Froen.

Datt et am Wunnquartier a bei de Schoulen ass, huet op där anerer Säit dee grousse Virdeel, datt et gutt accessibel fir ons Awunner ass. Ënner anerem d'Kanner kënnen ze Fouss oder mam Vëlo op den Training goen oder, vu datt et Liichtathlete sinn, op den Training lafen. D'Schoulen, d'Maison-relaisen, souguer de Lycée, d'EIDE, d'LUNEX an esou weider, kéinten heivu profitéieren. Déi jo och net allze wäit vum Site ewech sinn. An aner Sportsgebaier géifen entlaascht ginn.

Wéi deemools beim Aquasud ugekënnegt, an am Verglach mam Aquasud zu engem erschwéngleche Finanzement fir d'Gemeng, wier esou ee Liichtathletikstadion eng grouss Beräicherung fir d'Stad Déifferdeng an och passend zur City of Sports. Nieft dem Spëtzesport wier hei virun allem d'Plaz fir de Breedesport, wou ons Awunner an ons Kanner trainéiere kéinten.

Mir haten an hu mam RBUAP en zimmlech dynamesche Liichtathletikveräin an onser Gemeng. Trotz ronn zéng Joren, wou se elo keen Terrain méi hei haten, wouduerch Memberen an aner Veräiner gewiesselt sinn, si si nach aktiv. Leschte Sonndeg hu si nach de Chrëschtlaf duerch ons Gemeng organiséiert. Si ënnerstëtzen d'Gemeng bei hire Coursse Steel-Run a Green Run a plange selwer fir d'nächst Joer e Laf iwwert den Tëtelbierg.

*Les caméras de surveillance renforcent le sentiment de sécurité.*
*Le centre sportif de Niederkorn sera fini pour Pâques 2020. Les alentours du centre sportif d'Oberkorn sont développés. Une nouvelle salle de sport est construite au Bock. Le Thillebierg sera acquis et restauré.*
*Dans le passé, de l'argent a été investi dans les infrastructures sportives et les clubs. Ceci a contribué aux bons résultats sportifs.*
*Malheureusement, le budget ne prévoit pas de fonds pour le stade d'athlétisme. La bourgmestre a expliqué que le projet n'était pas abandonné, mais que les communes partenaires se rencontreraient en janvier pour prendre une décision. Monsieur Ulveling l'a confirmé. Le CSV et déi gréng soutiennent la construction d'une structure d'athlétisme régionale en partenariat avec les communes de la vallée de la Chiers. Il n'est jamais facile de coordonner à plusieurs un projet de cette ampleur. L'État paiera 50 % des frais. Le reste sera réparti entre les quatre communes. Ce qui est sûr, c'est que la commune où se trouvera le site en profitera le plus. Differdange doit donc essayer de l'obtenir sur son territoire.*
*Le quartier du Woiwer a des avantages et des désavantages. Le stade se trouverait en plein quartier résidentiel près d'une école. Mais d'un autre côté, il serait facilement accessible à pied ou à vélo. Les écoles, le lycée et LUNEX pourraient en profiter.*
*Un stade d'athlétisme constituerait un enrichissement de la ville et serait idéal pour une « City of Sports ».*
*Le club d'athlétisme RBUAP est dynamique et reste actif malgré dix ans sans terrain à Differdange. Dimanche dernier, ils ont organisé le « Chrëschtlaf » dans le centre-ville. Il soutient aussi la commune dans l'organisation du Steel-Run et du Green Run, et prévoit une course sur le Titelberg l'année prochaine. Jerry Hartung estime que si on proposait une infrastructure de qualité à un tel club, Differdange aurait bientôt des participants aux Jeux olympiques.*

*Les discussions ont pour origine le fait que le terrain du CSO n'est plus praticable. Installer du gazon synthétique pour deux ans ne servirait à rien. Les responsables du CSO seraient contents de disposer d'un stade avec une belle tribune et des vestiaires, mais ils veulent surtout pouvoir jouer au football sur du gazon.*
*Jerry Hartung espère que la réunion de janvier sera constructive, que les communes trouveront un consensus et qu'elles feront avancer les choses rapidement.*
*De son côté, le collège échevinal ne peut pas budgétiser un projet qui n'est pas clair. Mais le CSV et son partenaire de coalition soutiennent le projet.*
*Le budget comprend par ailleurs de nombreux projets concrets pour développer Differdange. C'est pourquoi les chrétiens sociaux l'approuveront.*
*Monsieur Muller a prétendu s'étonner du fait que l'on construise trop. Jerry Hartung lui rappelle que les maisons unifamiliales ont été protégées alors qu'auparavant elles étaient systématiquement remplacées par des immeubles. C'est une bonne chose pour la qualité de vie. Le PAG définit des zones de récréation et des zones de jardin. La majorité a défini où la ville peut croitre. Jerry Hartung ne comprend pas ce qu'il faudrait faire de plus. Par ailleurs, le collège échevinal est obligé de se tenir aux lois. Enfin, le conseil communal sait bien que les mesures prendront un peu de temps à porter leurs fruits.*
*Pour ce qui est de la taxe de séjour dans les hôtels de Differdange, Jerry Hartung rappelle les investissements de la commune en matière de tourisme: les parcs, les parkings, l'Aalt Stadhaus, le Blues Express, le Steampunk, le Diffbus gratuit… Les touristes peuvent en profiter au même titre que les Differdangeois. C'est pourquoi, à l'étranger, ils participent sous la forme d'une contribution à l'hôtel. Luxembourg-ville demande par exemple un forfait de 3 % par chambre. Cela permet de tenir compte de la catégorie d'hôtel et la somme demandée n'empêcherait personne de séjourner à Differdange. Par ailleurs, on pourrait exempter les enfants pour venir en*

Ech denken, wa mer esou engem Veräin eng uerdentlech Infrastruktur géifen dohistellen, bräicht et net laang, datt mer déi éischt Déifferdenger Olympioniken hätten.

Déi ganz Hektik ass opkomm, nodeems festgestallt gouf, datt den Terrain vun der CSO net méi bespillbar ass. Do muss elo gehandelt ginn. Et wier Verschwendung, fir eng syntheetesch Wiss ze leeën, déi ronn zéng Joren hält a se an engem bis zwee Joren erëm ewechzerappen. Mer mussen eng Léisung fir d'CSO fannen. Wa mer laangfristeg kucken, denken ech, datt déi Verantwortlech bei der CSO frou wieren, fir an engem moderne Stadion mat flotter Tribün, Vestiairen an esou weider, awer virun allem nees Fussball op Wiss kéinten ze spillen.

Ech hoffen dofir an deem Sënn natierlech, datt d'Reunioun am Januar konstruktiv verleeft. Datt déi véier Gemengen zesummen un engem Strang zéien an zwar an déi selwecht Richtung an och séier. Vläicht musse sech déi véier ënnerteneen Delaie ginn, datt et net weider schleeft a mer endlech wëssen ob d'Zesummenaarbecht fir e regionale Liichtathletikstadion eppes gëtt oder net. Am Januar wësse mer méi.

Wat de Budget ugeet, muss de Schäfferot eng Variant virgesinn. Si hunn déi geholl, déi se eebe selwer an der Hand hunn. Fir dee Site ass eng hallef Millioun Euro virgesinn, fir de syntheeteschen Terrain ze erneieren. Sollten am Januar déi véier Gemenge sech anescht eens ginn, da musse mer, an deem Fall ganz gären, de Poste vum Budget adaptéieren.

Mee mer kënnen am Moment näischt budgetiséieren, wat nach net kloer ass. Sou vill zum Liichtathletikstadion, deen d'CSV Déifferdeng an eise Koalitiounspartner, anescht wéi behaapt, natierlech ënnerstëtzen.

Wat kloer vu Projeten ass oder an der Planung ass, steet am Budget. Et sinn, wéi ufanks schonn opgezielt, lauter ganz gutt a konkreet Projeten, fir Déifferdeng weider no vir ze bréngen. Dofir stëmmt d'CSV Déifferdeng dëse Budget mat.

Ech wéilt kuerz äntweren op eng Interventioun vum Här Muller, dat mat der Bebauung, datt en do verwonnert ass, datt mer nach ëmmer keng richteg Begrenzung hunn. Ech fannen, datt mer zimmlech vill an deem Dossier gemaach hunn.

Am PAG hu mer de Schutz vun den Eefamilljenhaiser. Virdrun ass een Haus nom aneren ofgerappt ginn, wou riseg Appartementshaiser gebaut goufen. Dat hu mer elo ënnerbonnen. Dat ass gutt fir d'Liewensqualitéit. Op Wisen, an de Gäert, hannert den Haiser goufen nei Citéë gebaut, wou mer elo am neie PAG Zones de récréation a Zones de jardins definéiert hunn. Dat dréit och zur Liewensqualitéit bäi.

Mir hu kloer ausgewisen, wou de Wuesstem soll stattfannen a wou net méi. Ech stelle mer d'Fro, wat elo zu Déifferdeng lass wär, wa mer dat net gemaach hätten.

Mee et muss een eis awer och zegutt halen, mir mussen eis un d'Gesetzer halen. An all déi Projeten, déi virum PAG a virun eiser Zäit gestëmmt goufen, datt déi elo nach lafen an elo gebaut ginn. An déi Saachen, déi mer ëmgesat hunn, dat wäert och eng Zäit brauchen, bis dat lues a lues gräift.

Ofschléissend wéilt ech op d'Fro vum Schäfferot äntweren zu der Taxe de séjour an den Déifferdenger Hoteller op eng Iwwernuechtung. Et wonnert mech, datt mer als CSV déi Éischt sinn, déi drop äntweren,

Wa mer de Budget kucken, den Här Tempels geet duerno nach méi op den Tourismus an, investéiere mer vill an dësem Beräich. Déi ganz Infrastrukturen, Parken, Parkingen, Offeren, wéi zum Beispill Programmer am Ale Stadhaus, gratis Diffbus, Fester, wéi de Blues Express, d'Steampunk Convention, mat den Navetten an esou weider, stinn hinnen, d'selwecht wéi onse Bewunner, déi jo och besteiert ginn, zur Verfügung.

Wa mir an d'Ausland ginn, leescht jiddereen an den Hoteller eng Kontributioun un d'Gemeng. Dat sollt och hei envisagéiert ginn. Mer hunn e bësse gekuckt, an der Stad Lëtzebuerg, zum Beispill, ginn einfach pauschal 3 % op d'Zëmmer verrechent. Heimat hätt een dann och en Ënnerscheed tëscht de Kategorie vun Hoteller gemaach. Esou e

Montant géif keen dovun ofhalen, op Déifferdeng ze kommen. Eventuell kéint ee kucken, fir d'Kanner heivun ze befreien, fir de Familljen entgéintzekommen.

Dofir géif d'Déifferdenger CSV d'Approche ënnerstëtzen, fir esou eng Taxe de séjour zu Déifferdeng an den Hoteller anzeféieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, an der Sitzung vum 6. Dezember, an där de Gemengerot de Budget virgestallt kritt huet, huet de Schäfferot gemengt, mir hätten et zu Déifferdeng mat enger dynamescher Entwécklung ze dinn. An de Budgetsprojet fir 2020 wär en Ausdrock vun esou enger dynamescher Entwécklung.

Dat ass net falsch, awer eng eesäiteg Duerstellung. Déi richteg Erugoensweis wär gewiescht, wann d'Fro gestallt gi wär, ob dee Budget den Erausfuerderungen, déi sech zu Déifferdeng a fir d'Déifferdenger Awunner stellen, gerecht gëtt.

Lo kéint ech all déi Projeten opzielen, déi beweise sollten, dass dëse Budget deem gerecht gëtt, wat tatsächlech erfuerdert ass. Ech denken do, ënner anerem, un de Bau vun 80 Wunnengen, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen am Zentrum vun Déifferdeng. D'Renovéierung an den Neibau vun der Schoul an der Maison relais um Bock zu Uewerkuer, de Bau vun enger Maison relais zu Nidderkuer am Mathendahl. De Bau vun enger Sportshal, leider ouni Schwämm, zu Nidderkuer. D'Renovéierung an den Ausbau vum Sportzentrum zu Uewerkuer an esou weider an esou fort.

Dat si wichteg Investitiounen. Als Vertrieder vun der KPL wäert ech de Kreditter vun dëse Projeten och zoustëmmen, wéi d'Kommunistesch Partei dat ëmmer an der Vergaangenheet gemaach huet, wann et drëms gaangen ass, Investitiounen, déi am Sënn vun eisen Awunner sinn, op de Wee ze bréngen.

Ma wann dës Projete verwierklecht ginn – an dat wäert jo, aus verständleche Grënn, nach eng Zäitchen daueren, bis dat esou wäit ass –, dann heescht dat nach laang net, dass een domat den Erausfuerderungen, déi sech haut stellen, gerecht gëtt.

Huele mer zum Beispill de Wunnengsbau. Obschonns an de vergaangene Joren eng Rei gutt Initiative geholl goufen, entspréicht d'Politik vum Schäfferot am Beräich Wunnengsbau generell net den Erwaardunge vun der KPL. A ganz sécher och net engem Deel vun der Bevëlkerung. Well vill ze lues reagéiert an net mat där néideger Wäitsiicht geplangt gëtt.

Schonns 2016 hat d'Finanzkommissioun an engem Bréif un de Schäfferot festgehalen, dass 800 Mietwunnengen an der Gemeng feelen. Meng Impressioun ass, dass et der haut, vu dass d'Zuel vun den Awunner zanterhier weider staark zougeholl huet, éischter nach méi wéi manner sinn.

Meng Froen un de Schäfferot: Hutt Dir e genauen Iwwerbléck iwwert dës Entwécklung? Kënnt Dir eis soen, wéi vill Wunnengen an de leschten dräi Joren zu Déifferdeng gebaut goufen a wéi vill Mietwunnengen dovu waren? Ass Iech bekannt, wéi vill Wunnengen hei all Joer misste gebaut ginn, fir dass d'Wunnengsnout kéint iwwerwonne ginn? A wat Dir selwer dozou bäidroe wäert, dass dat geschitt.

Ech kann nëmme widderhuelen, wat ech schonns d'lescht Joer am Budget gesot hunn: Fir d'KPL misst op Gemengenniveau dem Bau vu bezuelbare Wunnengen absolutt Prioritéit bäigemooss ginn. D'Gemeng misst an Eegeregie, zesumme mat der Société Nationale d'Habitations à Bon Marché, wou se Aktionär ass, oder an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen, Bauaarbechter engagéieren oder Baufirmen opkafen a selwer Bauprojete verwierklechen.

Well wann Der Iech op d'Regierung an de Pacte Logement verloosse wëllt, da sidd Der verlooss. An de Problem vum Wunnengsbau, a besonnesch vum Bau

*aide aux familles. C'est pourquoi Jerry Hartung soutient l'idée d'introduire une telle taxe.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rappelle que d'après le collège échevinal, Differdange se développerait de manière dynamique et que le budget serait le reflet de ce développement. Ce n'est pas faux, mais ce n'est qu'une partie de la réalité. Le budget doit tenir compte des défis qui attendent Differdange et sa population.*
*Ali Ruckert pourrait énumérer tous les projets valables comme la construction de 80 logements abordables, la rénovation du campus scolaire Bock, la construction d'une maison relais au Mathendahl, le réaménagement du centre sportif d'Oberkorn… Le KPL approuvera les crédits pour ces projets comme il l'a fait dans le passé, car ils sont importants pour les habitants.*
*Mais une fois ces projets réalisés — et cela prendra du temps —, la commune n'aura toujours pas répondu aux défis qui se présentent aujourd'hui.*
*En matière de logement, le collège échevinal a pris des initiatives intéressantes au cours des dernières années. Mais la politique du logement en général ne correspond pas aux attentes des communistes. Le collège échevinal réagit lentement et sans vision à long terme.*
*En 2016, la commission des finances a signalé au collège échevinal qu'il manquait 800 appartements à louer à Differdange. La population ayant augmenté entretemps, ce chiffre n'est certainement pas plus bas aujourd'hui. Le collège échevinal maitrise-t-il la situation ? Sait-il combien d'appartements ont été construits au cours des trois dernières années ? Combien d'appartements devraient être construits chaque année ?*
*Pour Ali Ruckert, la construction de logements à prix modéré devrait être une priorité absolue. En partenariat avec la Société nationale d'habitation à bon marché ou avec les communes voisines, la Ville de Differdange devait racheter des entreprises de construction et réaliser des projets. Le gouvernement et le Pacte logement ne permettront pas*

*de résoudre le problème, qui va s'agrandir au lieu de diminuer.*
*Combien d'appartements l'agence immobilière du Kordall loue-t-elle à Differdange ?*
*En 2015, le conseil communal a refusé la proposition d'Ali Ruckert visant à introduire une taxe sur les logements vides et les terrains constructibles inutilisés. Cependant, une taxe sur la spéculation figure dans le programme de coalition. Ne faudrait-il pas l'inscrire dans le budget ?*
*Un service du logement doit être créé. Les communistes l'exigent depuis dix ans. Mais rien à ce sujet ne figure dans le budget. Comment ce service est-il censé fonctionner ?*
*Ali Ruckert salue la création en 2020 d'un service des enfants et des jeunes. Mais où en est la mise en place du service de conseil juridique gratuit demandé par le KPL et soutenu par le collège échevinal ?*
*Les investissements se chiffrent à 125 000 000 €, mais donnent une image erronée de ce qui est réellement réalisé. Car en 2019, il était question de 85 millions d'euros, mais seuls 71,7 millions d'euros ont finalement été investis. Et le chiffre réel est probablement plus bas encore.*
*Ali Ruckert signale qu'une partie des dépenses extraordinaires ne sont que des préfinancements, qui gonflent le budget. Ces préfinancements permettent de soulager le budget de l'État, dont l'endettement serait bien plus élevé s'il devait financer lui-même l'école européenne ou le commissariat. Que les communes soient obligées de préfinancer de tels projets permet au gouvernement de financer des avions militaires, des satellites militaires et d'autres bêtises du même genre.*
*Parallèlement, le collège échevinal reporte constamment d'autres projets comme les serres de légumes, pourtant approuvées pour un montant de 250 000 €. Le collège échevinal entend-il vraiment réaliser ce projet ?*
*De manière surprenante, le plan d'aménagement particulier relatif au stade d'athlétisme du Woiwer, pourtant annoncé en grande pompe, disparait du budget. Le collège échevinal dit vouloir en discu-*

vu Wunnengen, wou d'Leit och de Loyer bezuele kënnen, gëtt nach méi grouss, amplaz dass e méi kleng gi soll.

An deem Zesummenhang wollt ech Iech froen, wéi vill Wunnengen déi interkommunal Immobilienagentur Kordall, wat an den Ae vun der KPL eng gutt Saach ass, bis op den Dag vun haut op dem Territorium vun der Gemeng Déifferdeng verlount huet.

Ech hätt nach eng aner Fro: 2015 hat de Gemengerot de Virschlag, deen ech am Numm vun der KPL gemaach hat, fir eng Spekulatiounssteier op bestëmmten Haiser, déi zanter Laangem eidel stinn, an op bestëmmten Terrainen, déi aus Spekulatiounsgrënn zanter Laangem brooch leien, ofgeleent.

Dëse Schäfferot hat awer a sengem Programm eng Spekulatiounssteier stoen, ouni dass dat bis elo awer säin Niddersclag an engem Budget fonnt hätt. Wëllt Der keng esou eng Spekulatiounssteier an de Budget 2020 aschreiwen?

Och iwwert d'Schafe vun engem Wunnengsbauamt, dat dëst Joer am Gemengerot ugekënnegt gouf, wat ech als Vertrieder vun der KPL ausdrécklech begréissen, well d'Kommunisten dat scho virun zéng Jore gefuerdert haten, fannen ech kee spezielle Kredit am Budgetsprojet. Kënnt Der eis eppes Weideres doriwwer soen, wat do als Konzept geplangt ass a wéi dat funktionéiere sollt?

À propos nei Gemengendéngschter. Begréisse wëll ech hei am Numm vun der KPL, dass 2020 en neie Service fir Kanner a Jugendlecher geschafe gi soll. Am selwechten Otemzuch wëll ech froen, wéi et mat dem juristeschen Informatiouns- a Berodungsdéngscht steet, deen op Initiativ vun der KPL a mat dem Accord vum Schäfferot geschafe gi soll an deen den Awunner gratis zur Verfügung stoe soll.

Zu den Investitiounen, déi am Budgetsprojet fir 2020, an der Héicht vun 125 Milliounen Euro ugekënnegt sinn, wär ze soen, dass se der Bevëlkerung e falscht Bild vermëttelen, oder vermëttele sollen, iwwert dat, wat tatsächlech op kommunalem Niveau geschafft gëtt.

Am Budget vun 2019 stoungen och Investitioune vu 85 Milliounen Euro. Am Budget rectifié vun 2019, iwwert dee mer jo och haut ofstëmmen, stinn awer schonns nëmme méi 71,7 Milliounen Euro. Also 13,3 Milliounen Euro manner. A bei de Konten, also beim definitive Resultat vun 2019, wäerten et der da wuel nach manner sinn.

Beim Budgetsprojet fir 2020 steet, wéi schonns 2019, och erëm derbäi, dass déi ugekënnegt Aarbechten net alleguer Investitioune vun der Gemeng sinn. En Deel dervu sinn näischt anescht wéi Suen, déi d'Gemeng zur Verfügung stellt, fir Projeten, déi d'Regierung realiséiere wëllt, virzefinanzéieren. Domat gëtt de Budget vun den ausseruerdentlechen Ausgaben opgeblosen an d'Bierger vun der Gemeng iwwert d'Héicht vun den tatsächlechen Investitioune vun der Gemeng iergefouert.

Ma besonnesch geet et hei drëms, fir de Staatsbudget, zu engem bestëmmten Zäitpunkt, ze entlaaschten an der Regierung dobäi ze hëllefen, déi tatsächlech Verschëldung um Niveau vum Staatsbudget, dee méi grouss wär, wann de Staat misst d'Europaschoul an d'Policegebai an aner Projete bauen, ze verschleieren. Besonnesch wann dat an engem grousse Mooss geschitt a vill Gemenge fräiwëlleg gezwonge ginn, an de saueren Apel ze bäissen, wéi dat de Fall ass. Dat erlaabt et dann der Regierung, méi einfach de Militärfliger, de Militärsatellit an aner Dommheeten ze finanzéieren.

Op där anerer Säit ginn awer Investitiounen a Projeten, wou de Gemengerot scho säin Accord ginn hat, a wéi am Fall vun de Geméiszäre schonns 250.000 Euro gestëmmt hat, nees eng Kéier verschoben. De Schäfferot sollt dem Gemengerot dach elo emol kloer soen, ob en dës Geméiszären iwwerhaapt baue wëllt oder ob dëse Projet op Mokuchsdag vertässelt gëtt.

Ganz iwwerraschend ass d'Studie iwwert den Deelbebauungsplang op Woiwer fir de Bau vun engem regionale Lichtathletikzentrum, dee grouss ugekënnegt gi war, nees aus dem Budgetsprojet fir 2020 verschwonnen. An der leschter Gemengerotssitzung krute mer gesot, et wär kee Réckzéier. Ma et misst een nach eng Kéier mat den Nopeschgemenge schwätzen, ob et net en

alternativen Terrain zu deem op Woiwer gëtt.

Dofir froen ech de Schäfferot nach eng Kéier iwwert déi tatsächlech Hannergrënn dovun, firwat dat elo net méi sollt gebaut ginn. D'Madamm Buergermeeschtesch seet, dat wär vläicht net dee richtegen Terrain. Et misst een nach eng Kéier mat den Nopeschgemenge schwätzen.

De Schäffe vun der CSV seet awer an der Press, et wäre keng Suen do, fir dat ze bauen. Dat kann ech mer och gutt virstellen. Wann d'Gemeng x Projete fir de Staat realiséiert, huet se op eemol keng Sue méi, fir hir eege Projeten ze realiséieren. Dat géif ech natierlech net esou gutt fannen, wann dat wierklech de Fall wär.

Ech hunn hei scho gesot, dass d'Kommunistesch Partei et begréisst, wann esou kommunal Investitiounen an d'Schoulinfrastrukture gemaach ginn. Dofir hu mer eis och an der Vergaangenheet ëmmer, mat Nodrock, dofir agesat, dass d'Container aus dem Schoulbetrib verschwanne mussen, fir dass d'Kanner an d'Léierpersonal a beschte Bedéngunge kënne léieren a schaffen. Leider ass dat nach ëmmer net de Fall. Souwéi et och ëmmer erëm gréisser Problemer schaaft, datt keng Portiere méi an de Schoule wunnen, wat an den Ae vun der KPL awer noutwendeg wär. Dat gëllt och fir medezinescht Personal wärend de Schoulzäiten.

Guer net d'accord ass d'KPL, wa kommunal Sue geholl ginn, fir als Gemeng eng Europaschoul am Postprimaire an am Primaire vum Staat virzefinanzéieren. A wou dann och nach d'Hallschent vun de Schüler an deene Schoulen net aus der Gemeng Déifferdeng kommen dierfen. Oder wann d'Gemeng, ënner wat fir enger Form och ëmmer, privat Héichschoulen an Universitéite subventionéiert, déi Profitter maachen, déi a privat Täsche fléissen, d'Studenten awer x-mol méi u Studiegebühre bezuele mussen, wéi dat op enger ëffentlecher Universitéit de Fall ass.

Dat gëtt mer d'Geleeënheet fir drun ze erënneren, dass d'KPL grondsätzlech der Meenung ass, dass d'Schoul, vun der Grondschoul bis bei d'Universitéit, eng ëffentlech si muss.

Souwéi d'KPL et och kategoresch ofleent, dass ëffentlech Déngschtleeschtungen an Déngschter privatiséiert ginn, wéi dat an der Vergaangenheet an der Gemeng Déifferdeng deelweis de Fall war. A wat zu ville Komplikatiounen a Verschlechterunge vun den Aarbechts- a Lounbedéngunge fir déi Leit, déi do schaffen, gefouert huet. Wat awer déi grouss Majoritéit vun dësem Schäffen- a Gemengerot bis haut net ze stéiere schéngt.

Dat ass de Fall beim Diffbus, beim Recyclingshaff zu Nidderkuer, beim Stadion zu Uewerkuer an och bei der Schwämm vum Aquasud, wou d'Privatgesellschafte Profitter maachen an d'Gemeng bezilt. A wann da vergréissert gëtt, wéi dat am Budgetsprojet vun 2020 mat engem Kredit vu 25.000 Euro fir eng Studie iwwert den Ausbau vum Aquasud ugedeit gëtt, da wäert dat fir déi eng, an dat ass d'Gemeng, méi Ausgabe bedeiten a fir déi aner, an dat ass dann net d'Gemeng, méi Profitter.

Dat ass neoliberale Kapitalismus op kommunalem Niveau an net am Interessi vun eisen Awunner. Duerfir bleift d'Kommunistesch Partei der Meenung, dass déi Privatiséierungen, eng no där aner, réckgängeg gemaach gi mussen.

Déi puer Punkten, déi ech hei opgezielt hunn, dierften duergoe fir kloerzemaachen, firwat de Vertrieder vun der KPL am Gemengerot dëse Budgetsprojet net stëmme kann. Onofhängeg dovun, dass et de Budget vun de Gréngen an der CSV ass, déi dee Budgetsprojet mat hiren eegenen Iddien, Projeten a Prioritéiten opgestallt hunn, wat a ville Fäll net den Iddien, de Projeten an de Prioritéiten entsprécht, mat deenen d'KPL an d'Wale gaangen ass an déi se och haut nach huet.

Zu dëse Prioritéiten zielen, dass d'Gemeng däitlech méi Sue fir d'sozial Ëmverdeelung a fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet an der Aarmut zu Déifferdeng ausgi muss. Dass dem Bau vu Mietwunnengen, déi d'Leit bezuele kënnen, absolutt Prioritéit ageraumt gi muss. Dass d'Privatiséierunge vu kommunalen Ariichtungen an Déngschtleeschtunge réckgängeg gemaach gi mussen. Dass fir all Kand eng Plaz an enger Maison relais zur Verfügung stoe muss, wann d'Elteren dat wëllen. An

*ter à nouveau avec les communes voisines. Pour quelles raisons ce projet est-il repoussé ? La bourgmestre semble penser que le terrain n'est pas adéquat. L'échevin du CSV raconte à la presse que la commune n'a pas l'argent nécessaire. C'est compréhensible puisque la commune réalise des projets pour le compte de l'État.*
*Les communistes soutiennent les investissements dans les infrastructures scolaires. Ali Ruckert exige depuis longtemps la disparition des conteneurs pour que les élèves et les enseignants puissent travailler dans des conditions optimales. Malheureusement, ce n'est toujours pas le cas. Qu'il n'y ait plus de portiers et de personnel soignant dans les écoles occasionne aussi des problèmes.*
*Les communistes ne sont pas d'accord avec le préfinancement d'une école européenne pour le compte de l'État. En plus, seule la moitié des élèves seront Differdangeois. Sans oublier que la commune subventionne aussi des universités et écoles supérieures privées où les étudiants doivent payer pour leurs études. Pour le KPL, les écoles doivent être publiques.*
*Les communistes sont aussi contraires aux privatisations des services publics ayant eu lieu dans le passé. Les mauvaises conditions de travail engendrées ne semblent pas gêner le collège échevinal actuel. Ali Ruckert mentionne le Diffbus, le centre de recyclage, le stade municipal et Aquasud. Une étude de 25 000 € est prévue pour l'agrandissement d'Aquasud. Ce projet engendrera des dépenses pour la commune et des bénéfices pour les autres. C'est ce qu'on appelle le capitalisme néolibéral et il n'est pas appliqué dans l'intérêt de la population.*
*Tout ceci suffirait à expliquer pourquoi Ali Ruckert ne peut pas approuver le budget. À cela s'ajoute le fait que les idées et priorités de déi gréng et du CSV ne correspondent pas à celles des communistes. Ali Ruckert mentionne la lutte contre la pauvreté, la construction d'appartements à louer, le backsourcing des services, le fait que chaque enfant doit pouvoir disposer d'une place en maison relais si les parents*

*le souhaitent, la mise en place d'une école fondamentale garantissant l'égalité des chances, la prise de mesures conséquentes en matière de circulation, la suppression des taxes de stationnement, l'arrêt des augmentations de taxes pour couvrir les frais… Car en 2021, le collège échevinal procèdera à une augmentation des taxes sur les déchets et les canalisations. Il avait juste oublié de prévenir les citoyens, ce dont Ali Ruckert se charge.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *va revenir à son tour sur le budget sans entrer dans tous les détails. Les chiffres ont été commentés suffisamment et ce type de discours est difficilement compréhensible de toute façon.*
*Gary Diderich souligne le fait que la commune a des rentrées d'argent ordinaires n'étant pas uniquement liées à la dotation de l'État. La location de locaux de commerces — par exemple dans le 1535° —, mais aussi d'appartements engendre des revenus. Le collège échevinal a parlé de 4,5 millions d'euros, mais Gary Diderich n'a pas réussi à reconstituer cette somme. Les conseillers communaux pourraient-ils recevoir des tableaux avec tous les détails ? Car la location entraine aussi des frais. C'est donc le solde qu'il faut voir.*
*Gary Diderich profite de l'occasion pour demander au collège échevinal de développer ce poste budgétaire. Car plus la commune investit dans des locaux et appartements, plus les recettes augmenteront à long terme et moins elle sera dépendante de la dotation de l'État.*
*Une partie des recettes provient aussi du domaine de l'énergie. Trois-cent-mille euros proviennent de la vente de chauffage de proximité et six-cent-cinquante-mille euros de la vente d'électricité.*
*Parmi les points positifs figurent des décisions préparant la commune à l'avenir. La commune avait du retard par rapport à l'accroissement de la population. Elle se donne désormais les moyens d'améliorer les conditions de travail et le service aux citoyens.*
*Parmi les priorités, figure la construction du CID et l'agrandis-*

dass d'Grondschoul eng Schoul vun der Chancëgläichheet gi muss, wat se haut net ass.

Dass ganz decidéiert Moossname géint de Verkéierschaos ergraff gi mussen. Dass d'Parkgebühren ofgeschaaft gi mussen, amplaz dass et der ëmmer méi ginn. Dass Taxenerhéijungen, fir kommunal Déngschtleeschtunge käschtendeckend ze maachen, verhënnert gi mussen. Dat hunn ech elo als Lescht genannt, well domat schonns Bezuch op 2021 geholl gëtt, wou dës Koalitioun Taxenerhéijunge bei der Mülltax a beim Waasserpräis plangt. Dat hate se awer vergiess, hire Wieler ze soen. Soudass ech dat hei nogeholl hunn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, léif Press a léif Bierger, déi nolauschteren, ech ginn dann och op de Budget an, ouni all Budgetsposten duerchzegoen, respektiv op d'grouss Linnen, dat heescht allgemeng d'Chifferen nach eng Kéier anzegoen. Ech mengen, dat ass zur Genüge geschitt. An dat ass, mengen ech, och net esou verständlech, wann een dat einfach esou virdréit.

Ech wëll op e puer Aspekter agoen a soen, dass ech bei dësem Budget, wéi bei de vergaangene Budgeten, nach eng Kéier wëll ervirsträichen, dass mir als Déifferdenger Gemeng eis an de leschte Joren an aktuell nach eng eege Capacitéit ginn, wat d'Recette-ordinären ugeet. Dat heescht, mir verloossen eis net nëmmen op d'Dotatioun, déi iwwert de Staat verdeelt gëtt, och wann dat dee gréissten Deel ass. Mee mir hunn, duerch déi Gebaier, déi mer kaf hunn an de verschiddenste Beräicher, virun allem an de Commercen, am 1535°, awer mëttlerweil och schonn e bëssen am Logement, eege Recetten, déi mer duerch d'Locatioun generéieren.

Ech hu mer opgeschriwwe gehat, bei der Virstellung vum Budget, dass mer do vu 4,5 Millioun Euro schwätzen, u Recetten. Am Budget hunn ech awer net déi ganz 4,5 Milliounen Euro rekonstituéiert kritt. Dofir wollt ech froen, wat do alles drënner fält. An ob een an Zukunft den Ajout zum Budget kéint dobäi kréien, Tableauen a Grafiken, déi eis d'Posten zum Beispill zesummebréngen a syntheetiséieren. Et muss ee jo och wëssen, dass eng Millioun Käschten och erëm erausgi gi fir Locatioun. An dann ass et wichteg, do de Solde ze kucken. Dat ass dann eis eege Capacitéit.

Wat ech domadder wëll soen, dass mer dat doten elo schonn hunn, awer och den Appell, dass mer dat nach méi kéinten hunn. Dat heescht, jee méi mer an de Logement, awer och an d'Geschäftslokaler investéieren, desto méi mer laangfristeg Recettë mer fir eis kreéieren an eis manner ofhängeg maache vun der Dotatioun. Obwuel deen Deel jo nach ëmmer grouss bleift.

Ech wëll drop hiweisen, dass mer eege Recetten am Beräich vun der Energie hunn, wat ech och fannen, dass een dat kann ausbauen. Am Sënn och vun der Steierung duerch d'ëffentlech Hand, duerch eis Gemeng dovun, wéi Energie produzéiert gëtt a wéi eng Energie produzéiert gëtt. Mir hunn 300.000 Euro u Vente, wat d'Nahwärme ugeet a 650.000 Euro, wat d'Vente vu Stroum ugeet. Dat ass net ze negligéieren.

Allgemeng gesinn ech als positiv an dësem Budget, dass mer mat enger Rei Decisiounen a Budgetsposten d'Gemeng opstelle fir déi nächst Joren. An am Fong fir dee Wuesstem, dee mer elo kannt hunn, an dee Wuesstem, dee mer awer nach wäerte kennen, emol Retarden ophuelen an eis Mëttele ginn, fir gutt Aarbechtskonditiounen an e gudde Service um Bierger ze liwweren.

D'Prioritéiten, déi ech erausliesen aus deem Budget, sinn, dass d'Gemengegebai ausgebaut gëtt, an dass de CID endlech gebaut gëtt. Saachen, déi einfach ze laang „auf die lange Bank geschobe“ gi sinn. Dat sinn natierlech elo keng Saachen, mat deenen ee sech gutt no baussen duerstellt, dass ee ka soen, dass ee grouss a schéi Saache gemaach huet. Déi sinn net esou spektakulär wéi ver-

schidden aner Projeten. Mee se sinn onbedéngt néideg.

An dee selwechte Beräich fält fir mech den Ausbau vum Gemengepersonal. Dass mer do méi Plaze schafen an eis Mëttele ginn, fir alles dat, wat mer uginn, och anstänneg ze suivéieren an aus den Enkpäss erauszekommen.

Natierlech ass maassgeebend fir d'Ausriichtung vun der Gemeng den Urbanismus, de PAG, deen dann d'nächst Joer wuel wäert ëmgesat a gestëmmt ginn an da wäert gëllen an elo scho gëllt, mat deem ale PAG zesummen.

Do muss ech soen, wann et ëm de Woiwer geet, ech et éischter begréissen, dass mer dat nach eng Kéier genee reflektéieren. Et ass e bedeitenden, am Fong ee vun eise leschte groussen Terrainen, dee mer hunn. Do soll ee sech gutt iwwerleeën, wat een domadder mécht. An och déi ganz Zesummenhäng, déi dat mat sech bréngt, wéi eeben d'Verkéierssituatioun an engem Quartier. Ech denken, dat soll ee sech gutt iwwerleeën an dat soll een zesummen och kënnen diskutéieren.

Deen anere groussen Aspekt, dee wäert kommen, fir eis Gemeng – a Gott sei Dank, dass endlech mat Arcelor ze schwätzen ass –, dat ass de Plateau Hauts-Fourneaux, wou ech et wichteg géif fannen, wa mir kéinten am Detail, hei oder an enger Kommissioun, esou lues awer géifen driwwer schwätzen, a wéi eng Richtung et domadder geet.

Et ass bal am Kär vun Déifferdeng. Et ass eng kruzial Plaz fir Déifferdeng. Ech fannen, wann et realistesch wär, fir Bürosraim dohinner ze kréien, denken ech, dass dat net vu Muttwëll wär, an dass dat och fir den Zentrum wichteg wär.

Well wa mir iwwert d'Geschäftswelt an den Zentrum vun Déifferdeng schwätzen, da musse mer virun allem kucken: Wien ass dann daagsiwwer nach zu Déifferdeng? Dat sinn déi Leit, déi hei schaffen. Do muss een Aarbechtsplazen a Lokaliséierung vun Aarbechtsplazen zesummen denke mat der Geschäftswelt.

An deem Sënn wären déi Bürosraim interessant. An deem Sënn ass et awer och wichteg, dass een den Ausbau vun der Zone industrielle Haneboesch an dem 1535°, och wéi en am Moment ass, do matdenkt. Well do si mer net direkt beim Stadzentrum. Dat sinn awer Leit, déi daagsiwwer zu Déifferdeng sinn. Da musse mer kucken, wéi mer déi Leit an den Zentrum kréien.

A wa mer vun enger Reform vum Diffbus schwätzen oder vun enger Navette, déi jo éischter en suspens gesat gëtt, da muss een drun denken, dass et drëm geet, déi Uschlëss hinzekréien, dass den Zoch Richtung Stadzentrum einfach an attraktiv gëtt.

Da wëll ech froen, dass mer allgemeng de Volet vun der Mobilitéit eng Kéier wierklech am Gemengerot duerchginn, an all sengen Aspekter. Mat deem, wat ech elo ugeschwat hunn, mee och mat deem, wat gesot ginn ass, dass de Reamenagement vun der Rue Emile Mark an der Rue de Soleuvre nach e bësse méi laang brauch, och wéinst dem BHNS. Wou sech awer gréisser Froe stellen.

Dat heescht, wat sinn am Moment d'Pläng vun deem, ech nennen dat elo emol Megabus oder Tram op Rieder – wou ech nach ëmmer mengen, dass et en Tram op Schinnen am Fong sollt ginn –, mee wat ass vun der Regierung virgesi mat deem Tram, deen anscheinend just op Suessem soll goen, amplaz bis op Déifferdeng ze kommen, dee laanscht d'aktuell A4 soll verlafen?

A wéi kënne mir dat zesummefügen mam Iwwerschaffe vum RGTR, wou jo anscheinend zwou Buslinne bäikommen? Wat mech och géif interesséieren, méi am Detail ze wëssen.

An dann der Reorganisatioun vum Diffbus. Wou ech nach ëmmer drop waarden, dass mer e Bilan zéie vun der leschter Reorganisatioun, dass mir do och Informatioune kréien an och kënne matschwätzen.

Awer och, dass d'Leit, déi de Service benotzen, sollen do kënne matschwätzen a kënne soen, wat ass besser gewiescht a wat ass net esou gutt gewiescht bei där Reorganisatioun. A wou soll et am Fong higoen, a wéi eng Uschlëss feelen nach, fir dass mer nach méi op déi Mobilitéit kënne setzen, déi awer scho bedeitend ass, dass mer den Diffbus zu Déifferdeng hunn.

*sement de la mairie. Certes, il ne s'agit pas de projets spectaculaires, mais ils sont absolument nécessaires. Parallèlement, le personnel communal est renforcé afin de suivre tous les projets de manière adéquate.*
*Le PAG, qui sera approuvé l'année prochaine, est déterminant pour l'urbanisme de Differdange.*
*En ce qui concerne le Woiwer, il s'agit d'un des derniers grands terrains dont dispose la commune. C'est pourquoi son affectation doit faire l'objet d'une mure réflexion. Il faut notamment tenir compte de la situation sur les routes.*
*Pour ce qui est du plateau des Hauts-Fourneaux, il serait temps de discuter de son futur développement. Ce site, dans le centre de Differdange, est crucial. S'il est possible d'y aménager des bureaux, il faudrait en profiter. Car dès qu'il est question de commerces, il faut se demander qui se trouve à Differdange en journée. Or il s'agit des personnes travaillant dans la commune.*
*Pour Gary Diderich, le développement du Haneboesch et du 1535° sont également importants. Il faut attirer les personnes qui y travaillent dans le centre-ville.*
*Dans ce contexte, il faut aussi faciliter les trajets vers le centre-ville. La mobilité dans tous ses aspects doit être discutée au sein du conseil communal. Le réaménagement de la rue Émile-Mark et de la rue de Soleuvre prendra plus de temps à cause du BHNS. Les questions sont nombreuses. Que prévoit réellement le gouvernement quant à ce mégabus ou tram sur roues ? Il doit passer le long de l'A4 et s'arrêter à Sanem au lieu de Differdange. Comment peut-on le combiner au RGTR, qui sera renforcé par deux lignes ?*
*Qu'en est-il de la réorganisation du Diffbus ? Le conseil communal attend des explications et veut pouvoir donner son avis. En outre, les passagers doivent aussi avoir leur mot à dire. Qu'est-ce qui fonctionne ? Qu'est-ce qui ne fonctionne pas ? Quels sont les endroits devant être desservis ? La mobilité doit être développée.*
*Qui dit mobilité dit stationnement. Le nouveau concept a des côtés po-*

*sitifs, mais aussi des côtés négatifs. La bourgmestre s'est d'ailleurs demandé quel allait être le rôle de la voiture dans la ville. Il serait temps de pratiquer une politique ciblée au lieu d'une politique pour tout le monde. Toute discussion doit inclure la gastronomie, le centre-ville et le commerce. Actuellement, les gens ne se rendent plus dans le centre-ville parce qu'ils ne savent pas qu'il y a des places de stationnement libres. Mais comment rendre les places de stationnement plus attractives si on ne veut pas augmenter la circulation ?*

*Gary Diderich passe au Lommelshaff. Il est question de production de légumes biologiques, d'une cuisine éducative, de magasins alimentaires… Mais le Lommelshaff doit être considéré ensemble avec les initiatives privées et le terrain acquis à Saulnes. Dans son programme électoral, déi Lénk proposait d'y ouvrir un restaurant thématique — par exemple un restaurant antigaspillage préparant des mets à base de restes.*

*Les grandes surfaces ont tendance à beaucoup jeter à la poubelle. Or les légumes par exemple peuvent être cuisinés. Cela fait partie de la cuisine éducative. Les gens doivent aussi pouvoir y cuisiner eux-mêmes. Certains habitants ne disposent pas de cuisines et sont obligés de manger dans des restaurants, ce qui coute cher. Il faudrait donc aménager une pièce avec quelques plaques de cuisson et engager un professionnel montrant comment cuisiner sainement et sans gaspillage.*

*Ces idées peuvent faire partie du Lommelshaff. Et comme il s'agit d'un projet extraordinaire, le collège échevinal pourrait mettre en place un comité d'accompagnement comprenant les partis de l'opposition. Cela irait dans le sens de la motion pour un renouveau de la politique communale approuvée récemment.*

*Gary Diderich passe à l'informatique, un ressort peu attractif. Il salue les progrès accomplis ainsi que le backsourcing opéré. Cependant, la commune devrait aller davantage en direction de l'« open source » au lieu d'acheter des produits à des*

A wa mer vu Mobilitéit schwätzen, da musse mer och vu Parking schwätzen. Do hu mer en neit Konzept gemaach, mat positiven Aspekter, awer och vläicht méi kriteschen Aspekter. Wou d'Madamm Buergermeeschtesch jo elo och gesot huet, et muss ee sech iwwerleeën, wat ass nach d'Roll vum Auto an enger Stad? Wou een och wierklech eng Kéier méi Kloerheet muss schafen a manner eng Politik fir jidderee maachen a méi eng gesteiert Politik soll maachen. Wat awer net evident ass, wa mer dat zesumme mat der Gastronomie, mam Stadzentrum, mat der Geschäftswelt wëllen iwwerleeën.

Well zum Deel ass et am Moment esou, dass d'Leit net méi an de Stadzentrum kommen, well se zum Beispill net einfach um Funiculaire kënne parken oder laang genuch respektiv attraktiv kënne parken. A se awer gesinn, dass do Plaze fräistinn am Moment. Dat heescht, et sollt een eng Kéier ofweien, awéiwäit de Parkraum méi attraktiv ze maachen op kruziale Plazen gutt ass op där enger Säit. Awer vläicht och negativ ass innerhalb vun der Gemeng, well mer domadder och erëm Autosverkéier provozéieren.

Wat d'Stadentwécklung a maassgeebend Projeten ugeet, wollt ech op de Lommelshaff agoen. Do soll Biogeméis gezillt ginn. Et soll eng Zär opgeriicht ginn. Et soll eng Cuisine éducative oder pédagogique dohinnerkommen. Et solle Geschäfter, déi mat Alimentatioun zesummenhänken dohinnerkommen. Ech mengen, dat muss een och mat luewenswäerter Privatinitiativ vis-à-vis vun deem Projet zesummen denken. An dat gëtt jo och zesumme geduecht, mat deem Terrain, dee mer zu Saulnes matkafen.

Ech wollt do nach eng Kéier d'Ureegung bréngen, dass mir an eisem Walprogramm als déi Lénk gesot hunn, do soll e Restaurant hikommen, e Restaurant thématique. Mir haten de Virschlag ausgeschaafft fir eise Walprogramm vun engem, ech soen elo, Antigaspi-Restaurant. Dat heescht e Restaurant, deen de Fokus géif drop setzen, souzesoe mat Reschter ze kachen.

Mir hunn eng Grande surface hei an der Gemeng. Bei Grande-surfacë geet ëmmer ganz vill, wat nach gutt ass, leider, an d'Poubelle. Et gëtt verschidde Manéieren, fir däi Geméis a Saachen ze verschaffen, dass de am Fong esou mann wéi méiglech Offäll hannerléiss. An dat, fannen ech, gehéiert bei eng Cuisine éducative dobäi.

Wat awer och dobäi gehéiert an esou engem Projet, ass d'Méiglechkeet fir d'Leit ze schafen, fir selwer do kachen ze kënnen. Mir hunn hei zu Déifferdeng d'Situatioun, dass Leit a ganz prekäre Wunnsituatioune liewen, wou se mol keng Kichen, keng minimal Kichen hunn, fir sech selwer ze kachen. Dat heescht, déi si quasi obligéiert, entweeder hir Spaghettien an der Dusch ofzeschëdden oder an d'Restauratioun ze goen, wat natierlech méi deier gëtt.

Do wollt ech ureegen, dat hate mer och am Walprogramm, ob een net kéint e Raum virgesinn, wou een dräi, véier Kachplacken an Aarbechtsplacke kéint virgesinn, wou d'Leit kéinte hikommen, sech selwer eppes kachen. An an engems e Profi bei Hand hätt, deen hinne soe kéint, wéi kann ee gesond kachen? A wéi kann een esou kachen, dass een esou mann wéi méiglech Reschter hannerléisst?

Dat ass eppes, wou ech elo potenziell géif gesi fir dee Projet am Lommelshaff. A fir eeben esou Iddien och matanzebréngen. A well dat e Projet ass, deen ausser der Rei ass, géif ech nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass dat am Sënn vun eiser Motioun, déi mer hei zum Neiufank vun eiser Déifferdenger Gemengepolitik gestëmmt hunn, vläicht e Projet wär, wou et esou ee Comité d'accompagnement bräicht, wou ee sech kéint abréngen als Oppositiounspartei.

Ech wëll kuerz op d'Informatik agoen. Dat ass kee ganz attraktive Ressort. Deen ass och net esou spektakulär. Ech wëll awer begréissen, dass do Progrèse gemaach ginn, dass dat wierklech bewosst geplangt gëtt, an dass do och Insourcing bedriwwe gëtt. Ech wëll awer bemängelen, dass ech nach net gesinn, awéiwäit mer a Richtung Open Source ginn, als Gemeng. An deen Insourcing am Fong nach weiderdreiwen, am Sënn vun eeben net op Produite vu Multinationallen agoen, déi och zum Deel eng „Datenkrake" sinn. An déi, leider och zu Lëtzebuerg, an eisem ëffentleche Bildungssystem benotzt ginn.

Et ass am Beräich vun der Informatik wéi och am Schoulwiese vu WiFi geschwat ginn. Do wollt ech punkto Energieaspueren ureegen, dass ee WiFi sollt esou vill wéi méiglech ofschalten, wann ee weess, dee gëtt an der Nuecht net gebraucht oder no der Schoulzäit net gebraucht. Déi brauch een einfach just eng Kéier ze programméieren. Well déi verbrauche ganz vill Energie, déi Rooteren.

Wa mer bei Energie- a Klimaschutz sinn, wollt ech nofroen, firwat d'Subside vum Pacte Climat erofginn? Maache mir do manner oder ass dat regressiv, souzesoen, mat der Zäit vum Pacte Climat? Dat wëll ech nofroen, well ech net an d'Technicitéit vun deem Pacte Climat eragesinn.

Da wollt ech nach eng Kéier op d'Mobilitéit zréckkommen. Do gëtt et e Parkleitsystem, deen eis 430.000 Euro kascht huet. Deen awer, mengen ech, nach wéineg leet, wat eise Parking ugeet. Oder éischter ierféiert. Wou si mer do drun? Ass do absehbar, dass déi Investitioun sech eng Kéier bezuelbar mécht?

E weidere Volet, deen ech begréissen, ass, dass mer an deene leschten zwee Joren d'Trottoiren op ganz ville Plazen erofgesat hunn an domadder fir Poussetten a Rollstill accessibel gemaach hunn, an déi Indikatioune fir Leit, déi blann sinn, agebaut hunn.

Et misst een dat awer nach eng Kéier nokucken. Well et gëtt verschidden Inselen, souzesoen, wou een am Fong net hikënnt. Well et ass systematesch do gemaach ginn, wou et Foussgängerweeër gëtt. Et gëtt awer Plazen, wou een net hikënnt just mat Foussgängerweeër. Dat heescht, et gëtt quasi Bléck, wou een net hikënnt, de façon accessible, wat een nach eng Kéier misst kucken. Wou ee wierklech esou Parcoursen eng Kéier duerchgeet, déi d'Leit géife goen, an ob wierklech all Haus, souzesoen, kann erreecht gi mat engem Rollstull.

Da wëll ech op e ganz anere Beräich agoen, dee vun der Jugend. Ech begréissen ausdrécklech d'Ariichte vun engem Kanner- a Jugendservice. Eng Saach, déi ech ëmmer ugereegt hunn.

Ech fannen et immens gutt, dass mer elo souwäit sinn, dass dat och quasi mat engem Jugendkommunalplang soll kommen, dee jo bal ausgeschafft soll sinn. Wou ech gespaant sinn op dee Jugendkommunalplang a mech drop freeën, dass mer dee Jugendkommunalplang eng Kéier an de Gemengerot kréien, deen hei kënnen diskutéieren an eis esou mat der aktueller Situatioun vun de Jonken, wéi an enger zukünfteger strukturéierter Jugendpolitik kënnen auserneesetzen.

Ech mengen, mir hu scho ganz vill, awer zum Deel sinn dat esou vereenzelt Bausteng, déi een an esou engem Kommunalplang kann zesummesetzen. Dohier denken ech, ass dat ganz wichteg.

Ech denken och, dass mer am Kannerberäich eng vun deene wéinege Gemenge sinn, déi dat zënter ville Joren oprechterhalen, avec des hauts et des bas. Awer déi meescht Joren ass et gutt gelaf a leeft et nach ëmmer weider. Et ass eng Kontinuitéit do. Ech géif ureegen, dat Instrument vun der Kannerbedeelegung ze ergänzen duerch e Kannerbüro.

Zu Wolz gëtt et e ganz flotte Projet, dee sech Kannerbüro nennt. Dat Konzept kënnt aus Éisträich. Mam Markenhaus hätte mir eng ideal Plaz dofir, am Zentrum vun eiser Stad. Do wéilt ech emol d'Fro opwerfen: Wat ass aktuell mam Markenhaus? Mir haten dat eng Kéier un eng privat Crèche verlount. Wat ech bedauert hunn. Déi Crèche ass awer, mengen ech, nach ëmmer net op. Kréie mir do iwwerhaapt Loyer eran, wann do wéi laang am Fong näischt geschitt? Dat wär jo fatal fir esou ee private Betrib. Ausser en hätt iergendeng magesch Einnamequell. A wa mer einfach feststellen, dass dat näischt gëtt, da kommt, mir änneren déi Decisioun a kommen op déi Saach erëm zréck.

An da wär eebe meng Ureegung ze soen, kommt mir maachen do e Kannerbüro. A vläicht kéint een dee Kannerbüro och zesummen notze mam Kiosk beim Parc Gerlache, dee viru laanger Zäit och am Jugendberäich am Fong als Informatiounspunkt genotzt ginn ass. Vläicht kéint dat och am Kader vum Jugendkommunalplang, vun deem Service Kanner a Jugend an d'A gefaasst ginn, dass do am Fong Raim bestinn, déi sech fir verschidde Saache géife gutt ubidden.

*multinationales qui siphonnent en plus les données des utilisateurs.*
*Il a été question de wifi. Il faudra penser à l'éteindre la nuit et quand il n'est pas utilisé. Car les routers consomment beaucoup d'énergie.*
*Pourquoi les subsides du pacte climat baissent-ils ? Gary Diderich ne connait pas les spécificités de ce programme.*
*Le collège échevinal a installé un système de guidage électronique vers les parkings pour 430 000 €. Mais il ne fonctionne toujours pas. Où en est-on ?*
*Au cours des dernières années, de nombreux trottoirs ont été adaptés aux poussettes, aux fauteuils roulants et aux aveugles. Mais il reste des endroits inaccessibles. Il faudrait vérifier tout cela et s'assurer que chaque maison soit accessible en fauteuil roulant.*
*Gary Diderich salue la création d'un service de l'enfance et de la jeunesse, qu'il demande d'ailleurs depuis longtemps. En plus, un plan communal de la jeunesse sera élaboré bientôt. Gary Diderich s'en réjouit. Il est impatient de pouvoir discuter de la jeunesse au sein du conseil communal et de participer à la mise en place d'une politique structurée. Il estime que Differdange a déjà beaucoup fait dans ce domaine, mais de manière isolée. Il est temps de rassembler les pièces du puzzle.*
*La Ville de Differdange est une des seules communes à pratiquer une politique de l'enfance — avec des hauts et des bas. Il faudrait compléter le conseil communal des enfants avec un bureau de l'enfance. Il s'agit d'un concept autrichien appliqué par exemple à Wiltz. Differdange pourrait le mettre en place dans le Markenhaus.*
*À propos du Markenhaus, Gary Diderich rappelle qu'il a été loué à une crèche privée qui n'a jamais ouvert. La commune touche-t-elle un loyer ? Car si cette crèche ne fonctionne pas, il faudrait modifier la décision et pourquoi y installer un bureau de l'enfance. Celui-ci pourrait fonctionner en synergie avec le kiosque du parc Gerlache, qui a longtemps servi de point d'information pour les jeunes. Le service de la jeunesse et de l'enfance doit être informé du fait qu'il existe*

*des locaux libres dans lesquels organiser des activités.*
*Differdange compte beaucoup d'enfants. Les activités leur étant destinées sont nombreuses. Certes, il est toujours possible de faire mieux. Mais quand on voit le manque de structures d'accueil dans les communes du sud, Differdange s'en sort bien.*
*Malgré tout, il n'y a pas de place pour certains enfants, par exemple à midi dans les maisons relais. C'est un problème quand les deux parents travaillent et c'est pire encore s'ils sont séparés et vivent dans deux communes différentes. Il faudrait voir comment leur venir en aide.*
*Avant de passer aux initiatives facultatives, Gary Diderich souhaite revenir sur l'école, un des devoirs de la commune.*
*Le Woiwer sera terminé.*
*Il est question d'installer des mesures contre la canicule dans les écoles et s'occuper plus spécifiquement d'une école par an. Gary Diderich ne trouve pas cela génial, car les étés comme le dernier sont difficilement supportables. Comment demander alors à certaines écoles d'attendre trois ou quatre ans ? Il vaudrait mieux payer 4 fois 80 000 € tout de suite. Ce n'est pas le bon poste pour faire des économies.*
*Les travaux sur le campus scolaire de Niederkorn ont été repoussés à 2020. Mais le collège échevinal va agrandir le site au lieu d'aménager des conteneurs, ce qui est une bonne chose. Cependant, il ne suffit pas de répondre aux besoins ; il faut préparer l'avenir. Gary Diderich rappelle que l'école de Niederkorn n'a pas de salle de musique ou de salle de bricolage. Certaines salles sont partagées entre l'école et la maison relais alors qu'elles ne s'y prêtent pas. La qualité de l'école de Niederkorn doit progresser comme cela a été fait au Bock. La rénovation et l'agrandissement de l'école des Filles doivent être une priorité.*
*Le collège échevinal veut acheter des conteneurs pour le Bock et les utiliser ensuite à Niederkorn. Gary Diderich trouve que c'est exiger trop des enfants et des enseignants. Ils se trouvent depuis longtemps*

Ech wéilt dann op d'Plaz vun de Kanner an eiser Gemeng nach eng Kéier agoen. Mir sinn eng kannerräich Stad, wa mer eis Demografie kucken. Mir hunn och vill fir Kanner ze bidden. Ob dat an eise Schoulen ass, awer och ausserhalb vun eise Schoulen. En Deel hunn ech jo dovunner schonn ugeschwat. Et kann een nach ëmmer besser ginn.

Mee wann ech matkréien, wat et an anere Südgemenge fir Enkpäss gëtt bei Schoulen a Kannerbetreiungsstrukturen, da sti mir ganz gutt do. Dat muss een och emol ervirhiewen. Bon, eenzel Leit hänken awer nach ëmmer. An dat muss een dann awer och ugoen. Heiansdo eenzel Deeg, an der Mëttesstonn, gëtt et a verschiddene Maison-relaisen nach Enkpäss. Dat ass fatal fir Elteren, wou allen zwee schaffen an am schlëmmste Fall och nach net an där nämmlechter Gemeng wunnen, well ëmmer méi Koppele getrennt liewen.

Da gëtt dat am Fong eng onméiglech Logistik. Do misste mer och nach kucken, wéi mer déi lescht Schwaachstellen ausmäerzen.

Ier ech méi op déi fakultativ Initiativen aginn, déi een do kann hunn an déi och schonn do sinn, wollt ech op eis obligatoresch Aufgaben als Gemeng agoen, nämlech d'Schoulen. Do maache mer déi kleng Upgrades, Renovatiounen am Summer.

Et ass vum Woiwer geschwat ginn, dee fäerdeg gëtt. An do steet eng Mesure am Budget, dat ass d'Mesure contre la canicule. An da steet dobäi, ee Schoulgebai pro Joer. Do muss ech awer soen, dass ech dat net genial fannen. Ee Summer fir d'Schoulpersonal a fir d'Kanner esou matzemaachen, wéi dee leschten an dee virleschten, dat ass schonn hefteg.

Vu verschiddene Schoulgebaier ze verlaangen, dass se elo nach vläicht zwee, dräi, véier Jore waarden, fir 80.000 Euro ze echelonéieren op engem Budget, do soen ech, kommt mir gi véier-, fënnefmol 80.000 Euro an engem Joer aus a maachen dat op ee Coup. Well soss schwätze mer vun enger Primärschoulkarriär, déi am Summer ënner onméiglleche Konditioune matgemaach gëtt. Do géif ech soen, bräicht et méi eng direkt Hëllef. Do däerfe mer net spuere respektiv déi Käschte verlageren, fir se op verschidde Budgetsjoren ze verdeelen.

Da wëll ech op de mëttleren Ausbau vun eise Schoulinfrastrukturen agoen. Do begréissen ech, dass elo 2020 zu Nidderkuer eppes geschitt, nodeems dat 2019 verschobe ginn ass, obwuel et jo am Budget virgesi war.

Ech muss do awer soen, déi Zäit ass genotzt ginn, fir eng besser Léisung ze fannen. Amplaz vun engem Containerbau ausserhalb vum Schoulsite, komme véier Säll bäi. Et ass awer elo wichteg, net nëmmen op déi aktuell akut Besoinen anzegoen, mee och de Retard an Zukunft unzegoen. Domadder mengen ech, datt do elo solle virun allem Spillschoulssäll kommen, dat wat mer elo ausbauen. A soen, dass mer awer nach ëmmer kee Musekssall hunn zu Nidderkuer. Mir hunn nach ëmmer kee Bastelsall zu Nidderkuer a kee Raum fir eng Lernklinik.

Mir hunn nach ëmmer eng Situatioun, wou d'Deele vu Klassesäll mat der Maison relais stattfënnt. Säll, déi awer net dofir adaptéiert sinn. Ech wëll dat prinzipiell net ausschléissen. Mee dat ass einfach op deem Site net adaptéiert. An dat musse mer ugoen. Dofir misste mer zu Nidderkuer dee Schrëtt maachen, dee mer elo zu Uewerkuer um Bock maachen, nämlech e staarke qualitative Sprong no vir. An do wär den Ausbau an d'Renovatioun vum Meederchersgebai eng Prioritéit, déi mer direkt missten ugoen, denken ech.

Do däerfe mer elo net soen: „Jo, mee mir kafe jo elo Containeren" – vläicht kafe mer se, dat ass jo nach ëmmer net ganz kloer, mee vläicht kafe mer Containeren um Bock – „a mir waarden dann, bis déi Containere fräi ginn, fir se dann op Nidderkuer ze plënneren an dann den Ausbau vun der Meederchersschoul unzegoen". Ech fäerten, da verlaange mer och ze vill, wou d'Kanner an d'Personal sech mat enger Situatioun musse ronderëmschloen, wou se am Fong scho ganz laang op der Waardelëscht stinn.

Tout en sachant, dass zu Nidderkuer d'Mathendahl-Schoul wäert opgoen. Och dat wäert Entlaaschtung bréngen. An an engems komme jo och Leit bäi.

Wat fir d'Kanner ganz wichteg ass, dat si Spillplazen. Do sinn erëm Renovatioune virgesinn. Ech wollt do awer och nach eng Kéier dräi Ureegunge maachen. Dat eent ass: Kommt, mir huele fir eis Spillplaze systematesch Spillpedagogen zu Rot. Ee Spillpedagog zu Rot geet duer. Well esou virgefäerdegt Spillplaz-Konstruktiounen aus dem Katalog oder Theemespillplaze gi ganz schnell langweileg fir Kanner, huelen hinnen am Fong Spill a Raum fir hir eege Fantasie ewech.

A mir investéieren an eppes, vun deem am Fong net esou profitéiert gëtt, wéi et kéint. Ech kennen eng Rei Elteren, déi léiwer ausserhalb vun der Gemeng op Spillplaze fueren, wéi hei bei eis vun deene Spillplazen ze profitéieren, déi bis elo an der Vergaangenheet ageriicht goufen. Si sinn an engem besseren Zoustand wéi an der Vergaangenheet. Déi Renovatiounen, déi si wichteg a gutt. Mee et bitt net dee Raum, deen et kéint bidden.

Zwee konkreet Konzepter, déi ech wëll ureege fir zukünfteg Spillplazen. Dat eent ass d'Iddi vun enger Naturspillplaz. Do setz de am Fong guer keng Geräter hin, mee du bitts einfach mat Buedem, Planzen a Steng e Raum, wou d'Kanner sech hiert eegent Spill kënnen entwéckelen. Dat maachen d'Kanner ganz schnell, wa se esou Méiglechkeeten hunn.

An déi aner e bësse méi opwändeg Iddi ass déi vun enger Bauspillplaz. Dat gëtt et am Ausland. Wou s de am Fong de Kanner d'Méiglechkeet gëss, dohinnerzegoen, d'Geräter ze hunn, d'Holz ze hunn, d'Material ze hu fir ze bauen. Déi misst awer méi encadréiert ginn. Dat heescht, dat ass eppes, wat méi muss geplangt ginn a wou een och deelweis Personal misst aplangen. Op d'mannst kéint een dat ephemere maachen. Dat heescht vläicht just am Summer oder esou, wann en Anima-Team och ka matabezu ginn, an enger Summervakanz oder esou.

Da wollt ech iwwergoen op d'Affaires sociales. Wou et drëm geet, déi sozial Ongläichheeten, op d'mannst, opzefänken, déi et leider nach ëmmer gëtt. An déi mer am Fong och misste systematesch ugoen. Ech hat jo dëst Joer vill thematiséiert, wéi mer d'Allocation de solidarité ëmstrukturéiere wëllen. Wou ech jo prinzipiell deen neie System ënnerstëtzen, dass mer deen uleenen un d'Allocation de vie chère vum Fonds national de solidarité.

A wou et awer wichteg ass, elo de Bilan ze zéien an ze decidéieren, wéi mer 2020 dat Reglement ausleeë wäerten. Ech wäert do de Schäfferot beim Wuert huelen, wann Der verspriecht, dass keen, par rapport zu 2018 soll verléieren. Dofir bräicht et ee Bilan. An dofir bräicht et d'Volonté politique, herno, fir de Prozentsaz gegeebenefalls eropzesetzen a gegeebenefalls e Facteur pro Kand anzeféiere fir Familles nombreuses.

Well beim Fonds national de solidarité do ass e Maximum vu Persoune pro Menage, déi consideréiert gëtt. An eisem System virun 2019 war awer ee Facteur pro Kand. An ech mengen, do kann een, ouni ze vill administrativen Opwand – an et ass och eng Saach, déi einfach ze kontrolléieren ass –, erëm ee Facteur pro Kand, ab fënnef, bäisetzen. An dann denken ech, dass mer quasi all Härtefäll opgefaange kréien, wa mer da bereet sinn, op deen dote Wee ze goen.

Ech ënnerstëtzen d'Iwwerleeung, déi den Här Mangen abruecht huet, fir déi Saach op eiser Säit och direkt un den Index ze bannen. Dat ass um nationalen Niveau, leider, net de Fall. Mee mir kënnen dat awer kommunal maachen. An och dat wär e Facteur, deen een einfach an direkt abaue kéint.

Da wëll ech iwwergoen op e Volet, deen ech einfach politesch net kann ënnerstëtzen. Dat ass, wéi mer eis Sécherheetspolitik hei an der Gemeng uginn. De Gardiennage duerch eng privat Firma an och d'Kameraiwwerwaachung gëtt elo ouni Bilan ausgebaut, mat dem Budget 2020. Och ouni gréisser Diskussioun. Dat kënnt quasi eréischt an enger Budgetsdiskussioun zur Sprooch. Et gëtt keng Kommissioun, wou mer dat beschwätzen. Et gëtt kee Moment, wou dat explizitt um Ordre du jour steet.

A wann ech dann de Verglach maache mat der Allocation de solidarité, do gëtt da gesot, mir setzen de Budgetsposten net an d'Luucht, well mer kee Bilan hunn. An hei setze mer de Budgetsposten an d'Luucht. Mir hunn awer och kee Bilan.

*sur la liste d'attente et font face à une situation difficile.*
*En ce qui concerne les aires de jeux, des rénovations sont prévues. Pour Gary Diderich, le collège échevinal devrait consulter systématiquement un pédagogue. Car les aires de jeux préfabriquées que l'on trouve dans les catalogues sont vite ennuyeuses. Les enfants ne profitent pas autant qu'ils devraient des investissements de la commune. Il y a même des parents qui emmènent leurs enfants dans d'autres communes. Rénover est important, mais c'est insuffisant.*
*Gary Diderich propose une aire de jeux naturelle, c'est-à-dire sans équipement. Il suffit de terre, de plantes et de cailloux. Les enfants créent alors leurs propres jeux.*
*Une autre possibilité consiste à aménager une aire de jeux de construction comme on en trouve à l'étranger. Les enfants disposent de matériel pour construire, comme le bois. Bien entendu, une telle aire de jeux doit être encadrée. Mais l'Anima Team pourrait s'en occuper en été par exemple.*
*Gary Diderich passe aux affaires sociales. Il faut éliminer les inégalités. Cette année, l'allocation de solidarité a été associée à l'allocation de vie chère, une décision que le conseiller communal soutient. Mais il est important de dresser un bilan et d'opérer des adaptations en 2020. Le collège échevinal a promis que personne ne toucherait moins qu'en 2018. Si nécessaire, il faudra augmenter le taux et introduire un critère supplémentaire pour les familles nombreuses. Car le Fonds national de solidarité dispose d'une limite de personnes par ménage. Un facteur supplémentaire pour les familles de plus de cinq enfants permettrait d'englober les cas plus difficiles.*
*Monsieur Mangen a proposé de coupler l'allocation à l'indice. C'est une bonne idée.*
*Gary Diderich ne peut pas soutenir la politique de la sécurité du collège échevinal. Le gardiennage et la surveillance vidéo seront développés sans bilan et sans discussion. Il n'en a été question ni au sein du conseil communal ni au sein d'une commission. Le budget pour l'allocation de solidarité n'a pas été aug-*

*menté parce que le bilan manque. Mais dans le cas de la sécurité, le budget croît sans bilan.*
*Les décisions ont été prises rapidement pendant un été particulièrement chaud. Le collège échevinal avait promis des mesures préventives à côté des mesures répressives. Or l'éducation de rue n'a pas été développée contrairement au volet répressif. Gary Diderich propose que l'opposition fasse partie de la commission de la sécurité et qu'elle se demande déjà maintenant ce qu'il faudra faire à Differdange lorsque le cannabis deviendra légal. Car s'il n'était légal que pour les résidents, il se pourrait que ces mêmes résidents revendent illégalement le cannabis dans la rue. Cela risque d'engendrer des problèmes dont l'État doit être conscient.*
*Gary Diderich pense que la légalisation du cannabis peut résoudre des problèmes à condition qu'elle soit appliquée comme il faut. La Ville de Differdange ne doit pas se laisser surprendre.*
*Que Gary Diderich ne veuille pas de surveillance vidéo et de sociétés de sécurité privées ne signifie pas que le domaine public ne doive pas prendre des mesures. Il s'agit de renforcer la police, mais aussi pour la commune de recruter des agents municipaux et des gardes champêtres. Car les sociétés privées ont les mains liées selon la situation. C'est pourquoi le conseiller communal est contraire à cette politique et demande l'élaboration d'un concept pour l'éducation de rue.*
*Gary Diderich passe à son sujet favori, le logement. En 2020, la commune se donne les moyens d'agir. Par le passé, elle s'est montrée plus active que d'autres en collaborant notamment avec le Fonds du logement. Mais il est temps de se donner une stratégie.*
*Gary Diderich analyse les déclarations faites jusqu'ici de manière critique et se demande comment un parti libéral comme le DP peut se montrer plus social que le LSAP. C'est le monde à l'envers. Le sujet doit être traité de manière objective sans alimenter les peurs et les préjugés de certains.*
*Gary Diderich exhorte le collège échevinal à augmenter le pourcen-*

Ech fäerten, dass déi Richtung, déi mer do geholl hunn – wat virun allem engem waarme Summer geschëlt ass. An nëmmen en Deel vun deene versprachene Mesuren och ëmgesat gi sinn, wéi mer déi do Saach ugaange sinn. Et ass nämlech gesot ginn, mir maachen net nëmmen de repressiven Deel, mee mir maachen och de preventiven Deel. Mir maachen och Streetwork. A bei deem engen Deel si mer weiderkomm a bei deem aneren Deel si mer nach net weiderkomm. Mee mir bauen awer dee repressiven Deel weider aus.

Dofir géif ech elo emol ureegen, dass op alle Fall an der Sécherheetskommissioun, déi et jo am Fong gëtt, d'Oppositioun och matagebonne gëtt. An dass déi Kommissioun sech och emol soll domadder auserneesetzen, wat dann an zwee, dräi Joren op eis duerkënnt, als Déifferdenger Gemeng, wann de Cannabis legaliséiert gëtt.

Well wann dat esou legaliséiert gëtt, wéi dat am Moment ausgesäit, nämlech dass just d'Residenten däerfe Cannabis kafen, a wa mir dann, mat eiser Proximitéit zu eisen Nopeschlänner, vläicht zum „Umschlagplatz“ ginn, wou d'Residenten dann op där enger Säit legal akafen a vläicht op där anerer Säit, an eisem ëffentleche Raum dann, illegal weiderverkafen, ech mengen, da misste mir als Déifferdenger Gemeng d'Regierung drop opmierksam maachen, dass dat wäert problematesch ginn.

Mir sollten eis Gedanken driwwer maachen, wéi mer domadder ëmginn. Ech denken, dass d'Legaliséierung vum Cannabis awer am Fong eng Léisung wär fir ee vun de Problemer, déi mer do an eisem ëffentleche Raum am Moment hunn. Awer net op déi doten Aart a Weis. Jiddefalls sollte mer eis do net iwwerrasche loossen a sollten eis domadder schonn auserneesetzen, wat do genee gemaach gëtt.

A wann ech soen, ech wëll keng privat Sécherheetspolitik duerch Kameraiwwerwaachung a privat Sécherheetsfirmen, da soen ech domat net, ech wëll Forfait erklären als ëffentlech Hand am ëffentleche Raum, wat d'Sécherheet ugeet.

Nee, ech denken, als ëffentlech Hand solle mer fir d'Sécherheet suergen. Dass éischtens d'Police misst verstäerkt ginn. Do si mer eis eens. Do hu mer wéineg Afloss drop. Mee mir mussen et ëmmer erëm ënnersträichen. A wann dat net duergeet, da musse mer iwwer eis Moyene fueren an iwwer Agent-municipallen a Garde-champêtrë Presenz weisen. Awer net iwwer privat Firmen, déi am Fong och wéineg Afloss hunn, wann et wierklech zu verschiddene Situatioune kënnt.

An deem Sënn sinn ech mat deem Budgetsposten eeben explizitt net averstanen. An ech bekräftegen nach eng Kéier, dass am Streetwork e Konzept muss kommen. An do och eppes da muss ëmgesat ginn.

Da kommen ech op mäi Liblingstheema, an ech si frou, dass ech net deen eenzege sinn, deen dat uschwätzt: de Logement. Ech begréissen, datt dëse Budget an den aktuellen Organigramm der Gemeng endlech emol Mëttele gëtt, fir selwer aktiv ze ginn. Mir hunn, an der Vergaangenheet net näischt gemaach, well mer méi oppe géintiwwer dem Fonds de Logement stounge wéi vläicht aner Gemengen. Dat wëll ech net verneinen.

Mee ech wëll awer e bëssen den Appell maachen, aus deem Schwaarz/Wäiss do erauszekommen a schloe vir, datt mir eis do wierklech op eng gemeinsam Strategie an e gemeinsaamt Verständnis eenegen. Well ech gesi verschidden Aussoen, déi bis elo hei gemaach gi si vu verschiddene Virriedner ganz kritesch a versti bal net, wéi eng liberal DP hei entretemps méi sozial ze si schéngt wéi eng LSAP. Et ass e bëssen „le monde à l'envers“.

Ech mengen, dass mer eis awer kënnen a sollen drop eenegen, dass et eis hei ëm d'Saach geet. An datt mir net nach Ängschten a Virurteeler bei de Leit alimentéiere mat verschiddenen Aussoen a Froen, déi hei opgeworf ginn.

Kommt, mir eenegen eis, wannechgelift, drop, datt et eis einfach drëm geet, de Prozentsaz vum Logement, deen an ëffentlecher Hand ass, eropzesetzen. Dat muss net heeschen, dass mer musse bauen, fir dat ze maachen. Mir kënnen och besteeënde Wunnraum kafen, fir dat ze maachen. Kommt, mir eenegen eis drop, dass dat verschidde Forme muss unhuelen an halen op, ëffentleche Wunnraum a Mietwunnengsraum di-

rekt mat sozialem Wunnraum gläichzesetzen.

Et brauch soziale Wunnraum. Et brauch awer net nëmme soziale Wunnraum, fir dass mer déi Logementssituatioun an de Grëff kréien. Mir hu verschidde Schichte vun eiser Bevëlkerung, déi virun der Mauer quasi stinn, wa se sech iwwerleeën: Wou kënne meng Kanner an Zukunft nach wunnen? Wou kann ech mir nach eppes leeschten?

A kommt, mir eenegen eis drop, dass mer an deem Beräich geziilt eiser Populatioun wëlle Perspektiven an hirer Stad ginn. A kommt, mir gesinn do Zesummenhäng mam Zesummeliewen. Well dat ass och eng Fro vun Integratioun. Well wa Leit erausplënneren aus eiser Gemeng, well se sech näischt méi kënne leeschten, a Leit eraplënneren an eis Gemeng, dann hu mer och do méi Integratiounsaarbecht ze maachen, wéi wa mer direkt dofir suergen, dass Leit kënnen hei hir Zukunftsperspektiven hunn.

A kommt, mir denken et och zesumme mat den Zukunftsperspektive vun eise Kanner. An esouguer am Zesummenhang mat de Méiglechkeete fir eist Geschäftsliewen. Fir konkreet ze sinn: Wa mir eis d'Krittäre ginn an esou festleeën, datt Familljе mat Kanner, déi scho länger zu Déifferdeng wunnen, Prioritéit hu fir an eis Wunnengen ze plënneren, da kréien d'Kanner besser Liewensëmstänn a méi Raum a méi Rou fir ze léieren. Domadder gëtt de soziale Lift an d'Chancëgläichheet gefërdert.

A wa mir méi Wunnraum fir manner Suen deene Familljen zougänglech maachen, da bleift och um Enn vum Mount eppes iwwreg, wat hirer Kafkraaft zegutt kënnt an dann, normalerweis an hoffentlech och der Geschäftswelt. Virausgesat, dass mer net um nationalen, europäeschen an internationalen Niveau weider Multinationalle wéi Amazon duerch Steierpolitik vergënschtegen. An am Fong der ganzer Geschäftswelt domadder onlauter Konkurrenz maachen.

(Handygeschells a Gelaachs)

Dat ass dee richtegen Jingle fir de Projet Gravity. Do hätte mer eng Opportunitéit gehat. Woubäi mir deen awer nach méi bezuelbar hätte kéinte vu virera realiséieren. Ma elo bleift eis näischt anescht iwwreg, wéi en zu deene Konditiounen erëm opzekafen, wat eis virdru gehéiert huet a wat mer selwer nach besser hätte kéinten a Gemengenhand ëmsetzen a bezuelbar maachen.

Mee, mir maachen dat elo. Ech ënnerstëtzen dat. An ech setze mech dofir an, dass mer 70 % verlounen an 30 % Maximum an de Verkaf ginn. De Verkaf muss awer esou gemaach ginn, dass et herno am private Marché eis net kann entwutschen. An och de Bail emphytéotique ass mat Virsiicht ze genéissen.

Ech kréien hei d'Auer gewisen. Sinn ech scho méi wéi eng hallef Stonn amgaang?

**ENG STËMM:**

Jo, däitlech.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Pardon, da probéieren ech ze kierzen. Ech hunn eng Motioun abruecht fir de Wunnraum. Mat där Motioun wëll ech ureegen, dass mer souwuel am Logement wéi mat eise Gemengefinanzen, de falsche Choix maachen, wa mer soen, mir setzen eng Mouk op d'Säit mat deem Fonds de réserve budgétaire.

Ech fäerten, dass mer do éischter Psychologie bedreiwen oder Symbolpolitik maachen, dass dat eise Bierger an och vläicht eise Politiker e gutt Gefill gëtt, wann ee seet, mir setzen eppes op d'Säit. Mee mir si kee private Betrib. A mir sinn och kee private Stot, deen dat esou op der Säit brauch, wann eng Heizung vreckt fiert oder wann een en Investissement muss maachen.

Mir kréie bei de Banken, och ouni Apport en capital, Sue geléint, wa mer se brauchen. Mir hunn eng ganz räsonabel Verscholdung. An et gëtt eng Rei Facteuren, déi maachen, dass mer laangfristeg méi fir eis Gemengefinanze maachen, wa mer déi Suen net op d'Säit leeën, mee an de Logement investéieren.

Éischtens, duerch d'Gemengefinanzreform gëtt et e Facteur pro abordabel

*tage de logements appartenant à la commune — par exemple en acquérant des appartements. Il demande aussi que l'on cesse de mélanger les logements publics et les logements sociaux.*

*Pour maitriser la situation, les logements sociaux ne suffisent pas. Une partie de la population ne sait plus où elle pourrait acheter un logement. Or les Differdangeois doivent pouvoir trouver un logement dans leur ville. C'est aussi une question d'intégration, car si certains partent parce qu'ils ne trouvent rien et d'autres arrivent, un travail d'intégration devient nécessaire.*

*Il faut aussi penser aux enfants et aux commerçants. Si le collège échevinal privilégie les familles avec les enfants, ceux-ci disposeront de plus de place et de meilleures conditions pour apprendre: il y va de l'égalité des chances. Parallèlement, moins une famille dépense pour le logement, plus son pouvoir d'achat augmente. C'est de l'argent qu'elle peut dépenser dans les commerces à condition que des multinationales comme Amazon ne soient pas favorisées fiscalement.*

*Le projet Gravity par exemple aurait pu être réalisé à de meilleures conditions. Désormais, la commune doit racheter quelque chose qui lui appartenait. Gary Diderich soutient malgré tout ce projet et propose que 70 % des logements soient mis en location. Pour ce qui est de la vente, il faut s'assurer que ces appartements ne finissent pas immédiatement sur le marché privé.*

*Gary Diderich demande si son allocution a dépassé la demi-heure.*

*(Interruption)*

*Il va essayer d'accélérer. Il a introduit une motion montrant que le collège échevinal fait le mauvais choix en mettant de l'argent de côté. Faire des économies donne de bonnes sensations aux hommes politiques et aux habitants. Mais la commune n'est ni une entreprise privée ni un ménage. La Ville de Differdange peut emprunter de l'argent sans apport. La dette communale est raisonnable. À long terme, investir dans le logement rapportera plus que mettre de l'argent de côté. Grâce à la réforme des*

*finances communales, la dotation de l'État augmente en effet en fonction de la politique du logement. Le Pacte logement 2.0 apporte aussi de nouveaux moyens. Enfin, la commune a droit à des subventions. Sans oublier qu'assainir d'anciennes bâtisses est bon pour l'environnement.*
*Gary Diderich craint que finalement, la Ville de Differdange soit la seule commune du sud à profiter du Pacte logement 2.0, ce qui risque de la freiner dans ses actions. C'est pourquoi le conseiller communal demande à la commune d'exhorter les autres communes à fixer un taux de logement public. Differdange peut passer par les syndicats dont elle est membre. Elle peut aussi demander au gouvernement de supprimer les faiblesses du Pacte logement.*
*Pour ce qui est de la taxe sur la spéculation, même s'il reste des questions légales, Gary Diderich estime que la mettre en place et envoyer des lettres aux personnes concernées fera bouger les choses. L'AIS Kordall disposera alors de plus de logements. Et Differdange sera prête lorsque l'État introduira une taxe nationale.*
*Gary Diderich rappelle qu'« Urban Living » coute 50 000 € par an. Il se demande si un tel instrument est encore nécessaire. Differdange a-t-elle besoin de davantage de promotion ? D'autres modèles existent.*
*Gary Diderich salue les efforts accomplis en matière d'intégration et notamment le plan transversal d'inclusion.*
*La fête multiculturelle sera développée. Le conseiller communal ne fait pas seulement allusion au budget, mais au volet qui a lieu dans la zone piétonne depuis cette année. Car il s'agit de faire la fête ensemble et non de consommer les uns à côté des autres. Rassembler des gens ne les fait pas interagir pour autant. Le concept dans la zone piétonne est plus efficace. En plus, des jeux intégratifs comme celui de la zone piétonne peuvent être subventionnés par l'OLAI. Gary Diderich propose au collège échevinal d'en faire la demande.*
*Le conseiller communal regrette la façon dont l'affaire du stade d'athlétisme se déroule. Il ne comprend*

Wunnunitéit, dee mécht, dass eis Dotation communale eropgeet, desto méi mer am Logement maachen. Zweetens wäert de Pacte Logement 2.0 méi Mëttele brénge fir déi Gemengen, déi eppes wëlle maachen. Drëttens kréie mer jo och Subsiden do dobäi. En plus kënne mer dat Ganzt mat eiser Klimapolitik verbannen, andeems mer virun allem den Albau uginn, also besteeënde Logement kafen, e sanéieren an dann an d'Locatioun ginn.

An da wëll ech eppes ureegen: De Pacte Logement 2.0 gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet, eppes ze maachen oder näischt ze maachen. Et gëtt hinne vill Méiglechkeeten ënnerstëtzt ze ginn, wa se eppes maachen.

Mee ech fäerten, dass vill Gemengen, och am Süden, näischt wäerte maachen a mir da vläicht déi eenzeg sinn, déi eppes maachen. An dat fannen ech net gutt. Well dat kéint zum Deel vläicht dozou bäidroen, dass mir méi virsiichteg do wäerte virgoen, wéi mer et géife maachen, wa mer wéissten, dass Käerjeng, Suessem an esou weider och aktiv géife ginn am Wunnengsbau.

Dofir géif ech virschloen, dass mir als Déifferdenger Gemeng d'Initiativ ergräifen, fir d'Gemengen dozou opzefuerderen, Selbstverflichtung ze decidéieren, wann et drëm geet, de Prozentsaz vum ëffentleche Wunnraum an hirer Gemeng unzegoen. Mir sinn a Syndikater vertrueden, mir kënnen an deene Syndikater drop hiwierken. A mir kënnen duerch eng Motioun esou en Appell maachen an och der Regierung soen, dass de Pacte Logement 2.0 déi Schwächt huet. A vläicht nach dozou bäidroen, dass de Pacte Logement 2.0 méi wäit geet.

Ech wollt nach eppes zur Spekulatiounssteier soen. Och wann déi net honnert Prozent ofgeséchert ass, legal, a mer an der leschter Konsequenz dat akloe kënnen, denken ech, wa mir se decidéieren an de Leit, déi am Fall sinn, Bréiwer verschécken, da kréie mir domadder eng Dynamik ugereegt. A mir spillen domadder och der AIS Kordall zou.

Well eng Rei Leit wäerten da scho reagéieren, ier et méi wäit muss goen, legal gesinn. Esou kritt d'AIS Kordall scho méi an d'Locatioun. A mir sinn dann och méi virbereet drop, wann de Staat endlech seng Responsabilitéit hëlt an déi Steier um nationalen Niveau aféiert. Dann hu mir schonn e Bestand opgeholl, a mir wësse schonn, wéi mer dat schnell kënnen ëmsetzen.

Ech wollt a Fro stellen den Urban Living, dee kascht eis all Joer 50.000 Euro. D'Logementskommissioun hat eng Kéier en Avis gemaach, fir ze soen, mir däerfen do net dropbezuelen. Et misst ee sech vläicht eng Kéier iwwerleeën: Ass dat eppes, wat mer elo nach brauchen? Et war en Instrument fir d'Attraktivitéit vun eiser Stad. Brauche mer déi Promotioun nach, op eis eege Mëttelen hin? Oder kënne mer net en anere Modell fannen? Ech kann do och gäre méi Iddien abréngen, wat dat ugeet.

Ech wollt nach eng Rei Saachen zur Integratioun soen. Ech begréissen d'Efforten, déi do gemaach ginn, den transversalen Inclusiounsplang, deen iwwert déi verschidde Beräicher Inclusioun, Egalitéit, Integratioun erausgeet. Dat fannen ech gutt. Ech begréissen, dass d'Fête multiculturelle ausgebaut gëtt. Awer net nécessairement, dass einfach méi Budget kënnt a méi Programm kënnt.

Mee ech wëll virun allem dee Volet, deen an der Zone piétonne dëst Joer ëmgesat ginn ass an d'nächst Joer soll ausgebaut ginn, begréissen. Wou och méi zesumme gemaach gëtt an net, wat heiansdo op Multikulti-Fester de Fall ass, nieftenee consomméiert gëtt. Well et geet een zwar op Fester, et ass een zesummen op enger Plaz, mee dat heescht net onbedéngt, dass ee vill Interaktioun huet. Dat geschitt an der Zone piétonne, bei deem Konzept, mengen ech, méi.

An ech wëll ureegen, dass wa mer am Beräich vun der Integratioun Saachen ënnerhuelen, wéi dat Spill, wat do soll kommen, dass mir dann och d'Kofinanzement vum Departement Integratioun, wat virdrun den OLAI war, kënnen ufroen. Dat gesinn ech net am Budget. An ech géif virschloen, dass mer dat maachen.

Schlussendlech zum Theema vum Liichtathletikstadion. Do wëll ech soen, dass ech bedaueren, wéi do virgaange gëtt. An dass ech fannen, dass dee Fläiss, deen do ubruecht gëtt vu ver-

schiddene Parteien, vläicht bei Dossiere wéi Logement a Klimawandel och oder méi ubruecht wär wéi bei eppes, wou net gesot gëtt, dat gëtt net gemaach, mee wou gesot gëtt, mir iwwerleeën eis dat nach eng Kéier.

Ofschléissend wëll ech soen, dass ech wéinst vergaangenen Decisiounen, déi laangfristeg Privatiséierunge bedeite fir eis Gemeng, an och duerch aktuell Privatiséierungen, wat zum Beispill eis ëffentlech Sécherheet ugeet, a wéinst mangelnder Investitiounspolitik am Logement an der Steierpolitik, déi mer feelt, am Logement, dëse Budget esou net ka matdroen.

Ech hunn eng Motioun abruecht, fir op d'mannst eng Millioun Euro vum Fonds de réserve budgétaire eriwwerzehuelen, fir Wunnraum, besteeënde Wunnraum ze kafen an en abordabel ze maachen an Zukunft, a Gemengenhand. Wann d'Majoritéit bereet ass, e Schrëtt an déi Richtung matzegoen, sinn ech och bereet, e Schrëtt ze maachen, fir net géint de Budget ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Nolauschterer, ech probéiere mech e bësse méi kuerz ze faassen, well wann ech bedenken, dass nach siwe Leit no mir schwätzen, wëll ech guer net ausrechnen, wéi deen Dag hei nach weider verleeft.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Madamm Pregno. Ech soen Iech just, am Gemengerot sinn 30 Minutte fir d'Fraktiounssprriecher virgesinn. Ech hu kee Mënsch ënnerbrach. An herno aacht Minutte fir all Conseiller.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Aacht Minutten ass perfekt. Vu dass meng aacht Minutte jo da lafen, profitéieren ech dovunner fir direkt unzefänken. Wann ech mer de Budget ukucken, fannen ech déi grouss Linne vum Koalitiounsprogramm zréck. An ech fannen och déi nei Ligne de conduite e bësse vun deem Wiessel elo mat eiser Buergermeeschtesch do erëm. Ech gesi plazeweis, dass vill Vitesse erausgeholl ginn ass. Dat begréissen ech immens. Ech denken, dass mer net ze vill gurmangseg solle sinn a virun allem déi Saachen, déi mer maachen, solle gutt maachen.

Den Här Schwachtgen hat et virdru scho gesot, mir stëmmen dëse Budget als gréng Fraktioun. Eng gréng Fraktioun, wou ech drop opmierksam maachen a wat mech ganz stolz mécht, mir sëtzen zu véier Fraen hei: dräi Conseillèren, eng Buergermeeschtesch. Fannen ech ganz flott. Paritéit, Gläichberechtegung, wat awer dobaussen um Terrain nach ëmmer en Theema ass. En Theema, wat vun eisem Service à l'Égalité des chances ëmmer weider opgegraff gëtt. Et gëtt e Männerdag, e Fraendag, d'Orange Week respektiv de Girls a Boys Day, déi weiderhin am Budget ze fanne sinn an déi mir begréissen.

Gläichberechtegung heescht weider Progrèse maachen am Beräich vum Handicap, fir déi manner mobil Leit. Do fanne mer d'Course, zum Beispill den iRun dran erëm. Awer och aner Saachen, wou ëmmer weider vill dru geschafft gëtt.

Gläichberechtegung ass och Integratioun. Integratioun vu ville verschiddenen Nationalitéiten, déi mir hei zu Déifferdeng hunn. Et ass vum Multikulti scho geschwat ginn. De Multikulti, deen ëmmer weider ausgebaut gëtt. Wat u sech ganz vill Uklang fënnt, wou sech déi vill verschidden Natiounen erëmfannen, wou ee sech ka besser kennléieren an net just zesummen iessen. Mee zesummen iessen ass natierlech och eppes deelen an eppes Neits kennléieren.

Integratioun vu verschiddene Veräiner, vu verschiddenen ASBLen, deenen op d'Been hëllefen. Dee ganze Champ d'action vum Wok, denken ech, ass im-

*pas les excès de zèle dans un projet qui n'est pas abandonné, mais juste repoussé.*
*Gary Diderich ne pourra pas approuver le budget à cause d'anciennes privatisations à long terme, de la politique sécuritaire, du manque d'investissements dans le logement et de la politique fiscale. Il rappelle qu'il a introduit une motion pour l'investissement d'un million d'euros du fonds de réserve dans le logement. Si la majorité fait un pas en direction de cette demande, Gary Diderich ne votera pas contre le budget.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *essaiera d'être brève, car sept personnes doivent encore prendre la parole après elle.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que les porte-paroles des fractions ont trente minutes et les autres conseillers communaux huit minutes. Cependant, elle n'a interrompu personne.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que huit minutes lui suffisent. Dans le budget, elle retrouve les grandes lignes du programme de coalition, mais aussi les nouvelles lignes introduites par la bourgmestre. Certains projets avancent moins vite, car il ne s'agit pas d'être gourmands, mais de bien faire les choses.*
*Comme l'a dit monsieur Schwachtgen, les écologistes approuveront le budget. Laura Pregno se dit fière d'appartenir à une fraction comprenant quatre femmes. La parité et l'égalité des chances sont aussi importantes sur le terrain. Le service à l'égalité des chances organise une Journée des hommes, une Journée des femmes, l'« Orange Week », le « Girls' and Boys' Day »…*
*Des progrès restent à faire en matière de handicap. Laura Pregno mentionne l'iRun.*
*En matière d'intégration, il faut tenir compte des nombreuses nationalités cohabitant à Differdange. Le festival multiculturel sera développé. C'est le point de rencontre de nombreuses nations.*
*Le wok aide les associations faisant la promotion de l'intégration. Son travail est extrêmement important.*

*L'équipe réalise un travail extraordinaire. Laura Pregno profite de l'occasion pour remercier monsieur Aguiar, qui vient de reprendre ce ressort.*
*Pour ce qui est de l'école, l'accent est mis sur quelques grands projets, dont la rénovation du Bock. Il était temps que celui-ci soit modernisé.*
*L'école de quartier du Mathendahl et sa maison relais seront soulagées. En attendant, l'école de la rue Saint-Pierre sera agrandie, ce qui améliorera la situation des plus petits. Actuellement, ils doivent utiliser les locaux de la maison relais.*
*Les séjours de trois ou cinq jours sont préservés. C'est un atout pour les élèves de Differdange.*
*Laura Pregno mentionne ensuite l'école créative, le jardin scolaire et l'école Nature.*
*Elle remercie le service scolaire, les maisons relais, les cantines et tous ceux qui participent à l'organisation du quotidien scolaire.*
*La coopération entre l'école et la maison relais sera renforcée. Cela doit devenir une normalité. Sur le terrain, ce n'est pas évident, mais madame Brassel-Rausch poursuit le travail.*
*Le système de buffet sera introduit à Differdange-centre, ce qui est une bonne chose. Manger à la cantine doit être un moment agréable.*
*En matière de jeunesse, les écologistes saluent la création de logements pour jeunes. Une partie est réservée aux jeunes differdangeois. Cela permettra de prendre en charge certaines situations difficiles.*
*La création du service enfance et jeunesse est une bonne chose. Un appel à candidatures a été lancé. Il s'agira d'un travail difficile parce qu'il faudra fonder le service et réaliser un travail de coordination des nombreuses activités pour les enfants et les jeunes existant déjà à Differdange.*
*Le moment est peut-être venu de rédiger un plan communal de la jeunesse. Mettre ces informations sur le papier les rendra plus concrètes aux yeux de certains. La Ville de Differdange fait déjà beaucoup pour les jeunes. Un coordinateur constituera la cerise sur le gâteau pour une commune aussi grande.*

mens wichteg, dass mir dee bäibehalen an dee weider ënnerstëtzen. Do mécht déi ganz Ekipp eng super Aarbecht. Ech kann do dem Här Aguiar als Gemengeconseiller respektiv mäi Remplaçant Merci soen, dass hien déi Ressorten esou aus dem Stegreif dann elo nach iwwerholl huet.

Wann ech soen zrécksetzen, Loft eraushuelen, da gesinn ech dat och am Schoulberäich. Do gëtt den Accent gesat op e puer verschidde grouss Projeten. Ënner anerem op d'Renovatioun vum Bock. Wou mer wierklech immens frou sinn, dass dat endlech an Ugrëff geholl gëtt an do elo wierklech konkreet dru geschafft gëtt, fir déi Schoul op deen neiste Standard ze setzen.

D'Quartiersschoul Mathendahl, zesumme mat der Maison relais, ginn doduerch konkreet entlaascht an, le moment venu, den Zentrum vun Nidderkuer. En attendant ass ze begréissen, dass d'Rue St. Pierre ausgebaut gëtt. Wou virun allem d'Verbesserung vun der Situatioun fir déi kleng Kanner ervirzehiewen ass. Wat wierklech net méi ganz flott war, wann ee bedenkt, wéi déi ëmmer mussen op d'Maison relais, op d'Haus Ierpeldeng zréckgräifen.

Am Schoulberäich kann een ervirhiewen, dass d'Sejouren ëmmer nach aktuell bleiwen. Mir hu ganz vill Klassen, déi weider fortginn. Déi Formule dräi oder fënnef Deeg fënnt weiderhi vill Uklang. Do kann ee soen, dass dat e groussen Atout ass fir eis Déifferdenger Kanner.

Ervirzehiewe si Projete wéi d'Kreativschoul, déi elo an d'Round two geet, de Schoulgaart, deen ëmmer méi, oder op méi Plazen, Realitéit gëtt an eis Naturschoul, déi ee weiderhin am Budget erëmfënnt.

Et ass de Moment, fir dem Schoulservice Merci ze soen. Merci un d'Personal aus de Schoulen. Natierlech och un eis Maison-relaisen, un d'Kichen an all déi Leit, déi zum Schoulalldag bäidroen.

Mir gesinn am Budget, dass weiderhin d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison relais soll gefërdert ginn. Dat ass nach ëmmer net Alldag. Mir mussen do weiderhin investéieren, dass dat wierklech Alldag gëtt. A weider gutt Initiativen an e gudde Savoir-vivre erabréngen. Dat ass net evident um Terrain. Mee ech mengen d'Madamm Rausch ass do och weiderhin un der Aarbecht.

Ech hu gesinn, dass de Buffet-System am Déifferdenger Zentrum endlech drasteet. Do gëtt d'Iesssituatioun vun de Kanner däitlech verbessert. Do geet et einfach drëms, d'Iesssituatioun an den Haiser, an der Maison relais Déifferdeng-Zentrum, ze clarifiéieren an dorausser e méi flotte Moment ze maache wéi dat, wat bis elo u sech de Fall war.

Zum Ressort Jeunesse, wou déi gréng begréissen, dass déi Logementer fir déi Jugendlecher endlech konkreet ginn. Mir begréissen dat. Dat ass wichteg. An et ass virun allem wichteg, dass do och eng ganz Rei Logementer fir d'Déifferdenger Jonker reservéiert ginn. Mir wëssen et, et ass e grousse Problem. D'Aarbecht respektiv d'Wunnen ass definitiv net gekläert an net evident fir vill Jonker hei zu Déifferdeng. Ech denken, dass mer domat der Prise en charge vu schwierege Situatiounen e Stéck méi no kommen.

An deem Kader begréisse mer, dass de Service Enfance et Jeunesse gegrënnt ginn ass. An dass d'Plaz ausgeschriwwen ass fir eng Persoun, déi dee Service elo emol besetze soll. Ech denken, dass dat eng flott Plaz ass, awer eng ganz schwiereg. Well et geet drëms, dass een dee Service emol grënnt an op d'Bee setzt a Koordinatiounsaarbecht mécht. Fir déi vill Zännrieder, déi mer fir d'Jugend a fir d'Kanner hei zu Déifferdeng hunn, all zesummenzesetzen. An un deene richtegen Zännrieder ze dréien.

Et ass vläicht de Moment, fir e Jugendkommunalplang ze schreiwen. E Jugendkommunalplang, dee warscheinlech dat op Pabeier bréngt, wat mer schonn immens vill hei hunn. An dat da vläicht fir vill Leit méi konkreet mécht, wat dann do ass, wann een dat da brauch fir nozeliesen. Ech denken awer, dass mer zu Déifferdeng scho ganz vill hu fir eis Jugend an deementspriechend dee Coordinateur dann d'Kiischt um Kuch ass fir esou eng grouss Gemeng, wéi mir et sinn.

Domadder schléissen ech of an ech soe villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Pregno. Dir hutt Iech un d'Zäit gehalen. Tipptopp. Da géif ech elo dem Här Altmeisch d'Wuert ginn.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- a Schäfferot, ech wäert mech dann och kuerz halen, vu dass d'Zäit tickt an ech dem Kolleeg, deen niewent mer sëtzt, déi Zäit da kann oftrieden, wann dat méiglech ass.

A Relatioun mam Budget 2020 hunn ech mech prioritär mat zwee Secteuren ofginn, der Sécherheet an der Mobilitéit. Sech sécher fillen a senger Gemeng steigert d'Liewensqualitéit. D'LSAP begréisst d'Zesummenaarbecht vun der Gemeng an dem Staat mam Bau vun eisem Kommissariat an hofft, dass dëse wichtege Projet schnell virugeet, zum Wuel vun eise Bierger an de Beamte vun eiser lokaler Police.

Sécherheet garantéieren a verbesseren ass eng wichteg Aufgab fir d'Politik an Zesummenaarbecht mat der regionaler a lokaler Police. E gutt Aarbechtsklima ass d'Basis vun enger gudder Aarbecht.

Am Gemengerot krute mer matgedeelt, dass sech d'Klima tëschent Police a Majoritéitsparteie verbessert hätt. D'LSAP begréisst dës Verbesserung. Bleift awer entsat iwwert den Zoustand, dass d'Klima virdrun net esou gutt war. Soss wär eng Verbesserung jo net méiglech gewiescht. Schlecht Klima tëschent Politik a Police geet op d'Käschte vun der Sécherheet vun eisen Awunner. Dat däerft net sinn.

E weidert Element, wat zur Sécherheet féiert, ass de Comité de prévention, zesummegesat aus Vertrieder vun der regionaler Policedirektioun, der lokaler Police an de Membere vum Schäfferot. Si treffe sech dräi- bis véiermol d'Joer, respektiv wann d'Situatioun et erfuerdert.

Eng Analys vun der Vergaangenheet, Perspektive fir d'Zukunft a Verbesserungsvirschléi gi gemaach. Mëtt 2019 hat ech gefrot, fir Member an dësem Kommitee ze ginn. Vue meng Beruffserfarung war ech der Meenung, dass ech net dee falsche Member wier. Leider krut ech vum Schäfferot matgedeelt, dass e Member vun der Oppositioun an deem Gremium net erwënscht wier. Schued. D'LSAP ass der Meenung, dass all Bäitrag zur Sécherheet wëllkomm ass an net duerch d'Politik däerf gebremst ginn.

Am Budget 2019 waren 150.000 Euro virgesinn, fir Iwwerwaachungskameraen an eng besser Beliichtung am Zentrum vun Déifferdeng ze installéieren. Eng gutt Initiativ, fir d'Sécherheetsgefill ronderëm eise Park ze stäerken. Leider, ee Joer méi spéit, stelle mer fest, dass nach keng Kamera aktiv ass. Och war virgesinn, de Lift um Parking Contournement a Richtung Zentrum ze reparéieren.

**ENG STËMM:**

Dat ass geschitt.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eng Reparatur, déi Leit mat enger reduzéierter Mobilitéit an eeler Leit besonnesch gefreet hätt. Déi géi Ramp ass geféierlech. Eng Realisatioun, déi och bis elo op sech waarde léisst.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee, dat ass awer scho geschitt.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Weider 150.000 Euro sinn 2020 virgesinn, fir dass de Projet sou schnell wéi méiglech realiséiert gëtt. Mir géife begréissen, wann dee Projet wierklech Stullgank géif kréien.

Vu Juli bis Dezember 2019, also sechs Méint, waren zwee Sécherheetsleit vun enger privater Firma an eiser Gemeng engagéiert. Eng Ausgab, laut Budget, vu 85.000 Euro, laut Firmekontrakt 60.000 Euro. Wéi ass déi Differenz ze erklären? Am Budget 2020 klëmmt dës Ausgab souguer op 220.000 Euro. Eng Hausse, déi mir och net richteg verstinn.

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que madame Pregno a respecté le temps imparti. Il cède la parole à monsieur Altmeisch.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *essaiera de se montrer bref à son tour, car le temps passe.*
*Il va aborder les thèmes de la sécurité et de la mobilité. Le sentiment de sécurité améliore la qualité de vie. Le LSAP salue la construction du commissariat en partenariat avec l'État et espère que ce projet avancera vite. Garantir la sécurité est une des missions de la politique et de la police locale. Il faut veiller à de bonnes conditions de travail.*
*Apparemment, les relations entre la police et la majorité se sont améliorées. Les socialistes s'en réjouissent, mais regrettent qu'avant, le climat n'ait pas été bon. De mauvaises relations avec la police se font au détriment de la sécurité.*
*Le comité de prévention se compose de représentants de la police régionale, de la police locale et de membres du collège échevinal. Il siège trois à quatre fois par an pour analyser le passé et faire des propositions pour l'avenir. Mi-2019, Guy Altmeisch a demandé à intégrer ce comité, mais le collège échevinal lui a répondu que les membres de l'opposition n'étaient pas les bienvenus. Dommage.*
*Le budget 2019 prévoyait 150 000 € pour des caméras de surveillance et un meilleur éclairage dans le centre. Un an plus tard, il n'y a toujours pas de caméras.*
*L'ascenseur du parking du contournement devait être réparé.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch maintient que cette réparation aurait réjoui les personnes à mobilité réduite.*

**TOM ULVELING (CSV)** *proteste. Ces travaux ont été réalisés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que le budget 2020 prévoit 150 000 €. Il espère que cette fois-ci les choses bougeront.*
*Deux sociétés de sécurité ont travaillé pour la commune de juillet à décembre 2019 pour quatre-vingt-cinq-mille euros au lieu des*

*soixante-mille euros prévus. Comment s'explique cette hausse ?*
*Deux agents de sécurité effectuent des patrouilles tous les jours dans le centre. Mais ces agents ont moins de compétences que les agents municipaux. Les socialistes pensent qu'il faudrait recruter deux agents municipaux supplémentaires. Cela diminuerait les bénéfices de la société de sécurité, mais serait à l'avantage des habitants.*
*En ce qui concerne la mobilité, Guy Altmeisch n'a pas besoin d'expliquer que la situation sur les routes est mauvaise. Le réseau routier n'est pas prévu pour 27 000 personnes. Un élargissement n'est que partiellement possible.*
*Parmi les mesures positives figurent des pistes cyclables sures, les transports en commun gratuits, de nouveaux trajets pour le Diffbus, la suppression du PN 15… Malheureusement, le budget 2020 ne tient pas compte de certaines situations dangereuses. C'en est incroyable. De nombreux passages pour piétons ne sont par exemple pas illuminés. Certains se trouvent sur le chemin de l'école.*
*La plupart des piétons sont renversés sur des passages pour piétons. Il est temps d'arrêter le bricolage. Un assainissement global de l'éclairage est nécessaire.*
*Les parcs de stationnement doivent figurer dans le règlement de circulation. Autrement, les places réservées aux personnes à mobilité réduite n'ont aucune valeur.*
*Guy Altmeisch mentionne ensuite plusieurs sites devant être améliorés. Les habitants réclament des emplacements dans leurs quartiers. La collaboration entre le collège échevinal et la commission de la circulation doit être renforcée.*
*En tant que bénévole actif dans le football, Guy Altmeisch connait les problèmes des clubs sportifs. La commune doit soutenir les bénévoles. Face à l'accroissement de la population, les subventions doivent être adaptées. Chaque enfant a le droit de faire du sport.*
*Guy Altmeisch espère obtenir un rendez-vous rapidement avec l'échevin au sport. En attendant, il mentionne quelques problèmes : le transport des enfants, l'utilisation du plastique…*

Zwee Sécherheetsleit maachen all Dag wärend fënnef Stonne Fousspatrullen am Zentrum, bei Schoulen a Spillplazen. Mir musse wëssen, dass déi Beamten e manner grousse Kompetenzberäich hu wéi eis Agents municipaux. Déi sinn net vereedegt, kennen d'Gemeng an eis Awunner net, ginn oft ausgetosch a schwätze majoritär Franséisch. Wat kee Virdeel fir eis eeler Matbewunner ass.

D'LSAP bleift der Meenung, dass zwee weider Agents municipaux déi richteg Iwwerleeung wier. Déi Leit bréngen eis méi Stonnen um Terrain, eise Bierger méi Flexibilitéit vun der Aarbechtszäit an den Asazplazen. Dëse Virschlag bréngt den Déifferdenger Leit an der aktueller Sécherheetssituatioun vill méi a schaaft zwou nei Aarbechtsplazen, dréckt awer leider de Benefice vun der Sécherheetsfirma.

Ech géif dann op d'Theema Mobilitéit iwwergoen. Ech brauch kengem hei am Sall Beweiser ze liwweren, wéi düster et op eise Stroossen ausgesäit. Eist Stroossennetz ass net geduecht fir iwwer 27.000 Leit. En Ausbau ass limitéiert méiglech. Well dat Ganzt staut respektiv fänkt un ze kollabéieren.

Vill Geld an Zäit ginn an d'Verbesserung vun eiser Mobilitéit gestach: nei a sécher Vëlosweeër, gratis ëffentlechen Transport ab Mäerz 2020, Iwwerschaffung vum Trajet Diffbus. Och de Projet Ofschafe vum PN15 an der Avenue Charlotte geet virun. Moossnamen, déi d'LSAP begréisst.

Leider stellt d'LSAP Déifferdeng fest, datt bei der Opdeelung vun de Gelder am Budget 2020 verschidde geféierlech Situatioune vergiess gi sinn. Et ass bal net ze gleewen. Säit Joren hu mir an eiser Gemeng eng onmoosseg Zebrasträifen, déi guer net beliicht sinn, vill ze schlecht beliicht sinn oder net iwwersiichtlech sinn.

D'Schoulkanner, déi de séchere Schoulwee benotzen, déi zu Fouss, oft an der Däischtert, an d'Schoul ginn, mussen op Zebrasträifen zréckgräifen, déi net beliicht sinn. An dee Wee ass als séchere Schoulwee gezeechent.

Mir musse wëssen, dass déi meescht Foussgänger op engem Zebrasträifen ugestouss ginn. Et geet duer mam Bastelen a Flécken. D'Zäit ass komm fir eng global Sanéierung vun dëser Beliichtung. Am Allgemenge misst eis ëffentlech Beliichtung analyséiert ginn, däischter Stroossen a Plaze mussen der Vergaangenheet ugehéieren.

Eng weider Fuerderung mat Baart ass d'Integratioun vun eise Parkhaiser am Verkéiersreglement. Ouni dës Mesurë si Reservatioune fir Leit mat enger Mobilité réduite näischt wäert a ginn net respektéiert. Rondpoint Nidderkuer, Kräizung CID, Kräizung Berto hunn och eng Verbesserung verdéngt. Parkplazen an de Wunnquartiere si vu ville Bierger, erwënscht. D'Zesummenaarbecht vu Schäfferot a Mobilitéitskommissioun kann och verbessert ginn. Do ass nach Plaz no uewen. Informatiounen an Transparenz gesinn ech net als politesch Gefor.

Ech kann net ofschléissen, ouni eng Lanz fir eis Sportsveräiner gebrach ze hunn. Als Benevol am Fussball kennen ech d'Problemer vum Alldag. D'Schwieregkeeten, fir d'Leit zum Benevolat ze beweegen, si bekannt a sichen nach no Léisungen. Kommt, mir loossen déi puer optimistesch Benevollen net versaueren. D'Politik muss spontan an onproblematesch, zum Wuel vun eise Kanner, am Sport reagéieren. D'Populatioun wiisst. D'Politik muss d'Ënnerstëtzung finanziell a materiell vun de Veräiner upassen. All Kand huet Recht op Sport.

Akut Problemer – ech zitéiere just d'Iwwerschrëften an hoffen, mat engem Rendez-vous, deen ech sou schnell wéi méiglech kréie mat deem zoustännege Sportschäffen, datt ech am Detail drop agoe kann. Ech zitéieren Iech just d'Iwwerschrëften: „Problemer besti beim Transport vun de Kanner op Trainingen". „Hunn en Dossier kritt, fir de Plastik ze reduzéieren op de Stadien an op den Trainingen. Wat eng gutt Saach ass. Mee, leider ass se momentan net praxisno an ass net ëmsetzbar fir d'Veräiner". D'Detailer erklären ech mam Responsabelen.

D'Renovatioun Thillebierg, eng positiv Saach. Ech hoffe just, dass beim Avant-Projet d'Veräinsleit, mat hirer Erfarung an hire Meenungen, mat integréiert ginn, fir Feeler, wéi se an der Vergaangenheet geschitt sinn, ze vermeiden.

Dëse Site muss honnert Prozent dem Sport gehéieren. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dann hätt d'Madamm Richartz d'Wuert. Merci, Här Altmeisch.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Hären …

(Interruptioun)

Jo, et geet. Ech wäert och séier färdeg sinn. Ech hunn nëmmen aacht Punkten a keng Stëmm. Ech wëll ee Punkt direkt uschwätzen, dat ass, dass eis Mobilitéitspolitik net géint den Auto ass. Wat ëmmer ganz oft esou duergestallt gëtt. Nee. Mir mussen zesummen dru schaffen. Nëmmen zesumme kritt een e Resultat.

Da kommen ech op de PN15, d'Barriär. Do lafe Gespréicher mat der Proprietärin. Mir fannen dat eng gutt Saach, dass déi Barriär ewechkënnt. An déi soll och ewechkommen.

D'Rue Emile Mark gëtt reamenagéiert. Héchstwarscheinlech eng Berouegung. An zu Nidderkuer gëtt de Rondpoint duerch eng Kräizung mat Luuchten ersat. Déi sollen déi vill Staue verhënneren, déi wärend der Schoulzäit do entstinn, well jiddereen eenzel iwwert d'Strooss geet. Mat Luuchte kéint dat gereegelt ginn.

Am Haneboesch kënnt e Parking fir 300 Autoen. E Parking payant fir jiddereen.

D'Parkhaus Entrée en ville op Arcelor-Terrain, do lafen nach Gespréicher.

(Interruptioun, Gelaachs)

Do kënnt e Parkhaus fir dausend Autoen, wéi mir fannen, op enger idealer Plaz. Dee Parking ka spéider benotzt gi vun de Professeren aus dem Lycée, dem Personal aus dem Auchan an duerno jo och fir d'Police, déi dohinner wäert kommen. A virun allem och fir d'Visiteuren, d'Besicher vum Science Center. Dee Parking soll fir 2022 fäerdeg sinn.

Zum Diffbus. Vu dass den Transport vum TICE an RGTR vum Mäerz un 2020 gratis ass, fiert eisen Diffbus nei Routen, een neie Circuit a wäert nei Arrêten ufueren, déi jeeweils op d'Horairë vum TICE an dem RGTR ugepasst ginn. Mir fannen dat eng ganz gutt Saach.

Déifferdeng huet bis elo zwou RTGR-Linnen a wäert der zwou dobäi kréien, déi – wat ganz nei ass – och wäerte sonndes fueren.

Zu eise Vëlosstatiounen, déi e grousse Succès verzeechnen. Mir hunn der 20 fir de Moment, an et wäerten der siwen derbäi kommen. Och kafe mer 28 Elektrovëloen. Soudass mer no an no nëmmen nach Elektrovëloe wäerten hunn.

Op den 1.1.2020 musse mer eis Horodateuren op EU-Norm upassen. Dat heescht nouvelle Norme bancaire mat engem Lecteur sans contact.

Wéi all meng Virriedner, wëll ech och all deene Leit Merci soen, déi un dësem Budget geschafft hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Richartz. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen a Monsieur, zum Budget rectifié 2019 mat engem bis elo viraussiichtleche Boni net vu 7.341.009 Euro an dem Budget fir den Exercice 2020, mat engem Boni net vun 850.932 Euro, zeechent sech d'Finanzlag, insgesamt, an der Gemeng positiv aus.

E Budget mat villen Akzenter an de Beräicher Wunnengsbau, Schoulen, Sportinfrastrukturen a Mobilitéit, wann ech elo näischt vergiess hunn. Dat ass awer net alles zum Nulltarif ze kréien. Och dëse Budget ass e Compromis tëschent deem, wat ze realiséieren ass, an dem Wënschenswäerten.

Fir 2020 sinn am Extraordinären 125,8 Milliounen Euro virgesinn, fir d'Evolu-

*Pour ce qui est de la rénovation du Thillenberg, Guy Altmeisch espère que les membres du club seront contactés.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *signale que la politique de la mobilité n'est pas une politique contre la voiture. Les résultats s'obtiennent ensemble.*
*Des négociations sont en cours avec une propriétaire de terrain dans le cadre de la suppression du PN 15.*
*La rue Émile-Mark sera réaménagée. À Niederkorn, le rondpoint sera remplacé par un croisement pour limiter les embouteillages à la sortie de l'école.*
*Un parking dans le Haneboesch pourra accueillir 300 voitures.*
*Des négociations sont en cours concernant le parking de l'entrée en ville sur un terrain d'Arcelor. Il pourra accueillir mille voitures. Les enseignants du lycée, le personnel d'Auchan, les visiteurs du Science Center et la police pourront en profiter. Le parking sera terminé en 2022.*
*Les transports en commun devenant gratuits à partir de mars 2020, les trajets du Diffbus seront repensés.*
*Deux nouvelles lignes de RGTR passeront par Differdange.*
*Sept stations de vélos viendront s'ajouter aux vingt déjà existantes.*
*La commune achètera 28 vélos électriques.*
*Les horodateurs doivent être adaptés à la norme européenne à partir du 1er janvier 2020.*
*Yvonne Richartz-Nilles remercie tous ceux qui ont élaboré le budget.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que le budget rectifié 2019 s'achève sur un boni net de 7 341 009 €. Le boni 2020 est fixé à 850 932 €.*
*Le budget met l'accent sur le logement, les écoles, le sport et la mobilité. Mais le tout ne peut pas être réalisé sans compromis entre ce qui est nécessaire et ce qui est souhaité.*
*Les dépenses extraordinaires prévues pour 2020 sont fixées à 125,8 millions d'euros. Parmi les postes importants figure la création de logements sociaux et abordables.*
*La commune ne devra pas contracter d'emprunt en 2020. L'endette-*

*ment passera de 78 millions d'euros à 56 millions d'euros compte tenu des 18 millions d'euros que l'État remboursera pour le préfinancement de l'école internationale. La dette par tête d'habitant passe à 2023 €.*
*La commune préfinancera le commissariat de police. Lorsque la structure sera construite, l'État remboursera les frais pour un total de 19 386 000 €.*
*Un million d'euros sont destinés à l'agrandissement, la modernisation et la mise en conformité de la mairie. Ce sera l'occasion de regrouper les services de l'office social. Les démocrates proposent une telle maison sociale depuis quelques années.*
*Les frais de personnel augmentent de 3 millions d'euros et passent à 46,8 millions d'euros. Il s'agit de 50,46 % des dépenses ordinaires, ce qui est acceptable.*
*Christiane Saeul remercie tous ceux qui ont élaboré le budget.*
*Le logement au Luxembourg coute cher et engloutit une bonne partie des salaires. Une bonne situation financière permet à la commune de chercher des solutions. Christiane Saeul mentionne le Mathendahl, la cité Lauterbann et la Cité O ainsi que le projet Gravity composé de 2 bâtiments de 16 et 20 étages. La commune y achètera 20 appartements pour 21,4 millions d'euros. Vingt-six appartements sont réservés pour les séniors. 70 % des appartements sont destinés à la location et 30 % à la vente. Ils seront subventionnés par l'État. La Ville de Differdange est donc en avance sur le Pacte logement 2.0.*
*Christiane Saeul rappelle dans ce contexte que construire des logements ne fait pas partie des missions d'une commune, même si celle-ci a un rôle à jouer. C'est pourquoi les démocrates proposent de s'adresser à un conseiller.*
*Pour le reste, Christiane Saeul s'associe aux propos de monsieur Meisch. Elle espère que leurs réflexions seront suivies.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *revient sur le sport et notamment le football. Il faut trouver une solution pour le terrain du CSO au Woiwer. Le club aura besoin d'un terrain de*

tioun vun der Stad Déifferdeng. Ee gréissere Posten ass wuel d'Schafe vu sozialem a bezuelbarem Wunnraum.

2020 brauch kee Kredit opgeholl ze ginn. Au contraire. De Solde vun den Emprunte wäert fale vun 78 Milliounen Euro op 56 Milliounen Euro, vu dass de Staat eis déi 18 Milliounen Euro zréckbezilt vum Finanzement vun der provisorescher internationaler Schoul. Automatesch geet dann och d'Pro-Kapp-Verschëldung erof, op 2.023 Euro. Bei enger Estimatioun vun 28.000 Awunner am Joer 2020.

D'Gemeng iwwerhëlt d'Virfinanzéierung vum neie Policegebai um Parking Contournement. Dëst ass, zäitlech gesinn, méi positiv. Emol fäerdeg gebaut, bezilt de Staat och dëse Finanzement integral zréck. Prefinanzement: 2.500.000 Euro. Total, opgeronnt: 19.386.000 Euro.

De Budget gesäit d'Progressioun fir d'Zukunft vun der Stad vir. An den extraordinären Ausgaben ass eng Millioun Euro virgesi fir den Ausbau plus Annex, d'Modernisatioun an d'Mise en conformité vum Gemengenhaus. Eng Geleeënheet fir déi ganz Servicer vum Office social ze regruppéieren. Dëse kéim dann erop an déi nei Annex, en principe. D'DP huet schonns virun e puer Joren esou eng Maison sociale proposéiert.

An den uerdentlechen Ausgabe sinn dräi Millioune méi u Frais de personnel virgesinn. Dësen Invest ass néideg, fir op der Héicht vun der permanenter Entwécklung ze bleiwen. D'Dépenses salaires leien am Moment bei 46,8 Milliounen Euro. Dat ass 50,46 % vun den uerdentlechen Ausgaben an esou okay.

Ech erlabe mer, all de Persoune Merci ze soen, déi un dësem Budget rectifié a Budget 2020 geschafft hunn.

Et ass kee Geheimnis, dass d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg e groussen Deel vum Akommes verschléngt. Eng gutt finanziell Lag erméiglecht gréisser an/oder méi Projeten unzegoen, wéi d'Logementsproblematik, a Léisungen ze fannen. Mat neie Lotissementer, wéi Mathendahl, Cité Lauterbänn, e Projet vun der Société Nationale d'Habitations à Bon Marché a Cité O. Dee gréisste Projet, deen an der Gemeng usteet, ass de Gravity Tower um Plateau Funiculaire. Zwee Gebaier, mat eemol 16 an eemol 20 Stäck. Et deet mer zwar leed ëm meng Vue, déi ech op Zolwer hat.

Do entstinn 80 Wunnengen, déi d'Gemeng keeft fir 21,4 Milliounen Euro. En héije Posten an den Depensen. Déi d'Gemeng zu sozial ugepassten a bezuelbare Präisser, soit verlount oder zum Verkaf fräi gëtt. 26 Wunnenge si reservéiert fir Senioren. Et héiert een eigentlech näischt méi vun de Seniorewunnengen, déi op der Place des Alliés um Fousbann amgaang si gebaut ze ginn.

Bei 70 % verlounen an 30 % Revente géif dëse Projet vum Staat subventionéiert ginn. Heimadder si mer als Gemeng scho Virreider am neie Pacte Logement 2.0. En neie Pacte fir méi bezuelbare Wunnraum ab Januar 2021. Dee virgesäit, datt d'Gemengen, vun 2021 un, méi eng wichteg Roll am Logement iwwerhuelen.

Okay. Wann d'Gemeng e wichtegen Acteur am Wunnengsbau gëtt, sollte mer net vergiessen, dass de Wunnengsbau – ech betoune Wunnengsbau – net zu den obligatoresche Flichte vun der Gemeng gehéiert. D'DP proposéiert dofir, dass d'Gemengen e Beroder kréien, mat dem Know-how an der Matière.

Zu deenen aneren, scho gesote Punkten, schléissen ech mech der Argumentatioun an de Wierder vu mengem Virriedner, dem Här Fränz Meisch, un a géif mer wënschen, dass eis Objektiounen a Reflektiounen eng Suite fannen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech hu mer de Sport an d'Kultur erausgesicht. Déi grouss Punkten am Sport dréie sech vill ëm de Fussball. Fir den Terrain vum CSO Woiwer muss eng Léisung fonnt ginn. En Ersatz-Terrain muss natierlech och fonnt ginn. An ech erwaarde mer e Fair Play vun deenen anere Clibb. Deen Terrain ass natier-

lech och net onofhängeg vum Projet Liichtathletikstadion.

Ech ginn elo net méi op déi aner Saachen an. Ech hu gesot kritt, dass mer eis solle méi kuerz halen, wéi ech geduecht hat. Ech wollt awer soen, dass et fir mech ganz wichteg ass, dass esou Courssen, wéi zum Beispill de Steel-Run, den iRun, de Green Run, weider organiséiert ginn. Well dat Fester sinn, déi d'Leit motivéieren ze trainéieren a schonn am Virfeld eppes fir hir Gesondheet ze maachen.

Ech wëll dem Service des sports felicitéiere fir hir gutt Aarbecht, déi se maachen. Si hunn e ganz variéierte Programm, dee se am Kader vum Breedesport zesummegesat hunn. Dee se d'ganzt Joer iwwer maachen, andeems se Sport-Loisirs-Course ginn. Awer och fir déi Aktivitéiten, déi se am Summer organiséieren, am Fräien.

Ech kann novollzéien, firwat mer elo dee Liichtathletikstadion op null gesat hu fir 2020. Ech regrettéieren dat awer perséinlech. D'Koalitioun steet awer weider hannert dem Liichtathletiksterrain am Kordall. An ech rechnen eiser Buergermeeschtesch et héich un, dass si virsiichteg ass.

Ech wëll awer ënnersträichen, dass och gesot ginn ass, dass dee Club, also d'RBUAP, nach ganz dynamesch ass, och ouni Terrain, wärend zéng Joren. Mee ech mengen, dat soll keen Argument sinn, fir dass se kee kréien.

**ENG STËMM:**

Ganz richteg.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Zum Sport am Allgemenge wollt ech soen – also ech denken elo un den Ausdauersport –, dass deen immens vill positiv Effeten huet. Ech hat gesot, ech géif op Preventioun setzen. Ech wëll dat dofir nach eng Kéier soen. Et gëtt eng besser Konditioun, manner Häerzinfarkter, manner Hiereschléi, manner héije Bluttdrock, manner Diabetis, manner Iwwergewiicht, manner Osteoporos, manner Arthros, manner Wéi, manner Medikamentekonsum, ...

(Interruptioun)

… manner Chutten, manner Perte vun der Autonomie am Alter, an ech mengen, dat ass e ganz wichtege Punkt fir d'Senioren, manner Demenz, méi eng grouss Liewenserwaardung, manner Kriibs – haaptsächlech Daarmkriibs bei deenen zwee Geschlechter –, manner Prostatakriibs, manner Broschtkriibs bei de Fraen, e bessere Schlof an en Effet antidépresseur.

Fir mech ass dat do eppes, wou ee gesäit, dass et hei ëm d'Mobilitéit geet, awer ëm déi Basis-Mobilitéit. An et ass wäitsiichteg eng Preventioun, déi mer net solle vergiessen.

Aner Aspekter vum Sport wëll ech awer och ervirhiewen, an zwar den Ekippegeescht, dass d'Kanner d'Reegele spillend léieren, dass Rivalitéit do ass, awer an engem Kader, dee kloer definéiert ass. Soudass sech Derapagen a Grenzen halen.

Zur Kultur. Kultur ass am Fong geholl eppes, wat de Mënsch selwer ervirbréngt. Dat heescht net de Rescht vun der Natur, mee de Mënsch schafft aktiv drun. Et geet awer net nëmmen ëm d'Iwwerliewen, mee och drëm, wéi ee lieft a wéi ee mat deem Erlieften ëmgeet. Et geet drëm sech kulturell auszedrécken duerch d'Sprooch, duerch Biller, Fotoen, Musek, Danz, Skulpturen, Installatiounen, Theater – dëst si se net all. An dat ass souwuel um individuelle wéi um gesellschaftleche Plang.

Iwwert d'Konscht léisst sech jo bekanntlech streiden. Et ass awer grad um Niveau vun der Konscht interessant ze diskutéieren, sech besser kennenzeléieren a vläicht ze mierken, dass e Friemen oder eise Vis-à-vis vläicht méi Gemeinsamkeete mat eis huet, wéi mer geduecht haten.

Bei der Kultur ass et esou, dass mer oft eréischt mierken, dass mer se zum Iwwerliewe brauchen, wa mer se net méi hunn. Kultur schafe spillt oft eng grouss Roll a schlechten Zäiten. Dozou zielen ech net nëmme Krich, Hongersnout, Naturkatastrophen, Krankheeten, mee och eis Zäit vum Moment, mat enger Gesellschaft, déi vum Konsum dominéiert ass. Kultur ass oft déi eenzeg Waff, déi mer hunn, fir eisem Liewen e Sënn ze ginn.

*remplacement. Nicole Wohl s'attend à du fairplay de la part des autres clubs.*
*Des courses comme le Steel-Run, l'iRun ou le Green Run sont importantes et doivent continuer à être organisées. Elles motivent les gens à s'entrainer et à faire quelque chose pour leur santé.*
*Nicole Wohl félicite le service des sports pour son travail. Il propose notamment des cours de sport-loisir tout au long de l'année et des activités à l'extérieur en été.*
*La conseillère communale comprend pourquoi le projet du stade d'athlétisme a été reporté. Elle respecte la prudence de la bourgmestre. Mais la coalition continue de soutenir ce projet. Le RBUAP reste dynamique même si le club n'a plus de terrain depuis dix ans.*
*Le sport d'endurance a un effet extrêmement positif sur la santé : une meilleure condition physique, moins d'infarctus, moins de diabète, moins d'ostéoporose, moins de douleurs, moins de chutes, une plus grande espérance de vie, moins de cancers de la prostate et du sein… La mobilité de base est un aspect de la prévention qu'il ne faut pas négliger.*
*Mais le sport contribue aussi à développer l'esprit d'équipe. La rivalité existe, mais au sein d'un cadre bien défini, ce qui limite les dérapages.*
*Nicole Wohl passe à la culture. Car il ne s'agit pas seulement de survivre, mais aussi de la façon dont on vit. La culture permet de s'exprimer à travers la langue, les images, les photos, la musique, la danse, les sculptures, les installations, le théâtre… Et ce, à la fois seul ou en compagnie.*
*Les gouts et les couleurs ne se discutent pas. Mais il peut être intéressant de s'échanger avec un étranger et de constater que l'on a plus en commun que ce que l'on croyait.*
*Parfois, on remarque l'importance vitale de la culture lorsqu'on ne l'a plus. Nicole Wohl mentionne les guerres, la famine, les catastrophes naturelles, les maladies… En outre, dans une société dominée par la consommation, la culture est souvent la seule arme pour donner un sens à la vie. C'est pourquoi les*

*jeunes artistes locaux doivent avoir la possibilité de se faire connaitre.*
*Cela a un cout. Le service culturel se compose de 12 personnes : 3 à la réception, 3 au service des fêtes, 3 à la programmation, la communication et la gestion de l'Aalt Stadhaus, trois techniciens et un coordinateur d'Esch 2022.*
*Douze expositions sont prévues pour 2022 — en grande partie au $H_2O$. Nicole Wohl mentionne aussi Konscht am Minett au Hall Paul-Wurth.*
*Le budget pour le symposium de sculptures baisse en 2020, mais augmentera de nouveau en 2021.*
*Les fonds alloués à la programmation de l'Aalt Stadhaus grimpent légèrement, car du théâtre de marionnettes pour adultes y sera organisé une ou deux fois. En contrepartie, la subvention au Poppespënnchen est supprimée.*
*L'essentiel du rire coutera davantage en raison du cachet d'un artiste célèbre.*
*Le projet des tours de refroidissement est reporté à l'année prochaine, car monsieur Alain Welter est malade.*
*Parmi les nouveautés figure le théâtre en plein air avec une représentation de « Déi schwaarz Spann » de Guy Geimer dans la cour de la Miami University.*
*Nicole Wohl passe à un concours de photographie sur Differdange. Les photos serviront à réaliser un livre l'année prochaine.*
*Les écologistes soutiennent les investissements dans la culture. Nicole Wohl remercie à nouveau le service culturel.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que le sport est un de ses dadas. Par le passé, il a aussi été échevin à la circulation.*
*Pour ce qui est du sport, 98 % des projets dont il est question aujourd'hui ont été entamés quand monsieur Muller était échevin. Cependant, les socialistes ne sont pas d'accord avec certaines modifications apportées depuis.*
*Le sport a joué un rôle important dans le développement de Differdange, qui est passée de ville industrielle à ville du savoir et du sport. Le collège échevinal précédent a attiré des gens à Differdange. Avec*

Fir mech ass et och ganz wichteg, dass jonk, lokal Kënschtler d'Geleeënheet kréien, sech ze weisen an der Gemeng.

Dat alles huet natierlech säi Präis. De Service culturel besteet, am Moment, aus zwielef Leit. Dat sinn dräi Leit an der Receptioun – zwee Fulltime, een 3/4 – déi och fir den Hebergement zu Lasauvage an zum Deel fir den H2O matschaffen. Et sinn dräi Leit am Service des festivités, fir alles, wat vu Baler, Fester, Mäert stattfënnt, respektiv fir alles, wat ausserhalb dem Stadhaus stattfënnt. Dräi Leit fir d'Programmatioun, d'Kommunikatioun an d'Gestioun vum Ale Stadhaus. Dräi Techniker fir d'Aalt Stadhaus a fir d'Fester dobaussen. Eng Persoun fir d'Koordinatioun vum Projet Esch 2022.

Fir 2022 sinn zwielef Expoe virgesinn, genau wéi d'lescht Joer. Zum gréissten Deel am H2O. Anerer am Ale Stadhaus. An, wéi all Joer, d'Konscht am Minett am Hall Paul Wurth.

Am Budget sinn e puer Saachen, déi vläicht opfalen, zum Beispill de Symposium vun de Skulpturen. Do ass de Budget erofgesat gi fir d'nächst Joer. Dat ass, well d'nächst Joer kee Symposium ass. Et ass just en Deel agesat fir d'Material virzefinanzéiere fir dat Joer drop. Allerdéngs muss en dann 2021 e gutt Stéck eropgesat ginn.

Wat d'Programmatioun am Stadhaus ubelaangt, deen ass e bëssen eropgaangen. Dat ass doduercher, dass ee- bis zweemol am Joer Poppentheater fir Erwuessener mat drakënnt. An doduercher ass d'Poppespënnchen op null gesat.

Den Essentiell du Rire ass an d'Luucht gaangen, well virgesinn ass, méi e bekannten Artist an den Hall O ze invitéieren. De Projet Killtuerm ass am Rectifié erofgesat wéinst enger Krankheet vum Alain Welter a muss eeben op d'nächst Joer verluecht ginn. Dat ass fir mech e ganz flotte Projet, dee wierklech och e flott Bild vun Déifferdeng ka weisen.

En neie Posten ass de Fräiliichttheater vum Théâtre municipal. Dat Stéck heescht „Déi schwaarz Spann" a gëtt am Haff vun der Miami University opgefouert, ënnert der Regie vum Guy Geimer. Dat ass politesch e ganz interessant Stéck. An ech mengen, dass dat e ganz gudde Plus ass, fir dat do ze maachen.

Dann nach de Fotosconcours, mat Fotoen iwwer Déifferdeng, déi och elo am Budget sinn. Wou d'Leit sech kënnen dru bedeelegen an hir Fotoen erschécken zu verschiddenen Theemen, wéi d'Leit, wéi d'Natur, wéi d'Architektur. A wann een eng aner Iddi huet, däerf en déi natierlech och abréngen.

Do ass virgesinn, dass dat Joer drop e Buch erausbruecht gëtt, wat dann dee Moment eréischt an dee Budget gesat gëtt. Wat ech eng ganz gutt Iddi fannen.

Déi aner Saachen, mengen ech, déi si kloer. Mir ënnerstëtzen op jiddwer Fall, dass Suen an d'Kultur investéiert ginn. Dat erlaabt eis, zesummen ze liewen, zesummen ze kommen, fir net auserneen ze driften. Mir soen dem Service culturel Merci, an hoffen dass e weider kreativ bleift.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ëmmer – Dir kennt mech jo – ass de Sport ee vu mengen Dadaen. Ech war och Responsabel fir de Verkéier. An da wäert ech mol mam Sport ufänken.

Am Virfeld wëll ech soen, datt ech eisen neie Sportschäffen ausse virhuelen. Wann ech kucken, u wat fir enge Projete mer schaffen. Praktesch 98 % vun deenen hei geschwat gëtt am Sport sinn nach Projeten, déi den Här Muller gemaach huet, déi elo an d'Endphas kommen a solle realiséiert ginn. Wou mer awer bei verschiddene Projeten, wou vill dran diskutéiert a vill geännert ginn ass, net mat allem d'accord sinn. Dat wëlle mer awer och kloer soen.

D'LSAP steet fir de Sport hei zu Déifferdeng. Ech soen Iech firwat. De Sport huet eppes fäerdegbruecht hei an eiser Gemeng: Mir waren eng Industriestad a mir sinn eng Wëssens- a Sportsstad

ginn. Mir hu Leit op Déifferdeng gezunn. Dee viregte Schäfferot hat gewisen, mat enormem Courage a Wäitsiicht, wou et sollt higoen.

Et war guer net evident, fir eng LUNEX hei anzeriichten. Eng zoue Schwämm deene Leit ze ginn, an d'Méiglechkeet, eng Universitéit an eiser Stad ze maachen, wou mer schonn eng haten. Wat Déifferdeng no baussen an engem ganz aneren Image ausgesi léisst, wat virdrun net de Fall war.

Ech ka mech erënneren, a keen heibanne weess, wéi soss vun Déifferdeng geschwat ginn ass. Mee ech mengen, datt dat mëttlerweil du passé ass, an datt Déifferdeng mëttlerweil an engem anere Liicht dosteet. Dat war de Courage vum deemolege Schäfferot, deen déi Decisiounen do getraff hat. Wou och deen een oder deen anere geduecht hat, datt dat vläicht net richteg wier. Haut gesäit ee wéi richteg dat war.

Duerfir sinn ech erstaunt, Madamm Buergermeeschter. Ech verstinn Iech net, well de Koalitiounsprogramm, wéi Dir e mat Äre schwaarze Kolleege gemaach hutt, ass jo nach ëmmer dee selwechte bliwwen. De Buergermeeschter huet changéiert. Dann huele mir un, als Oppositioun, datt dat, wat do drasteet och gemaach gëtt.

Zemools deen Asaz esou grouss war fir dee Liichtathletikzenter, deen d'LSAP mat op de Wee bruecht huet, do mat dobäi war. Dat huet näischt mat enger eenzeler Persoun ze dinn. Fir eis ass dee Projet esou wichteg, esou wichteg fir eis Stad, datt dee gemaach gëtt. Well mir schwätzen hei net vun engem regionale Projet. Mir schwätzen hei vun engem nationale Projet. Dat, wat do soll opgeriicht ginn, gëtt et am Land net.

A fir déi Stad, déi mir jo gär hätten – also déi viregt, Dir waart net dobäi, Madamm Buergermeeschter, mee dee viregte Schäfferot wollt aus Déifferdeng déi Stad maache mat Sportsunien. Hei si Leit, déi gefrot haten, wann eis Klinik net méi géif fonctionéieren, fir eng Klinik hinzeriichten, déi an der Medezin, an der Sportsmedezin, doheem wier.

Mengt Der, de LIHPS wier fir näischt hei op Déifferdeng komm, wann dat net geschitt wier, wann dee Courage net do gewiescht wier! Nee, déi wieren net op Déifferdeng komm. Déi wieren iergendwou anescht am Land gaangen. Mee déi wieren net op Déifferdeng komm.

Firwat blockéiere mer eis dann hei elo selwer, andeem mer dee Liichtathletikterrain do, pour des raisons, déi ech net verstinn, net maachen. An Här Ulveling, wann Der hei sot, e Filetsstéck, …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dierf ech just drop äntweren? Ech hunn näischt vun deem gesot, wat Dir elo gesot hutt. Ech hu mir Zäit gebueden …

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo. Äntwert mer duerno, Madamm Buergermeeschter.

E Filetsstéck seet den Här Ulveling, dee mer do géifen ewechginn, fir dann esou e lamentabele Liichtathletikterrain dohinner ze maachen. Mee wat wëllt Der dann dohinner setzen? Wat ass dann e Filetsstéck wäert? Ass dat Wunnengsbau? Wat ass e Filetsstéck wäert?

Fir mech ass näischt méi wäert wéi eng Sportsinfrastruktur, déi dohinner gesat gëtt, fir Sport ze maachen, fir eis Kanner. Dat war e Pilotprojet, wou mir eis deplacéiert hate bei de Ministère, fir déi éischt Schoul – wou de Ministère begeeschtert war, datt mer dat géife maachen am Ënnergrad. Dass mer eng Sportsschoul géifen opriichte fir Kanner bis zéng Joer, déi da scho kéinte Sport maachen, mat engem aneren Horaire mat dran. Dat wier eppes gewiescht, wat Déifferdeng erëm no vir bruecht hätt.

Wann elo eng aner Meenung besteet, ech mengen Dir sidd d'Majoritéit, wann eng aner Meenung besteet, an dass esou eppes dann op d'laang Bänk geschiebt gëtt – ech wëll Iech just soen, well ech et weess, well ech gelaf a gelaf a gelaf sinn, an ech net nëmmen eleng, fir dee Liichtathletikterrain hei op Déifferdeng ze kréien.

Zwanzeg Joer dauert et elo, wou mer am Süden e Liichtathletikterrain si-

*beaucoup de courage et de vision, il a montré la voie. Car il n'était pas évident d'ouvrir une université comme LUNEX dans l'ancienne piscine couverte. Mais cela a amélioré l'image de la ville. Fred Bertinelli se souvient de la façon dont Differdange était perçue. Mais cela appartient au passé. Certains pensaient que ce n'était pas une bonne décision.*
*Fred Bertinelli ne comprend pas la majorité. Certes, la bourgmestre a changé, mais le programme de coalition avec le CSV reste le même. L'opposition part donc du principe qu'il sera réalisé. Le stade d'athlétisme n'était pas porté par une seule personne. Ce projet est d'envergure non seulement régionale, mais nationale. Le collège échevinal précédent voulait faire de Differdange une ville des universités du sport. Il y avait même des demandes pour ouvrir une clinique de la médecine sportive. Sans le courage de la majorité précédente, le LIHPS ne serait pas venu à Differdange. Ils seraient allés ailleurs.*
*Pourquoi le collège échevinal se met-il lui-même des bâtons dans les roues ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite répondre.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *lui demande d'attendre.*
*Monsieur Ulveling a décrit le site en question comme un morceau de choix. Mais un morceau de choix doit-il forcément accueillir un lotissement ?*
*Pour Fred Bertinelli, rien n'a plus de valeur que des infrastructures permettant aux enfants de faire du sport. Le collège échevinal précédent s'était rendu auprès du ministre pour lui proposer une école du sport pour les enfants jusqu'à dix ans. Cela aurait fait avancer Differdange. Si la majorité a changé d'avis, elle n'a qu'à le dire au lieu de laisser trainer les choses. Fred Bertinelli se souvient de tout e qu'il a fait pour ce projet. Et il n'était pas le seul.*
*Cela fait vingt ans que l'on cherche un site dans le sud pour un stade d'athlétisme. Les discussions se répétaient sans cesse. Finalement, une solution a été trouvée. Le ministère*

*des Sports, le ministère de l'Éducation nationale et les communes voisines étaient d'accord. Désormais, il faut se rendre compte que si ce site est abandonné, il n'existe pas d'autre piste dans le pays où organiser des meetings internationaux.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *signale que le débat porte sur le budget.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne comprend pas l'intervention de monsieur Schwachtgen.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *répète que le débat porte sur le budget.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande à la bourgmestre qui a la parole.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli tient à rappeler tout ce que les échevins au sport et aux bâtisses ont réalisé. Il est facile pour la majorité de prétendre qu'elle a terminé le terrain synthétique du Woiwer rapidement. Mais ce projet a été repoussé constamment à cause du stade d'athlétisme. C'est pourquoi Fred Bertinelli avait demandé à la FLF de lui laisser un peu plus de temps.*
*Fred Bertinelli mentionne ensuite le terrain du LUNA, les vestiaires du Woiwer, le centre sportif de Niederkorn… La rénovation du Thillenberg a été stoppée. Autrement, les travaux seraient bien plus avancés.*
*Le stade de Niederkorn a été réaménagé avec un budget minuscule. Il restait juste à terminer quelques finitions qui auraient permis au terrain d'être dans un état parfait.*
*Fred Bertinelli cite ensuite la buvette de Lasauvage, la nouvelle salle de boxe, un nouveau terrain dans le centre sportif… Les investissements dans le sport ont été nombreux parce qu'ils sont importants et parce que les socialistes pensaient que c'était la chose à faire.*
*Il y a deux ans, le bourgmestre a suggéré une candidature à « European City of Sport ». Pendant une semaine, le service des sports a montré aux gens du Parlement tout ce que Differdange propose. Le stade d'athlétisme s'est révélé fon-*chen, zwanzeg Joer, Madamm Buergermeeschter. Wou vu lénks op riets, wou ëmmer erëm nei diskutéiert gëtt an nach ëmmer erëm nei diskutéiert gëtt.

Hei ware mer fäerdeg. Hei hate mer de Ministère du Sport dobäi. Dee wollt Geld ginn. De Ministère de l'Éducation wollt hëllefen. D'Veräiner, d'Federatioun, dräi Nopeschgemenge wollte matbezuelen. Souguer eng, déi keng Liichtathletikgrupp huet, wollt matbezuelen, fir e regionale Projet hei ze maachen. An et géif en nationale ginn. Well wann déi Pist do wier, gëtt et keng aner Pist am Land, déi dee Standard huet, datt international Meetinge kënne gemaach ginn, ausser deem zu Déifferdeng.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et ass e Budgetsdebat, dat hei.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Vu wat schwätzt hien dann elo?

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et ass e Budgetsdebat.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, wien huet d'Wuert?

**ENG STËMM:**

Schwätzt weider, Här Bertinelli. Dir hutt d'Wuert.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ah. Okay.

Ech wëll awer nach weider drop opgoen, wat d'LSAP an deene Joren, wou se de Sportschäffen an de Bauteschäffen hat, realiséiert huet. Well et jo ëmmer esou kënnt, ech weess, datt et heescht, deen neien huet et alt séier fäerdegbruecht an där kuerzer Zäit, déi en do ass, de syntheeteschen Terrain um Woiwer fäerdegzebréngen. Wat och net näischt ass.

Mee, wéi gesot, et ass ëmmer erëm zréckgesat ginn duerch d'Installatioun vun deem Liichtathletikterrain. An och hat ech Rendez-vouse mat der FLF an hunn ëmmer gesot: „Do kënnt e gréissere Projet. Gitt eis nach e bëssen Zäit“. Mee, wéi gesot, en ass elo op eemol um Enn. An et ass eeben elo anescht gaangen.

En neie Fussballterrain op der LUNA ass realiséiert ginn. Déi nei Vestiairen um Woiwer, d'Gestaltung an d'Pläng vun der Multisport-Hal zu Nidderkuer, d'Renovéierung vum Thillebierg. Wou mer och leider gestoppt gi sinn, soss wiere mer haut och scho vill méi wäit do. Da wieren déi Häng, déi erofrutschen, schonn all befestegt. Mee leider waren do och Leit, déi gemengt hunn, mir sollten domadder ophalen.

D'komplett Renovéierung vum Nidderkuerer Stadion, mat ganz, ganz wéineg Budget, mat Leit a Servicer – iwwer 50 –, déi geschafft hunn. Wann Der eng Kéier kucke gitt, wat do alles gemaach ginn ass, mat deem klenge Budget, do sinn nei Vestiairë gemaach ginn, eng nei Tribün, nei Gradine gemaach ginn. Deen ass komplett a Stand gesat ginn. Do waren nach e puer Finitiounen ze maachen, déi, leider Gottes, net méi gemaach gi sinn. Da wier deen Terrain komplett an der Rei gewiescht. An da wier deen Terrain esou gewiescht, wéi en hätt misste sinn.

Déi nei Buvette zu Lasauvage, déi mer gestalt hunn an an der Déifferdenger Schoul, deen neie Boxsall, neien Terrain an der Sportshal. Also Dir gesitt, datt mer an der Zäit ganz, ganz vill an de Sport investéiert hunn als Gemeng. Well mer et och wichteg fonnt hunn. An datt d'LSAP gemengt hat, datt dat dee richtege Wee war.

Virun zwee Jore war de Buergermeeschter bei mech komm, en huet gesot: „Lauschter, mir hätten eng Chance fir matzemaachen bei der European City of Sports, fir do dranzekommen“. Wou wierklech enorm grouss Stied matgemaach hunn, alles Stied mat bal bis zu 15 Millioune Leit, hu mir dann och do matgemaach. Déi Leit vum Parlament, déi sinn erofkomm, mir hunn eis eng Woch mam Service des Sports Zäit geholl, fir deene Leit alles ze weisen, wat mer an eiser Gemeng hunn.

An ech wëll soen, dee gréisste Bestanddeel war dee Liichtathletikterrain. Dat war Bestanddeel dovunner, datt mer dee Label kritt hunn. Déi si mat eis dohinner gaangen. Mir hu gesot, hei maache mir e Liichtathletikterrain. Den Här Muller war mat, deen huet deenen d'Pläng gewisen, déi mer haten. Dat war ee grousse Bestanddeel, datt déi gesot hunn: „Dir kritt de Label".

Ech wëll dat just soen. Da brauche mer eis dobaussen och net ze bretze mam Label City of Sports, wa mer dat dann net realiséieren, wat mer de Leit versprach hunn.

Ech wëll just soen, wat mer net esou gutt gefält, dat ass, datt mer d'Problemer net esou richteg upaken. Mir hunn detektéiere gelooss, wou eis Problemer sinn. Déi Leit hunn eis gesot, wou d'Problemer sinn an eiser Gemeng. Dat si Leit, déi maache weider näischt wéi Stied a Gemengen a ganz Europa ze analyséieren, déi soen de Responsabelen, wou d'Problemer leien.

Mir kënnen et och elo maachen, wéi mer et ëmmer maachen, obschonn ech net dogéint sinn, mir fuere mat der Géisskan iwwert de Sport. Mir ginn hinnen all Suen. Mee domadder hu mer d'Problemer net geléist. Mir hunn d'Problemer net geléist, wa mir hinne Sue ginn. D'Veräiner si frou, wa se Sue kréien, mee d'Problemer sinn net geléist.

Ee vun eise gréisste Problemer ass, datt mer et net fäerdegbréngen, et net ronn bréngen – an ech ka mech erënneren, dass ech mam Här Meisch schonn driwwer geschwat hunn –, eis Busser ze organiséieren, déi eis Kanner op d'Trainingen, an d'Kultur an op de Sport féieren. Et ass nach ëmmer de Veräiner iwwerlooss ze kucken, fir d'Kanner an d'Veräiner, an de Sport, an d'Kultur ze kréien.

Do musse mir Remedur schafen. Do muss dach eppes geschéien. Dat ka jo net esou weidergoen, datt mer et de Veräiner iwwerloossen. Schonn eleng aus Sécherheetsgrënn an och aus Assurancëgrënn misst dat lafen. Well an de Structure-d'accueilen, mir kënnen déi Kanner jo net dee ganzen Dag an de Schoulen an an de Crèchen aspären, ouni datt se kënne Sport oder Kultur maachen. Et muss ee sech jo awer bewosst sinn a wat fir eng Richtung, datt ee geet.

En aneren Aspekt, dee fir mech ëmmer ganz wichteg war, dat war de Sport an de Schoulen. Beim Sport an der Schoul hate mer och eng Kéier e ganz grousse Projet ugefaangen, mat Beweegung an der Schoul. Mir wësse jo alleguerten, datt eis Kanner sech ëmmer manner beweegen, datt mer e ganz groussen Undeel un Obesitéit an der Schoul hunn.

Do hate mer, mat eenzele Medezinner, ënner anerem mam Professer Romain Seil geschwat, fir e Konzept auszeschaffen, wat d'Beweegung an der Schoul ugaangen ass. Ech gesinn deen net. Ech hunn deen och elo net bemierkt a froe mech, wéi dat soll virugoen. Mee dat ass och eppes, wat mer um Häerz läit an ech frou wier, wa mer géifen do weiderkommen, wat de Sport ugeet. Zemools an der Schoul.

Wann ech dann eise Stade municipal kucken, do muss ee jo d'Hänn um Kapp zesummeschloen. Do hu mer ganz, ganz vill Sue bezuelt, fir eppes, wat mer bis haut nach net hunn. Dat huet vum éischten Dag un net fonctionéiert. Dat huet vum éischten Dag un net fonctionéiert.

Am Ufank war vu Leit gesot ginn, et sinn är Gäertner, si kënnen net méien, si kënnen dat net. Do hu mer hinnen, mat engem Expert aus Däitschland, gewisen, datt et net eis Gäertner waren. Mee datt den Drainage, datt d'Waasser esou vill Zentimeter iwwert dem Drainage ass, an datt deen Terrain net ka gutt sinn. Do muss och eppes geschéien.

Ënner anerem wëll ech och soen, datt mer do nach ëmmer, mat vill Suen, déi mer bezuelt hunn, mat Drénkwaasser deen Terrain do netzen. Mir ginn hin, mir soen de Veräiner: Passt elo gutt op, dir däerft kee Plastik méi huelen, dir kritt elo Becheren. A mir als Gemeng, als gudde Beispill, ginn da vir a mir netzen den Terrain mat Drénkwaasser. Dat sinn och Saachen, wann ee sech seriö hëlt, da mécht een net esou eppes.

Zu deene Becheren. Wann een de Veräiner esou eng Propositioun mécht, da muss een och kucken, datt et klappt. Da muss een awer och Waasserspender dohinnersetzen, déi fonctionéieren.

*damental dans l'obtention du label. Monsieur Muller leur a montré les plans décisifs. Sans le stade, le collège échevinal peut arrêter de se vanter de l'obtention de ce label.*

*Fred Bertinelli regrette que la commune ne fasse pas davantage pour résoudre les problèmes détectés. Le collège échevinal peut continuer à verser des subventions comme d'habitude. Les clubs sont contents de toucher de l'argent. Mais cela ne résout pas les problèmes.*

*Déjà du temps de monsieur Meisch, il était question d'organiser un transport en bus des enfants vers les associations culturelles et sportives. Mais aujourd'hui encore, c'est aux clubs de s'en occuper. Or c'est une mauvaise solution ne serait-ce que pour des raisons de sécurité et d'assurance. Et on ne peut pas non plus enfermer les enfants toute la journée dans les écoles et les crèches.*

*Pour ce qui est du sport scolaire, la commune avait lancé le projet « Beweegung an der Schoul ». Car les enfants bougent de moins en moins et l'obésité est en hausse. Un concept avait été élaboré avec le professeur Romain Seil. Fred Bertinelli se demande comment ce projet s'est développé depuis. Il lui tient à cœur et il espère que les choses avanceront.*

*En ce qui concerne le stade municipal, Fred Bertinelli n'en croit pas ses yeux. La commune a dépensé beaucoup d'argent pour une infrastructure qui ne fonctionne toujours pas. Au début, on a mis en cause la compétence des jardiniers. Mais un expert allemand a finalement découvert qu'il s'agissait d'un problème de drainage de l'eau. En plus, actuellement, le terrain est arrosé à l'eau potable. Dans ces conditions, comment la commune peut-elle exiger des clubs qu'ils n'utilisent plus du plastique? C'est intolérable.*

*De plus, si le collège échevinal demande aux clubs de remplacer les bouteilles en plastique par des gobelets, il doit leur mettre des fontaines d'eau à disposition. L'idée d'offrir des gobelets est bonne. Mais pour les remplir aux fontaines disponibles, il faut cinq minutes. Dans les sports d'équipe, c'est ridicule. En tout, une équipe de handball se compose de 25 joueurs.*

*Comment s'étonner alors qu'ils finissent par revenir aux bouteilles en plastique? Les équipes ne peuvent vraiment pas s'en servir.*
*Fred Bertinelli souligne l'importance du soutien sportif aux clubs. Ce projet a été entamé par la majorité précédente. Il s'agit de mettre en place un système où le service des sports engagerait des gens aidant les associations.*
*Le projet du Bock est absolument inacceptable. À cause d'un arbre d'une importance capitale, le collège échevinal a décidé de déplacer la construction de la salle du sport dans le jardin des voisins. Monsieur Schwachtgen ne vit pas dans le quartier. Autrement, il serait moins enthousiaste.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli demande si son temps de parole est écoulé.*
*(Discussions)*
*Fred Bertinelli admet que les travaux du Bock sont nécessaires. Mais il regrette que le collège échevinal n'ait pas discuté davantage avec les clubs et avec les riverains. Dialoguer avec les citoyens ne fait pas vraiment partie des points forts du collège échevinal.*
*Pour ce qui est du stade d'athlétisme, la commune disposait de tous les accords nécessaires. Si l'ancien bourgmestre était toujours là, ce projet ne serait pas remis en discussion.*
*(Discussions)*
*Fred Bertinelli sait que lorsqu'on commence à faire trainer les choses, le projet va mourir. Les discussions avec les communes voisines ont déjà eu lieu. Pétange, Sanem et Käerjeng n'ont pas de place. C'est pourquoi tout le monde était content de construire le stade au Woiwer.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli tient à répéter ce qu'il a dit, car c'est important. Le sport a une valeur économique. Il permet d'attirer les gens à Differdange.*
*Le conseiller communal passe à la circulation. Il se montrera bref, car il constate une certaine perte de patience.*
*Ce qui manque, c'est une vision. Le collège échevinal dit que les parkings de quartier ne sont pas nécessaires. Mais qu'il s'imagine un peu*

Wann een den Ekippesport kucke geet, a wann ech ee mat esou engem Becher gesinn, dee mer de Leit ginn hunn – wat jo flott ass, a mir stinn dohannert, wierklech –, dee brauch fënnef Minutten, fir esou e Becher ze fëllen, mat deene Waasserspender, déi mer hunn. Dann ass dat lächerlech.

Wann ee weess, datt am Handball 25 Leit op de Bänke sëtzen. Wann déi eppes wëllen drénken, dann dauert et net ganz laang, da leien d'Plastiksfläschen erëm do, wou se waren, um Buedem. Da geet keen op d'Waasserspender Waasser sichen. Zemools déi Ekippesportaarten, déi wäerten dovunner iwwerhaapt net profitéieren.

Wat nach vill méi wichteg wier, datt mer géife weiderfueren, wat d'sportlech Hëllefen un d'Veräiner ugeet. Et gouf domadder ugefaangen, och nach ënner eiser Legislatioun, datt mer Leit zur Verfügung stelle fir d'Veräiner. Déi kéinten de Veräiner hëllefen, wat dat Sportlecht ugeet.

Well do läit d'Kromm jo an der Heck, wat dat Sportlecht ugeet. Datt mer d'Veräiner esou géifen ënnerstëtzen, iwwert de Wee vun engem System. Vum Service des Sports Leit géifen engagéieren, déi mol iwwert d'Deeg ewech de Leit kéinte Sport bäibréngen.

En absolutten No-Go ass dann de Bock. Déi nei Schoul um Bock D'Sportshal. Do steet e ganz wichtegen, mee e ganz, ganz wichtege Bam, un deen een net däerf drugoen. Soudatt mer et da fäerdegbréngen déi nei Sportshal de Leit flatsch an de Gaart stellen. Dat ass dann, wéi een dat gesäit. Dat kann ee gesinn, wéi ee wëll. Den Här Schwachtgen wunnt net do, well soss wier se net do, gleeft mir et.

Dofir géif ech soen …

(Interruptioun)

Si meng aacht Minutten eriwwer?

(Diskussiounen)

Dat hues de awer net bei jiddwerengem gesot.

(Diskussiounen)

Déi Bockschoul ass jo och néideg. Och déi Sportshal ass néideg. Mee wann ech gesinn, wéi mat de Veräiner geschwat ginn ass, wéi vill se duerfte matschwätzen, an och op der Sitzung, wou d'Leit komm sinn, wéi vill Awand se do duerften huelen, dat war net vill. Ech mengen, wann een Dialog mam Bierger ophëlt, dat hu mer nach op anere Plaze gesinn, dat ass elo net grad, wou de Schäfferot am Stäerksten ass.

Da kéim ech zur Liichtathletik, ee Punkt, iwwert deen haut vill geschwat ginn ass. Et louchen Accorde vun deene Ministèren do, all Mënsch war d'accord dermat. An ech si bal iwwerzeegt, wann de viregte Sportschäffen a Buergermeeschter géif hei sëtzen, da wier dee Projet do iwwerhaapt keng Diskussioun. Iwwerhaapt keng.

(Diskussioune)

An ech weess, wa mer et erëm esou maachen, wéi dat schonn an anere Gemenge geschitt ass, wann een et esou op déi laang Bänk schibt, dann ass en dout. Da kënnt en net méi. Mir haten am Virfeld mat der Gemeng Suessem, mat der Gemeng Käerjeng a mat der Gemeng Péiteng geschwat. D'Gemeng Péiteng sot: „Mir hu keen Terrain“. D'Gemeng Bascharage sot: „Mir bezuele gär mat, mee mir hu kee Liichtathletik“. An d'Gemeng Suessem hat och keng Plaz. Duerfir ware se alleguerte frou, datt mer dee Site hei fonnt haten. An datt mer hei …

**ENG STËMM:**

Dat hutt Der scho gesot.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass esou wichteg, datt ech et nach eng Kéier wëll soen.

Wann ee kuckt, wat fir en ekonomesche wäert de Sport haut huet, e City Manager kritt et schwéier hin, fir déi Leit op Déifferdeng ze zéien, déi mer duerch de Sport hei an eis Stad erakritt hunn. Wat mir als LSAP extreem wichteg schéngt.

Dat war et zum Sport. Da géif ech awer nach gär op de Verkéier kommen. Den Här Altmeisch hat schonn ugefaangen driwwer ze schwätzen. Ech wëll et och

e bësse méi kuerz maachen, ech gesinn ech maachen Iech schonn alleguerten e bëssen nervös. Duerfir maachen ech et méi kuerz, wäert dann net alles soen.

Mir feelt e bëssen, Här Liesch, d'Wäitsiicht am Verkéier, wou Der wëllt hin. Ech gesinn et net esou richteg. Ech wëll Iech just soen, stellt Iech emol vir, mir hätten déi Quartiersparkingen zu Nidderkuer virun der Woiwer Schoul, zu Uewerkuer beim Uewerkuerer Kierfecht oder am Haneboesch zu Nidderkuer net gebaut. Wou op eemol gesot gëtt, mer brauche keng Parkinge méi, dat ass iwwerflësseg.

Ech wëll Iech just soen, dee Projet Wangert, wou d'Leit sech esou fierchterlech opreegen, do ware Léisungen do. Mir wollten e Quartiersparking uewe maachen, do wou elo déi Haiser gebaut ginn. Dir waart net domat d'accord. An déi Schwaarz waren net domat d'accord. Ech kann Iech d'Pläng nach weisen, Här Liesch, wann Der se wëllt kucken.

Uewen, op deenen zwou Bauplazen, sollte mer Parkingen himaachen am Quartier Wangert. An dat anert, wat d'Léisung gewiescht wier, dat wier d'Parkhaus um Contournement, mat där Bréck, wéi den Här Muller se geplangt hat. Déi riicht an de Wangert gaange wier. Dat wier och eng Léisung gewiescht. Déi ëmmer nach besser ass wéi déi, déi Dir eis haut presentéiert.

Eppes, wouriwwer ech mer Suerge maachen, et gëtt net geschwat iwwert de Rond-point zu Nidderkuer. Firwat steet näischt dran, datt deen ëmgebaut gëtt wéi déi Kräizung, déi mer hei zu Déifferdeng hunn?

Ee Rond-point, deen inherent schnell misst kommen, dat ass tëschent der Péitenger an der Bascharager Strooss. Well wann de Quartier Mathendahl ugeet, da fueren do méi Autoen eraus, wéi der vu Péiteng kommen. Wat dann erëm e Geforepunkt gëtt. Doriwwer sinn ech net ganz frou. Ech mengen, et sollt een nach eng Kéier, wéi den Här Diderich gesot huet, dat Ganzt op de Leescht huelen an iwwert de Verkéier schwätzen.

An der Presentatioun vum Budget ass fënnef- oder sechsmol gesot ginn: d'Liewensqualitéit. Ech weess net, wat fir eng, datt Der mengt. Ob dat déi ass, déi mir elo hei um Pabeier decidéieren oder déi d'Leit, déi an de Quartiere liewen, déi Liewensqualitéit, déi si do hunn. Dat ass nämlech zweeërlee.

Déi Liewensqualitéit, déi e Politiker ausschafft an déi d'Leit, déi an engem Quartier wunnen an déi domat all Dag gehäit sinn, wann hei oder do net geet, dat ass och Liewensqualitéit. An dat ass och eppes, wat ee sollt nach eng Kéier nofroen an net ëmmer einfach soen, dat ass fir d'Liewensqualitéit vun de Leit, wann een net weess, wat an de Quartiere selwer lass ass.

Duerfir wëll ech soen, datt ee virsiichteg sollt sinn, wann een iwwer Liewensqualitéit schwätzt a Quartieren, déi ëmmer méi zougebaut ginn a wou ëmmer manner Parkinge sollen hikommen, fir datt déi Leit nach ëmmer weider do kënne liewen. Frot se mol eng Kéier alleguerten, da wäert Der gewuer ginn, wat d'Leit Iech soen. An dat ass dann och Liewensqualitéit.

Dat gesot, hunn ech dat e bësse verkierzt. Ech wollt Iech elo net nach weider nerven. Dat war mäi klenge Bäitrag zum Budget 2020.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den, den Här Tempels, wgl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, ech probéiere mech ganz kuerz ze faassen. Ech loossen dofir verschidden Analysen iwwert de globale Budget ewech. Den Här Hartung huet dat relativ gutt gemaach.

(Interruptioun)

Bei de Gemengebaute gëtt och dëst Joer kräfteg investéiert: 90,6 Milliounen Euro. Hei fält dee gréissten Deel als Investitioun fir d'Zukunft fir eis Kanner un: 16 Milliounen Euro fir d'Maisonrelaisen an 29 Milliounen Euro fir eis Schoulen. All d'Schoule sollen op dee selwechten digitale Standard gesat ginn.

*la commune sans les parkings de l'école du Woiwer, du cimetière d'Oberkorn et du Haneboesch. Au Wangert, les socialistes voulaient construire un parking tout en haut. Mais monsieur Liesch n'était pas d'accord. Monsieur Muller avait aussi proposé de relier le parking du contournement au Wangert par un pont. Cela aurait été plus efficace que ce que la majorité propose aujourd'hui.*
*Pourquoi le budget ne prévoit-il pas de fonds pour la transformation du rondpoint de Niederkorn en carrefour ?*
*Par ailleurs, il faudrait aménager un rondpoint entre la route de Bascharage et la route de Pétange. Comme l'a dit monsieur Diderich, il est impératif de réévaluer toute la mobilité.*
*Le collège échevinal parle beaucoup de qualité de vie. Mais s'agit-il de celle dans les papiers du conseil communal ou celle dans les quartiers ? Car ce n'est pas la même. Il ne sert à rien de réaliser des projets au nom de la qualité de vie quand on ne sait pas à quoi ressemble la vie dans les quartiers. Le collège échevinal ferait bien de se montrer prudent. Au nom de la qualité de vie, il construit de plus en plus de lotissements et de moins en moins de parkings. Mais il ferait mieux d'écouter les gens.*
*Fred Bertinelli va s'arrêter ici pour ne pas énerver davantage le conseil communal.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *ne va pas revenir sur les points abordés par monsieur Hartung.*
*(Interruption)*
*La commune va investir 90,6 millions d'euros dans des projets de construction, dont 16 millions d'euros dans les maisons relais et 29 millions d'euros dans les écoles.*

*Un commissariat va être construit. La mairie sera transformée. Ensuite, ce sera au tour de la place Nelson-Mandela. Cela occasionnera des nuisances pour ceux qui se garent sur cette place. Il vaut peut-être mieux organiser un chantier après l'autre.*
*Le CID est nécessaire compte tenu des conditions de travail misérables actuelles. Les travaux ne commenceront qu'en 2021, mais il sera réalisé dans les règles de l'art.*
*Les différentes variantes du projet du Lommelshaff seront analysées. Guy Tempels estime que ce projet devrait être développé en partenariat avec le comité d'accompagnement économique.*
*Les bâtiments A et B du 1535° seront terminés.*
*La commune achètera 80 appartements dans le cadre du projet Gravity. Il reste à définir combien de ces logements seront vendus et combien seront mis en location.*
*Le stade Thillebierg doit être rénové. Il comprendra un nouveau chalet et une nouvelle buvette.*
*Le budget pour le parc automobile de la commune a baissé. Guy Tempels ironise sur le fait que de toute façon, il n'y aurait pas de place pour de nouveaux véhicules.*
*Pour ce qui est du commerce et de l'industrie, le « city manager » et le comité d'accompagnement économique ont du pain sur la planche. Ils devront ranimer le commerce dans le centre-ville. À Niederkorn, un terrain sera affecté à l'implantation de PME.*
*Pour ce qui est de l'environnement, une pépinière sera aménagée près de l'hôpital. Les arbres plantés dans le cadre d'« Urban Green » seront équipés d'un système d'arrosage.*
*Le Sicona réalisera trois petits étangs.*
*Les poubelles seront équipées d'une puce afin de faciliter la collecte des déchets.*
*Le projet de la mine Renkert dans le cadre d'Esch 2022 est intéressant. La mine sera cartographiée en 3D et deviendra donc accessible numériquement.*
*Les fonds alloués à l'agrandissement de la station d'épuration de Pétange sont insuffisants. Ils augmentent.*

Et wäert mam Policegebai ugefaange ginn. Deemnächst soll den Ëmbau vum Stadhaus ufänken, fir de Bierger herno ee bessere Service ze erméiglechen. D'Place Nelson Mandela soll eréischt duerno un d'Rei kommen. Dëst wäert eng Erausfuerderung gi fir d'Leit, déi do wëlle parken. Mee vläicht ass et besser, ee Chantier no deem aneren ofzewéckelen.

De CID ass batter noutwendeg, wann ee sech déi miserabel Konditioune ukuckt, déi eis Leit do mussen erdroen. Leider wäert 2021 ugefaange ginn. Mir hunn de Projet jo all scho gesinn, et wäert herno e Projet sinn, wéi e soll sinn. Do wäert alles herno op der Plaz sinn, wat mer brauchen.

De Lommelshaff soll an Ugrëff geholl ginn. Déi verschidde Varianten, déi um Dësch leien, ginn analyséiert, wéi et herno soll ausgesinn. Dëst ass e gudde Projet, fir eventuell mat eisem frëschgeschafene Comité d'accompagnement économique auszeschaffen.

Am 1535° steet d'Fäerdegstellung vum Bâtiment A a B un. Och am Logement si mir aktiv. Wann een nëmmen de Projet Gravity kuckt mat 80 Wunnengen. Hei geet et elo nach drëms, en Deel vu Vente a Locatioun festzeleeën, wéi d'Opdeelunge sinn. Heizou hu scho verschidde Kommissiounen hiren Avis eraginn.

De Stade Thillebierg, deen elo a Gemengenhänn ass, muss renovéiert ginn. Hei ass en neie Chalet virgesinn, deen déi al Buvette soll ersetzen. Dëst kéint eng flott Saach ginn, wann ee weess, wéi vill Leit an de Bësch spadséiere ginn.

De Budget fir eise Gemengefuerpark gouf erofgesat. Ech soen elo emol iwwerspëtzt: Plaz hätte se souwisou net, fir d'neit d'Geschier hinzestellen. Wann dann emol deen neie CID bis fäerdeg ass, wäerte se och dat néidegt Material kréien.

Wat den Handel an d'Industrie ugeet, wäert d'Haaptaarbecht un eise City Manager falen. Awer och un eise Comité d'accompagnement économique. Op si fält d'Erausfuerderung, de Commerce hei zu Déifferdeng nei ze beliewen. Hei hu mir eis e klenge Budget ginn, fir weider Projeten auszeschaffen.

Beim CID-Neibau zu Nidderkuer ass Terrain virgesinn, fir éischter mëttelstänneg Betriber eng kleng Plaz ze ginn, fir sech nidderzeloossen.

An der Ëmwelt wäerten eng Rei Projeten d'nächst Joer ëmgesat ginn. Eng Pépinière wäert beim Nidderkuerer Spidol entstoen. Hei solle Beem stoe kommen, déi a gemengeneege Projete wäerten hikommen. Esou kann een zu bessere Präisser akafen. Déi nei Beem, déi am Kader vum Urban Green geplanzt ginn, wäerten neierdéngs mat engem Bewässerungssystem ausgestatt ginn.

Den Terrain op der Zouner Kopp, dee jo elo aktéiert gëtt, wäert hoffentlech zu engem flotte Projet ginn. Hei geet et drëms, sech déi richteg Leit an d'Boot ze huelen, fir déi néideg Berodung, wat hei soll gemaach ginn.

Dräi kleng Weiere soll d'SICONA realiséieren. Dës stounge schonn am SICONA-Budget vum leschte Joer. D'Feldweeër wäerten zesumme mat der ASTA an d'Rei gesat ginn.

All eis Dreckskëschte wäerte gechipt ginn. Net fir neit Geld an d'Keesen ze spullen, mee fir eng besser Gestioun vun de Sammeltier ze kréien.

Ee ganz flotte Projet, menger Meenung no, well dësen och fir den Tourismus an Esch 2022 wäert gëllen, ass d'Mine Renkert. Dës eenzegaarteg Minn soll an 3D kartographéiert ginn an esou de Visiteuren an digitaler Weis zougänglech gemaach ginn.

Leider musse mir ee gréissere Poste fir de SIACH virgesinn. Dat, well de geplangte Budget fir d'Vergréisserung vun der Péitenger Kläranlag net wäert duergoen. Hei haten d'Bureau-d'études ze vill optimistesch gerechent.

Bei der Informatik gëtt haaptsächlech an d'Hardware investéiert. Dat heescht, et muss e groussen Deel u Computeren ersat ginn, de Gemengeserver ass un der Zäit, dass e muss ersat ginn an d'Telefonszentral muss erneiert ginn. Dës soll elo erëm a Gemengenhand gefouert ginn.

An de Schoule soll iwwerall WiFi kommen. Dëst an Zesummenaarbecht mam

Ministère de l'Éducation, fir dass an de Klassen Tablette kënnen agesat ginn.

Op den Haaptachsen an Déifferdeng soll e Panneau informatique opgeriicht ginn, fir d'Leit op d'Aktivitéiten an eiser Gemeng hinzeweisen. De Bauteservice wäert en elektronesche Service rendez-vous kréien, fir säin Oflaf besser ze optimiséieren.

Urbanismus a Verkéier huelen ech zesummen duerch, well dës zimmlech gutt zesumme passen. Et wäerten zwee PAPen ausgeschafft ginn: den Ecoquartier Woiwer an d'Avenue de la Liberté. Mer hunn e Budget virgesi fir d'Héichspannung, déi am Mathendahl endlech soll ënnert de Buedem geluecht ginn. Ee méi grousse Poste fir d'Emprisë fir de PN15, dee soll fort kommen.

D'Zolwerstrooss, d'Rue Emile Mark, an och zu Nidderkuer ginn d'Stroossen an Zesummenaarbecht mat Ponts et Chaussées reamenagéiert, well hei de Schnellbus soll duerchfueren, deen an der Planung ass.

Zwee Parkhaiser, mir hunn elo schonn oft genuch dovunner geschwat, sinn an der Maach. Den Diffbus wäert un de gratis ëffentlechen Transport ugepasst ginn, fir hei Iwwerschneidungen ze verhënneren an de Service um Bierger ze verbesseren. Et wäerte Bornë fir de Vël'OK bäikommen. Enn 2020 sollen et 192 Stéck sinn.

An der Kultur brauche mer eis net ze verstoppen. Déi eenzeg, déi dat néideg hätten, sinn d'Leit am Ministère de Culture, déi eis nach ëmmer op e Subsid fir deen dach flotte Programm waarde loossen. Ech wäert se elo net alleguerten opzielen. Ech kommen op e puer Neiegkeeten zréck, zum Beispill de Fräiliichttheater an e Buch, wat am Service culturel fir dat 50-järegt Bestoe soll geschaf ginn. Och nei Chalete sinn ugeschaaft gi fir eis Mäert.

An der Kultur soll een all den Acteuren um Terrain Merci soe fir hiren Asaz. Ouni si wär villes net méiglech. Och de verschiddene Sponsoren – ech denken do nëmmen un d'Sponsere fir de Blues Express.

Dann den Tourismus. De Robert Mangen hat eis deslescht gesot, den duussen Tourismus soll ausgebaut ginn, dat heescht déi flott Plazen am Fond-de-Gras, Lasauvage, Giele Botter. Eis Galerien a Muséeë wäerten iwwer nei Weeër fir de Foussgänger an de Vëlosfuerer matenee verbonne ginn. Hei wäert de Besucherzentrum, deen an de Minett Park soll kommen, eng besonnesch Roll spillen. Hei sollen herno Visiteguidéeën a Journée-touristiquen organiséiert ginn. Des Weideren ass op der Zowaasch ee Gite rural geplangt.

Da kommen ech zum Schluss. Wann ech dëse Budget kucken, ass et e Budget vun der Kontinuitéit. Et gëtt vill investéiert an d'Zukunft vun Déifferdeng. Fir déi eng vläicht net genuch, fir déi aner schonn ze vill. Ech kann dem Här Muller net Recht ginn, wann hie vun de Krane vun der CSV schwätzt. Bei ville vun deene Krane souz hie selwer um Dësch, fir déi ze plangen. An op eemol ass dat net méi gutt.

(Interruptioun)

Wann een eise PAG kuckt, gouf de Perimeter net erweidert an et gouf gekuckt beduecht ze wuessen. Ob mir an Zukunft nach an deem Rhythmus weiderfuere kënnen, musse mer eis iwwerleeën.

Ech stelle fest, den Elan vun eisem Schäfferot ass net gebrach. Dofir wäerte mir vun der CSV dësen ausgeglachene Budget fir 2020 mat Jo stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Goffinet, wannechgelift.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, mir sinn elo schonn zënter iwwer véier Stonnen hei amgaang schwéier ze debattéieren. Ech probéieren, mech eenegermoosse kuerz ze halen a just déi Punkten, déi mer um Häerz leien, ze ernimmen.

Deen éischte Punkt wär 2022. Wéi scho bemierkt, ass dat Ganzt bal verschlof ginn. Mir als Gemengerot wëssen, wéi sou oft, net vill, wat leeft. Bis elo ass an deem Dossier, souwäit ech weess, net

*Pour ce qui est de l'informatique, la commune investira dans le matériel. Une grande partie des ordinateurs seront remplacés tout comme le serveur de la commune et la centrale téléphonique.*
*Toutes les écoles seront équipées de wifi en partenariat avec le ministère de l'Éducation nationale. Les classes disposeront de tablettes.*
*Des panneaux informatiques seront installés à travers la ville pour informer les gens des différentes activités.*
*Le service des bâtisses fonctionnera sur rendez-vous.*
*Guy Tempels passe aux PAP « Écoquartier Woiwer » et « Avenue de la Liberté ». Il mentionne également la suppression de la ligne à haute tension du Mathendahl et le PN 15, la route de Soleuvre, la rue Émile-Mark et les travaux de Niederkorn.*
*Deux parcs de stationnement seront construits. Le Diffbus sera adapté aux transports en commun gratuits. De nouvelles bornes de Vël'OK seront installées.*
*Differdange n'a pas à rougir de son programme culturel. Mais le ministère de la Culture devrait avoir honte de ne toujours pas accorder de subside. Parmi les nouveautés de 2020 figurent le théâtre en plein air, un livre et de nouveaux chalets pour les marchés.*
*Guy Tempels tient à remercier les acteurs sur le terrain ainsi que les sponsors.*
*Le tourisme doux doit être développé au Fond-de-Gras, à Lasauvage et au « Giele Botter ». Les galeries et les musées seront rendus plus accessibles. Le centre pour visiteurs du Minett Park a un rôle important à jouer. Un gite rural est prévu à Lasauvage.*
*Le budget 2020 s'inscrit dans la continuité. Certains diront que le collège échevinal investit trop ; d'autres pas assez. Monsieur Muller a dit qu'il y avait trop de grues à Differdange. Mais il en est lui-même souvent à l'origine.*
*(Interruption)*
*Guy Tempels répond que le PAG veille à une croissance réfléchie.*
*L'élan du collège échevinal n'est pas brisé. Le CSV approuvera le budget 2020.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *signale que les débats durent depuis quatre heures. Il essaiera de se montrer bref.*
*Le projet 2022 avance à peine. Le conseil communal n'est pas au courant de grand-chose. Le délai est dans deux ans. Le moment est venu de faire avancer les choses en toute transparence. 2022 constitue une chance pour la commune et la région. Mais si l'organisation reste aussi provinciale qu'en ce moment, la plus-value restera limitée. Le budget ne prévoit que 100 000 €. Ce ne peut être qu'un début. Le collège échevinal dispose-t-il d'un plan directeur pour 2022 ? Qui s'en occupe ? Comment le partenariat avec les communes luxembourgeoises et françaises se déroule-t-il ? Quels sont les projets qui seront réalisés ? Existe-t-il un plan de financement ? Les projets sont-ils subventionnés ?*
*En ce qui concerne les archives communales, c'est du bricolage depuis 15 ans et le collège échevinal continue de perdre du temps. Il est intolérable que le collège échevinal n'ait aucune vision et que le projet à côté de l'Aalt Stadhaus soit gelé. Tout du moins, la commune a recruté une archiviste pour l'année prochaine. Mais le collège échevinal devrait avoir honte des conditions de travail proposées. Monsieur Mangen parle d'une personne à mobilité réduite. Mais dans les archives d'Oberkorn, c'est pratiquement impossible. Differdange se vante d'être la troisième ville du pays, mais ce type de dossiers manquent de vision.*
*Quatre-cent-vingt-mille euros sont destinés à l'allocation de solidarité. Mais un recalcul est nécessaire pour 2020 pour ceux qui ont encore besoin d'aide. Serge Goffinet constate par ailleurs que tous ceux qui auraient droit à un soutien n'en profitent pas. Il faudrait penser à contacter tout le monde par écrit au lieu d'informer les gens uniquement dans le DIFFMAG et sur differdange.lu.*
*Serge Goffinet passe à l'Oeuvre grande-duchesse Charlotte. L'office social a décidé d'investir 400 000 € dans l'éducation de rue. Cela pourrait permettre d'améliorer les problèmes de drogue. Le collège éche-*

terribel vill geschitt. Mir stinn elo zwee Joer virun deem groussen Datum. Et gëtt endlech Zäit, datt richteg Beweegung dra kënnt an déi néideg Transparenz.

De Projet 2022 ass definitiv eng Chance fir eis Regioun a fir eis Gemeng. Wa mir dat awer weider esou provënzial ugi wéi bis elo, da wäert keng gréisser Plusvalue an deem Dossier iwwregbleiwen. Et sti grad emol 100.000 Euro am Budget, wat net berauschend ass. Ech gesinn dat och éischter als Startkapital.

Elo awer zu menge Froen zu deem Punkt: Huet dëse Schäfferot iwwerhaapt e Masterplang fir 2022? Wien ass alles matagebonnen? Wat fir eng Projete si prioritär? Wéi fonctionéiert d'Zesummenaarbecht mat deene lëtzebuergesche Gemengen an de franséische Gemengen? Hu mir e Projet Mobilitéit tëschent all deene Gemengen? Ech mengen, et sinn eelef Lëtzebuerger an aacht franséisch Gemengen.

Wat fir Projete gedenkt Dir iwwer 2022 eraus weiderzeféieren? Hu mir e Finanzplang, oder op d'mannst eng Iddi, wat dat kaschte soll oder däerf kaschten? Wéi ass et mat europäesche Gelder oder mat Gelder vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte? An esou weider an esou virun. Ech mengen, hei géif et och déck Zäit ginn, de Gemengerot méi wäit a méi déif matanzebannen.

Zu mengem zweete Punkt: d'Gemengenarchiven. Hei gëtt zënter 15 Joer gewurschtelt a gebastelt an et gëtt ëmmer nach op Zäit gespillt. Ech fannen et en Hon, dass eise Schäfferot net méi Wäitsiicht huet an de Projet nieft dem Ale Stadhaus einfach emol op Äis leet. Dat eenzeg Positiivt ass, dass mir endlech eng Archivarin fonnt hunn, déi d'Kompetenzen huet an déi am Laf vum nächste Joer kéint ufänke mat schaffen. Wann een dann awer kuckt, ënner wat fir Konditiounen déi Persoun soll schaffen, da muss ee sech do scho bal schummen.

Den Här Mangen wënscht sech zum Beispill, dass eng Persoun à mobilité réduite kéint mathëllefen. Wat awer zu Uewerkuer an eise soi-disant Archive praktesch onméiglech ass, an duerch den Accès an aneren Aschränkungen och net méiglech ass. Mir bretzen eis, déi drëttgréisst Gemeng ze sinn, mee besonnesch an esou Dossiere wéi dësen huet dëse Schäfferot net déi néideg Wäitsiicht.

Zu mengem drëtte Punkt: Aide aux nécessiteux, Allocation de solidarité. Hei si 420.000 Euro virgesinn. Et ass genee dee selwechte Chiffer wéi 2019 agesat war. Mir sinn eng Gemeng, wou d'Awunnerzuel stänneg zouhëlt, soudass dee Chiffer definitiv ze kleng ass. Dee wäert warscheinlech och adaptéiert ginn.

Mir haten hei am Haus, wou et ëm d'Theema Allocation de solidarité gaangen ass, eis festgeluecht, dass mer fir 2020 e Recalcul maachen an éischter wéilte méi en héije Prozentsaz ausbezuelen, nämlech amplaz 15 Prozent 20 oder méi Prozent un déi Leit, déi déi Hëllef och wierklech brauchen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech wëll hei bemierken, dass net jiddereen, deen déi Allocation de solidarité zegutt hätt, se och ufreet. Hei misst een eng Méiglechkeet fannen, dass all Mënsch géif ugeschriwwe ginn, dee se zegutt huet. Bis elo kritt een d'Informatioun nëmmen iwwert den Diffmag oder den differdange.lu.

Zu mengem véierte Punkt, d'Gelder vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Mir haten am Conseil d'administration vum Office social vun eiser Gemeng schonn d'Decisioun geholl, fir d'Gelder an de Streetworking zu Déifferdeng ze investéieren. Ech sinn natierlech erfreet, dass den Här Mangen wëll mat op dee Wee goen.

Hei geet et ëm e beträchtleche Montant vu 400.000 Euro, dee mat deene richtege Partner gutt ugeluecht wier an deen d'Drogeproblematik, déi bei eis an der Gemeng nawell grouss ass, zum Deel kéint entschäerfen. Et wier och wichteg, dass d'Gemeng eng Garantie kéint ginn, fir dee Projet à long terme, kënne weiderzeféieren an ofzesécheren.

Ech freeë mech op jiddwer Fall schonn op d'Ausschaffe mam Här Mangen an deem Projet, dee mir ganz um Häerz läit.

Zum fënneften a leschte Punkt, den ëffentlechen Transport. Wat ech heizou ze soen hunn ass net onbedéngt eng

Budgetsgeschicht, mee eng Mobilitéitsplanung à long terme.

Ech sinn 2005 fir d'éischt mat an d'Wale gaangen. An zu där Zäit hat schonn all Partei de Wonsch, erëm eng Gare op Déifferdeng ze kréien an een neien Arrêt Breitfeld ze bauen. Dat Theema ass esou al wéi dat vun den Archiven. De Staat, ënnert der Regie vun der CFL, huet zwar eng fest zu Uewerkuer opgeriicht. Do, wou awer de Bedarf ass, stinn d'Leit nach ëmmer op engem miserabele Quai a si praktesch all Wieder ausgesat.

Och no sechs Joer Bausch an no bal sechs Joer gréng Buergermeeschteren huet sech do ganz wéineg gedoen. Ausser der CFL ëmmer erëm d'Schold ze ginn. Bei der CFL äntwert souwisou keen op politesch Scholdzouweisungen, well dat net hir Aufgab ass.

Meng Froe sinn dës: Wéini geschitt an deem Dossier endlech eppes? Wéini loosst Dir emol d'Muskele spille bei Ärem Parteikolleeg, fir dass Déifferdeng emol erëm eng Gare kritt, déi den Numm Gare och verdéngt an och deen neien Arrêt Breitfeld?

Ech fannen, dass besonnesch déi gréng an deem Dossier zimmlech blatzeg ausgesinn. Vun der CSV hunn ech an deem Dossier souwisou net esou vill erwaart.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass ech mam Kolleeg Wampach, e gréngе Kolleeg, deen och hei am Gemengerot war, eng flott Etüd ausgeschafft hat. Ech hat et schonn des Ëfteren ernimmt, mam Meco, wou all méiglech Alternativen opgezeechent waren. Déi leider déi lescht 13 Joer am déifsten Tirang verschwonnen ass. Déi Déifferdenger Leit wieren op jidde Fall frou an Iech besonnesch dankbar, wann Der géift Neel mat Käpp maachen an deem Dossier. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet.

Ech géif virschloen, mir maachen elo eng kleng Ënnerbriechung, dass de Schäfferot sech kann zréckzéien, fir ze kucken, op Är Froen ze äntweren. Dobausse steet e klenge Ravitaillement fir Iech bereet. Et ass elo 12.26 Auer. Dass mer eis um zéng vir eng erëmgesinn. Dann hu mer eng hallef Stonn, fir ze erblosen. Ech soen Iech villmools Merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech Iech Merci soen, an deen ass éierlech gemengt, fir de korrekte Verlaf vun dësen Diskussiounen.

Ech hunn Äntwerten op zwou Froen. Déi eng Fro vum Här Diderich, wéi vill Wunnengen, Unitéiten den AIS Kordall eleng um Terrain Déifferdeng huet. Dat sinn 53 Unitéiten um Terrain Déifferdeng. Am Ganzen hu mer der 97, déi sech iwwer Déifferdeng, Péiteng a Käerjeng a Suessem verspreeën.

(Diskussiounen)

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Dat war d'Fro vum Här Ruckert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

O entschëllegt, Här Ruckert. Ech hat geduecht …

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat ass net esou wëll.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wat d'Mietwunnengen ugeet, do hunn ech gesot kritt, do wier en Heftchen ausgedeelt ginn. Ech si bereet, Iech dat Heftchen nach eng Kéier digital zoukommen ze loossen.

(Diskussiounen)

Den Här Ulveling seet, et sinn ëm déi dausend Wunnengen. Ech si bereet, Iech dat Heftchen nach eng Kéier zoukommen ze loossen.

*vinal devrait garantir la longévité de ce projet. Serge Goffinet se réjouit de pouvoir participer à l'élaboration de ce projet avec monsieur Mangen.*
*En ce qui concerne les transports en commun, il faut planifier la mobilité à long terme. Serge Goffinet a participé aux élections de 2005. À l'époque, tous les partis parlaient déjà d'une gare à Differdange et d'un arrêt à Breitfeld. Les CFL ont construit une gare à Oberkorn. Mais à Differdange, les gens doivent se contenter d'un misérable quai. Le projet n'avance pas malgré six ans de Bausch et six ans de bourgmestres écologistes. Tout le monde accuse les CFL, mais ceux-ci ne font pas de politique et ne répondent pas. Quand le collège échevinal compte-t-il à nouveau jouer des muscles dans ce dossier ? Serge Goffinet ne s'attendait pas à grand-chose des chrétiens sociaux, mais les écologistes le déçoivent. Il rappelle qu'il a fait réaliser une étude avec monsieur Wampach, un collègue écologiste. Mais cette étude semble s'être volatilisée. Il serait temps de faire quelque chose.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie le conseil communal pour le déroulement correct des discussions. Le collège échevinal va préparer les réponses. Un petit ravitaillement est prévu dehors. Christiane Brassel-Rausch propose de faire une pause jusqu'à 12 h 50.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch remercie une nouvelle fois les conseillers communaux.*
*Elle revient sur une question de monsieur Diderich concernant l'AIS Kordall. Celle-ci dispose de 53 unités à Differdange et de 97 unités en tout.*
*(Discussions)*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *signale à madame Brassel-Rausch que c'était la question de monsieur Ruckert.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *répond qu'il n'y a pas de mal.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que pour les appartements à louer, les conseillers communaux devraient avoir reçu une documentation.*
*(Discussions)*
*Christiane Brassel-Rausch précise qu'il devrait s'agir d'un millier d'appartements selon monsieur Ulveling.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *réplique que ces documents ne font pas la distinction entre appartements à louer et appartements à cout modéré.*
*(Discussions)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question du conseiller juridique. Le collège échevinal fera une proposition l'année prochaine qui sera acceptable à la fois pour la commune et les habitants.*
*Pour ce qui est du stade d'athlétisme, la question porte uniquement sur le site.*

**TOM ULVELING (CSV)** *revient sur les questions de monsieur Muller concernant le 1535°. Le collège échevinal n'essaie pas de réaliser des bénéfices, mais estime que la commune devra rentrer dans ses frais tôt ou tard.*
*Monsieur Muller a prétendu que le collège échevinal dormait en ce qui concerne 2022. Mais ce n'est pas la Ville de Differdange qui organise l'évènement. Il y a eu des difficultés. Le collège échevinal sait que 55 projets ayant trait à Differdange ont été proposés. Ils seront évalués et retenus le cas échéant. Pour le moment, deux ont été refusés. Tom Ulveling ne comprend pas le système, car bien que ces projets aient été rejetés, ils pourraient être retenus s'ils tenaient compte de plusieurs critères. Dès que le collège échevinal en saura plus, une discussion sera organisée autour des projets choisis. Par ailleurs, même si 2022 refuse certains projets, la Ville de Differdange pourra toujours les financer elle-même si elle estime qu'ils sont valables.*
*Pour Tom Ulveling, il est trop tôt pour débattre de 2022. En tout cas, le collège échevinal n'a pas dormi. Il attend les résultats de l'évaluation des projets. C'est pourquoi le*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Do ass déi Differenz Mietwunneng a soss abordabel Wunnengen net dran.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat. Dann hätt ech nach d'Äntwert vum juristesche Beroder. Dat sidd Dir awer, Här Ruckert, dat weess ech. Dir hutt déi Fro gestallt. Do kann ech Iech soen, dass mer et schonn am Schäfferot haten. Mir waren eis net sécher iwwert d'Léisungen. Mir géife wierklech d'nächst Joer nach eng Kéier dorobber zréckkommen, fir ze kucken, fir d'Léisung ze fannen, déi souwuel fir d'Gemeng wéi fir d'Awunner akzeptabel ass.

An zum Liichtathletikterrain wëll ech soen: Et geet just ëm de Standuert. Méi wëll ech dozou net méi soen.

Ech ginn d'Wuert weider un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll op déi Froen äntweren, déi mer gestallt gi sinn. Déi meescht vum Här Muller. Et waren der e ganze Koup iwwert dat selwecht Theema, zum 1535°. Wat ech gemengt hat mat op "even" kommen: Mir wëllen natierlech net do e grousseaartege Benefice maachen, mee mir wären awer frou, wann an Zukunft d'Rechnung géif opgoen a mer näischt missten direkt bäileeën.

Den Här Muller huet geschwat vun 2022. Den Här Muller huet behaapt, et géif gepennt ginn. Ech kann Iech soen, do hu mir net de Lead. Dat ass jo eng privat Gesellschaft, kann een dat bal nennen, déi 2022 organiséiert. Dir wësst, dass do Schwieregkeete ware mam Direkter an hei an do, wou nei ausgeschriwwe ginn ass.

Et si Projeten erakomm. Dat eenzegt, wat mir wëssen – mir wëssen och net ganz vill –, à ce stade, ass, dass 55 Projeten erakomm sinn, déi direkt mat Déifferdeng ze dinn hunn. Déi Projete ginn analyséiert a bis Enn dës Joers sollen déi Leit eng Äntwert kréien, ob d'Projeten zréckbehale ginn oder net.

An dann, wa mer emol eng Kéier wëssen, wéi et ausgesäit mat de Projeten, da musse mer jo driwwer befannen, wat fir eng Projeten zréckbehale ginn. Mir hunn der schonn zwee, wou mer wëssen, dass mer se refuséiert kréien – och eng ganz komesch Approche. Well op där enger Säit ass et an enger Catégorie refusée, an da steet awer hannendrop, wann een dat an dat géif beréckisiichtegen, dann hätte se awer nach vläicht eng Chance. Ech verstinn dee System net, mee egal.

Mir waarden elo emol of, bis mer vun deene 55 Projeten, ganz flott Projeten, e Resultat hunn. An da musse mer kucken – an dofir hat ech och gesot, dass mer eis sollen eng Kéier am grousse Krees zesummesetzen –, fir iwwert déi Projeten ze befannen. Wa Projeten dobäi sinn, déi mir gutt fannen, an den 2022 fënnt se net gutt, da kënne mir se jo iwwert d'Gemeng finanzéieren. Wann ech dat kann esou nennen.

Ech mengen, et ass elo e bësse fréi, fir méi driwwer ze soen. Mee mir hunn net gepennt. Mir si prett. Mir hunn och Leit agestallt, déi och ganz aktiv an deene Gruppe matschaffen. Mee mir hunn d'Resultat nach net vun den Auswäertunge vun de Projeten. Dofir kënne mer am Fong net vill maachen. Dofir stinn och keng Suen am Budget. Dat ass net, wëll mer näischt wëlle bäileeën, et ass einfach, à ce stade kann een nach net soen, wat effektiv gebraucht gëtt.

Sengerzäit, wéi déi ganz Saach ugaangen ass, war vu bis zu zwou Milliounen oder esou geschwat ginn, déi Déifferdeng hätt misse bäileeën. Wou dann duerno gesot ginn ass: Et brauch elo keen eppes bäizeleeën. Dat gëtt anescht regléiert. Soudass ee muss eng Kéier kucken, wat een effektiv als Gemeng wëll an dat Dëppen do ginn, fir dat ze realiséieren.

Den Här Muller huet vum Pluriannuel geschwat, dee mer misste maachen. Här Muller, mir hunn net op Iech gewaart fir dat ze maachen. Ech hat a menger Ried scho gesot, dass d'nächst Joer an dat Joer drop relativ schwéier Joren op eis zoukéimen, wat d'finanziell Situatioun ubelaangt. Well mer jo dëst Joer vill Projeten ufänken. Am

Ufank geet dat relativ lues virun, mee duerno geet et ganz rapid. An da falen och déi meescht Käschten op eis zou.

Den Här Muller huet gesot, d'CSV hätt näischt gemaach, fir e Baustopp ze lancéieren. Dir hutt Iech selwer d'Äntwert ginn. Am PAG hu mer wuel gekuckt, dass verschidden Haiser, verschidde Stroossen, verschidde Volumme geschützt ginn. Soudass net méi kann, wéi an der Zäit, hei alles ofgerappt ginn an nëmmen nach Héichhaiser gebaut ginn.

Et ass vill vun der Ferme Lommel geschwat ginn. Do ass et kloer. Mir sinn amgaang, dat ze plangen. Et sinn éischt Pläng do. Et war gefrot ginn, wat mat dem Wunnhaus Lommel geschitt. Do kommen deelweis Wunnengen dra fir d'Leit, déi do Projete maachen. Eventuell eng oder zwou kleng Wunnengen, Studioen, fir dass déi do kënnen iwwernuechten, déi Zäit, wou se déi Projete maachen. Et sollen awer och administrativ Saachen kommen. De Moment emol, ass virgesinn, fir dat do ënnerzebréngen.

Mir hunn dat net vill weidergedriwwen, well mer gewuer gi sinn, dass mer iwwer en europäesche Förderprogramm kéinte bis zu 400.000 Euro kréien, wa mer e flotte Projet géife presentéieren. Dofir sinn eis Servicer, mat dem Service vum Här Scacchi an esou, amgaang ze affinéieren, fir eventuell an de Genoss ze komme vun esou Zommen. Déi och am Kader vun 2022 kéinte verdeelt ginn. De Projet Lommel ass am Projet 2022 dobäi, mee kann nach méi subventionéiert ginn. Also, mir sinn do drun. Do leeft eppes.

Soubal mer genau wëssen, alles affinéiert hunn, da maache mer et och do natierlech, wéi bei all deenen anere Projeten, dass mer Iech déi virstellen. An da kënnt Dir och Ären Avis dozou ginn, ier mer dat dann definitiv festhalen.

Et ass vill vun der Place Nelson Mandela geschwat ginn. Et ass gesot ginn, mir géifen och do pennen an do géif näischt geschéien, an et misst een alles matenee maachen. Ech wëll just soen, dass mir dat gäre géife maachen.

Mee éischtens hutt Der vläicht matkritt, dass den EIDE, den internationale Lycée, e Retard vu sechs bis néng Méint kritt huet, well do eng Faillite um Chantier ass. An déi brauche Schoulraum. Soudass si hir Containeren do stoe loossen. An déi hätten am Fong missen ewechgeholl ginn. Warscheinlech wäerten déi bal ee Joer méi laang dostoen. Soulaang déi net fort kommen, ass et schwéier, do e Chantier ze organiséieren. Eisen zweete Stack plangt awer intensiv un deem Parking an och un de Fondatioune vun der Schoul.

Et war gesot ginn, ech mengen, den Här Muller war dat, dee gesot huet, deemools war eng Urgence wéinst der Kichen an der Kantin. Déi Urgence kréie mer elo e bëssen attenuéiert nodeems d'Mathendahlschoul wäert opgoen, well dat jo eng Produktiounskiche gëtt.

Da kënne mer do Saache mat maachen, déi mer da vläicht net méi am Zentrum maachen, well mer do eebe warscheinlech Problemer kréien, oder scho liicht Problemer hunn, mat der ITM, déi en A nach e bëssen ëmmer zoudréckt. Soudass dat awer ka virugoen.

Da war an der Diskussioun d'Parkhaus um Site ArcelorMittal. Ech mengen, do kann den Här Liesch duerno e puer Wuert derzou soen. Do sinn 1.200 Parkplaze geplangt. An et ass och geplangt, dass ArcelorMittal dee wäert op hirem Site bauen. An da musse mer nach verhandelen, wéi dat dann an eise Besëtz iwwergeet. Also do ass och net geschlof ginn.

Et ass vun enger neier Schoulschwämm geschwat ginn, mam EIDE zesummen. Et ass eebe grad dofir, wou mer mam Ausbau vun dem Aquasud net direkt virufueren. Well d'EIDE huet ugemellt, dass si wéilten eng Schwämm op deem Site vum CID bauen, wann de CID bis fort ass. Eng Schoul mat enger Schwämm.

Do si mer amgaang ze diskutéieren, wéi een déi Schwämm kéint zesummen notzen, souwuel mir als Gemeng fir eis Schoulklasse wéi si als Lycée. Dat ass eng Saach, déi amgaang ass affinéiert ze ginn.

Den Här Muller huet geschwat vum CHEM zu Nidderkuer. Do muss ech soen, do sidd Der awer warscheinlech net mat Ärem Minister op enger Wellelängt. Oder Dir hutt scho laang net méi mat em geschwat. Well mir waren eng

*budget ne prévoit pas de fonds. Personne ne sait quelles sommes seront nécessaires. Au départ, il avait été question de deux-millions d'euros. Ensuite, on a dit aux communes de ne rien verser, parce que le financement serait réglé autrement. Il faudra voir plus tard la façon dont les communes contribueront.*

*Le collège échevinal n'a pas attendu monsieur Muller pour réaliser un budget pluriannuel. Differdange devra faire face à des années difficiles financièrement, car de nombreux projets sont entamés cette année.*

*Monsieur Muller a également prétendu que le CSV ne faisait rien pour stopper les constructions. Mais il a répondu lui-même à ses critiques en mentionnant les mesures du PAG.*

*Le collège échevinal planifie le futur de la ferme Lommel. La résidence accueillera deux appartements pour les gens réalisant des projets ainsi que pour la partie administrative. La Ville de Differdange pourrait toucher des subventions européennes à hauteur de 400 000 €. Le service de monsieur Scacchi s'en occupe. Le projet Lommel devrait aussi participer à 2022. Dès que le collège échevinal aura plus d'informations, il les présentera au conseil communal.*

*On a reproché au collège échevinal de ne rien faire concernant la place Nelson-Mandela. Il devrait réaliser tous les projets en même temps. Mais ce n'est pas possible. L'EIDE a un retard de six à neuf mois à cause d'une faillite. C'est pourquoi ils auront encore besoin des conteneurs pendant une année. Dans ces conditions, il est difficile d'organiser un chantier. Mais le service technique est en train de planifier le parking et les fondations de l'école.*

*Monsieur Muller a parlé d'urgence pour les cantines. Mais l'école du Mathendahl et sa cuisine de production soulageront la situation. Actuellement, l'ITM se montre indulgente concernant Differdange-centre.*

*Monsieur Liesch reviendra sur la question du parking sur le site d'ArcelorMittal. Ce parking accueillera 1200 voitures. Des négo-*

*ciations sont en cours concernant le droit de propriété.*
*Il a été question de la piscine scolaire. Tom Ulveling rappelle que l'EIDE veut en construire une sur le site actuel du CID. Il reste à définir si cette piscine pourra être utilisée par les écoles fondamentales.*
*Monsieur Muller ne semble pas être sur la même longueur d'onde que son ministre pour ce qui est du CHEM. Car celui-ci a donné un conseil au collège échevinal : aplatir l'hôpital avec un bulldozer. Le conseil communal devrait se réjouir de l'implantation de la médecine environnementale sur ce site — même si ce n'est que temporaire. Car l'hôpital Schuman du Kirchberg est aussi candidat. Le ministre a choisi Differdange.*
*L'école de musique est victime de son succès et a besoin de plus de salles. Lorsque le bâtiment Servior sera fini, l'ancien hôpital de Differdange va se libérer. La Miami University pourrait s'intéresser à ce site. En janvier, lorsque le principal de la Miami University viendra à Differdange, il devra dire clairement ce qu'il compte faire. Si la Miami University n'a pas besoin de ces locaux, l'école de musique pourrait y emménager.*
*Le Science Center a informé Tom Ulveling du fait que terminer la centrale à gaz pour 2022 serait difficile. En revanche, ils ont proposé un projet avec les anciennes cloches et les anciennes fenêtres de l'église.*
*Monsieur Bertinelli reproche au collège échevinal de réaliser le projet du Bock dans le jardin des voisins sans dialoguer avec les gens. Or pas plus tard que mardi dernier, Tom Ulveling a discuté avec un des voisins concernés. Ils ont trouvé un accord.*
*Pour ce qui est des archives, lorsque Tom Ulveling est devenu échevin en 2002, personne n'en parlait. Il s'agissait d'une montagne de papier croulant sous la poussière dans un grenier. Tom Ulveling a changé les choses. Des locaux seront construits sur la place Nelson-Mandela. Mais tout ne pourra pas être réalisé en même temps. Les locaux seront climatisés et disposeront d'une petite salle pour la recherche.*

Kéier bei deem, an deen huet eis gesot, ech zitéieren: „Wann ech Iech kann e gudde Rot ginn, als Ekonomist, dann huelt Der de Bulldozer".

Ech mengen, mir solle frou sinn, dass déi Ëmweltmedezin elo dohinnerkënnt. Mir wëssen, dass et temporär ass. Mee de Risk hätt bestanen – well et war nach en anere mat eis an der Course, den Hôpital Schuman um Kierchbierg, déi och eng Ëmweltklinik gefrot haten. An de Minister hat eis et awer zougesot. Soudass se an de Süde kënnt. Do hu mer schonn eppes geschafft, fir dat ze kréien.

D'Museksschoul ass oft ugeschwat gi wéinst dem Plazmangel. Mir wëssen, dass mer Victime si vun eisem Succès. An dass mer doduerch elo méi Säll brauchen. Mir haten uganks geplangt, dass mer eventuell kéinten – wann de Servior fäerdeg ass, gëtt jo dat aalt Déifferdenger Spidol fräi. An do hate mer mat der Miami University Kontakt, well déi do wollten hire Site ausbauen.

Et ass elo esou, dass de Provost, also den ieweschte Chef vun der Miami University am Januar heihinnerkënnt. Dee soll eis da klipp a kloer soen, ob si dat wëlle gebrauchen oder net. An am Fall, wou se et net gebrauchen, ass schonn dru geduecht ginn, dat eventuell fir d'Museksschoul ze gebrauchen. Do musse mer ofwaarden op hir Decisioun.

2022 hunn ech gesot. Et war nach gefrot ginn nom Science Center, wéi wäit mer do Informatiounen hätten. Dat eenzegt, wat ech Iech ka soen dat ass, dass de Science Center mir gesot huet, dass et ganz sportlech géif ginn, fir d'Gaszentral fäerdeg ze kréien a fir do Saachen ze maachen.

Si hunn e Projet eragi mat Klacken aus der aler Kierch an deenen ale Fënsteren aus der Kierch, wou si wëllen e Projet maachen, am Kader vun 2022. Mee ob déi Gaszentral fäerdeg ass, fir iergendwellech Events an där Gaszentral ze organiséieren, dat kann een, à ce stade, net soen.

Bei der Bockschoul huet den Här Bertinelli eis virgeworf, mir géifen do alles bauen an dem Noper säi Gaart a mir hätte keen Dialog mam Bierger. Do kann ech dem Här Bertinelli just äntweren, dass ech net méi spéit wéi leschten Dënschdeg mat deenen zwee, oder engem vun deenen, geschwat hunn. A mer eis gëeenegt hunn, dass mer deem Mann, souwäit mer kënnen, entgéintkommen. An de Mann ass och elo d'accord, soudass dat esou ka gebaut ginn.

An dann eng lescht Fro vum Här Goffinet zu de d'Gemengenarchiven. Ech wëll elo net hei streiden, mee wéi ech 2002 Schäffe gi sinn, do wousst keen eppes vun Archiven. D'Archiven – ech hunn nach e puer Fotoen doheem –, dat war e Koup Pabeier ënnert dem Daach mat engem hallwen Zentimeter Stëbs drop. Dat war den Iwwerbleibsel vun den Archiven aus der Zäit virdrun.

Dir wësst, datt ech mech ëmmer dofir agesat hunn. Et sinn Archive geplangt, déi gi matgebaut, wann op der Place Nelson Mandela dee Parking gebaut gëtt. Dat ass virgesinn. Leider kann net alles matenee gemaach ginn. An et dauert nach e bëssen.

Mee jiddefalls wäerten déi Archiven an engem seriöe Raum, oder Raim, deposéiert ginn. Mat deenen néidege klimatesche Konditiounen, mat och engem klenge Sall fir d'Leit, fir Recherchen ze maachen. Also dat ass alles virgesinn. Mee et geet net alles mateneen.

Ech mengen, dat war, am grousse Ganzen, alles dat, wou d'Leit mir Froe gestallt hunn, oder wou ech mech ugesprach gefillt hunn. Wann nach eppes ass, kënnt Der mech dat jo nach duerno froen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Ulveling. Här Liesch, wannechgelift.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass gefrot ginn no der Étude de mobilité, déi 80.000 Euro, firwat mer déi net ausginn hunn. Et ass esou, dass mer déi d'lescht Joer an de Budget gesat haten, en vue vun der Reorganisatioun vum Diffbus wéinst dem gratis ëffentlechen Transport. Dass mer do hu musse Saachen änneren.

Wéi Der wësst, hu mer d'lescht Joer eng zousätzlech Ressource agestallt am Service mobilité. Déi Madamm, déi mer do agestallt hunn, kënnt aus engem Bureau d'études. Si konnt eis an deenen éischte Méint enorm hëllefen an der Ëmgestaltung. Soudass mer an deenen éischte Méint kee Büro gebraucht haten.

Um Schluss hate mer awer e Büro matgeholl fir d'Finaliséierung vun der Reorganisatioun. Déi Rechnunge sinn nach net eran. Déi Sue goufen d'lescht Joer net gebraucht. Dofir hu mer se reportéiert op dëst Joer. Mir wäerte se warscheinlech net all brauchen. Mee et war awer schonn emol ganz gutt, dass mer se virgesinn haten. Dass mer de Plang vum neien Diffbus-Reseau gestalte konnten, wann den 1. Mäerz de gratis ëffentlechen Transport kënnt.

Et war gefrot gi vum Här Muller mam intelligente Wuessen. Do huet den Här Ulveling schonn e bëssen drop geäntwert. Ech mengen, Dir waart jo awer laang genuch selwer Bauteschäffe fir ze wëssen, dass dat ee vun eise groussen Theeme war: Wéi kréie mer eise Wuesstem gebremst a wéi kréie mer intelligente Wuesstem dran?

Dat hu mer fäerdegbruecht mam Schutz vun den Eefamilljenhaiser. Dat hu mer fäerdegbruecht mat dem Schutz vun de Fassaden. An dat hu mer elo nach eng Kéier fäerdegbruecht, rezenterweis, mam PAG. Dat sinn d'Äntwerten op intelligente Wuesstem.

A mir haten an der Presentatioun vum PAG gesot, dass eis demografesch Etüd e puer Zenarie virgesäit hat, wéi mer kéinte wuessen, wat d'Potential vun der Gemeng wär a wéi mer dat Potential an der Zäit strecke kéinten. A mir hunn eis hei decidéiert gehat fir e moderaten, e klenge Wuesstem. Deen Zenario am Fong ze huelen als Basis, fir de PAG opzestellen.

An dorun huet sech näischt geännert. Dofir verstinn ech Är Kritik net, dass mer kee Plang hätten, fir intelligent ze wuessen. Dach, deen hu mer. Mir wëlle ganz moderat wuessen. An zwar just dat, wat de Pacte Logement virgesäit.

D'Parkhaus Hauts-Fourneaux. Jo, deen huet schonn eng gewëssen Dauer, well e mol lénks, mol riets sollt gebaut ginn.

Et ass awer esou, mir hate rezent nach emol Gespréicher mat ArcelorMittal, déi eis confirméiert hunn, dass si hannert deem Projet stinn. D'Pläng si sou gutt wéi fäerdeg. Si wëllen dat selwer bauen.

An et ass, wéi den Här Ulveling gesot huet, mer mussen eis mat hinnen eens ginn, wa si et da bauen, ob mir et da lounen oder kafen. Oder ob si et herno selwer bedreiwen, ënner engem ëffentlechen Träger. Et geet just nach ëm d'Finaliséierung. Si hunn eis nach eng Kéier confirméiert, dass dat Parkhaus fir 2022 fäerdeg wär. Dat ass nach ëmmer d'Zil. Dat hu se eis nach an där leschter Reunioun, wou se hei am Schäfferot waren, confirméiert, dass dat nach ëmmer esou wär.

Well un deem Parkhaus hänkt jo net nëmmen d'Parkhaus, mee och en neit Gebai, wat si dann och baue wäerten, en neit Direktiounsgebai. An dat aalt Gebai géif dann ewechfalen. Wat jo och net onbedéngt immens schéin ass. Déi zwee Projete sinn unenee gekoppelt. Dat heescht, dat leeft virun. Mir bleiwen do hannendrun. Mir sinn elo just nach an de Verhandlungen, wéi mer eis finanziell eens ginn.

Dann hat den Här Muller gefrot no deem Projet vun der Senioreresidenz zu Nidderkuer. Dat wësst Der jo, dass mer eis mat deem leschte Bedreiwer net eens gi sinn. An dass mer dee Projet du gekënnegt hunn.

Mir hu selwer hei intern am Haus en Entworf vun engem Masterplang gezeechent, fir ze kucken, wat een do maache kéint. Dee kënne mer roueg eng Kéier weisen. Wéi mer eis deen Entworf dunn ugekuckt hunn, ass eis opgefall, dass et am Fong interessant wär, dat Witwenheim, ech nennen et elo emol esou, wat e bësse méi wäit eraläit, matzeintegréieren an dee Masterplang.

Mir hunn eis mat deene Leit zwee-, dräimol gesinn. D'leschte Kéier war och den Här Mangen dobäi. Dat war eng ganz interessant Reunioun. Si wäre bereet, an dee Masterplang eranzeklammen an och e Rôle ze spillen an deem ganzen Terrain. Si ware ganz oppen an där Diskussioun, fir do matzemaachen.

*Tom Ulveling pense avoir répondu à toutes les questions.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur l'étude de mobilité, qui aurait dû couter 80 000 €. Elle devait être réalisée dans le cadre de la réorganisation du Diffbus en vue de la gratuité des transports en commun. Entretemps, le service de la mobilité a recruté une collaboratrice qui travaillait dans un bureau d'études. Elle a travaillé à cette réorganisation. C'est pourquoi les fonds prévus n'ont pas été dépensés au début.*
*En revanche, un bureau a été chargé de finaliser la réorganisation, mais les factures ne sont pas encore arrivées. Il est probable que la commune n'aura pas besoin de la totalité de la somme. Ce qui compte, c'est que le nouveau réseau du Diffbus soit prêt pour le 1er mars 2020 lorsque les transports en commun deviendront gratuits.*
*Monsieur Muller a parlé de croissance intelligente. Mais il a été échevin aux bâtisses suffisamment longtemps pour savoir que le collège échevinal a traité cette question. Georges Liesch mentionne la protection des maisons unifamiliales, la protection des façades, le PAG… En outre, l'étude démographique présente plusieurs scénarios de croissance. Le collège échevinal a retenu une croissance modérée. Ce scénario est à la base du PAG. C'est pourquoi Georges Liesch ne comprend pas la critique de monsieur Muller. Celui-ci sait que la commune veut croitre lentement.*
*Le projet du parking des Hauts-Fourneaux prend du temps parce que le site a changé. ArcelorMittal a confirmé au collège échevinal qu'ils soutiennent le projet. Les plans sont presque terminés. Il reste à décider si la commune achètera le parking ou si elle le louera. Le parking sera prêt en 2022.*
*Parallèlement au parking, ArcelorMittal va aussi construire un bâtiment pour la direction. L'ancien bâtiment va disparaitre. Les deux projets sont liés. Le collège échevinal veille à ce que les choses avancent. Il ne reste que des questions d'ordre financier.*
*Monsieur Muller a posé des questions concernant la résidence pour*

*séniors de Niederkorn. Or il sait que le collège échevinal n'a pas trouvé d'accord avec l'ancien exploitant. Entretemps, le service technique a dessiné des plans directeurs. Mais le collège échevinal est d'avis qu'il faudrait intégrer la « maison des veuves » dans ces plans. Des rencontres ont eu lieu. Monsieur Mangen y a participé. Les discussions ont été positives.*

*En ce qui concerne le CHEM, le ministre de la Santé a expliqué au collège échevinal que le site de Niederkorn ne survivrait pas, car l'Hôpital du Sud va ouvrir ses portes. Le collège échevinal a répondu que Differdange voulait conserver un service de santé de proximité. Le ministre a répondu que c'était une bonne idée. Il a proposé une maison médicale et un service plus important où réaliser les premiers soins. Mais le collège échevinal estime que cela ne doit pas forcément se trouvait à Niederkorn sur un site difficilement accessible. L'entrée en ville semble plus appropriée.*

*Dès lors, les plans directeurs devraient porter sur 10 ou 15 ans, lorsque l'hôpital aura disparu. C'est la raison pour laquelle le budget ne prévoit pas de fonds.*

*Georges Liesch passe au système de guidage électronique vers les parkings. Il regrette que les choses ne bougent pas. Les panneaux affichent des informations intéressantes, mais qui ne correspondent pas à la réalité. Georges Liesch a lui-même envoyé plusieurs e-mails pour comprendre pourquoi le système ne fonctionne toujours pas. Malheureusement, au point où la commune en est, elle ne peut plus changer d'exploitant. En tout cas, le collège échevinal ne paie plus aucune facture. Le tout est ridicule. Toutes les villes disposent d'un tel système que l'on achète probablement dans un magasin de bricolage.*

*Le collège échevinal ne peut rien à cette situation. Monsieur Bertinelli, qui a contribué à la mise en place du système, non plus. L'entreprise en question est luxembourgeoise. Généralement, elle réalise du bon travail. Elle n'est peut-être pas la seule responsable. Mais la Ville de Differdange est le client et cela n'a rien d'amusant.*

An da bleift eigentlech just nach, hannen zum Schluss, de CHEM. Wou mer jo an där Reunioun beim Gesondheetsminister gesot kritt hunn, dass dee Site keng Iwwerliewenschance hätt, wat d'medezinesch Servicer ugeet. Dass do d'Südspidol géif hikommen. Wou mir du gesot haten, mir hätten awer onbedéngt gären e medezinescht Standbeen hei zu Déifferdeng. Dat misst awer heibleiwen, fir d'Proximitéit ze garantéieren.

Do hat de Minister an där Reunioun gesot, dat wär eng gutt Iddi. Dass een eppes hätt – en huet dat mengen ech eng Maison médicale plus genannt, oder iergendeppes Gréisseres –, wou also och éischt Soine kéinte gemaach ginn. An do ware mer der Meenung, dass dat awer net misst zu Nidderkuer an deem leschten Dall hanne sinn, wat mobilitéitstechnesch net gutt ugebonnen ass.

Mee dat géif een éischter gesinn an der Entrée en ville. Nämlech do, wou de Plateau Hauts-Fourneaux elo ass, wou een esou eppes kéint virgesinn. Wat och zentral géif leien a wou jiddwereen direkten Accès hätt iwwer Bus, Zuch, Vëlo a wat och ëmmer, an och ze Fouss.

Duerfir hu mer och gesot, da kéinte mer jo och méi wäit denken, 10-15 Joer – wéi géif dann de Masterplang ausgesinn, wann ee wierklech dann d'Spidol sech ewechdenkt a kuckt, wat een dann do nach maache kéint. Duerfir fënnt een elo näischt am Budget. Dat war jo d'Fro, firwat keng Suen am Budget sinn. Ma méi wäit wéi dat do si mer eigentlech nach net.

Da war geschwat gi vum Parkleitsystem. Do ass et e bësse schwéier drop ze äntweren. Ech hat et schonn eng Kéier hei gesot, dass ech wierklech net immens frou sinn – an ech menge keen heibannen –, dass mer hei einfach net vum Fleck kommen.

Mir hunn eis hei mat enger Firma bestuet, wou mer elo esou wäit sinn, wéi mer sinn. An déi Panneauen – et ass wéi um Chrëschtbeemchen, et ass wéi en Adventskalenner: Geet iergendwou ee Panneau a Betrib, weist en iergendwellech Saachen un, déi ganz interessant sinn, awer sécher net stëmmen.

Ech sinn net frou doriwwer. Ech hunn och schonn e puer Maile verschéckt. Mir kréien all Dag eng aner Geschicht gezielt, firwat et net funktionéiert. Mee, mir kënnen awer, wou mer haut sinn, de Projet net méi mat engem anere maachen.

Ech hu just gesot, dass mer keng Rechnunge méi bezuelen, op jidde Fall elo, bis dat Ganzt do geet. Et ass wierklech eng Lachnummer. An all Stad gëtt et esou ee System, deen ee warscheinlech iergendwou an engem Baumarkt kéint kafen an opriichten, wat besser funktionéiert wéi dat, wat mir am Moment hei zu Déifferdeng hunn. Dat ass wierklech net witzeg.

Dofir kann awer keen, och net hei am Haus. Och net den Här Bertinelli, deen deemools dat Parkleitsystem matausgeschafft huet. Et ass eng Firma hei zu Lëtzebuerg, wou een eigentlech gewinnt ass, dass se eng gutt Aarbecht mécht. Si ass vläicht och net eleng Schold. Dat kann och sinn. Mee schlussendlech si mer Client. An ech kann nëmme soen, dass mer net amused sinn iwwert dat, wat leeft.

PN15, do hu mer am Budget Suen ageschriwwen, fir d'Acquisitioun vum Terrain ze maachen. Mir hunn d'Proprietärin schonn e puermol gesinn. Mir sinn awer nach net zu engem finalen Accord komm. Dat huet net onbedéngt eleng mat Finanzen ze dinn, et huet och domat ze dinn, dass d'Proprietärin do laang wunnt a sech schwéier deet, déi Terrainen hierzeginn. Dat ass e laange Prozess. Mir hoffen awer, dass mer et fäerdegbréngen.

Mir hunn elo nach eng Pist, e bësse méi wäit erop, wou mer mat engem anere Proprietär kucken, ob mer net mat deem eens ginn. Dat mécht de Projet net méi einfach, mee vläicht komme mer do zäitlech méi séier virun.

An et ass, wéi Dir gesot hutt, Här Meisch, de PN15 ass ee Projet, dee mer musse realiséieren, ier mer iwwerhaapt kënnen drun denken, am Zentrum mobilitéitstechnesch iergendeppes zréckzeschrauwen, well soss funktionéiert awer wierklech guer näischt méi.

Den Här Diderich hat gefrot, firwat am Pacte Climat d'Recetten erofginn. Dat ass normal. Et ass am Kontrakt esou

virgesinn, dass beim Pacte Climat, wann een e gewësse Seuil erreecht, da kritt een eng gewëssen Zomm. An déi geet dann all Joer e Stéckchen erof.

D'lescht Joer ware mer pile poil um Goldstatus, fir deen unzefroen. Mir hunn en dunn awer net ugefrot, well ech fonnt hunn, wann et wierklech op een, zwee Punkten ugeet, ass et awer blöd ze froen an et géif een en dann net kréien, dowéinst. Wa mer de Goldstatus ugefrot hätten, dann hätte mer de Montant kënnen halen.

Esou si mer e bëssen erofgaangen. Mee mir schaffen awer nach weider drun. Da kënne mer en dëst Joer ufroen. Da si mer sécher, dass mer mat méi Reserv do an de Goldstatus kommen.

Den Här Altmeisch hat geschwat vun der Beliichtung vum séchere Schoulwee. Och do wëll ech drun erënneren, dass ech déi Zäit, wou den Här Bertinelli Mobilitéitsschäffe war, mat him zesummen éischtens emol dee ganze Séchere-Schoulwee-Plang ausgeschafft hunn. An och do all Joer am Budget Sue virgesi waren, fir eeben d'Beliichtung vum séchere Schoulwee ze maachen. All Joer ass dorunner geschafft ginn.

Lo kann et sinn, dass dat nach net färdeg ass, dass mer nach deen een oder deen anere Foussgängersträifen nach ëmmer net gemaach hunn. Dat ka richteg sinn. Ech proposéieren, dass mer dee Plang eng Kéier an d'Mobilitéitskommissioun ginn, dass een do en Update mécht a kuckt, wat dann elo nach iwwreg ass.

Soudass mer dann an engem Joer, wann dat machbar wär, zumindest emol dee Séchere-Schoulwee-Deel ofgeschloss hätten. Da bleiwen nach genuch aner Foussgängersträifen, déi mer och nach musse maachen. Mee mir kréie se net all gemaach. Dat ass einfach illusoresch, fir dat ze mengen.

Dat sinn d'Punkten, déi ech mer emol opgeschriwwen hat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn nach ee vergiess. Ech hat nach ee vergiess, deen awer wichteg ass. Den Här Meisch hat nach gefrot nom Wandpark, dass do näischt drasteet. Et ass esou, dass d'Etüden elo all ofgeschloss sinn. Mir hate jo an der Scoping-Reunioun eng Partie, soen ech emol, Hausaufgabe kritt vun Etüden, déi nach zousätzlech gefrot gi sinn, notamment déi Buerungen an esou weider. Dat ass alles färdeg.

Dat heescht, den Dossier gëtt elo zesummegepaakt, mat allen Etüden, fir an d'Autorisatioun ze ginn. Duerfir hu mer keng Sue méi am Budget virgesinn. Well am Prinzip si mer elo der Meenung, elo muss eigentlech d'Autorisatioun kommen oder net. Mir ginn dat elo an d'Prozedur.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Fir d'éischt begréissen ech emol déi honnert Deeg, déi mer als Schounfrist zougesprach krute vun der DP. Déi lescht Zäit war sécherlech net einfach fir ons Verwaltung. Dofir e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung a Gedold bei der Opstellung vun dem Budget an och am alldeeglече Verlaf vun den Aktivitéiten, déi mer haten.

Dat selwecht geet och un de Schäfferot. Et war keng einfach Zäit. Mir hunn ons missen ëmstellen. An dat gëtt oft och vergiess, et sinn aner Leit am Schäfferot, an déi musse sech emol erëmfannen an och kucken, datt se eng Ekipp bilden. Dat ass um gudde Wee. An do soen ech och Merci fir déi Zesummenaarbecht.

Da kommen ech an den Tourismusberäich. Den Tourismusberäich gëtt valoriséiert mat der Madamm Lynn Bintener, déi awer elo déi éischt Joren e bësse gedeelt gëtt. Si këmmert sech ëm d'Projeten 2022 an e bëssen ëm den Tourismus. A wann 2022 eriwwer ass,

*Le budget prévoit des fonds pour l'acquisition d'un terrain dans le cadre du PN 15. L'accord avec la propriétaire n'a pas encore été trouvé. Elle vit dans sa maison depuis longtemps et se voit mal céder les terrains. Il existe une deuxième possibilité un peu plus haut. Le collège échevinal est entré en négociation avec le propriétaire en question. Le projet deviendrait plus complexe, mais pourrait être réalisé plus rapidement. Comme l'a dit monsieur Muller, le collège échevinal doit réaliser le projet du PN 15 pour espérer pouvoir modifier la circulation dans le centre-ville. Autrement, ce sera le chaos.*

*Les recettes liées au Pacte climat baissent. Cela fait partie du processus, une fois un certain seuil atteint. L'année dernière, Differdange aurait pu devenir membre d'or. Mais Georges Liesch a préféré attendre d'avoir plus de points. Le statut sera demandé cette année.*

*Monsieur Altmeisch a mentionné l'éclairage sur le chemin vers l'école. Georges Liesch rappelle que les plans ont été élaborés en partenariat avec monsieur Bertinelli, qui était échevin à la mobilité. Un budget pour l'éclairage était prévu tous les ans. Mais il est possible que tous les passages pour piétons n'aient pas encore été traités. La commission de la mobilité pourrait vérifier les passages manquants. Comme cela, dans un an, le « séchere Schoulwee » pourrait être terminé. Mais il serait illusoire de penser éclairer tous les passages pour piétons.*

*Monsieur Meisch a mentionné le parc éolien. Les études sont terminées — notamment celles demandées dans le cadre du « scoping ». La commune peut désormais lancer la procédure. C'est pourquoi le budget ne prévoit pas de fonds. Soit le parc éolien sera autorisé, soit pas.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *remercie le DP d'avoir accordé un délai de cent jours au collège échevinal. L'administration a connu des temps difficiles. Robert Mangen salue le soutien et la patience de ceux qui ont participé à l'élaboration du budget. Pour le collège échevinal aussi, les temps ont été durs. Il a fallu s'adap-*

*ter. Les nouveaux échevins doivent s'y retrouver et former une équipe. Robert Mangen remercie tout le monde pour la collaboration.*
*C'est à madame Lynn Bintener que revient la tâche de valoriser le tourisme. Actuellement, elle s'occupe aussi de 2022.*
*Differdange a obtenu des demandes de gites d'hébergement pour le « Minett Trail ». Le collège échevinal en a proposé quelques-uns, mais le nombre est limité. Il a notamment été question du carreau Thillebierg. Mais finalement, le collège échevinal a préféré le projet des colonies de Lasauvage. Les maisons seront rénovées. Six à huit personnes pourraient y trouver refuge.*
*Ouvrir une auberge de jeunesse sur le carreau Thillebierg est une bonne idée. Le terrain appartiendra bientôt à la commune.*
*Le centre d'accueil du Minett Park est une histoire complexe. Heureusement, Robert Mangen n'a plus beaucoup de cheveux. Les statuts de l'ASBL changent sans cesse. L'échevin espère qu'une solution sera disponible en janvier. Pour lui, définir les statuts au préalable est essentiel, car actuellement, ce sont les conseillers communaux de Differdange et Pétange qui seraient responsables en cas de problème. En plus, le conseil d'administration a évolué et limer les différences n'est pas évident. À titre d'exemple, des sanitaires doivent être aménagés depuis dix ans. Monsieur Sanavia avait promis de s'en occuper. En attendant, la Ville de Differdange a installé des toilettes ambulantes. La commune a été critiquée parce qu'elle aurait dû attendre les autres travaux. Mais les gens doivent tout de même pouvoir aller aux toilettes.*
*L'allocation de solidarité sera ventilée à la fin de l'année. Robert Mangen prévoit que les 420 000 € ne seront pas épuisés, ce qui laissera une réserve pour l'année prochaine. En fonction du bilan, l'allocation devra être adaptée.*
*Robert Mangen se réjouit que l'école de musique fasse discuter. Les hommes politiques doivent trouver une solution et ne pas attendre trop longtemps. L'idée du couvent partage les esprits. L'école*

da wäert se ganz am Beräich Tourismus täteg sinn.

De Minett-Trail, do hate mer Ufroe kritt, wat fir eng Gîtes d'hébergement mir géife virschloen. Mir haten der e puer eragereecht. D'Zuel ass awer ëmmer begrenzt u Projeten. Et kann een elo keng dräi, véier eraginn. Anere Gemenge steet och zou, datt déi eppes kréien.

Mir haten un de Carreau Thillebierg geduecht, dat ass och do ugeschwat ginn. Mir hunn ons awer – well mer nëmmen ee Projet hunn dierfen huelen – fir de Projet mat den Aarbechtshaiser zu Lasauvage entscheet. Déi an d'Rei gesat ginn. Sechs bis aacht Leit kéinten do ënnerkommen an deem Projet.

D'Jugendherberg vum Carreau Thillebierg ass eng gutt Ureegung. Den Terrain wäert ons jo iergendwann elo gehéieren. Da kënne mer ëmmer nach op déi Iddi zréckgräifen.

De Minett Park mat dem Centre d'accueil, dat ass eng däreg Geschicht. Gutt, dass ech net vill Hoer hunn, soss hätt ech déi op jidde Fall all verluer. Mir sinn elo säit engem Joer amgaang, ons ëm d'Statuten ze këmmere vum Minett Park, vun där Associatioun. Et gëtt ëmmer erëm hei geännert an do geännert.

Ech hoffen, datt mer am Januar op e Punkt kommen. Et ass fir mech eng Viraussetzung, datt d'Statute korrekt sinn. Bis elo sinn all d'Gemengerotsmemberen, all déi, déi hei sëtze vun Déifferdeng a vu Péiteng, responsabel, wann do eppes passéiert. Déi Statute mussen ëmgeännert ginn, datt dat net méi de Fall ass. An datt dat da wierklech korrekt ofleeft.

Da kënnt nach derbäi, datt säitens de Ministèren aner Leit an de Verwaltungsrot genannt gi sinn. Do bléist dann heiansdo en anere Wand. Et ass net ëmmer einfach, déi verschidde perséinlech Differenze mat deem engen oder deem anere Grupp ze vereenegen. Mee mir bleiwen awer drun.

De Sanitär ass e Beispill, wou eng Diskussioun war. Ech mengen, déi si jo batter néideg op deem Site. Et ass scho säit zéng, oder iwwer zéng Joren, driwwer nogeduecht ginn, bei der Epicerie Sanitäranlagen ze maachen. Den Här Sanavia hat gesot: „Mir fänken elo un, dat ass am Lafen".

Mir haten awer als Gemeng Déifferdeng a Péiteng net gewaart. Mir hunn ambulant Toiletten, déi mer opstelle kënnen, déi d'Leit da benotze kënnen. Nëmmen als Beispill, wéi ech dat gesot hunn, do gouf et schonn d'Kritik: „Firwat maacht Der dat, wa mer elo déi aner Saache maachen"? Ech mengen, et kann een awer d'Leit net waarde loossen, um Site, fir op d'Toilette ze goen. Also ass et scho gutt, datt mer reagéiert hunn.

Mee do gesitt Der e bëssen d'Problematik, mat där een am Minett Park muss zurechtkommen.

D'Allocation de solidarité, hat ech jo gesot, déi gëtt ventiléiert um Ofschloss vun dësem Joer. Déi 420.000 Euro gi meeschtens net all gebraucht. Et bleift ëmmer nach eng kleng Reserv iwwreg. Also mir hunn nach Sputt fir dat nächst Joer. Mee deemno, wat bei der Bewäertung erauskënnt, musse mer kucken, wéi mer dat dann upassen. Mam endgültege Bericht wäert ech natierlech an de Gemengerot kommen.

Ech begréissen, datt d'Museksschoul d'Gemidder ëmmer nach beweegt. Dat ass gutt esou. Well et gëtt Zäit, datt mer ons doriwwer Gedanke maachen. Ech mengen, et ass jo eng Viraussiicht vu Politiker ze kucken, wéi een iwwert d'Jore mat där Saach do ëmgeet. An datt een elo net ze vill laang waart.

D'Klouschter, do gëtt et och getrennte Meenungen, am Schäfferot wéi am Gemengerot. Dat ass och richteg esou, datt een dat ka maachen. D'Iddi wär a sech, d'Museksschoul ganz an d'Klouschter ze maachen. A meng Gedanke wären, datt een d'Fanfare an d'Déifferdenger Musek mat kéint abannen. Also, datt een all déi Museksberäicher ënner een Daach kréich.

An ech gesinn do och kee Problem, wann d'Miami University Raimlechkeete bräicht, datt een déi kéint matintegréieren. Dat ass eng Diskussioun, déi mer musse féieren. Och mat anere Gebaier vun der Gemeng. Wann déi kéinte vu verschiddenen Acteure benotzt ginn, da soll een dat och maachen. Et ass net, datt ee Gebai deem enge gehéiert an

deenen aneren net. Déi Iwwerleeunge musse mer an Zukunft op jidde Fall nach féieren.

D'Sécherheet ass ëmmer nach e kritescht Theema. D'Kompositioun vun der Sécherheetskommissioun, déi hunn ech iwwerholl, wien do dran ass. Dat hu mer esou weidergefouert. Mir haten awer schonn zousätzlech Leit agelueden, zum Beispill Membere vun de Jugendhaiser a vum Service égalité des chances.

Ech hunn awer kee Problem domat, wann do ee vun der Oppositioun wëllt derbäi sinn. De Gremium soll awer net ze grouss sinn. Et gouf Momenter, wou 15 bis 17 Leit ronderëm den Dësch souzen. Dat gëtt ganz schwiereg, fir Gespréicher ze féieren. Also ech mengen, et soll awer relativ begrenzt sinn. Datt ee vläicht punktuell, wann e Problem ass, déi Leit da rifft, mat hinne schwätzt, an datt een do op e Konzept kënnt.

D'Kamera an d'Beliichtung, déi lafen. D'Material ass do, dat gëtt elo opgestallt. Dat huet e bësse méi laang gedauert, well Kabelen hu musse geluecht ginn. Et sinn heiansdo speziell Kabelen, déi ee muss leeë fir d'Kameraen, speziell Kabelen och fir d'Luuchten. Dofir huet dat e bësse gedauert.

D'Privatfirma, déi sollt d'Iwwerwaachung maache vum Parc Gerlache a vum Contournement. Dat war fir déi Plaze geduecht. Dat waren déi Zommen, déi mer uginn hate fir déi sechs Méint.

Mir sinn awer ënnerwee op de Wee gaangen, vu datt an de Schoulen an och op Spillplaze relativ vill Vandalismus war, datt d'Sécherheetsfirma déi Plazen no zéng Auer zouméchte, an datt se do och iwwerwaacht. A wa Problemer wären, datt se d'Leit dann och erausbegleet. Dofir de Plus.

Déi Gesamtzomm vun den Iwwerwaachungen, dat ass net nëmmen d'Iwwerwaachung vum Parc Gerlache a vun de Schoulen, mee och aner Gebaier vun der Gemeng. Dat ass alles do mat dran.

E bëssen onglécklech ass, mir hunn zwou Firmaen am Moment, déi d'Iwwerwaachunge maachen. Déi eng, déi de Park iwwerwaachen. A mir hunn eng aner Firma, déi fir d'Gebaier zoustänneg ass. Do musse mer kucken, ob mer net op de Wee ginn, datt mer just bei enger bleiwen. Net datt mer dat deelen.

Soss, wann déi eng Firma eppes gesäit, e Problem iergendwou ass, da muss déi déi aner ruffen, datt e Problem an der Schoul ass. Ech mengen, dat ass e bëssen onglécklech. Do musse mer kucken, vläicht méi vereinfacht Prozeduren ze kréien.

Zu der Police. D'Zesummenaarbecht ass gutt. Ech hat e Bréif geschriwwen, datt mer méi Leit bräichten. Et hat e bësse gedauert, bis ech eng Äntwert krut. Mir kréien och Leit. Mee, wéi dat eeben national bekannt ass, feelen op jidde Fall nach Polizisten. Et gëtt jo national elo vill ënnerholl, fir Leit ze rekrutéieren.

An ech hoffen, datt mer als Gemeng oder eng vun deenen éischte Gemengen – ech hunn och aus der Stad Lëtzebuerg Uriff kritt vu Leit, déi gefrot hunn, wéi et hei mat de Privatfirmae wär. Do ass de Problem och. An ech hoffen, datt d'Rekrutement vun de Poliziste schnell weidergeet a mer zousätzlech Leit kréien.

D'Cannabislegaliséierung, dat ass eng Diskussioun, déi derwäert ass. Et si verschidden aner Länner, wou dat gemaach ginn ass a wou d'Kriminalitéit ofgeholl huet. Dat ass eng Diskussioun, déi ee muss féieren. Quitte, datt een dat awer dann och kanaliséiere muss. Also dat däerf dann net wëll oflafen.

D'Archiven, do sinn ech frou, datt dat weidergeet. Mir hu warscheinlech eng Archivarin fonnt, déi ons do begleede wëll. Net nëmme fir déi Dokumenter, déi mer hunn, ze archivéieren, mee wéi ech d'leschte Kéier scho gesot hunn, et ass och, fir d'Gemeng ze archivéieren. Virun allem emol den zweete Stack, d'Dokumenter vum Service technique, datt mer dat alles archivéiert kréien.

Et ass schonn eng breetgefächert Entreprise, déi mer do maachen. Dat geet sécherlech mat enger Persoun net duer. Ech hat och am Astellungsgespréich gefrot, ob se bereet wären, mat Leit ze schaffen, déi en Handicap hunn. Dat mussen elo net onbedéngt Leit sinn an engem Rollstull. Dat kënnen nach aner

*de musique pourrait y emménager entièrement. Pour Robert Mangen, la fanfare et l'harmonie municipale pourraient aussi être intégrées à ce projet — tout comme la Miami University si elle a besoin de locaux.*

*D'une manière générale, les infrastructures communales devraient être réparties entre plusieurs acteurs. Les bâtiments n'appartiennent pas à un groupe en particulier.*

*La sécurité est un sujet critique. Robert Mangen a repris la tête de la commission. Celle-ci a invité des membres supplémentaires — par exemple des maisons des jeunes et du service à l'égalité des chances. L'opposition peut y participer ponctuellement, mais le nombre de personnes est limité.*

*Les caméras de surveillance et l'éclairage seront installés. Il a fallu aménager des câbles spéciaux. C'est pourquoi il a fallu du temps.*

*L'entreprise de sécurité privée a surveillé le parc Gerlache et le contournement. Le budget prévoyait des fonds pour six mois. Compte tenu des problèmes de vandalisme dans les écoles et les aires de jeux, celles-ci seront fermées après 22 h et surveillées.*

*Robert Mangen précise que deux entreprises de sécurité se partagent le travail : la première s'occupe des parcs et l'autre des bâtiments. Le collège échevinal se demande s'il ne vaut pas mieux faire un choix. Actuellement, il peut arriver qu'une des deux entreprises doive appeler l'autre en cas de problème. Ce n'est pas idéal.*

*La collaboration avec la police se passe bien. Robert Mangen a demandé plus d'agents. Differdange en recevra deux. Mais la police manque d'effectifs à travers le pays. Le gouvernement procède à des recrutements. Luxembourg-ville a demandé à Robert Mangen comment se passait la coopération avec les entreprises de sécurité. L'échevin préférerait avoir davantage de policiers.*

*La question de la légalisation du cannabis mérite d'être posée. Dans d'autres pays, la criminalité a baissé.*

*Robert Mangen signale que la commune a recruté une archiviste. Elle*

*s'occupera non seulement des archives existantes, mais aussi des documents du service technique. L'échevin doute qu'une personne suffise à accomplir une tâche aussi vaste. Il a demandé à la candidate si elle était disposée à travailler avec une personne handicapée. Il ne s'agira pas nécessairement d'une personne à mobilité réduite. Robert Mangen trouve que Differdange doit agir dans ce domaine.*
*L'archiviste, qui sera recruté, devra analyser la situation et faire des propositions. Ensuite, le conseil communal pourra débattre du nombre de personnes et du matériel nécessaires.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle que monsieur Muller a demandé pourquoi le budget pour l'encadrement technique des clubs sportifs a été supprimé. Malheureusement, seuls deux clubs ont proposé un projet. Par conséquent, le collège échevinal et la commission du sport ont décidé de laisser tomber. À l'avenir, la commune essaiera de sensibiliser les clubs à l'importance d'un coordinateur.*
*Le festival multiculturel n'est pas qu'un évènement de consommation, mais un moment de partage. L'année dernière, la commission de l'intégration a proposé de faire davantage pour les enfants et les familles à travers des ateliers. Pour la commission et le service, il s'agira de faire participer la population de plusieurs façons. C'est là que se trouve l'intérêt du festival.*
*Monsieur Diderich a mentionné le plan communal de la jeunesse. Ce sera au futur service de l'enfance et de la jeunesse de le rédiger.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si ce sera le travail du nouvel employé.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *pensait que le plan était pratiquement fini.*

**PAULO AGUIAR (DP)** *répond que non.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la proposition de monsieur*

Handicappe sinn. Ech mengen, an deem Beräich kéint een esou Leit matintegréieren. Dat géif onser Gemeng gutt zu Gesiicht stoen.

Déi Archivistin oder Archivar, déi mer astellen, soll fir d'éischt d'Situatioun emol analyséieren an eis virstellen, wat mer brauchen. An ech mengen, da musse mer erëm eng Kéier hei am Gemengerot diskutéieren, wéi vill Leit mer brauchen, an d'Material, wat mer dofir brauchen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Mangen. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech faasse mech kuerz. Den Här Muller hat gefrot, firwat mer den Encadrement technique fir d'Sportveräiner vun 90.000 Euro op null gesat hunn. Leider hu just zwee Veräiner oder Clibb ee Projet eraginn. Zesumme mat der Sportskommissioun hu mir decidéiert, dat falen ze loossen, well net vill Interêt do ass. Mir kucken no enger neier Méiglechkeet, de Veräiner logistesch ënnert d'Äerm ze gräifen. Mir probéieren an nächster Zäit, d'Veräiner ze sensibiliséieren, wéi den Interêt ass, fir e Coordinateur technique ze kréien.

Den Här Diderich huet geschwat vum Festival Multikulti. De Multikulti ass net nëmme en Evenement de consommation. Et ass e Moment de partage. D'Commission d'intégration schafft weider drun, ëmmer méi ze maachen. D'lescht Joer nach hu mer proposéiert, méi fir d'Kanner a méi fir d'Famill gemaach. Mir proposéieren och méi Atelieren. Dat heescht, mir probéieren Déifferdeng méi drun ze participéieren. Well et ass net just Consommatioun.

Il faudra peut-être voir cela d'une manière différente. Nous de la commission et du service, nous travaillons énormément sur ce point. On essaie toujours de faire en sorte que les habitants de Differdange puissent participer de plusieurs façons. D'une façon festive, en partageant, en faisant participer les familles… C'est là que se trouve l'intérêt.

De Plan communal jeunesse, den Här Diderich huet dat gefrot. Mir hu gesot, mir maachen elo e Service enfance et jeunesse. An et ass d'Aufgab vum Service, fir e Plan communal de jeunesse fir Déifferdeng auszeschaffen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Also déi nei Persoun schafft deen aus?

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Déi nei Persoun, jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Ech hat verstanen, dee wier bal färdeg.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Nee, nee. Dat ass elo där neier Persoun hir Aufgab. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Aguiar. Wa keng Froe méi do sinn, da géife mer zum Här Diderich senger Proposition de décision am Budget 2020 kommen: Proposition pour plus de Logements locatifs sociaux.

Här Diderich, nodeem mir eis elo kuerz beroden hunn, kënne mir Iech proposéieren, wann Dir de Punkt 1, 2 an 3 ewechhuelt, an de Punkt 4, analyser en détail avec simulation financière à l'appui, l'intérêt pour les finances de la Ville de Differdange et garder le fonds de réserve budgétaire – 2 millions à prix actuellement – en place, par rapport à la mobilisation de ces fonds pour la création davantage de logements à prix réduits, loosst, da kënne mir dësen Amendement matstëmmen. Wann net, da géif de Schäfferot se net matstëmmen.

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wa mer dat maachen, da gëtt et eng aner Motioun. Dann ass et jo keen Amendement méi vum Budget. Dann ännere mer näischt um Budget. Dat heescht, et gëtt einfach dann en Optrag un de Schäfferot, dat doten ze maachen an eng Kéier mat deenen Zuelen zréckzekommen.

Wou sech dann d'Fro stellt: Heescht dat dann, dass mer déi Saach eréischt consideréiere fir de Budget 2021? Oder gi mer domadder d'Méiglechkeet, dass, wa mer déi Zuelen hunn, mer am Budget selwer nach en Ëmschichte maache vun deene Posten?

Wann dat géif bedeiten, dass, wann déi Simulatioune gemaach ginn, an et sech averéiert, objektiv, op den Zuelen, dass et finanziell laangfristeg méi interessant ass, dat ze maachen, wat ech hei virschloen, mer dann och direkt reagéieren, da kann ech dee Virschlag matënnerstëtzen.

An da géif ech mech doriwwer freeën, dass mer an déi Richtung op d'mannst emol ginn, och wann net grad esou decisiv, wéi ech dat hei virschloen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Also ech denken, et sinn zwee Schrëtt. Heimadder si mer d'accord. An Dir wësst, dass mer am Januar nach eng Kéier den Organigramm iwwerschaffen. An dass do en Ekonomist virgesinn ass. An ech denken, wa mer deen éischte Schratt gemaach hunn, d'Analys, a wa mir en Ekonomist hunn als Gemeng, dass mer mat deem zesumme kucken, wat d'Resultater vun där Analys sinn. A wat fir eng Konsequenzen dorausser ze zéie sinn.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech schwätzen elo am Numm vun der LSAP. Mir si selbstverständlech interesséiert, fir an déi do Richtung ze goen. Mir haten och eng Kéier heibannen driwwer geschwat – dat war och eng Iddi vum Här Diderich, awer mir haten och schonn dës Ëfteren driwwer geschwat –, dass fir 10 % à prix abordable Lotissementer musse realiséiert ginn. Dass d'Gemeng doran investéiert an déi Objeten opkeeft a weiderverlount.

Do kéinte mer direkt an déi Richtung goen, mat där doter Iddi oder deem Fong oder wéi mer et wëllen nennen. Dann hätte mer Sozialwunnengen, déi mer wëlle plangen, da méi divers. An alle Quartieren hätte mer e gewësse Prozentsaz. A mir hätte se méi schnell. Well där Lotissementer si jo scho geplangt, sinn a Bauprojete mat dran.

Mir géifen do Konventioune mat de Promoteure maachen, ze kucken zum Prix de revient natierlech, fir iwwert dee Wee – ech mengen, dat wär eng Méiglechkeet, dass mer eis op jidde Fall emol eng Ligne de conduite ginn, dass mer an déi Richtung weiderginn. An dat ass jo déi Motioun. Dofir géife mir déi ënnerstëtzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Perséinlech sinn ech mat där Saach averstanen. Ech fannen et awer gutt, dass een als Gemeng eng gewësse Mouk, wéi Der dat genannt hutt, huet. Well et si jo alt Saachen, déi op eemol op een duerkommen, wou ee relativ schnell muss handelen a wou een d'Suen da schonn hätt am Budget.

Wat wichteg wär, dat wier effektiv ze kucken, wéi grouss dee Fong sollt sinn. Dee muss jo elo net all Joer eng Millioun Euro weider kréien. Dat heescht, et kann een eng Kéier soen, mir halen eng Millioun oder zwou Milliounen Euro an deem Fong an de Rescht, dat affektéiere mer dann, sou wéi Dir gesot hutt. Ob dat am Bau ass fir, wéi elo hei ugeschwat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, wannechgelift.

*Diderich concernant davantage de logements locatifs sociaux.*
*Le collège échevinal vient d'en discuter. Il est disposé à soutenir l'amendement à condition que monsieur Diderich abandonne les points 1 à 3 et conserve le point 4 concernant la simulation financière pour évaluer les avantages pour la Ville de Differdange.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *réplique que dans ce cas, la motion change du tout au tout. Le budget ne sera pas modifié, mais le collège échevinal présentera des chiffres à l'avenir. Le collège échevinal veut-il repousser le projet à 2021 ou bien est-il prêt à modifier le budget 2020 une fois les chiffres présentés? Gary Diderich est disposé à soutenir la proposition du collège échevinal à condition que celui-ci accepte d'agir. Il se réjouit que le collège échevinal aille dans cette direction même si c'est d'une manière moins décisive que souhaité.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *voit deux phases. Monsieur Diderich sait que le collège échevinal recrutera un économiste. Une fois l'analyse réalisée, il faudra en tirer les conséquences.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que les socialistes soutiennent également une telle décision. Ils ont dit à plusieurs reprises que 10 % des lotissements devaient être réalisés à prix abordable. La commune pourrait alors acquérir ces objets et les louer. La proposition de monsieur Diderich permettrait de planifier des logements sociaux plus variés, et ce, plus rapidement. Pour les lotissements en cours de construction, il suffirait d'une convention avec les promoteurs.*
*En tout cas, la commune devrait se donner une ligne de conduite en approuvant la motion.*

**TOM ULVELING (CSV)** *est d'accord avec la motion. Mais il trouve aussi qu'un fonds de réserve est important pour réagir rapidement face à des imprévus. L'argent figurerait alors dans le budget.*
*En revanche, il est prêt à discuter du montant de la réserve. Cette réserve pourrait être limitée à un ou*

*deux-millions d'euros. Le reste serait investi dans l'acquisition ou la construction de logements.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'une réserve doit être disponible rapidement. Si la commune achète un bâtiment, elle devra d'abord le revendre pour disposer de fonds. Ce n'est donc pas la même chose.*
*Frenz Schwachtgen décerne un malentendu. Une réserve d'argent peut être placée dans des fonds écologiques ou des fonds sociaux. L'argent serait alors disponible rapidement en cas de besoin.*
*Mais cela n'a rien à voir avec l'investissement dans des logements sociaux. Il faudrait prévoir un autre fonds.*
*Les deux choses sont possibles, mais elles sont séparées. Frenz Schwachtgen n'est, en revanche, pas contraire à ce qu'un économiste analyse les deux possibilités.*
*Mais le conseiller communal ne suppose pas que monsieur Diderich veuille dissoudre le fonds de réserve. De toute façon, Frenz Schwachtgen ne voit pas où se trouve l'urgence.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *répond que le budget 2020 prévoit moins de fonds pour l'acquisition de terrains et de bâtiments que le budget précédent. Autrement, il n'aurait pas eu besoin de présenter cette motion, car l'argent serait disponible.*
*En ce qui concerne la réserve, la commune n'est pas un foyer ou une entreprise privée. Elle n'a pas besoin de trois ans pour obtenir un prêt auprès d'une banque. Le collège échevinal sait sans doute mieux combien de temps il faut, mais Gary Diderich se dit convaincu que la commune peut trouver de l'argent si elle en a besoin. Le fonds de réserve est donc inutile.*
*En plus, un fonds n'est pas comparable à un compte d'épargne où l'on va se servir en cas de dépense imprévue. Si le collège échevinal veut se donner une marge de manœuvre, il peut tout aussi bien augmenter certains postes. Actuellement, le collège échevinal met son argent sur un compte d'épargne qui ne lui rapporte rien.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Mir sinn och dovunner ausgaangen, dass eng Mouk eppes ass, wat séier disponibel ass. Wann ech natierlech e Gebai dermat kaaft hunn, da misst ech dat Gebai fir d'éischt verkafen, ier ech dann déi Mouk hätt aus deem Gebai. Dann ass dat jo net méi méiglech.

Ech mengen, do sti mer vläicht op – oder vläicht ass et och e Mëssverständnes. Ech hunn ëmmer geduecht, wann ech eng Reserv Geld hunn, a wann ech déi gutt placéieren, a gréng Fongen, zum Beispill, an ekologesch Fongen, also a sozial Fongen, an ech ka se zu all Moment ofzéien, dann hunn ech déi Sue ganz schnell disponibel, wann et emol eng Kéier misst sinn.

Dat wier fir mech onofhängeg vun der Missioun, fir derfir ze suergen, fir Logement-sociallen ze bauen. Ech mengen, do kéint een e separate Fong uleeën, deen effektiv fir Logement-socialle geduecht wier, wa sech dann d'Opportunitéit ergëtt. Dass de doranner kanns Sue siche goen.

Fir mech wären déi zwou Saachen eng Optioun.

Ech sinn awer och d'accord, dass mer effektiv dee Finanzberoder oder Ekonomist ustellen, eis do eng seriö Vue ze gi vun deenen zwou Richtungen, déi da méiglech sinn. Ech hu vläicht eppes falsch verstanen elo bei Ärem Amendement hei. Mee dee muss jo net onbedéngt elo de Fonds de réserve financier opléisen an Zukunft.

Well mir hunn elo keng Urgence, direkt, fir elo ze soen, fir de Logement social hätte mer keng Suen, wa mol eng Opportunitéit do wier, fir Logement social ze schafen. Ze kafen och.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et sinn zwou Saachen. Dat eent ass – ech hu meng Ried misse verkierzen – mir hunn einfach, wat d'Acquisitioun vun Terrainen a Gebaier ugeet, an dësem Budget manner virgesi wéi an deem Budget virdrun. Dat heescht, wa mer genuch virgesinn hätten, da géif ech elo net mat deem dote Virschlag kommen, well da wären d'Sue jo virgesinn, fir déi Acquisitiounen ze maachen. Dat ass dat eent.

Dat anert ass d'Verständnis vun där Mouk do. Ech hunn dat jo gesot: Mir si kee private Stot. Mir si keng privat Entreprise, déi eng Mouk brauch. Ech mengen net, dass e Prêt bei enger Bank dräi Joer brauch, fir deen ze kréien, als Gemeng. Dir kennt Iech als Schäfferot vläicht e bësse besser aus domadder, wéi schnell eng Bank op eng Demande d'offre vun enger Gemeng reagéiert a wéi schnell een do e Vertrag huet.

Mee wa mir schnell Suen, duerch iergendeppes Onvorhergesehenes bräichten, da fanne mir déi. Da brauche mir net e Fonds de réserve. En plus ass dee Fonds de réserve jo grad net do fir ze soen, elo brauche mer op eemol nach Suen, déi mer net ageplangt hunn, elo huele mer déi emol vum Spuerkont erof. Esou ass et jo am Fong och net virgesinn. Soss ass et jo och kee Fong.

Da setz de einfach deng Budgetsposten op e puer Plazen e bësse méi héich an dann hues de do däi Sputt, deen s de da brauchs. Dat heescht, mir setzen am Moment Suen op e Spuerkont, wou mer um Spuerkont näischt kréien an an Zukunft nach negativ Zënse kréien.

Dat heescht, wa mer en anstännegen Ekonomist fannen, da si mer, mengen ech, ganz schnell opgekläert an där Saach, wat eist Verständnis ugeet. An da maache mer dat net méi esou. Gäre kucke mer dat mat engem Ekonomist. Wann déi Ouverture wierklech do ass, ze soen, da schalte mer awer och vläicht ëm.

Ech mengen, éierlech gesot, ass et e bëssen esou e Volleksverständnis, fir ze soen: „Et ass gutt, eng Mouk op der Säit ze hunn". Mee dat ass awer och d'Kränkt e bësse vun der Politik, hautdesdaags. Dass een eng Politik vun der schwaarzer Linn wëll fueren an esou weider, an een am Fong vollekswirtschaftlech net iwwerleet. An dat hei wär vollekswirtschaftlech ze iwwerleeën. An och fir d'Gemengekeess ze iwwerleeën. Dat muss een dann nach aus-

rechnen. Mee ech si mer zimmlech sécher, dass mer do um gudde Wee wären, mat där Propos.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wollt emol fir d'éischt soen, eis geet et prioritär ëm de Wunnengsbau, den abordabelen a soziale Wunnengsbau. Net ëm aner Saachen. Dat ass och dat, wat d'Motioun haut hei freet.

Zweetens: Mir hunn e Budget, en Niveau budgétaire. Dat ass de Maximum, dee mer kënnen ausginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Voilà.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dir hutt grad gesot, mir kënnen do jongléiere mat de Chifferen. Nee, mir kënnen net. Mir kënnen nëmme jongléieren, wa mer aner Chifferen zrécksetzen. An dee Budget, dee mer haut stëmmen, dee muss jo awer bleiwen, un den Depensen. Soudass mer missten aner Saachen zrécksetzen. Wann ech de Budget esou kucken, gesinn ech net direkt, wat een do kéint zréckfueren, fir dann hei eropzesetzen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Fonds de reserve.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, d'accord, de Fonds de réserve. Mir kënne jo duerno nach eng Kéier driwwer schwätzen, wéi mer et da maachen. Haut maache mer eng Absichtserklärung, fir an déi Richtung ze goen, iwwert déi Motioun. An da musse mer eis iwwerleeën: Wéi gi mer am Kader vun dësem Joer – d'nächst Joer oder dëst Joer schonn – an déi Richtung virun? Oder éischter am Budget duerno. Voilà, Merci.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech wollt just nach soen, dass et u sech bis elo d'Gewunnecht war, reell Zommen an de Budget ze setzen an net fiktiv Zommen! A wa sech eng Geleeënheet bitt, kënne mir jo zu all Moment an de Gemengerot kommen a froen. Wollt ech just als Äntwert ginn.

Fir d'kloert Verständnis, Här Diderich, wann Dir de Punkt 1, 2 an 3 zréckzitt vun Ärem Amendement, da kéint de Schäfferot d'Amendement matdroen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

D'Motioun matdroen. Et ass jo eng Motioun.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Da maache mer dat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech wollt nach kuerz eppes dozou soen. D'CSV ass och ganz kloer fir de Wunnengsbau, fir abordabel a sozial Präisser. Mee an dësem Budget gesi mer immens vill Projete vir, déi elo ulafen, wat eis déi nächst zwee Jore warscheinlech vill méi wäert kaschten, wéi elo dëst Joer am Budget virgesinn ass. Dat heescht, déi Poste wäerten eropgoen am Extraordinär. Dofir denken ech, ass et scho wichteg, virsiichteg mat de Finanzen ze sinn, fir eeben och d'Suen zur Verfügung ze hunn. Merci.

*Gary Diderich est certain qu'un économiste compétent clarifiera rapidement la situation et changera la façon de procéder.*
*Que posséder une réserve soit une bonne chose est comparable à une légende urbaine. Malheureusement, de nos jours, les hommes politiques ne tiennent pas toujours compte de l'économie. Le collège échevinal doit calculer ce qui est plus avantageux pour les caisses communales. Gary Diderich est sûr que sa proposition est la bonne.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que la priorité des socialistes est le logement social. C'est pourquoi ils soutiennent la motion.*
*Le budget représente quant à lui le maximum que la commune peut dépenser. Monsieur Diderich propose de jongler avec les chiffres, mais ce n'est pas possible. Si la commune augmente un poste, elle doit en baisser un autre. Erny Muller ne voit pas où cela serait possible.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *en revient au fonds de réserve.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *réplique que la motion est une déclaration d'intention pour aller dans une certaine direction. Ensuite, il faudra réfléchir à la façon de procéder — cette année ou l'année prochaine.*
*(Discussions)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale que normalement, on inscrit des sommes réelles dans le budget. Le cas échéant, le collège échevinal modifie le budget.*
*La bourgmestre répète que le collège échevinal soutiendra l'amendement si monsieur Diderich supprime les points 1 à 3.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *précise qu'il s'agit d'une motion.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *donne son accord.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *soutient également la création de logements abordables. Mais le budget comprend de nombreux projets qui seront entamés en 2020 et qui risquent de couter plus. Certains*

*postes du budget extraordinaire vont donc augmenter. C'est pourquoi le collège échevinal doit se montrer prudent.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe aux votes de la motion, du budget rectifié 2019 et du budget initial 2020.*
*(Votes)*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Hartung. Ech géif dann zum Vott komme vun dem Här Diderich senger Motioun, mat deenen Ännerungen, sou wéi se sinn.

Wien ass derfir?

*Le conseil communal décide à l'unanimité de procéder à l'établissement d'une analyse en détail, avec simulations financières à l'appui, dans l'intérêt de la bonne gestion du fonds de réserve budgétaire en place avec l'objectif de la mobilisation de ces fonds pour la création de davantage de logements à prix réduits vu la motion suivante du 16 décembre 2019 du conseiller Gary Diderich (déi Lénk) proposant un amendement du budget 2020 pour plus de logements locatifs sociaux :*
**Proposition de décision : amendement du budget 2020 pour plus de logements locatifs sociaux**
*Le conseil communal*

- *considérant la volonté du gouvernement de soutenir les communes qui sont prêtes à relever le défi de créer du logement social et du logement abordable ;*
- *considérant que de plus en plus de personnes doivent avoir recours à des logements locatifs subventionnés ainsi qu'à des aides au logement locatif au vu de la pénurie de logements abordables et la hausse constate du prix du logement locatif ;*
- *considérant aussi que financièrement, il est dans l'intérêt de la commune d'investir dans le logement social qui génère des recettes sécurisées à long terme par différents facteurs :*
    - *Depuis la réforme des finances communales, un facteur positif a été introduit en relation avec le nombre de logements sociaux communaux pour déterminer la hauteur de la dotation par le Fonds de dotation globale des communes (FDGC),*
    - *L'acquisition de logements, de terrains ainsi que la construction et la rénovation afin de créer des logements sociaux fortement subsidiés jusqu'à 75 %, les recettes contribuent à la hausse des recettes ordinaires à long terme,*
    - *Selon les annonces actuelles du gouvernement en ce qui concerne l'orientation que prend le Pacte logement 2.0, des moyens substantiels vont être mis à disposition par le ministère du Logement pour soutenir les communes et de nouveau, le soutien du gouvernement sera d'autant plus important que la part de logements sociaux créés sera grande ;*

*invite le collège échevinal :*

- *de réduire le poste budgétaire portant sur le fonds de réserve budgétaire (801100/99001) à 0 pour 2020 ;*
- *à augmenter sous dépenses extraordinaires le poste budgétaire portant sur la création de logements à prix réduit (social) pour l'acquisition et la rénovation de logements sociaux (4/612/221312/2000X) à 4 000 000 € ;*
- *à augmenter sous recettes extraordinaires le poste budgétaire portant sur les subventions de l'État pour l'acquisition et la rénovation de logements sociaux (16100) à 3 000 000 € ;*
- *à analyser en détail, avec simulations financières à l'appui l'intérêt pour les finances de la Ville de Differdange de garder le fonds de réserve budgétaire (2 000 000 à prix actuellement) en place par rapport à la mobilisation de ces fonds pour la création de davantage de logements à prix réduits.*

Da géife mer zum Vott vum Budget rectifié 2019 kommen. Wien ass dofir?

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget rectifié de l'exercice 2019.*

Da komme mer elo zum Vott vum Budget initial 2020. Wien ass dofir?

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget initial de l'exercice 2020.*

Ech soen Iech villmools Merci. Da kënne mer, denken ech, zum zweete Punkt kommen, Finances communales. Dat ass de Préfinancement vum Policegebai a vun der EIDE, École primaire.

Ech wëll Iech just soen, dass mer do op d'Recommandatioune vum Innenministère zréckkommen. Dat heescht, mir loossen et iwwer d'Ligne-de-crédite lafen. Mir kréien alles erëmbezuelt. Et gëtt zwou separat Ligne-de-créditen. Mee mir kënne se awer an enger Offer ufroen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do ass d'Personal nach dobäi, Zënsen an alles.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Awer eréischt bei der Schlësseliwwergab.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Däerf ech ee Saz soen?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wäert mech enthalen, well mer eis e bëssen dem Staat hei substituéieren. An ech denken, dass dat eis Capacitéit ewechhëlt, och wann et nëmme beim Personal ass. Ech fannen, dat sollt net d'Reegel ginn. Dofir enthalen ech mech. Ech stelle mech deem net entgéint, mir brauchen déi Saachen, mee et ass um Staat am Fong.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Diderich. Da komme mer zum Vott.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Déi zwee mateneen?

**MÉI STËMMEN:**

Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wien ass derfir?

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d'approuver le préfinancement du projet de construction du nouveau bâtiment pour la police grand-ducale.*

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d'approuver le préfinancement du projet EIDE.*

Da komme mer zum nächste Punkt: Finances communales, de Relevé des dons et subsides versés 2019. Déifferdeng: Eng Stad hëlleft. Ech géif d'Wuert un den Här Mangen ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hale mech kuerz. Ech hat d'Projete jo schonn d'leschte Kéier virgestallt. Ech hunn d'Lëscht derbäigeluecht vun deenen Donen, déi mer als Schäfferot ëmmer erëm iwwert d'Joren an dat lescht Joer ausginn hunn. Datt mer dat och hei am Gemengerot ofstëmmen.

*Christiane Brassel-Rausch passe au préfinancement du commissariat et de l'EIDE. La commune préfinancera les deux projets à travers deux lignes de crédits. Les couts seront remboursés intégralement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que le remboursement comprendra les frais de personnel et les intérêts. Il aura lieu lors de la remise des clés.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souhaite s'abstenir parce qu'il trouve que la commune se substitue à l'État. Ces préfinancements limitent les capacités de la commune et ne doivent pas devenir la règle. Differdange a besoin de ces infrastructures, mais c'est le travail de l'État.*
*(Votes)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au relevé des dons et subsides de 2019. Elle cède la parole à monsieur Mangen.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *va se montrer bref, car il a déjà présenté les projets la dernière fois. Il a distribué la liste des dons effectués au fil des années.*

*Les conseillers communaux voulant participer peuvent contacter Robert Mangen ou Romaine. Une réunion pourrait avoir lieu tous les deux ou trois mois pour évaluer les demandes et décider des sommes à allouer aux différentes œuvres.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux documents budgétaires et demande s'ils peuvent être votés en bloc.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *souhaite faire une remarque.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que les conseillers communaux ont droit à la parole. Mais les documents peuvent être approuvés en bloc.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande que le point c soit voté séparément.*

**TOM ULVELING (CSV)** *demande si les autres points peuvent être votés ensemble.*
*(Discussions)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que le devis de 220 000 € porte sur les futures stations Vël'OK.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que cent-mille euros sont destinés à repeindre la maison relais de Differdange-centre et à installer une protection murale.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *passe à un devis pour les caméras de surveillance et l'éclairage du parc Gerlache.*

An nach ëmmer meng Demande un d'Leit hei aus dem Gemengerot, déi sech interesséieren, fir do matzemaachen, solle sech entweeder bei mir mellen oder beim Romaine. Datt mer, net all Mount, mee all zwee, dräi Méint ons zesummesetzen, wann Demanden erakommen. Datt mer entscheeden, wat fir eng Zomm a wat fir enger Oeuvre mer déi ginn. Datt mer dat iwwert d'Joer kënne verdeelen. Datt mer dat net Enn dës Joers alles zesumme maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Komme mer zum Vott.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Déi zwee Relevéë mateneen?

**MÉI STËMMEN:**

Jo.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Okay.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des dons et subsides versés en 2019 à des oeuvres caritatives et l'action « Déifferdeng, eng Stad hëlleft ».*

Da komme mer zum Punkt dräi. Do geet et ëm d'Documents budgétaires. Lo ass d'Fro: Solle mer déi eenzel ofstëmmen oder solle mer se en bloc ofstëmmen? Oder huele mer een eraus?

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech hu just eng Klengegkeet zum Punkt a ze soen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo eppes soe ka jiddwereen, mee ofstëmme kënne mer awer zesummen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Punkt c géif ech separat ofstëmmen.

(Diskussiounen)

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Also de Punkt c eenzel. An de Rescht kéinte mer alles zesummenhuelen. Ass dat esou?

**ENG STËMM:**

Jo.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da ginn ech d'Wuert un den Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Just ee Saz. Am Devis, deen Der virleien hutt fir 220.000 Euro, geet et drëm, fir déi nächst Vël'OK-Statiounen ze installéieren an ze bauen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Deen nächste Punkt ass fir den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do geet et ëm d'Maison relais am Zentrum Déifferdeng, 100.000 Euro. An et geet haaptsächlech drëm, fir eng Protection murale an en neien Ustrach an där Maison relais ze maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

De Punkt c ass fir den Här Mangen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Et ass en Devis fir d'Kameraen an d'Beliichtung am Park Gerlache. Mer waar-

den nach op d'Demande fir d'Kameraen, datt mer déi Erlabnis kréien, fir dat duerchzezéien. Do hu mer nach keng definitiv Äntwert. Mee d'Installatioun kënne mer maachen an d'Beliichtung, datt dat klappt. A schonn alles virbereeden, datt dat an Ugrëff ka geholl ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dann de Punkt e, Infrastructures techniques pour parkings payants. Här Liesch, wannechgelift.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Do hutt Der en Devis virleien, fir véier nei Horodateuren ze setzen. Wou mer op verschidde Plaze jo dann zwee setzen, fir dass d'Leit méi séier bäikommen. An, wéi ech gesot hat bei der Presentatioun, déi Adaptatioun vun all eisen Horodateuren, dass ee mat Bankomat contactless do ka bezuelen. Den Devis ass genau esou wéi et am Budget virgesinn ass, 150.000 Euro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, da ginn ech Iech d'Wuert direkt weider fir Travaux de marquage voie publique et pistes cyclables.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Do geet et drëm, dass mer déi Vëlosweeër oder Vëlospisten, déi mer ugeluecht hunn duerch Déifferdeng, alleguerten op de Leescht huelen. Verschiddener, wéi den Här Meisch scho gesot huet, kënne mer ewechhuelen. Wéi zum Beispill an der Avenue de la Liberté. Vu dass mer de Wee tëscht Déifferdeng an Nidderkuer elo gemaach hunn. Soudass een déi ganz ewechhuele kann.

Anerer wëlle mer och iwwerdenken, wou mer esou en Zickzack gemaach hunn, déi eigentlech haut kee Sënn méi maachen. Dat heescht, et geet ëm déi Adaptatiounen. A fir déi ganz Marquage-Aarbechten hu mer haut en Devis virleie fir 86.000 Euro, sou wéi et am Budget och virgesi war.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Liesch. A fir den 3f ass et dann um Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass e bësse méi e konsequenten Devis, vun 2,5 Milliounen Euro. Et geet do ëm de Reamenagement vun deem ganze Schoulhaff tëschent der École St. Pierre an der Jongeschoul zu Nidderkuer. An der Ouschtervakanz soll déi Hal ewechgerappt ginn. Do muss dann en Desamiantage gemaach ginn. Da muss dat ganzt Areal erëm nei ugeluecht ginn.

Do gëtt eng Beliichtung gemaach, en Amphitheater gebaut, Spiller gebaut, déi op verschidden Altersgruppe vu Kanner zougeschnidde sinn. E grousse Multisport-Terrain fir en Alter iwwer 10 Joer, d'Neigestaltung vu Weeër, en Accès fir d'Pompjeeën. Terrassementer musse gemaach ginn. D'Fassad, déi als Pignon stoe bleift, gëtt isoléiert, an et kënnt deelweis eng gréng Fassad drop. Et ass e Retentiounsbecke virgesinn, praktesch ënnert dem Multisport, wou dat Waasser duerno geholl gëtt, fir déi ganz Anlag ze netzen an an der Rei ze halen.

Dat ass ee flotte Projet. Mir hoffen, dass e schnell virugeet, dass en Enn 2020 wäert fäerdeg sinn. Zumindest da soll e fäerdeg sinn, wann dat neit Schouljoer ugeet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Ulveling. Här Goffinet.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Just eng kleng Fro zum Punkt 3a. Do steet e Chiffer, wou ech net weess, ob en ze héich ass oder ob dat normal ass. Do stinn 49.000 Euro fir Génie civil. Ass dat normal, dass 22 % vum Gesamtchiffer Génie civil ass? Dat ass just eng Fro.

*Le collège échevinal attend encore les autorisations pour les caméras. Mais celles-ci peuvent déjà être installées.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux infrastructures techniques pour parkings payants.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que le devis porte sur quatre nouveaux horodateurs pour permettre aux automobilistes d'obtenir un ticket plus rapidement. Les horodateurs devront aussi être adaptés au paiement sans contact.*
*Le devis s'élève à 150 000 €.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux travaux de marquage de la voie publique et des pistes cyclables.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *précise que le collège échevinal évaluera toutes les pistes cyclables de la commune. Comme l'a dit monsieur Meisch, certaines — comme celle de l'avenue de la Liberté — pourront être supprimées. D'autres seront modifiées. Par exemple celles faisant un zigzag qui n'est plus pertinent aujourd'hui.*
*Les travaux de marquage sont estimés à 86 000 €.*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe au réaménagement de la grande cour de récréation entre l'école Saint-Pierre et l'École des garçons de Niederkorn pour 2,5 millions d'euros. La halle sera démolie pendant les vacances de Pâques pour procéder à un désamiantage. La commune en profitera pour installer un éclairage, construire un amphithéâtre, aménager des jeux et un terrain multisports pour les plus de dix ans, refaire les chemins, prévoir un accès pour les pompiers, réaliser les travaux de terrassement, isoler les façades, prévoir un bassin de rétention…*
*Tom Ulveling espère que le projet avancera rapidement et qu'il sera terminé fin 2020.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *trouve le montant prévu pour le point 3a bien élevé. Il ne sait pas si c'est normal. Il s'agit de 49 000 € pour le*

*génie civil — soit 22 % de la somme totale.*
*En ce qui concerne le point 3f, Serge Goffinet voudrait savoir qui est consulté dans l'aménagement des aires de jeux. Qui prend les décisions ?*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a participé à l'élaboration de l'aménagement des alentours de l'école de Niederkorn. C'est important, car les enfants y passent du temps — notamment avec le terrain multisports.*
*Erny Muller avait contacté une architecte-paysagiste ayant déjà travaillé sur d'autres projets. Mais le collège échevinal actuel a préféré s'adresser à un bureau. Erny Muller n'en connait pas les raisons, mais il constate que le projet n'en est pas devenu moins cher pour autant.*
*Le conseiller communal ajoute par ailleurs qu'il n'est plus question de l'intégration du mur en pierres, un sujet qui semblait tenir à cœur à monsieur Schwachtgen.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *a deux remarques à ce sujet.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *mentionne ensuite la verdure verticale du côté de la salle de sport. Elle ne figure pas sur les plans. Mais cela reste possible.*
*En revanche, des bandes de verdure verticales seront aménagées dans la rue Scharlé, qui servira aussi de zone de rencontre. Cela permettra de donner un aspect extérieur agréable à l'ensemble. Bien entendu, on va aussi planter des arbres.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question du mur en pierre. Il rappelle que monsieur Muller était responsable du projet et qu'il avait été dit que les pierres seraient utilisées pour reconstruire le mur sur un site plus propice. L'ancien mur servait à séparer la cour de récréation depuis le début des années 1900. Frenz Schwachtgen ne sait pas ce qu'il est prévu d'en faire désormais.*
*Monsieur Muller avait également promis que les anciens tilleuls seraient préservés. Le service écologique s'était rendu sur place. Frenz Schwachtgen regrette qu'aujourd'hui, ils aient tous disparu. On a*

A beim Punkt 3f wollt ech froen, wien do matagebonne war. Den Här Diderich hat dat jo och scho gesot, bei Spillplazen an esou weider, wien do matagebonnen ass? A wien decidéiert, wéi d'Spillplazen amenagéiert ginn an esou weider? Just fir emol ze wëssen, wéi dat ofleeft a wie gefrot gëtt, wann esou Plaze frësch installéiert ginn. Dat wier et.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn eng Fro zum Punkt 3f. Ech war jo och schonn do dru bedeelegt un der Landschaftsplanung vun deenen Alentoure vun där Schoul. Fir Nidderkuer séier wichteg. Well nieft dem normale schoulesche Beräich ass et och nach eppes, wou d'Leit an och d'Kanner sech ophalen. Och duerch deen Terrain multisport.

Ech hat eng Landschaftsplanerin, déi guer net schlecht war, déi schonn op anere Plaze super Projete gemaach huet. Dir hutt déi net méi matgeholl. Dir hutt en neie Büro geholl. Ech ka just feststellen, dass et awer dofir net méi bëlleg ginn ass. Ech weess net, wat de Grond war, fir do ze wiesselen. Op jidde Fall, de Gesamtmontant huet net ofgeholl.

Et gëtt zwou Saachen, déi ech awer nach muss soen. Do huet den Här Schwachtgen mer ëmmer en décke Kapp gemaach, an ech wonnere mech just, dass net méi driwwer geschwat gëtt, dat ass d'Integratioun vun der Mauer, vun deene Steng, déi mer do installéiert hunn an déi mer wollte mat an dee Projet abannen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et hätt nach zwou Saachen dozou ze soen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat Zweet dat ass, datt mer wollten eng vertikal Begréngung maache vun der Säit zu der Strooss vun der Sportshal. Dat ass nach ëmmer net hei virgesinn. Duerfir awer, wéi Der gesot hutt, déi eng Fassad, wat jo och ganz gutt ass. Mee änlech wollte mer deen Deel maache vun der Sportshal. Mee dat kënne mer nach ëmmer maachen. Also dat ass nach ëmmer méiglech.

Soudass mer op der Säit vun der Strooss Scharlé, wou mer jo herno wëllen eng Zone de rencontre amenagéieren, do vertikal Sträifen hätte vu Begréngung, déi da virun d'Fassad vun der Sportshal géife gesat ginn. Esou kéinte mer deem Ganze wierklech nach e vill méi agreabelen Aspect extérieur ginn. Dat wollt ech nach ergänzen dozou. An dann och selbstverständlech Beem, Här Schwachtgen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et war nach e Punkt op, Här Muller. Ech hat et och net vergiess.

(Gelaachs)

Vun der Mauer war kloer gesot ginn – Dir waart jo deemools responsabel vum Projet –, dass déi al Steemauer, déi de Schoulhaff ofgegrenzt huet zënter 1900-a-sou-vill, wou d'Schoul bestanen huet, déi al Jongeschoul an de Musekssall, dass déi Steng sollte verwäert ginn an dann en lieu propice do erëm nei opgebaut ginn. Ech weess net, ob dat elo am Projet dran ass. Ech mengen net.

An zweetens, deen anere Punkt, wou Dir och Här Muller, deemools versprach hat, do bleiwen nach Beem stoen, déi al Lannen, déi am Schoulhaff waren. An x Sitzungen – mam Service écologique ware mer jo op der Plaz – war gesot ginn: „Déi do an déi do bleiwen nach stoen".

Haut, mengen ech, steet awer kee méi dervun, leider. Wat ech bedaueren. Well lues a lues war gesot ginn: „Dat brauche mer dann awer. Et ginn awer Beem beschiedegt. Da kompenséiere mer wéinstens".

Ech weess awer elo net – an dat betrëfft am Fong all Kompensatiounsdossieren –, mir hunn dat och beim Fierschter nogefrot, wou all déi Kompensatioune vu schéinen ale Stadbeem geschitt si bis elo. An ob se iwwerhaapt geschitt sinn. Dat ass eppes, wou ech op jidde Fall hannendru bleiwen, dass mer wëssen, wou kompenséiert ginn ass.

Hei ka jo zum Deel um Site selwer kompenséiert ginn, mat deem neie Projet. Et kann och einfach abezuelt ginn an de Fonds vun de Kompensatiounen, wat, leider, déi liichtste Manéier ass. Mee ech wier frou, wa mer al Beem oder grouss Beem géifen op de Site kréien, déi en Deel vun deem Ale géife kompenséieren.

Mee déi Rechnung ass nach ze maachen. Do gëtt et jo Punkte fir Kompensatiounen, pro Bam a pro Déngen. Op jidde Fall bedaueren ech, dass se all ewechkomm sinn. Mee dat ass leider net méi gutt ze maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Eng kuerz Bemierkung zum Punkt 3c, mat de Kameraen an der Beliichtung am Park. Dat ass kloer, dass dat e Plus u Sécherheet bréngt. Mir wiere frou, wann d'Renovatioun vum Lift net géif vergiess ginn, well dat wier e grousse Plus u Sécherheet fir eis Foussgänger a Leit mat reduzéierter Mobilitéit. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt op de Punkt f agoen. Et ass elo vun deene Steng geschwat ginn. Ech hunn am Dossier vu Gabione gelies. Ech géif allgemeng virschloen, dass mer – dat ass natierlech méi opwänneg – am Sënn vun der Biodiversitéit am Fong probéieren, esou oft wéi méiglech op Trockenmaueren zréckzegräifen. Eppes, wat sech ëmmer méi verléiert. Gabionen, dat geet natierlech schnell an ass warscheinlech och méi bëlleg.

Mee ech mengen, mir hu jo an anere Beräicher déi Approche, dass mer zum Beispill probéieren, Biodiversitéit och am urbane Raum ze erhalen an ze fërderen, dann denken ech, dass een dat och do sollt maachen.

An den Här Goffinet huet et och ugeschwat, hei sinn elo keng Detailer, wéi eng Spillgeräter dat sinn op der Spillplaz. Wann et nach méiglech ass, géif ech froen, wat ech an der Budgetsried scho gesot hunn, dass déi Spillgeräter net einfach Geräter aus dem Katalog sinn, déi dohinnergestallt ginn. Mee datt dat mat engem Spillpedagog gekuckt gëtt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Fir d'éischt déi Geschicht mat deem Lift: De Lift ass geliwwert. Mir hunn awer e Problem am Moment mat engem elektresche Kabel, deen op CFL-Terrain läit. A mir musse kucken, dass mer deen ugeschloss kréien. Mee de Lift ass do. E funktionéiert awer nach net.

Dat anert, wat gefrot ginn ass: Mat wiem gëtt dat beschwat? Éischtens sinn et Doleancen, déi mer dem Büro zoudroen. An zweetens gëtt dat alles mat eisem Service vun de Schoulen ofgeschwat, wat si sech do wënschen, wat fir en Typ vu Spiller si gären hätten. An da berécksiichtege mer deenen hir Demanden. An da gëtt dat och esou geplangt, wéi si dat gären hätten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Hartung, wannechgelift.

*constaté que les arbres allaient être abimés de toute façon et qu'il vaudrait mieux procéder à des compensations. Frenz Schwachtgen a demandé au garde forestier comment les mesures de compensations sont prises concernant les anciens arbres. Il compte bien découvrir où ils seront compensés.*
*Dans ce cas-ci, une partie des compensations pourraient avoir lieu sur le site même. Il est aussi possible de verser de l'argent dans le fonds de compensation, mais il s'agit de la solution de facilité. Une certaine somme est alors allouée à la compensation de chaque arbre.*
*En tout cas, Frenz Schwachtgen regrette que ces arbres soient enlevés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *revient sur la question de l'éclairage et des caméras de surveillance dans le parc. Ces éléments permettront de renforcer la sécurité. Mais Guy Altmeisch espère que le collège échevinal n'oubliera pas la rénovation de l'ascenseur.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *revient sur le point 3f et le mur en pierre. Dans le dossier, il est question de gabions. Gary Diderich suggère de recourir autant que possible à des murs en pierres sèches, même si c'est plus complexe. Les gabions sont probablement moins chers, mais dans d'autres cas, la commune mise sur la préservation de la biodiversité à l'intérieur de la ville. Monsieur Goffinet a demandé quels jeux seraient aménagés sur l'aide de jeux. Gary Diderich répète que le collège échevinal ne devrait pas se borner à choisir des jeux dans un catalogue, mais qu'il devrait consulter un pédagogue.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que l'ascenseur a été livré. Mais une partie des câbles se trouvent sur un terrain des CFL, ce qui explique que l'ascenseur n'est pas encore opérationnel.*
*En ce qui concerne les aires de jeux, le collège échevinal en discute avec le service scolaire. Les doléances sont ensuite présentées au bureau. Les aires de jeux sont planifiées comme souhaité par le service scolaire.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *revient sur Vël'OK. Il se réjouit du recours aux vélos électriques. C'est une bonne chose pour les clients, qui ne sont pas tous forcément athlétiques. Cet argent est bien investi.*
*Pour ce qui est des caméras dans le parc Gerlache, l'ascenseur et le passage souterrain vers le centre, les chrétiens sociaux sont contents que l'éclairage soit installé. Cela augmentera le sentiment de sécurité. Le budget 2020 prévoit 150 000 € supplémentaires pour d'éventuelles adaptations.*
*Jerry Hartung a fréquenté l'École de Niederkorn et y a travaillé pendant 14 ans. Pourtant, il a du mal à s'y orienter, car au cours des trois dernières années, beaucoup a changé. D'ultérieurs travaux sont prévus l'année prochaine. Jerry Hartung salue l'aménagement d'une grande place pour les élèves et pour les gens en général. Le terrain multisports sera remplacé. Il faut veiller à ce que les jeux soient utilisés.*
*Il arrive à Jerry Hartung de se promener sur le site. La partie sur la colline a été aménagée par l'entreprise précédente. Il y a des cailloux sur le chemin. Si on tombe, on risque de se faire mal. Ne pourrait-on pas profiter des travaux pour régler ce problème ?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question de monsieur Goffinet. Les 7000 € pour le génie civil serviront à installer la station pour les bornes. Le prix peut varier en fonction de l'endroit où se trouvent les câbles de raccordement permettant de savoir s'il y a des vélos disponibles.*
*Même chose pour l'électricité, qui peut se trouver plus ou moins loin du site. Parfois, des transformations sont également nécessaires.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *a lu qu'il s'agissait de 49 000 €.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il y a sept stations.*
*(Votes)*

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Ech hat e puer Punkte preparéiert. Ech ginn elo ganz séier driwwer. Zum Vël'OK. Mir begréissen immens, datt elo op Elektrovéloen zréckgegraff gëtt. Dat ass ganz am Sënn fir d'Clientèle. Dat si jo net all athleetesch Sportler, mee éischter den normalen Duerchschnëttsmënsch an der Alldagskleedung. Duerfir ass dat eng gutt Saach, och wann et méi deier gëtt. Dat si gutt investéiert Suen.

Zu de Kameraen am Park Gerlache an dem Lift respektiv der Unterführung fir an den Zentrum. Do si mer natierlech och immens frou, datt dat elo endlech an Ugrëff geholl gëtt mat de Luuchten. Datt do d'Gefill vu Sécherheet erëm méi grouss gëtt. Fir d'nächst Joer sinn nees 150.000 Euro am Budget virgesinn, fir mat den éischten Erfarunge kënne weiderzegoen.

Zu der Nidderkuerer Schoul. Ech si selwer do an d'Schoul gaangen an hu 14 Joer do geschafft. Mee ech hunn awer missen zweemol kucken, wéi ech mech do konnt orientéieren. Do ass an deenen dräi Joer respektiv gëtt nach nächst Joer ganz vill ëmgebaut. Et sinn elo ganz Gebaier, déi do geréckelt ginn.

Ech begréissen, datt do déi grouss Plaz entsteet. Et ass wierklech eng flott Saach. Et gëtt eng flott Plaz fir d'Schüler, awer och fir no der Schoul, wou d'Kanner, d'Jugendlech an déi Erwuesse sech gäre wäerten ophalen. De Multisport, dee vill genotzt gouf, do ass erëm en neien virgesinn.

Dann och, datt déi Spiller, déi nach gutt waren, och wa se mussen ëmplacéiert ginn, datt déi nach genotzt ginn.

Ech wéilt just hei nach eng kleng Doleance weiderginn, vu datt ech selwer oft do trëppelen an och vu Leit ugeschwat gouf. Den Deel am Hang ass jo scho gemaach gi mat där Firma vu virdrun. Do si jo déi kleng Steng als Fallschutz ënnert de Spiller. An déi leien awer och oft um Wee. Wat awer e Risiko ass, datt een do kéint falen a sech wéidoen. Wann dat kéint gekuckt ginn, wa souwisou elo nach dru geschafft gëtt, datt een dat kéint e bësse méi trennen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert nach.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Fir op d'Fro vum Här Goffinet ze äntweren. Déi 7.000 Euro, déi virgesi si fir de Génie civil, dat ass engersäits d'Installatioun vun der ganzer Statioun, also vun deene Bornen. An, wat meeschtens da méi deier gëtt, soudass dat och éischter e Forfaitspräis ass, wéi wäit mer mussen d'Elektresch an d'Informatiounskabele siche goen. Déi hänke jo un engem Reseau. Déi musse jo wëssen, ob d'Vëloe fort sinn oder net. A mir brauche Stroum. Heiansdo ass d'Emplacement méi wäit oder méi no beim Stroum. An heiansdo muss nach am Schaf eppes ëmgebaut ginn. Dofir sinn déi 7.000 Euro virgesinn.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech hat 49.000 gelies.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et si 7.000 Euro pro Statioun. 49.000 Euro fir siwe Statiounen.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech villmools Merci. Da komme mer zum Vott. Dat heescht, mir maachen d'Punkten a, b, d, e an f zesummen. An de Punkt c ass eenzel.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Fir d'éischt déi fënnef Devisen zesummen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la mise à disposition de vélos de ville et électriques (stations vël'OK).*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux de parachèvement pour la maison relais Differdange-centre.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux infrastructures techniques pour les parkings payants.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux de marquage de la voie publique et des pistes cyclables.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux de réaménagement des alentours du campus scolaire de Niederkorn.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Vott c, dee virdrun à part war, Installation de caméras de surveillance.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver le devis pour l'installation de caméras de surveillance pour améliorer la sécurité publique.*

Den Här Ruckert léisst sech entschëllegen, wollt ech Iech nach matdeelen.

Da komme mer zum Punkt véier: Actes et conventions. Do geet et ëm Terrainen, déi mer vun Zounen ofkaf hunn. Ech géif do direkt dem Här Liesch d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dat sinn Terrainen, déi um Bierg leien. Fir déi Leit, déi d'Plaz net kennen, dat ass do uewe beim Roudenhaff. Wann een do virdru steet, déi grouss Wisen op der lénker Säit vum Roudenhaff. Dës Terraine sinn exklusiv vu Lëtzebuerger Säit accessibel. Vun der franséischer Säit gëtt et keng Strooss op déi Terrainen. Si sinn awer op franséischem Terrain, Hoheitsgebiet.

Soudass Diskussiounen, fir déi Terrainen ze kafe vun engem Privatmann e bësse laang gedauert hunn. Well mer do international Gespréicher hu misse féiere mat Frankräich an och mat eisem Ministère, ob dat da géif goen.

En fin de compte ass et gaangen. Mir hunn de Feu vert kritt, souwuel vun de franséischen Autoritéite wéi vun de lëtzebuergeschen Autoritéiten, fir dat kënnen ze maachen.

Fir ronn 2,5 Milliounen Euro kafe mer ronn 100 Hektar Bësch mat Akerland. Da sinn nach 15 Hektar Bësch a Karriären dobäi, ënne vum Tagebaugebitt. Wann een dat alles zesummerechent, si mer bei engem Präis vun 215 Euro den Ar. Wat fir lëtzebuergesch Verhältnisser immens bëlleg ass. Hei si mer bal bei deem Duebelen. Fir franséisch Verhältnisser ass et vläicht e wéineg deier. Mee ech mengen, dat haiten ass awer e gudde Kompromëss.

Am Budget gesitt Der, dass mer Suen dragesat hunn, fir d'nächst Joer eng Etüd ze maachen, wat d'Buedembeschafenheet ass, wat de Buedem hiergëtt, wat een do kéint maachen. Fir da verschidde Pilotprojeten op dësem Terrain unzesidelen, fir eventuell nei Projeten am Akerland hei zu Lëtzebuerg op deem Terrain do auszeprobéieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Liesch. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *annonce que monsieur Ruckert doit partir et s'en excuse.*
*Elle passe à des terrains acquis à Saulnes et cède la parole à monsieur Liesch.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que ces terrains se trouvent sur la colline à gauche de la Ferme rouge. Ils sont uniquement accessibles du côté luxembourgeois, mais ils se trouvent sur le territoire français.*
*Les négociations pour l'acquisition ont duré longtemps, car il a fallu impliquer le ministère et la France. Finalement, la Ville de Differdange a obtenu le feu vert des autorités françaises et luxembourgeoises.*
*Elle achète 100 ha pour quelque 2,5 millions d'euros. Le site comprend 15 ha de bois et de carrières. Le prix se monte à 215 € par are, ce qui est relativement bas par rapport aux prix luxembourgeois et un peu élevé par rapport aux prix français. Bref, il s'agit d'un bon compromis.*
*L'année prochaine, une étude du sol est prévue. Le collège échevinal pourrait lancer un projet pilote dans le domaine de l'agriculture.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se dit satisfait. La commune a dû se rendre à Nancy et dans d'autres villes. L'ambassadeur français s'est rendu à Differdange. Matignon s'est intéressé à l'affaire. Mais que le Luxembourg veuille acheter des terrains en France est exceptionnel. L'affectation reste à définir même si des idées existent. Il faudra collaborer avec le garde forestier et l'Administration des forêts française.*
*Le Territoire naturel transfrontalier géré par Differdange en partenariat avec Saulnes, Hussigny et Herserange doit permettre de réaliser des projets agricoles écologiques.*
*Frenz Schwachtgen suppose que ce partenariat entre le Luxembourg et la France constitue une première en Europe. L'obtention de subventions européennes est probable.*
*Frenz Schwachtgen demande aux conseillers communaux de s'imaginer la surface en traçant un rectangle allant du centre de Niederkorn à la maison de retraite dans la route de Pétange et ensuite vers l'ancienne route de Sanem et le terrain du Progrès. Cela représente 120 ha.*
*(Interruption et rires)*
*Frenz Schwachtgen répond que ce n'est pas la moitié de la France.*
*Mais il n'est pas logique que ces terrains appartiennent à la France. La frontière passe le long de la Crosnière à l'exception de la colline où se trouve Saulnes. Ces terrains avaient une importance stratégique pendant les deux guerres mondiales, car ils offraient une vue sur le Biff.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *plaisante sur le fait qu'il n'y a plus de frontières en Europe.*
*(Rires)*
*Erny Muller se dit content, car ces 2,5 millions d'euros permettent d'acquérir une forêt conséquente.*
*Au départ, Pétange voulait participer au projet. Que s'est-il passé ? Pourquoi ont-ils abandonné ?*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll meng Satisfaktioun ausdrécken, dass et zu där Vente do komm ass, déi jo wierklech net einfach war. Mer sinn op Nanzeg gepilgert, mer sinn op aner Plaze gepilgert. De franséischen Ambassadeur war hei. Et ass eng Affaire Matignon ginn, an et ass och aussergewéinlech, dass Lëtzebuerg esou eng grouss Fläch op franséischem Terrain kann an däerf kafen.

D'Notzung dovunner wäerte mer nach méi genee definéieren. Mir hunn do schonn e ganze Koup Iddien. Et ass awer och esou, dass mer mat der franséischer Forstverwaltung a mat eisem Fierschter do wäerten zesummeschaffen.

Et soll am Fong an deem Sënn lafen, dass deen Territoire Naturel Transfrontalier, dee mer mat de Gemenge Saulnes – wéi ëmmer gesot gëtt, mee et ass a sech op Lëtzebuergesch Zounen –, Héiseng an Herserange hunn, wou mer elo am Bündnis sinn, dass dat am Fong e Kärterritoire gëtt, en Naturterritoire, wou een ekologesch Projeten an ekologesche Landbau a Forstbau wäert ustriewen.

Dat ass an Europa héchstwarscheinlech eng eemoleg Affär, wou mer esou als Grenzgebitt, Frankräich a Lëtzebuerg, wäerten zesummeschaffen. Dat wäert och héchstwarscheinlech ganz staark subsidéiert ginn iwwer europäesch Fongen an Zukunft.

D'Gréisst vun deem Terrain, déi 120 Hektar, musst der Iech esou virstellen: Wann een de Péitenger Wee hëlt, vum Zentrum Nidderkuer bis bei d'Altersheim, an do e Rechteck erofzitt bis bei deen ale Suessemer Wee an dann erëm eriwwer bis bei de Progrès Terrain.

Et ass ongeféier déi Fläch, déi mer elo do kafen, déi 120 Hektar. Dat ass net näischt. Et ass schonn en immens grousst Gebitt.

**ENG STËMM:**

Hallef Frankräich.

(Gelaachs)

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et ass net grad hallef Frankräich. Mee et ass esou, dass effektiv déi Flächen uewen um Plateau leien. A wann een eng Kéier de Grenzverlaf kuckt, dann ass et am Fong onnatierlech, dass déi Flächen zu Frankräich gehéieren. Deemools, wéi de Partage war vun de Länner, wéi d'Grenze gezu gi sinn. Well iwwerall geet d'Grenz laanscht d'Crosnière ënnen am Dall. Just d'Uertschaft Zounen huet sech op dee Lëtzebuerger Hang am Fong vun eisem Plateau hei implantéiert.

An déi Felder uewenop haten e ganz grousse strateegesche Wäert am Éischte Weltkrich an am Zweete Weltkrich, fir d'Géigend vun der Biff an esou virun ze kucken, wat a Virkrichszäiten do sollt passéieren. Also et ass schonn eng ganz historesch Bedeitung och hannendrun. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Schwachtgen. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Schwachtgen, ech hu gemengt an Europa géif et keng Grenze méi ginn. Et kéint ee mol vläicht versichen, se ze verréckelen, op deem Sträifen.

(Gelaachs)

Ech wëll soen, dass mer kënne ganz zefridde sinn. Mir sinn an enger glécklecher Situatioun, dass mer kënne praktesch 2,5 Milliounen ausgi fir awer e ganz substanzielle Bësch.

Trotzdeem wëll ech eng Fro nach stellen. Péiteng war jo am Ufank mat am Boot. Ware se herno net méi interesséiert? Wéi ass dat ausgaangen? Hate mir se net méi weider ugesprach? Wéi ass dat mat der Gemeng Péiteng gaangen, dass déi elo net méi dobäi sinn?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir maache fir d'éischt den Tour de table. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Eng Fro huet den Här Muller elo gestallt. Dat war déi Saach, ob elo nach eng Kéier mat den Nopeschgemenge geschwat gëtt. Ob do eventuell déi Bëscher, déi méi zur Péitenger Gemeng leien, eventuell un déi ofgetratt ginn oder net? Ech hoffen, dass mer de Plateau net méi brauchen, fir iergende Krich unzefänken.

Ech hoffen, dass sech déi richteg Ekipp do beieneefënnt, fir dat auszeschaffen, wat do machbar ass. Et ass keen einfachen Terrain. Ech kennen e relativ gutt. Mir si steeräich. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Tempels. Nach eng Wuertmeldung? Dann den Här Liesch, wannechgelift.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mat Péiteng waren am Ufank effektiv Gespréicher gefouert ginn. Mee, vu dass mer den Terrain jo dem TNT am Fong ginn, fir d'Exploitatioun vum Terrain do ze maachen, misst Péiteng jo dann och Member gi vum TNT. Do hu se sech awer nach Bedenkzäit geholl, fir ze kucken, ob dat fir si interessant ass oder net.

Fir de Projet awer weiderzedreiwen, hu mer gesot, da géife mer elo emol esou virgoen, dass mir d'Terraine kafen. Zounen, iwwregens, huet och – dat ass an eisem Pak net mat dran, mee Zounen huet och Parzellen do matkaf.

Mir schléissen natierlech net aus, dass wa Péiteng Member gëtt vum TNT, dass si natierlech da mat am Boot sinn a sech dann do vläicht materakafen, dee Moment, wann dat de Fall bis ass. Mee bis dohinner schaffe mer emol esou weider.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente à l'administration communale de terrains et immeubles sur différents lieudits à Saulnes (F) d'une contenance totale de 115 ha 78 a et 57 ca.*

Am nächsten, do geet et ëm d'Kafe vun den Terrainen „Minchenfeld“ an „Auf dem Echer“ zu Nidderkuer. Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Hei si mer an der Géigend vum Péitenger Wee, wou mer virun e puer Méint schonn eng Kéier Parzelle kaf hunn, zu engem änleche Präis. Hei krute mer ugebuede 27,4 Ar – dat sinn zwou Parzellen – ze kafe fir 82.200 Euro. Do si mer bei 3.000 Euro den Ar.

Dës Terraine sinn net als Akerland ze betruechten, mee déi leien innerhalb vum Bauperimeter an entspriechen ongeféier deem Präis, dee mer viru Méint hei op enger änlecher Plaz, just niewendrun am Fong, hei gestëmmt hunn an och kaf hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Hat Dir elo gesot, déi leien net am Bauperimeter an dass se als Akerland ze betruechte sinn?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Nee. Si leien am Bauperimeter.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi do Terraine leien net am Bauperimeter. Weeder am ale PAG nach am neie PAG ass dat dote Bauperimeter.

**GUY TEMPELS (CSV)** *voulait poser la même question. Le collège échevinal compte-t-il discuter avec les communes voisines ? Certaines forêts se trouvent du côté de Pétange. Guy Tempels espère qu'une bonne équipe analysera ce qui est faisable. Le terrain est caillouteux.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que des négociations ont été menées avec Pétange. Mais comme le terrain sera cédé au TNT, il faudrait que Pétange devienne membre de l'association. Mais la commune ne sait pas encore si cela l'intéresse. Pour ne pas perdre de temps, la Ville de Differdange a décidé d'acquérir les terrains en partenariat avec Saulnes. Cela n'exclut pas que Pétange puisse devenir membre du TNT et racheter une partie des terrains.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à l'acquisition des terrains Minchenfeld et Op der Echer à Niederkorn.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que la commune a déjà acheté des parcelles dans la route de Pétange il y a quelques mois à un prix comparable. Aujourd'hui, il est question de 27,4 a au prix de 82 200 €, c'est-à-dire 9000 € l'are. Les terrains se trouvent à l'intérieur du périmètre de construction.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande à monsieur Liesch s'il a bien compris. Les terrains ne se trouvent pas dans le périmètre de construction.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *corrige monsieur Diderich. Ils se trouvent dans le périmètre de construction.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rétorque qu'ils ne s'y trouvent pas. Ni dans l'ancien PAG ni dans le nouveau.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'il s'agit d'une zone jardin dans le nouveau PAG.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime que l'on ne peut donc pas y construire une maison.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il est question d'une zone jardin dans le périmètre de construction. On ne peut donc pas y construire une maison.*
*(Discussions)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute qu'il n'y a pas de clause interdisant à la commune d'y bâtir à l'avenir. Le périmètre de construction pourrait être étendu.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *demande si le collège échevinal prévoit de réaliser un projet sur ces terrains.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il s'agit d'une zone jardin.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *le sait bien.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'aucun projet n'est prévu puisque c'est une zone jardin. Lorsque la commune réalise un projet de construction, elle est souvent obligée de prendre des mesures de compensation. C'est là que des terrains de ce type sont intéressants. Georges Liesch imagine par exemple y créer un verger.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au contrat de bail d'un local de commerce dans les Terrasses de la Ville.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *estime que le contrat est suffisamment clair.*
*(Vote)*

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass eng Zone jardin. Am neie PAG ass et eng Zone jardin.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Also et ka keen Haus do gebaut ginn?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Et ass innerhalb vum Bauperimeter, an enger Zone jardin. Et ka keen Haus do gebaut ginn. Do si mer eis eens. Mee et ass innerhalb vum Bauperimeter.

(Diskussiounen)

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Domadder ass meng wichtegst Fro gekläert. Wat awer och hei opfält dat ass, dass mer hei elo keng Klausel dran hunn, dass d'Gemeng op kee Fall eng Kéier do däerf bauen. A bei deem Akt, wou mer d'leschte Kéier haten, war esou eng Klausel dran. Ech fannen dat dann elo méi glécklech, well dat der Gemeng d'Méiglechkeet gëtt, eng Kéier do de Bauperimeter ze erweideren an eppes och mam Terrain ze maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Ech wollt just nofroen: Ass iergendwéi e Projet virgesinn op deenen Terrainen? Oder sollen déi elo brooch leie gelooss gi bis ...?

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et ass eng Zone jardin.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Eng Zone jardin. Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, wannechgelift.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Vu dass et Zone jardin ass, ass kee Projet virgesinn. Mee et ass jo esou, et ass jo och schonn hei ugeklongen, wa mir als Gemeng zum Beispill Bauprojete maachen, musse mer jo oft Saache kompenséieren. Wa mer keng Surfacen hunn, wou mer kënne kompenséieren, musse mer een Euro pro Punkt an en nationaalt Dëppe kafen.

Dofir sinn esou Terraine wéi deen hei natierlech interessant. Wann et eng Zone jardin ass, da kéint ee sech virstellen, wa mer eng Kéier musse kompenséieren, dass hei dann e Bongert oder iergendeppes entsteet, wou mer da kënne kompenséieren, hei an der Gemeng. Dat sinn eis Iddien. An esou Terraine sinn dofir ganz dankbar.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Et ass gutt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente à l'administration communale de terres labourables d'une superficie totale de 27,40 a aux lieudits Minchenfeld et Auf dem Echer à Niedekrorn.*

Merci. Deen nächste Punkt ass ee vun der leschter Kéier, dee mer reportéiert hunn, Contrat de bail d'un local de commerce an den Terrasses de la Ville zu Déifferdeng. Gëtt et dozou eng Wuertmeldung?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et steet kloer dran.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et steet kloer dran, jo. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un local de commerce au n° 2-6 des Terrasses de la Ville à Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail (sous-location) de deux emplacements de stationnement au n° 2-6 des Terrasses de la Ville à Differdange.*

Deen nächsten ass en Avenant zu engem Contrat de bail am 1535°. Do geet et ëm en Espace am Bâtiment C vun 172 m², deen an de Bâtiment A plënnert op 388,23 m². Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à un contrat de bail avec NEOPIXL pour un espace de création au 1535° Creative Hub*

Da si mer beim Punkt fënnef, Gemengepersonal, Organigramm, Adaptatiounen. Do geet et ëm zwee Posten, déi gewiesselt hunn, vum B1 an den A1, administrativ. Een anere vum Fonctionnaire C1 technique an de Fonctionnaire B1 technique.

Da komme mer bei en anere Switch, deen an den Département des sports kënnt. En neie Posten, Agent de nettoyage fir den Hall O. Département culturel, dat ass e B1 administratif, deen an den A2 administratif geet. A Création d'un poste administratif, Vollzäit, dee gedeelt gëtt: hallef Sekretariat vun der Museksschoul an hallef Sproochecours. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver des adaptations de l'organigramme du personnel communal.*

Da komme mer bei de Punkt 5b. Ech weess net, wien sech d'Freed gemaach huet, d'Convention collective vum Däitsche mam Franséischen ze vergläichen. Et geet ëm d'Validatioun vun der franséischer Versioun vun der Convention collective. Ech denken, do géife mer direkt zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la version française de la convention collective pour les salariés des communes du Sud.*

Da si mer scho beim Punkt 6a, Relevé de nuits blanches officielles fir 2020. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wëll drop opmierksam maachen, dat ass praktesch deen eenzegen Drockmëttel, dee mer als Gemeng hunn, wa sech a Caféen an op anere Plazen net un d'Nuetsrou gehale gëtt, wa mer Reklamatiounen hunn. Däerf een dat net ze vill op déi liicht Schëller huelen, mat deene fräien Nuechten. Genau ze wëssen, wiem een der gëtt a wiem een der net gëtt.

Et ware verschiddener, déi och bei eis am Perimeter dra waren. An elo ass eng nei Buergermeeschtesch do – just d'Buergermeeschtere gi fräi Nuechten. Da misst ee sech froen, wien dat dann alles war. Net, datt mer dat selwecht nach eng Kéier musse maachen. Do soll ee gutt drop Uecht ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Mir si schonn amgaang. Komme mer zum Vott? Madamm Saeul, wëllt Dir eppes soen?

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat de bail au 1535°. Un locataire déménage du bâtiment C vers le bâtiment A dans un local plus grand.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 5, l'organigramme. Deux postes ont évolué de la carrière B1 à la carrière A1. Un fonctionnaire C1 technique est devenu fonctionnaire B1 technique.*
*Un nouveau poste d'agent de nettoyage est créé dans le département des sports pour le Hall O.*
*Dans le département culturel, un poste B1 administratif devient A2 administratif et un poste à plein temps est créé pour le secrétariat de l'école de musique et pour les cours de langues.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la version française de la convention collective.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au relevé officiel des nuits blanches pour 2020.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *estime que l'octroi ou pas de nuits blanches est le seul moyen de pression de la commune pour faire respecter le silence nocturne. Il ne faut donc pas prendre cela à la légère, mais faire attention à qui on les accorde.*
*Fred Bertinelli rappelle que les bourgmestres accordent les nuits blanches et que Differdange compte une nouvelle bourgmestre. Fred Bertinelli ne voudrait pas que les problèmes recommencent.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal est en train de voir cela.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *tient à excuser monsieur Mersch qui ne peut être présent aujourd'hui. Il a toujours été responsable de ce point.*
*(Rires)*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements temporaires de circulation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il n'y a rien d'extraordinaire à signaler.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande à monsieur Altmeisch s'il souhaite intervenir.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que non.*
*(Rires)*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux commissions consultatives. Les partis devaient communiquer les noms de leurs représentants au sein du comité d'accompagnement économique. Pour les écologistes, il s'agit de madame Pregno.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce que le CSV nomme monsieur Hartung.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que pour les socialistes, ce sera monsieur Bertinelli.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *sera le représentant du DP.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *sera celui de déi Lénk.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que monsieur Ruckert représentera le KPL.*
*Le coordinateur propose deux dates.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *rappelle qu'il faut nommer les citoyens.*
*(Discussions)*

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Nee, et ass an der Rei. Ech wollt just den Här Mersch excuséieren, datt en elo haut net do war. Hien ass nämlech déi ganz Joren ëmmer responsabel dofir gewiescht, wéi dee Punkt um Ordre du jour stoung.

(Diskussiounen a Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l'exercice 2020.*

Punkt 6b, Règlements temporaires de circulation. Ech géif d'Wuert un den Här Liesch ginn.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et sinn dës Kéier wéineg. Ech mengen, et ass keen dobäi, wou een iergendeppes misst extra soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ass eng Wuertmeldung do? Här Altmeisch?

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee.

(Diskussiounen a Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Changements au sein des commissions consultatives: introduction du comité d'accompagnement économique. Do war den Opruff, dass all Partei eis den Numm vun hirem Member vun deem Comité d'accompagnement soll haut ginn. Fir déi gréng ass et d'Madamm Laura Pregno.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Fir d'CSV ass et den Här Hartung.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir d'LSAP den Här Bertinelli.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Fir d'DP den Här Meisch.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Fir déi Lénk den Här Diderich.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

An den Här Ruckert hat eis gesot, dass hien d'KPL representéiert. Da soen ech Iech villmools Merci. Ech ginn Iech mat op de Wee, dass de Coordinateur zwee Datume virschléit.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir mussen nach d'Bierger huelen.

(Diskussiounen)

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech géif alles beieneen huelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ma da froen ech de Vott fir déi dräi Bierger.

Julie Veniel, Luc Biever an Nadège Portelada schléit de City Manager vir, fir an dee Groupe d'accompagnement économique ze huelen. Kënne mer zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création du comité d'accompagnement économique et d'approuver les nominations de ses membres.*

Dir kritt et elo nach geschriwwen, vu dass d'Nimm elo fest sinn: De Coordinateur, den Här Kracheel, schléit vir, entweeder den 13. Januar oder de 15. Januar um hallwer sechs. Ech soen Iech et elo, da kënnt Der kucken, wéi een Dag et fir Iech geet.

Okay. Dann e Changement au sein de la commission de l'intégration. Do gëtt den Här Roberto Traversini ersat duerch den Här Antoine Kossoko.

*Le conseil communal dàcide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Da soen ech Iech Merci. An da komme mer an d'Séance non-publique.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Et ass nach eng Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

A, nach eng Fro. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech hunn eng Fro. Dat ass eppes, wat mer hei reegelméisseg all Joer fir de Budget froen. An et fänkt un, awer elo esou schlëmm ze ginn an eiser Gemeng, datt keng Partei méi, net eng Associatioun an och net d'Bierger aus eiser Gemeng nach iergendwou e Raum oder e Sall fannen, wou se kënne Reuniounen ofhalen oder wou se sech kënne gesinn. Wien dat matkritt huet, uewen um Wangert, wou mer eis do hu missen treffe mat de Leit, dat war eng Katastroph. Dat war eng Taudis sonnergläichen.

An ech weess, datt hei versprach gi war, wou mer als Parteien der Gemeng den Accord ginn hunn, op der Maartplaz d'Maison Krieps erëmzeginn, déi Zäit, datt mer géifen en adequate Sall an Emplacement kréien, wou d'Parteie sech kéinten treffen, fir Reuniounen ofzehalen. A wou och d'Bierger sech kéinten treffen, wou se esou eppes wéi dat doten hätten, wa se sech misste gesinn.

An der Zäit hate mer hei vill Caféen, déi Danzsäll haten oder e gréissere Sall. Dat gëtt och ëmmer manner. Et ass praktesch kee méi ze fannen. An der Zäit waren dat der nach méi. Mee et war eis deemools versprach ginn, mat der Maison Krieps hätt all Partei säi Büro a säi Schaf. Do si Reuniounen oder Fraktiounen ofgehale ginn.

Mir missten awer kucken, mat all deem, wat mer bauen – ee Moment war iwwert d'Plaz virum Monopol geschwat ginn, fir do iergendwéi Raim ze kréien, wou d'Parteien oder Bierger sech nach kéinten treffen. Mee et ass momentan esou schlëmm, datt mer néierens méi e Sall fannen. Wou een awer misst eng Kéier driwwer nodenken, fir dat dann anzehalen an deen erëmzeginn.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

D'Buvette vum Stadion ass ideal.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn dem Här Ulveling d'Wuert.

**TOM ULVELING (CSV)** *propose de les voter en bloc.*
*(Interruption)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale que le « city manager » suggère Julie Veniel, Luc Biever et Nadège Portelada.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch ajoute que monsieur Kracheel propose les dates du 13 ou du 15 janvier à 17 h 30.*
*Dans la commission de l'intégration, monsieur Roberto Traversini est remplacé par monsieur Antoine Kossoko.*
*Christiane Brassel-Rausch clôture la séance publique.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *rappelle qu'il y a une question.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale qu'il pose cette question tous les ans, mais la situation empire.*
*À Differdange, aucun parti, aucune association et aucun citoyen ne trouve de salle pour organiser des réunions. Fred Bertinelli rappelle que la réunion publique concernant le Wangert a été une catastrophe. Elle a été tenue dans un taudis.*
*Le collège échevinal avait promis il y a longtemps de mettre à disposition des partis une salle adéquate, qui pourrait aussi être louée par les citoyens.*
*Fred Bertinelli se souvient que Differdange comptait beaucoup de cafés avec des salles de danse ou de réunion. Mais il n'y en a pratiquement plus.*
*Le collège échevinal avait promis un bureau dans la maison Krieps à chaque parti. Il a aussi été question du site devant le Monopol. La situation a empiré. Il faut trouver une solution.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que la buvette du stade est idéale.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que la grande salle qui était utilisée par les pompiers dans le CID constitue aussi une bonne solution jusqu'à ce que l'extension de l'hôtel de ville soit terminée.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répète que la buvette est géniale. Elle dispose même d'un écran. Il y a tout ce qu'il faut.*
*(Discussions)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme que la buvette est neuve et bien équipée. Mais si on laisse les associations et les citoyens y organiser des manifestations, il faudra fermer l'accès à la cuisine et à l'espace de stockage.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie la presse pour sa patience. Elle souhaite de bonnes fêtes au conseil communal.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et sinn effektiv e puer Säll do. Den Här Liesch huet elo gesot d'Buvette vum Stadion. Et kéint ee sech och virstellen: Mir hunn e grousse Sall, deen ëmmer fréier vun de Pompjeeë genotzt ginn ass, am CID. Wou ee ganz flott sëtzt. Wou een och méi Leit erakritt. Dat wär och eng Méiglechkeet. Zumindest bis déi nei Gemeng fäerdeg ass, do wäerte mer jo och Säll kréien, an där neier Gemeng, wou ee sech treffe kéint.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

D'Buvette ass genial. Se ass nei, se ass equipéiert. Du hues eng Leinwand. Et ass alles do.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. D'Buvette vum Stadion ass wuel nei, et ass e Beamer do. Dat eenzegt, wat schlecht do ass, et ass och Zougang zu der Kichen, zum Stock, do. Wat net kann eenzel ofgespaart ginn. Wa Veräiner oder friem Leit do sinn, da musse mer eng kloer Separatioun installéieren zur Kichen, Stockage, fir dass mer do keng Schwieregkeete kréien. Soss ass et kee Problem.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ier mer d'ëffentlech Sëtzung ofschléissen, wollt ech virun allem den Dammen an Häre vun der Press villmools Merci soe fir hir Gedold. Am Numm vum ganze Gremium wënschen ech Iech schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch.

# TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2019

| | SERVICE ORDINAIRE | SERVICE EXTRAORDINAIRE |
|---|---:|---:|
| TOTAL DES RECETTES | 124 452 980,77 | 29 580 993,54 |
| TOTAL DES DÉPENSES | 87 651 318,51 | 68 468 971,82 |
| BONI PROPRE À L'EXERCICE | 36 801 662,26 | |
| MALI PROPRE À L'EXERCICE | | 38 887 978,28 |
| BONI DU COMPTE 2018 | 12 757 589,65 | |
| MALI DU COMPTE 2018 | | |
| BONI GÉNÉRAL | 49 559 251,90 | |
| MALI GÉNÉRAL | | 38 887 978,28 |
| TRANSFERT DE L'ORDINAIRE À L'EXTRAORDINAIRE | –38 887 978,28 | +38 887 978,28 |
| BONI PRÉSUMÉ FIN 2019 | 10 671 273,62 | |
| MALI PRÉSUMÉ FIN 2019 | | |

# TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2020

| | SERVICE ORDINAIRE | SERVICE EXTRAORDINAIRE |
|---|---|---|
| TOTAL DES RECETTES | 129 817 300,00 | 82 489 483,10 |
| TOTAL DES DÉPENSES | 92 933 837,40 | 129 254 523,35 |
| BONI PROPRE À L'EXERCICE | 36 883 462,60 | |
| MALI PROPRE À L'EXERCICE | | 46 765 040,25 |
| BONI PRÉSUMÉ FIN 2019 | 10 671 273,62 | |
| MALI PRÉSUMÉ FIN 2020 | | |
| BONI GÉNÉRAL | 47 554 736,22 | |
| MALI GÉNÉRAL | | 46 765 040,25 |
| TRANSFERT DE L'ORDINAIRE À L'EXTRAORDINAIRE | –46 765 040,24 | +46 765 040,25 |
| BONI DÉFINITIF | 789 695,96 | |
| MALI DÉFINITIF | | |

# #JamaisSansMonMasque

## EST DESTINÉ À MON VISAGE, PAS À LA NATURE

Les masques et les gants de protection sont en **plastique**, pas en papier.

Certains animaux les avalent et tombent malades!

Leur décomposition dans la nature est extrêmement lente:

**450** ans




Leur place est ni sur le sol ni dans les déchets recyclables, mais dans la **poubelle noire.**




natur&ëmwelt

Ebl

info@ebl.lu

PICKITUP LUXEMBOURG

Ville de Differdange

## NEE ZUM SCHOTTERGAART!

# Lieweg Vilfalt amplaz gro Wüst

**Helfen Sie mit die weitere Ausdehnung der „Steinwüsten“ zu verhindern. Entscheiden Sie sich für einen naturnahen (Vor-)Garten, entscheiden Sie sich gleichzeitig für eine bessere Luftqualität, angenehmeres Stadtklima, ein besseres Regenwassermanagement, ein wohltuendes Umfeld und eine bunte Artenvielfalt. Alle Infos zur Aktion finden Sie auf:**

NATUR ELO!

www.naturelo.meco.lu

oekozenter pafendall

mouvement écologique